Kann d'Madame Statssekretärin mer dëst bestätegen? Heescht dat, dass, wa mer den Diddelenger Projet an d'Liewe ruffen, mer eng Iwwercapacitéit u Filmstudioen hei zu Lëtzebuerg hätten?

Wéi gedenkt de Kulturministère an deem Kontext elo zu Diddeleng weiderzefueren?

Am Fall wou de Projet duerchgezu gëtt - en huet jo e Käschtepunkt bekanntlech vu ronn 6,6 Milliounen Euro -, ass dann de Finanzement och ofgeséichert?

Wat fir eng Part gedenkt de Kulturministère hei ze iwwerhuelen?

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Andrigh. D'Madame Statssekretärin Octavie Modert huet d'Wuert.

» **Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech war net um Lafende vum Detail vun deene Froen, duerfir kann et vläicht sinn, datt ech lech gewëssen Detailler vun den Äntwerten och net ka ginn, ëmsou méi wou ech och net onbedéngt fir all déi Froen, déi gestallt ginn, selwer zoustänneg sinn.

Et gëtt kee Projet vun der Regierung fir eng Cité du cinéma. Allerdéngs hu mer zu Diddeleng e ganze Koup Projeten, déi schonn do sinn oder amgaange sinn oder un deene geplangt gëtt, déi een zesummegehall als dat kënt gesinn.

Tatsächlech ass den CNA, de Centre national de l'audiovisuel, jo schonn do. Da plange mir och um Waassertuerm, fir déi permanent Ausstellung „The bitter years“

dranzemaachen. An da sinn och konkret Iddien do, fir an där Hal, déi d'Madame Andrigh elo genannt hat, Studioen anzeriichten.

Wat d'Fro ueget am Kontext mat deene bestehende Filmstudioen, déi eng privat Entreprise op enger anerer Plaz ageriicht huet a verlount, do muss ech soen, datt déi Relatiounen net iwwer mech als Kulturverantwortlech lafen, mä iwwer aner zoustänneg Regierungsmemberen.

Wat de Projet vun de Studioen zu Diddeleng ubelaangt, huet d'Regierung effektiv scho prinzipiell gesot, datt et en interessante Projet wär, datt si prinzipiell interesséiert ass un deem Projet an dee Moment och bereet wär, en ze ënnerstëtzen.

Et war gesot ginn am Ufank vun de Gespréicher iwwert d'Studioen zu Diddeleng, se sollt mat dräimol engem Drëttel ënnerstëtzt gi vun der Gemeng, vum Stat a vum Secteur. Déi Drëttele sinn amgaang, sech total ze verschiben, si hu sech schonn deelweis verschib. Fir de Rescht kann ech lech just soen, datt dee Projet vun de Studioen zu Diddeleng de Moment och nach enger Etüd vum Kommunikationsminister ënnerläit.

Villmools Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Modert. Mir kommen dann un d'Fro vum honorabelen Här Meisch un den Här Finanzminister relative aux actions en justice contre la reprise de la Banque Fortis par la Banque BNP-Paribas intentées par les actionnaires du groupe Fortis.

Ech wollt am Kontext vun dëser Fro d'Chamber froen, ob se an engem Moment, wou se selwer iwwerleet, fir gegebenfalls eng Commission spéciale anzusetzen, d'accord ass, fir dem Finanzminister déi noutwendeg Zäit ze ginn, déi hie brauch, fir op déi Fro hei ze äntwerten.

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

- **Question N°291 du 11 novembre 2008 de M. Claude Meisch relative aux actions en justice contre la reprise de la Banque Fortis par la Banque BNP-Paribas intentées par les actionnaires du groupe Fortis, adressée à M. le Ministre des Finances**

» **M. Claude Meisch (DP).** - Merci, Här President. Mir wëssen aus der Press, datt de belsche Procureur déi lescht Woch sech iwwer angeblech Onregelméissegkeete bei der Reprise vum Groupe Fortis duerch de Groupe BNP-Paribas geäussert huet.

Déi Onregelméissegkeete géifen doranner bestoen, datt net - wéi et jo an de normale Situatiounen üblech ass - eng Generalversammlung vun den Aktionären iwwert déi Transaktioun do décidéiert hätt, mä datt dat oui esou eng Generalversammlung vonstategaangen ass. Mir erkennen natierlech d'Ëmstänn un, ënner deenen déi Reprise do huet missen décidéiert ginn, virun allem déi extrem grouss Urgence, fir iwwert de Weekend eng Décisioun ze huelen, wou jo och esou eng Generalversammlung net hätt kënnen organiséiert ginn.

Näischtdestotrotz wëll ech awer froen, wéi déi lëtzebuergesch Regierung déi dote Fro bewäert, wéi se de Risiko bewäert, wat fir eng Äntwert se op déi dote Fro gëtt a wéi ee sech och géif positionéieren, falls déi dote Vue vun der Saach sech géif finalement duerchsetzen; och viru Geriicht géif duerchsetzen. Wann also déi Aktionären, déi déi dote Klo agereecht hätten, géife Recht kréien, wat géif dat fir de Projet vun der BGL-BNP Paribas hei zu Lëtzebuerg heeschen?

» **M. le Président.** - Merci, Här Meisch. Den Här Stats- a Finanzminister huet d'Wuert.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, déi Fro vum Här Claude Meisch, Deputéierten a President vu senger Partei, erstaunt mech am héchste Mooss. Et ass menger Usiicht no fir d'alleréischst an den Hale vun dësem Haus, dass e Lëtzebuerg Stats- a Finanzminister gefrot gëtt, wat hie vun der Haltung vu Leit hält, déi an engem anere Stat géint aner Aariichtungen - och staatlech Aariichtungen - ee Prozess féieren.

Dir musst lech emol virstellen, wat an de Relatiounen tëschent Lëtzebuerg an der Belsch géif geschéien, nodeem och de belsche Premier sech an där Fro geäussert huet, wann de lëtzebuergesch Premier géif just de Géigendeel soe vum belsche Premier!

Op déi éischt Fro also, wat d'Haltung vun der Lëtzebuerg Regierung ass zur Aart a Weis wéi minoritär Aktionäre vun der belsch-hollännescher Fortis-Holding hiren Dossier presentéieren, refuséieren ech eng Äntwert ze ginn. Il y a des raisons d'État à cela. An ech hat gemengt, esou vill Minimum wier akzeptéiert an dësem Parlament.

Géifen awer déi Plaignanté sech duerchsetzen, hätt dat kee Resultat op d'Operatiounen, déi Fortis Lëtzebuerg betreffen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Statsminister. Déi nächst Fro ass déi vum honorabelen Här Fayot un den Här Ausseminister iwwert d'weltpolitesch Konsequenze vun der Wahl vun engem neien amerikanesche President. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Fayot.

- **Question N°292 du 7 novembre 2008 de M. Ben Fayot relative aux implications de l'élection d'un nouveau Président des États-Unis pour les grands problèmes de la politique internationale, adressée à M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration**

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, d'lescht Woch de 4. November ass den Här Barack Obama vum amerikanesche Vollek zum President vun de Vereenegte State gewielt ginn. Dat ass eng wichteg Tatsaach an der Zäit, an där mer liewen.

Ech wollt den Här Ausseminister froen, wat hie respektiv seng Kolleegen an der Europäescher Unioun am Conseil Affaires générales et Relations extérieures sech virstellen, dass déi Wahl fir d'Behandlung vu wichtige politesche Problemer an der Welt kéint ausmaachen. Ech erënneren drun, dass mer eng ganz Partie schwéier Konflikter hunn am Iran, am Irak, an Afghanistan, den Noostkonflikt zwëschen Israel a Palästina, Relatiounen mat Kuba, Relatiounen mat Latäinamerika.

Et gëtt an der Welt eng ganz Partie wichteg Problemer, an déi déi Wahl vun Här Obama ka Bewegung bréngen. Ech wier interesséiert vum Här Ausseminister ze héieren, wéi dat kéint ausgesinn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den Här Ausseminister Jean Asselborn huet d'Wuert.

» **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Merci, Här President. Léif Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif probéieren an deene puer Minutten, déi ech hunn, vläicht meng Äntwert an zwee Begrëffer anzedeelen.

Dat Éischt, dat ass Optimismus; selbstverständlich net Euphorie, mä Optimismus. Optimismus eben doderch, dass an engem Land, dat jo awer eng immens grouss Influenz huet op d'Zesummeliewe vun dësem Planéit, villes geschitt ass duerch déi Wahl.

Dat eent, dat ass selbstverständlich deen Afroamerikaner, deen elo gewielt ginn ass als President, mä virun allem awer och - an dat gëtt vläicht manner ervirgestrach -, dass 52,6% vun den Amerikaner den neie President Obama ënnerstëtzen. Et ass virun allem duerch all déi Minoritéiten, déi et an Amerika gëtt, dass de President Obama et fäerdeg bruecht huet, déi ze bündelen; virun allem déi Schwaarz. Et ass jo net aussergewöhnlech, dass déi zu iwwer 90% de Barack Obama gewielt hunn, mä déi sinn an der Vergaangenheet praktesch nëmme ganz, ganz weeninge wéile gaangen. Mä hei war eng massiv Bedeelegung. Och d'Asiaten an déi hispanesch Populatioun, déi méi traditionell wielen, hunn de President Obama zu zwee Drëttel ënnerstëtzt.

Et ass och eng ganz breet Majoritéit, wann een derbäihëlt, dass vill Wäisser, virun allem jonk Leit an och Leit bis 60 Joer, jo fir de Barack Obama gestëmmt hunn. Et sinn eigentlech nëmme just déi Wäiss iwwer 60 Joer, déi dem Här McCain eng Majoritéit ginn hunn.

Et ass also, Här Fayot, Här President, géif ech menge vill Optimismus, dass Amerika sech vu banne verännert. Dat ass dat Allerwichtigst, wat ee ka feststellen.

Am „Wall Street Journal“ war eng Iwwerschrëft. Et ass gesot ginn an där Iwwerschrëft: Wahle verännere Amerika entweder oder weisen, wivill Amerika sech scho verännert huet. Dat ass just de Punkt, dëse Fall, deen agegraff ass.

Dat Zweet ass Realismus an den Erwaardungen. Prioritär wäert de President Obama sech den innenpolitischen Themen zouwenden. Dat ass x-mol gesot ginn. Dat ass och d'Realitéit: d'Finanzkris, d'Wirtschaftskris. Zwee Drëttel vun de Wieler an Amerika

hu gesot, dass d'Finanzkris an d'Wirtschaftskris dee Phenomeen ass, deen d'Leit zur Wahl vum Här Obama bruecht huet. D'Wirtschaftskris, d'Finanzkris huet also eng immens grouss Roll gespillt. Et ass eben e bessere Management gesi gi vu Säite vun den Demokraten, wéi vun de Republikaner. Mä d'Schold, de Chômage, d'Erwaardung och op méi sozial Ofsécherung an Amerika wäerten aner Theme sinn, déi innenpolitisch am Vierdergrond stinn.

Dann déi eigentlech Fro ass jo déi aussepolitisch. Do därefer mer eis keng Wonner erwaarden. Dat hu mer och gëschter ënner Ausseministeren eng Kéier festgehalten. Mä et sinn awer verschidde Punkten, wou mer hoffen, dass sech e Changement duerchsetzt.

Dat eent, dat ass, dass eng nei Kultur an dat Multilateraal erakënn an Amerika. Dat wier immens wichteg.

Dat Zweet, dat ass, dass Amerika Europa kuckt als ee Ganzt éischstens, an zweetens als ee gläichberechtigten Partner.

Dat wieren zwee Elementer, déi wichteg wieren, och fir ze verstoen an Amerika, dass an der Aussepolitik Europa Sputt brauch par rapport zu de Positionen vun der amerikanescher Administratioun.

Dann, een drëtter Punkt, Här President, ass d'NATO. An Amerika muss de Gedanke sech duerchsetzen, dass d'NATO eigentlech keng Alternativ därefer si fir d'UNO aus Sichts vun den Amerikaner.

Dann ee leschte Punkt ass Russland. Ech sinn iwwerzeugt, dass et méiglech ass, dass em den 20. November zu Washington vläicht schonn een Zesummekommen ass tëschent dem President Medwedjew an deem gewielte President Obama. Ech géif mengen, dass Russland, Amerika an d'Europäesch Unioun zesummen immens vill fäerdeg bréngen op deem Planéit, fir Problemer ze léisen an ze entschärfen.

Lëtzebuerg a senger Aussepolitik wäert d'Stëmm ëmmer dohinner dirigéieren, wou d'Konfrontatioun ofgebaut gëtt a wou Vertrauen opgebaut gëtt an der Aussepolitik. Dir wësst, Lëtzebuerg huet mat Amerika geschichtlech gesinn eng Schicksalsgemeinschaft ze deelen. Et ass fir eis en immens wichtige Partner. Méi Matbestimmung selbstverständlech och fir Lëtzebuerg an der Politik Europäesch Unioun-Amerika, méi Matbestimmung heescht och méi Verantwortung, an där wëlle mer eis och als Lëtzeburger Regierung stellen.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Ausseminister. Déi nächst Fro ass déi vun honorabelen Här Mehlen un den Här Staatsminister, betreffend d'Schaffung vun engem Ministeschgesetz. Här Mehlen, wann ech géif.

- Question N°293 du 11 novembre 2008 de M. Robert Mehlen relative à l'élaboration d'une loi concernant les Ministres, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

» M. Robert Mehlen (ADR). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen, Dir Hären, viru kuerzem huet hei de Médiateur - dee mer op Lëtzebuergesch Knoutermann nennen - sech beklot iwwer Feelverhalten an de Ministère an an de Verwaltungen. Hien huet a sengem Rapport hannen e Code de bonne conduite oder Propositionen dovunner publizéiert, fir deem ofzehëllefen.

Dat huet mech erënnert, Här President, un en Débat, dee mer den 2. Abrëll 1998 am Kader vu sougenannten Dysfunktionnementer bei der Santé haten, wou den Här Staatsminister vun haut, deen och schonn deemools de Statsminister war, sech batter iwwer verschidden Defizienze beklot huet; ganz besonnesch, dass d'Regierungsmemberen net genuch Méiglechkeeten hätten, fir op esou Feelverhalten anzewirken. Den Här Statsminister huet deemools ganz oppe Wieder gebraucht. Et deet mer leed, dass ech hien net ganz kann zitieren hei.

Mä hie seet ënner anerem: An da gitt Der an Äre Statut kucke verzweifelt, well mer jo alles hunn, an da liest Der emol wat Der sollt maachen. Da fannt Der eraus, dass Der eigentlech net ganz vill kënn maachen. Da muss Der kucken, dass Der lech mat perséinlecher Autoritéit genuch drapéiert hutt, fir dass Der kënn duerch ein ernstes Wort in ernster Stunde ëmmer erëm fir Uerdnung suergen.

De Statsminister kënn dann zum Schluss zur Konklusioun: „Mä, wat ech mengen, wat mer brauchen, dat ass e Ministergesetz. Ech fannen, e moderne Stat brauch e Ministergesetz, wou d'Chamber ganz genau draschreift, wou d'Responsabilitéit vum Minister ufänkt a wou d'Responsabilitéit vum Minister ophält.“

Duerfir, Här Statsminister, wollt ech lech froen: Sidd Dir haut nach ëmmer där Meinung?

Wann neen, wéi wëllt Der deene Kloen, déi de Knoutermann hei presentéiert huet, entgëintrieden?

Wa jo, wat sinn d'Ursaachen, dass bis elo nach kee Projet de loi hei konnt déposéiert ginn?

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Mehlen. Den Här Statsminister huet d'Wuert.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, d'Fro vum Här Mehlen, fir déi ech him Merci soen, mécht mech zéng Joer méi jonk, an dat ass ëmmer en agréabele Moment. Mä an deenen zéng Joer, wou ech méi al si wéi an deem Moment, wou ech d'Äntwert ginn hunn, sinn ech awer leider net zéng Joer méi klug ginn.

Ech hunn an zwou Regierungen, déi ech d'Éier hat, am Optrag vum Grand-Duc ze bilden, déi Fro nom Ministergesetz opgeworfen, opgrond vun deenen Experienzen, déi déi waren, déi mer deemools mateneen ze diskutieren haten am Abrëll 1998, wéi Dir sot. Doriwwer huet sech ni eng Unanimitéit bei deene Kolleegen gemaach, mat deene mer zesummen eng Regierung gebilt hunn. Iwwregens och net mat deene vu menger eegener Partei. Well meng Absicht eigentlech war, d'Ministerresponsabilitéit ze délimitéieren par rapport zu Influenzzonen, déi eleng vun den héije Statsbeamte gestalt ginn, ouni dass de Minister eppes dovou weess, mä hien huet déi Statsbeamten net erausgesicht, déi a sengem Numm bestëmten Aktivitéiten, Aktiounen, Initiative poursuivieren, initiieren an huelen.

D'Fro war ëmmer bei deene Gespréicher, déi zur Regierungsbildung gefouert hunn, ob d'Ministere missten d'Recht kréien, hir eege Mataarbechter erauszesechen, se un hir Persoun ze attachéieren, ënnert der Maassgab, dass déi Beamten, géife se esou an hiert Amt bestallt ginn, och hiert Amt zesumme mam Minister ze verloossen hätten.

Stellt e Minister Leit an op enger séier perséinlecher Vertrauensbasis, ass e selbstverständlech a mengen Ae responsabel fir alles, wat déi maachen, soss hätt hie sech déi jo net erausgesicht.

Huet de Minister awer mat Leit ze dinn, déi hie geierft huet - dat war ëmmer mäi Fall an ech hu mech iwwer d'Loyautéit an iwwer d'Effikasitéit an iwwer d'Performancen a Méiglechkeete vu mengen héije Beamten ni ze bekloe gehat -, dann ass dat e bësse schwierig, de Minister responsabel ze maache fir alles dat, wat een a sengem Numm mécht, ouni dass deen, an deem sengem Numm et geschitt, em seng Meinung gefrot gëtt. Ech hat bal mat jiddferengem, dee Frënd a Kolleeg mat mer an der Regierung war, Problemer vun där Zort ze traitieren.

Wann e Minister säi Beamten net selwer eraussicht, mä de Beamte léisst eng kommen, fir emol Lëtzebuergesch ze schwätzen - mir si jo hei am Haus vun de Lëtzeburger -: Wat mécht een da mam Minister?

D'Oppositoun am Regelfall freet säi Récktréit. De Minister am Regelfall seet, ech wosst näischt dovun. D'Oppositoun am Regelfall seet, du hässt et misse wëssen, Dir hätt et misse wëssen. An de Minister am Regelfall seet... Esou fonctionnéiert et!

Ass een Deputéierten an nach net Minister, versteet hien dat net. War ee Minister an ass erëm Deputéierten, versteet hien et nëmme méi hallef. Deen, dee méi laang derbäi ass, versteet all Dag, wat domat verbonnen ass.

Ech hu mech intensiv mat där Fro, och zesumme mat menge Leit am Ministère d'État, beschäftegt a sinn zur Konklusioun komm, dass mer an der Verfassung, am Statut vum Statsbeamten, an dem Code pénal Dispositionen genuch hunn, fir déi séier perséinlech Responsabilitéit vum Minister festzemaachen.

D'Revisiounskommissioun vun der Verfassung schafft iwwregens och nach op engem Text, deen déi politesch, déi zivil an déi penal Responsabilitéit vun de Ministère betrëfft. Ech sinn och im Übrigen der Meinung, dass d'Ministeren, d'Regierung sech sollen do eraushalen, dass een d'Chamber, déi d'Regierung kontrolléiert, soll gewäerde loosse mat normativen Neierungen, falls sech normativ Neierungen erginn.

Déi Fro, wéi d'Ministerresponsabilitéit vum der Beamteresponsabilitéit getrennt gëtt, déi Fro stellt sech ëmmer nach, an ech hunn

dorop keng Äntwert fonnt. Well ech mech u Verfassungstexter stoussen, déi eigentlech eng integral politesch Responsabilitéit vum Minister feststellen a festschreien, esou dass et eigentlech vu Fall zu Fall op de Fall ukënn.

Dat ass fir mech keng zefridde stellend Äntwert, déi ech dem Kolleeg Mehlen doriwwer ginn, mä ech kréien dee Problem do net geléist, well all Kéier, wann ech mat eegenen Texter optauchen a mengem Haus, gëtt mer gesot, Dir probéiert elo d'Ministeren aus der Verantwortung erauszehuelen an d'Veantwortung bei déi héich Beamten ze stellen. Dat si keng Ministeren, déi mer dat soen. Dat sinn héich Beamten, déi mer dat am Regelfall entgëinthalen. Ech hunn eppes fir dat Rasonnement iwwreg, mä all Kéier, wann e konkrete Fall do ass, stellen ech fest, dass dat jo esou einfach net ze klären ass.

Ech hunn notament an där Affär Dysfunktionnementer vun der Santé beim deemolege Gesondheitsminister Johnny Lahure Wéineges fonnt, wat meng Réprobatioun hätt kënnen fannen, a bei deenen, déi hien entouréiert hunn, viles fonnt, wat mer net gefall huet. De Minister ass zréckgetrueden.

Dat Zweet, wat ech wëll soen: Mir sinn amgang, fir déi héich Fonction publique - an zu där gehéiert d'Regierung awer - deontologesch Grondregelen opzeschreien, wat een därefer am Amt a wat een net därefer am Amt.

Déi, déi mat mir an enger Regierung waren, wëssen, dass, wa mer vum Grand-Duc aus dem Palais bei mech an de Büro kommen, fir Champes ze drénken - dat ass esou eng Gewunnecht, ech weess net, ob se gutt ass -, ech ëmmer froen: Wien huet Aktien? Wou huet hien Aktien? Ech wësst dat gär.

Dorop ginn d'Ministeren Äntwerten. Déi éierlechste Äntwert, déi ech bis haut dorop kritt hunn, war déi vum Charles Goerens. Anerer waren och net falsch. Fir dass ech weess, wa mer iwwer eppes schwätzen an der Regierung, wien ech bieden, de Sall vum Regierungsrat ze verloossen, well ee ganz no beim Délit d'initië ëmmer ass. Ech hunn Interessen an enger Gesellschaft, ech sinn Aktionär an enger Gesellschaft. Et gëtt iwwer déi Gesellschaft geschwat. Den Anstand wëllt, dass deen, deen Aktionär an där Gesellschaft ass, de Sall verléisst, wann d'Regierung doriwwer schwätzt. Dat geschitt och ëmmer.

Ech hunn et ëmmer richtig fonnt, dass e Minister néierens soll Aktionär sinn. Ech hunn et och ëmmer esou gehalen. Ech hunn Aktië vu kengem Betrib a vu kenger Bank. Ech si Spuerer bei der Fortis an ech bleiwen et och.

(Interruptions)

Jo, an ech bleiwen et och. Mä ech hunn néierens Aktien, well ech fannen, wann ee Statsminister ass a Finanzminister ass, mä dat zielt fir vill aner Ministeren och, ass een esou no un den Informatiounen drun, déi een dräi, véier, fënnf Woche kritt, ier déi aner Leit se kréien, dass, souguer wann ee sech näischt virzwerfen hätt, well een ee bestëmten Aktionärsverhale gehat hätt, een ni bewise kritt, dass een net Gebrauch gemaach huet vun deenen Informatiounen, déi een hat. Ech kann de Politiker nëmme roden, net Aktionär ze sinn, sech net an eng Situatioun ze beginn, wou se a Konflikter kommen, déi si herno net méi erkläert kréien.

D'Fro stellt sech am deontologesche Gesamtzesammenhang, wat dann een, dee Minister war, därefer maachen, wann hien net méi Minister ass, an innerhalb vu wat fir enger Zäit hien därefer enger professioneller an enger rémunéréierter Aktivitéit nogoen. Doriwwer hate mer an der Regierung scho periodesch Gespréicher.

Meng Meinung ass, dass d'Conférence des Présidents, mä dat ass eng Saach vun der Chamber, muss em d'Meinung gefrot ginn, wann e Minister, deen net méi Minister ass, d'Regierung verlooss huet an eng bestëmte rémunéréierter Aktivitéit an engem Secteur ophëlt, mat deem hie virdu professionell ze dinn hat.

Ech hätt gären, dass d'Parlament seet, e Minister därefer dohinner schaffe goen an e Secteur, mat deem hie virdu ze dinn hat. Dat kann een net d'Regierung decidéieren loossen. Den Anstand seet engem am Regelfall iwwregens, wat ee ka maachen. Meng perséinlech Meinung ass, dass d'Chamber soll via d'Konferenz vun de Präsidenten doriwwer nach eng Kéier dat do...

(Interruption)

Wat hutt Der gesot?

» M. Xavier Bettel (DP). - Ech hu gesot, d'CSV léisst lech ni goen, Här Statsminister. Dir musst ëmmer heibleiwen.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État. - Ech hunn éischstens net wëlles, a Secteure schaffen ze goen, mat deenen ech ze dinn hat. Well ech hunn iwwer déi Secteure meng Meinung. Do gëtt jo heiansdo dergéint protestéiert, wann ech déi Meinung soen. Ausserdeem kann ech lech nëmme déiselwecht Asiicht wënschen, wéi Är Kolleegen vun der CSV.

(Hilarité)

» M. le Président. - Merci, Här Statsminister. Elo huet den honorabelen Här Negri d'Wuert. Hie wëllt eng Fro un den Här Bauteminister stellen iwwer dat uergt Accident an der Nuecht vum 1. November. Här Negri, wann ech gelift.

- Question N°294 du 10 novembre 2008 de M. Roger Negri relative à l'accident grave autoroutier survenu dans la nuit du 1^{er} novembre 2008, adressée à M. le Ministre des Travaux publics

» M. Roger Negri (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Weekend vun Allerhellegen ass nuets e Geisterfahrer vun der Ausfahrt vum Sennengerbiereg op der falscher Spur iwwer d'Autobunn quasi iwwer de ganze Stater Contournement Richtung Helfenterbréck gefuer, wou et zu engem schwéieren Accident komm ass. Den alkoholiséierte Geisterfahrer ass 17 km à contresens op der Autobunn gefuer. Dat ass enorm wäit, laanscht véier Opfahrten. Et ass scho bal e Wonner, dass et net zu enger méi grousser Katastroph komm ass.

D'Fro, déi ech wëll un de Bauteminister stellen - an ech stelle se bewosst net un den Transportminister, well et hei net mat e puer zousätzleche Verkéiersschëlde gedoe wär -, ob et also net méiglech ass, sougenannte Garde-fouen opzerichten, zum Beispill schonn direkt wann en Auto op enger Ausfahrt falsch an d'Autobunn erafiert, wou een eng Falschfahrt duerch Fotozellen zum Beispill kontrolléieren géif an dann direkt iwwer de CITA oder aner Installatiounen déi onglécklech Autofuerer, déi op der richteger Spur ënnerwee sinn, duerch e Système d'alerte warnt, fir stoen ze bleiwen.

Besonnesch um Stater Contournement mat deene villen Op- an Ausfahrte wär et wichteg, preventiv esou fatale Feeler entgëintzewirken.

Am „Quotidien“ vu gëschter stoung, dass de leschte Weekend a Frankräich op der Autobunn A31 zwëschten Nanzeg a Metz en déidlecht Accident och duerch e Geisterfahrer geschitt ass. Hei hat d'Police e sougenannte Bouchon mobile opgeriicht, deen de Verkéier ofbremsen an de Geisterfahrer interceptéieren soll. Mä leider ass et awer zum Accident komm.

D'Situatioun, e Geisterfahrer urplötzlech viru sech ze hunn, ass fir jiddferen en Trauma. Dofir d'Fro un de Minister, ob et net méiglech ass, Mesuren ze huelen oder eng Etüd maachen ze loossen, fir esou Accidenter an Zukunft dans la mesure du possible ze verhënneren. Dat ass sécher net einfach, mä esou Accidenter mussen eis all interpelléieren, well et hätt hei kënnen zu engem regelrechten Drama kommen.

Ech soen lech Merci fir Är Äntwert.

» M. le Président. - Merci, Här Negri. Den Här Claude Wiseler, Bauteminister, huet d'Wuert.

» M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech kann elo net op déi eenzel Accidenter agoen, éischstens well déi Rapporte vum Parquet iwwer déi eenzel Accidenter dem Bauteminister net de façon directe zur Verfügung stinn; an zweetens well ech och net wëll iwwer en einzelt Accident elo schwätzen.

En général kann ee soen, deen doten Typ vu Problemer huet a sech zwou verschidden Ursaachen. Dat Éischt: Wéini geréit een op déi falsch Bunn vun der Autobunn? Mä wa mer d'Analys en général maachen, sinn dat ganz oft Leit, déi ze vill Alkohol gedronk hunn, déi iwwermidd sinn, déi Droge geholl hunn oder déi - wat ee seet - Seltefuere sinn, dat heescht, Leit, déi bal ni mam Auto fueren an déi dann och absolut

ongewinnt sinn, wa se mam Auto fueren; op där enger Säit.

Op där anerer Säit sinn et och - an dat hu mer och - déi Leit, déi wëllentlech op déi falsch Pist vun der Autobunn fueren, aus zwee Grënn. Sief dat aus suicidairë Grënn op där enger Säit, sief dat - dat gëtt et och - als Muttpruf: Wéi laang packen ech et a wéi laang kann ech do fueren? Och dat gëtt et.

Géint déi zweet Kategorie vu Leit ass natierlech ganz, ganz weineg ze maachen, wann ee se wëllt empêcheren.

Géint déi éischt Kategorie vu Leit sinn eng Rei Moosnamen ze huelen, déi kënnen vermeiden, esou wäit wéi et méiglech ass, datt esou Saache virkommen. Där hu mer der eng ganz Rei geholl. Notamment op den Opfährte sinn eng ganz Rei Friesen, Warnschëlde opgebaut ginn a verschidde Etappen. Fir d'éischt emol grousst Sensinterditen, déi sech an enger zweeter Etapp nach eng Kéier répétéieren, an enger drëtter Etapp nach ganz grousst Warnschëlde, déi bal net ze iwwersi sinn, mat risegen Hänndrop, wou e Verbuetszeechen drop ass. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, dat ass, datt och déi baulech Moosname fir déi Afahrten esou gemaach sinn, dass de normalerweis net drop kënn, wann s de am automatesche Floss vum Verkéier fiers. Du muss schonn zu engem groussem Deel kierpen, fir op déi Zorte vun Afahrt ze kommen, well d'Kéier sech net automatesch oder ganz oft net automatesch huele léisst an et baulech esou gemaach ass, datt net den normale Floss dech drop léisst.

Dat Drëtt ass: Wat geschitt, wann een awer elo drop kënnt a wa mer e Geeschterfuerer op der Autobunn hunn? Do sinn eng Rei Mechanismen, déi momentan schonn existéieren op der Section courante. Dat heescht, do wou keen Tunnel ass, gëtt et awer eng ganz Rei Kameraen, Zielkameraen, déi bestinn. Déi Zielkamerae ginn automatesch en Alarm aus, wann e Véhicule de falsche Wee fiert. Et sinn och op verschidde Plaze Bouclen agebaut am Buedem selwer. Dat heescht, wann een do de falsche Wee driwwerfiert, da gëtt och automatesch en Alarm déclenchéiert.

An den Tunnelle gëtt souwisou eng total Videoanalys gemaach, déi automatesch, wann en Auto stoe bleift, oder wann en Auto de falsche Wee fiert, oder wann en Auto hannerzegiert, direkt Alarm ausléist. Selbstverständlech hu mer och déi Kameraen, déi installéiert sinn, déi Biller transmettéieren op de CITA. Déi ginn och iwwerdroen, mä et ass natierlech evident, datt déi Opérateuren, déi am CITA sëtzen, net sämtlech Kamerae kënnen gläichzäiteg am A hunn. Hei ass et natierlech eng Fro heiansdo vu Sekonnen, Minutten, wéi déi Reaktioun kann ausgeléist ginn.

Wann esou en Alarm ausgeléist gëtt a wa festgestallt gëtt, datt op der Autobunn e Geeschterfuerer ass, da geschéie protocolscher am Prinzip zwou, dräi Saachen.

Dat Éischt, dat ass, datt gekuckt gëtt, datt déi Fuerer, déi am normale Wee fueren, do, wou mer Panneau vum CITA stoen hunn, direkt eng Alarmmeldung kréien. «Attention véhicule en contresens» oder iergendwéi esou en Text steet dann drop. Den 113 gëtt sofort informéiert. Mir kucken iwwert den ACL och déi Traficinfoen esou schnell wéi méiglech bei den Autofuerer ze hunn, souwäit hien dann de Radio lauschtert an e System un huet, mat deem dat méiglech ass.

Et gi jo och heiansdo eng Rei Alarmen ausgeléist, déi net automatesch oder net eis System ausgeléist hunn. Dat heescht, wou direkt déi Meldung vun den Autofuerer selwer kënnt, déi iwwert den 113 d'Meldung eraginn, wa se esou en Incident op der Strooss gesinn hunn. Dann ass och souwisou automatesch den ACL informéiert an dann, wa mir d'Reckmeldung am CITA kréien, gëtt och den Alarmsystem ausgeléist.

Elo ass d'Fro: Wat kann nach zousätzlech zu deene Moosnamen, déi mer esou hunn, gemaach ginn? Mir sinn amgang kontinuéierlech e Suivi ze maache vun deene Moosnamen, déi am Ausland bestinn, fir ze kucken, ob Signalisatiounen, wéi zum

Beispill Marquage um Buedem, oder wéi zum Beispill rout Luuchten, déi s de abaus an déi uginn, wann s de de falsche Wee eropfiert, méi effikass wäeren.

Mir hu momentan esou grousst Schëlde dosto, datt se bal net ze iwwersi sinn. D'Fro stellt sech also - an dat si mer amgang ze kucken oder wäerte mer kucken -, ob eng zousätzlech Moosnam eppes Zousätzlech bréngt.

Wat awer am meeschten effikass ass an deem heite System, dat ass, wa mer déi automatesch Meldesystemer an den Autoen - an dat ass eng Technologie, déi amgang ass entwéckelt ze ginn - un d'Fonctionnéiere kréien a wa mer se vum CITA aus alimentéiert kréien, datt den Autofuerer am Individualauto direkt d'Alarmnoriicht kritt.

Dat Lescht, dat ass vläicht och d'Leit nach méi informéieren, wéi se sech da solle behuelen, wa se esou e Phänomeen gemellt kréien, mä och vläicht wa se eng Kéier onglécklecherweis selwer als Geeschterfuerer op d'Autobunn komm sinn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Den honorabelen Här Bettel huet elo d'Wuert, fir eng Fro ze stellen un d'Madame Minister, zoustänneg fir d'Famill, d'Madame Marie-Josée Jacobs, iwwert d'Subventionéiere vu politesche Jugendorganisationsatiounen.

- **Question N°295 du 10 novembre 2008 de M. Xavier Bettel relative au subventionnement des organisations politiques pour jeunes, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration**

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech Merci. Wéi viru Joren agefouert ginn ass, dass d'Jugendorganisationsatiounen vu de politesche Parteien e Subsid kritt hunn, war dat unerkannt als eng gewëssen Indépendance fir déi Jugendmouvementer, dass se net tributär wäeren vun de Finanzen vun hirer Partei, dass se och méi kritesch kéinte sinn an net tributär vun hirer Mammepartei sollte sinn. Dat waren deemools 300.000 Franc; dat sinn haut 7.500 Euro.

De Problem kumt elo mam Parteifinanzierungsgesetz an du war d'Fro net kloer: Kréie se dann elo e Subsid oder net? Oder fale se enner hir Parteien? Kréie se eppes? Kréie se näscht? Du war e bëssen Onrou bei de Jugendorganisationsatiounen. Dowéinst ass am Abrëll op Initiativ vun enger Majoritéitsjugendorganisationsatioun eng Versammlung organiséiert gi mat deenen anere Jugendorganisationsatiounen, fir ze kucken do eng Léisung ze fannen.

Deemools ass och vum Vertrieeder vun enger anerer nach méi grousst Majoritéitspartei-Jugendorganisationsatioun gesot ginn, et géif e Rendez-vous ausgemaach gi mat der Madame Ministesch, fir ze kucken, wéi een de Subsid kéint evaluéieren. Deemools wier gesot gi vun der Madame Ministesch, dass dat och de Fall wäert ginn an dass d'Jugendorganisationsatiounen och déi Sue wäerte kréien.

Mir sinn awer elo November 2008. Dee Subsid ass normalerweis geduecht fir de Fonctionnement vun engem Joer; an dat heescht 2008. Dofir wollt ech froen, ob dee Subsid elo bestoe bleift. Wa jo, firwat ass en nach net iwwerwise ginn?

Wann dat net de Fall ass, soll een dann net eng Kéier seriö diskutéieren iwwert d'Indépendance vun de politesche Jugendmouvementer hei am Land?

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Bettel. D'Madame Jacobs huet d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei eis huet sech déi Fro vun der Indépendance net gestallt. Ech wönnere mech, datt se sech an dem Här Bettel senger Partei stellt.

Ech wëll just soen, datt bis zum Enn vum Mount spéitstens déi 7.500 Euro bei deene jeeeweilege Jugendmouvementer erakomm sinn. Si sinn amgang liquidéiert ze ginn, also kënnt Der Är Jugendmouvementer berouegen. Se kënnen indépendant Aktiounen ënnerhuelen, fir déi Dir se net kënnt rügen.

Merci.

» **Une voix.** - Et huet awer laang gedauert.

(Interruptions)

» **M. le Président.** - Kuerz a prezis wa d'Äntwert vun der Familljeministesch. Ech wier frou, wann d'Ministeren alleguerten esou kuerz a prezis Äntwerte géiffe ginn.

(Interruption)

Da kënnt déi zweetlescht Fro. Dat ass déi vun honorabelen Här Mehlen un den Här Gesondheitsminister iwwert déi medezinesch Zoudeellung vun Heroin am Kader vun der Drogebekämpfung. Den Här Mehlen ass de Moment net present. Hie kënnt awer erëm. Da komme mer direkt un den honorabelen Här Goerens, deen eng Fro stellt un den Här Minister vun der sozialer Sécherheet iwwert de Remboursement vun Ambulanzkäschten a verschidde EU-Länner. Den Här Minister kann also alles matenee beäntweren.

Här Goerens, Dir hutt elo d'Wuert. Den Här Mehlen kënnt duerno drun.

- **Question N°297 du 11 novembre 2008 de M. Charles Goerens relative au non-remboursement de frais d'ambulance pour des ressortissants luxembourgeois dans certains pays de l'Union européenne, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**

» **M. Charles Goerens (DP).** - Merci, Här President. Ech wollt dem Gesondheitsminister a senger Qualitéit als Minister vun der Sécurité sociale folgend Fro stellen - ech hu se net ganz prezisiéiert a menger schrëftlecher Demande, mä et geet em Folgendes: Wann e Lëtzebuurger Ressortissant am Ausland ass, en l'occurrence an der Belsch, an hie gëtt krank an e muss vun engem Punkt A op e Punkt B mat enger Ambulanz transportéiert ginn, da kritt hien, wann e Belsch wier an hie géif an der Belsch residéieren, näscht rembourséiert. D'Lëtzebuurger Sécurité sociale - dat hunn ech mer soe gelooss - géif dann och déi belsch Praxis hir eege maachen an da kritt de Lëtzebuurger Ressortissant och hei am Land näscht rembourséiert.

Wann awer elo e Lëtzebuurger Ressortissant an engem anere Land, wou e vun engem Punkt A op Punkt B mat enger Ambulanz transportéiert gëtt, déi Frais facturéiert kritt, an an deem Land gëtt dat rembourséiert, da kritt hien dat och vun der Lëtzebuurger Sécurité sociale erëm.

Elo gëtt et verschidde Manéieren, fir Discrimination oder Non-discrimination ze thematiséieren. Ech fannen dat aus der Siicht vum Lëtzebuurger, deen an deem enge Land rembourséiert gëtt, wann en do an enger Ambulanz transportéiert gëtt, an an deem aneren net, diskriminatoresch vun deem sengem Standpunkt aus.

Ech mengen ze wëssen, datt dat eng Fro ass, déi de Minister interesséiert, a wollt froen, ob hie kéint déi Diskriminatioun ophiewen oder ob hie kéint eng Ouverture an déi Richtung maachen?

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. De Minister vun der sozialer Sécherheet Mars Di Bartolomeo huet d'Wuert.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Goerens huet Recht, wann hie seet, dass dat eng Fro ass, déi mech préoccupéiert. An hien huet och Recht, dass déi doten Applikatioun, wann ee se aus der Vue vun deem Betreffene kuckt, kéint als diskriminatoresch emfonnt ginn.

Nun ass et awer esou, dass et op där enger Säit d'Statute vun eise Keese gëtt, also vun der Union des Caisses de maladie, wou deen dote Cas de figure ganz kloer geregelt ass fir d'Inland an och fir d'Transporter, déi mam Ausland zesummenhänken, an d'Koordinatiounsreglement op europäeschem Plang op där anerer Säit eng Rei vun Elementer virgesäit fir de Fall, wou e Résident respektiv e Ressortissant vun engem anere Land an engem zweeten europäesche Land wunnt, lieft oder sech ophält.

Do gëtt et eng Rei vu Situatiounen. Déi eng, déi vum Här Goerens évoquéiert ginn ass an déi och dat dote Gefill kann eropbeschwuer hunn, ass déi vun engem Lëtzebuurger, deen an der Belsch gewunnt huet oder sech opgehale huet, ënnert de belsche Regime fällt, an de belsche Regime gesäit net vir, dass déi Ambulanz rembourséiert ginn.

Do gëtt et awer en anere Cas de figure, deen een, wann ech de Fall genee géif kennen, hätt kënnen évoquéieren, dat ass dee vum E112, oder vun der Autorisation préalable, wou et méiglech hätt kënnen sinn, dass eng Prise en charge vun der Ambulanz geholl gi wär. Vu dass ech dee prezise Fall net kann hunn, an de Charles Goerens mer och am Ufank vun der Sëtzung gesot huet, dass e relativ vu bliwwer wär, konnt ech net am Detail nokucken, wat fir e Cas de figure mer bei hunn.

Mä ech stinn awer ganz gär dem Här Goerens zur Dispositioun, fir deen eenzelne Fall do ze kucken an ze kucken, a wat fir enger Hisiicht een esou Situatiounen a Statuten, wann et Noutfall sinn, wat virgesinn ass, ka regléieren.

Also wéi gesot, et ass relativ schwéier, fir sech eng Meenung ze bilden, wann een net genee gesäit, ob et e Vakanzentopenthalt, ob et e verlängerten Openthalt, ob et eng Résidence war, wou ee sech dee Moment bei deene jeeeweilege Keesen am Ausland ze mellen huet, a wou een als Ressortissant vun engem zweete Land an de Statut vum Résident vun deem Land, wou ee wunnt, erafällt.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, däerf ech dem Minister eng Zousatzfro stellen?

» **M. le Président.** - Jo. Et ass zwar net virgesinn, mä Dir dierft, Madame Flesch.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Merci villmools, Här President. Compte tenu vun deem, wat de Minister gesot huet, beim E112 a bei der Autorisation préalable, do muss ee jo am Virus wëssen, dass ee krank gëtt oder dass engem eppes geschitt. Dat ass net ëmmer méiglech, notamment wann en Accident geschitt oder esou.

Ass et denkbar, compte tenu vun deem, wat de Minister gesot huet iwwert d'europäesch Reglementatioun, dass een awer géif an onser Gesetzgebung virgesinn, dass den Interesséierten, deen an engem anere Land muss en Ambulanztransport iwwer sech ergoe loossen, ka rembourséiert ginn, geméiss den Dispositiounen vun onser Gesetzgebung? Ass dat um europäesche Plang verbueden oder wär dat méiglech?

Ech ka mer virstellen, dass dat nëmme méiglech gëtt, wann d'Législatioun geännert gëtt, an da stellen ech dem Minister d'Fro: Ass hie bereet, d'Législatioun an deem Sënn ze veränneren?

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Menger Meenung no stellt sech heimadder d'Fro vun der Législatioun. Hei gëllt déi europäesch Législatioun a Koordinatioun, mä wat een a Statute vun enger nationaler Gesondheetskeess draschreift, c'est une autre paire de manches. Ech wäert mech informéieren opgrond vun deenen Elementer, déi ech elo de Mëtteg kritt hunn, wéi een an esou engem Fall ka reagieren.

Mä Dir verstitt, dass et relativ schwéier ass fir e Minister, wann een net weess, a wat fir eng Richtung genee esou eng technesch Fro erageet. Bei enger politescher Fro ass dat eng aner Saach. Fir am Detail kënnen ze äntweren an esou Situatiounen, brauch een awer nach heiansdo déi Mataarbechter, déi dofir bezuelt ginn.

Villmools Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir kënnt direkt heibleiwen, den Här Mehlen huet nach eng Fro un lech.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Ech wëll awer net zesumme mat him op der Tribün stoen.

(Hilarité)

» **M. le Président.** - Jo, laaft awer elo net fort. Den Här Mehlen stellt lech nach eng Fro an Ärer Qualitéit als Gesondheitsminister iwwert d'Zoudeellung vun Heroin. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

- **Question N°296 du 11 novembre 2008 de M. Robert Mehlen relative à la distribution contrôlée d'héroïne dans le cadre de la lutte contre les stupéfiants, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Et geet em den Drogeproblem, deen hei zu Lëtzebuerg net méi kleng ginn ass zënter der Interpellatioun vu mengem Fraktiounskolleeg Jacques-Yves Henckes d'lescht Joer.

Deemools hat de Gesondheitsminister sech soi-disant engagéiert, fir d'heroin-gestützt Behandlung hei zu Lëtzebuerg anzeféieren. Mir wëssen, datt dat am Ausland - notamment an der Schwäiz - souguer vun enger Universitéit begleet ginn ass an datt d'Resultater vun esou enger kontrolléierter Délivrance vun Heroin un déi Ofhängeg medezinesch kontrolléiert ganz positiv Resultater bruecht huet. Enner anerem sinn zwee Drëttel do haut a Behandlung.

D'Gesondheet vun deene Leit ass besser a se sinn deelweis erëm an d'Erwerbsliewen zrëckgaangen. Den Infektiounsrisiko vun HIV an Hépatite ass erofgaangen, d'Beschafungskriminalitéit ass ganz massiv zrëckgaangen an insgesamt ass et en Avantage fir d'Volkswirtschaft vu ronn 60 Euro pro Dag. Do ware mer eis och eens.

De Minister huet d'lescht Joer hei op der Tribün gesot, dat hien amgaang wär mat senger Leit, dat ze entwéckelen. „Déi Aarbechten...“ - huet hie gesot - „...wäerten an deenen nächste Méint ofgeschloss ginn. Mir ginn dervun aus, dass mer d'Konklusioun kënnen relativ fréi am Joer 2008 zéien an dann un d'Implementatioun kënnen iwwergoen. Et ass also net esou, dass mer mussen opgefuerdert ginn, fir dat ze maachen. Et stoung am Regierungsprogramm an et ass an der Zwëschenzäit an d'Exekutivphas iwwergaangen.“

Elo hu mer awer gesot op RTL héieren, dat de Minister der Meenung ass, dat dat 2010 eréischt kënnt en musique gesat ginn. Duerfir meng Froen un hien:

Ass hie weider nach der Meenung, dat hien dat zügeg kéint ëmsetzen, wéi hien dat d'lescht Joer ugekënnegt hat? Oder ass et effektiv esou, wéi et gëschter gesot ginn ass, dat do awer en erhebliche Retard ze erwaarden ass? A wa jo, wourop ass dat zrëckzeféieren?

» M. le Président. - Merci, Hâr Mehlen. Den Hâr Gesondheitsminister huet d'Wuert.

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.* - Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll just hei ënnersträichen, dass ech mech net soi-disant engagéiert hunn, fir deen dote Programm unzegoen, mä ech zesumme mat der Regierung hu mir dat heiten als eng vun de Moosname festgehale, déi am Drogenaktionsprogramm virgesi sinn, deen am Moment leeft. Dobäi bleiwen ech.

Ech wëll just soen, dass déi Virbereedungsarbeiten, fir esou e Programm op d'Been ze setzen, net aus der Héft ze maache sinn an dass an deene leschte Méint deen dofir virgesinnene Aarbechtsgrupp gutt an effikass Aarbecht gemaach huet. Ech hunn dee Rapport kuerz virun der Vakanz virgeluecht kritt. Déi Etüd seet aus, dass souwuel d'Faisabilitéit wéi och d'Opportunitéit vun deem dote Programm ginn ass.

Ech wëll och drop hiweisen, dass eng weider Question parlementaire, déi iwwert de klassesche Wee gestallt ginn ass zu deem dote Programm, vum Martine Stein a Beantwortung ass. Ech wëll soen, dass meng Servicer am Moment mat potenzielle Bedreier vun esou engem Programm amgaang sinn ze diskutéieren, fir och den Opwand kloer kënnen ze traitéieren. Et gëtt jo e puer Optiounen. Et schléit een dat doten aus dem Steen oder et mécht een et mat bewäerte Partner. Fir mech ass d'Präferenz ganz kloer op deem Punkt, dass mer et mat bewäerte Partner maachen.

Déi gesetzlech Basis ass do iwwert d'Drogegesetz vun '92; wann ech mech net uren. D'Opportunitéitsetüd ass do. D'potenziell Partner sinn do. Da muss mer virun d'Regierung goen, fir déi noutwendeg Moyenen ze kréien. Ech hunn ni gesot, dass de Programm an deenen nächste Méint operationell wär, mä ech hu gesot, dass mer alles géife maachen, fir déi Décisiounen zügeg ze huelen, déi à la base vun esou engem Programm sinn.

Ech ginn dervun aus, dass all déi dote Froen am Laf vun 2009 tranchéiert wäerte ginn; onofhängeg vu Wahlermineren, well mir stinn zu deenen dote Konzepter, grad wéi mer zum Konzept vum Drogekonsumraum an neien aneren Initiative stinn. A wann et e gewëssene Retard ginn ass, dann ass dat just drop zrëckzeféieren, dass mer dat seriö wëlle maachen.

Déi Beispiller, déi vum Hâr Mehlen bruecht gi sinn iwwert de Schwäizer Raum; et ass och net esou, dass esou e Konzept oncontestéiert an der Schwäiz ass. Déi Diskussiounen sinn erëm nei opgeflockert. Mir wëllen déi doten Diskussioun am Virfeld maachen, fir dass mer et ähnlech kréie mat der Akzeptanz wéi bei anere Strukturen, dass, wa mer bis un d'Netz ginn, alleguer d'Acteuren hannerdrustinn an dass mer dann dat Beschtméiglech fir déi Betraffe kënnen maachen. Dat heiten ass keng Wonnerwaff, mä et ass e weidert Mëttel, fir fir Risikoverminderung an enger ganz schwierger Zeen ze suergen.

Ech soen lech Merci, Hâr President.

» M. le Président. - Merci, Hâr Minister. Domat, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'Froestonn un d'Regierung ofgeschloss. Mir kommen elo zur Interpellatioun vum honorablen Hâr Alexandre Krieps iwwert

d'Schoulmedezin an déi psychosozial Problemer. Hâr Krieps, Dir hutt d'Wuert.

6. Interpellation de M. Alexandre Krieps sur la politique en matière de médecine scolaire ainsi que les aspects psychosociaux de l'intégration scolaire

» M. Alexandre Krieps (DP), *interpellateur.* - Merci, Hâr President. Also, ech berouegen lech; dat heiten ass net alles fir virzedroen. Ech hunn am Fall, wou ech eng Fro gestallt kréien, awer e bësse Munitioun matbruecht.

(Hilarité)

Hâr President, Dir Dammen an Hären, den Ustouss zu déser Interpellatioun hunn ech am Fong kritt duerch en Avant-propos vum Rapport annuel 2006 vum Ombudscomitée fir d'Rechter vun de Kanner. An ech muss lech soen, dat ass relativ impressionnant.

Deen Ombudscomitée fir d'Rechter vun de Kanner war jo e bësse kritiséiert am Ufank, well et esou eng Well war vun Ombudsmänner an Ombudsfraen, mä wann een deenen hiren Avant-propos liest iwwert d'Gesondheet vun de Kanner hei zu Lëtzebuerg, da ginn engem d'Dronkenellen aus. Si zitieren eng Hikecht Kanner, 2.600 deemools, méi wéi 2.600 Consultatiounen an der Pédopsychiatrie am CHL. Esou vill Kanner, déi hospitaliséiert gi si wéinst psychiatresche Problemer, an och gesondheetlech somatesche Problemer!

Mir hunn deemools fënnf Kanner op der Strooss verluer. Mir hunn eent vun zwielf Kanner, déi all Dag Alkohol gedronk hunn. Dobäi hunn ech ëmmer gemengt, ech wär deen Eenzegen, deen dat géif maachen. Mir hu 36 Kanner gehat, déi hospitaliséiert gi si wéinst graven Accidents domestiques. Dat ass nämlech och eng Considératioun, déi duerch d'Schoulmedezin misst opgefange ginn. Dofir hunn ech déi Interpellatioun gestallt gehat.

D'Schoulmedezin baséiert op zwee Texter: d'Gesetz vum 2. Dezember 1987 an de Règlement grand-ducal vum 21. Dezember 1990.

Den Historique vun der Schoulmedezin kann een am Fong op d'Joer 1793 usetzen. Direkt no der Franséischer Revolutioun war e berühmte Paräiser, den Hâr Lakanal, deen aus der Ariège war, Minister fir d'Instruction publique. Dee Mann huet d'ailleurs vu 1763 bis 1845 gelieft. Wat interessant ass, hien hat d'Instruction publique vu 1793 bis '95. Mä '93 huet hien deemools gesot: «Des officiers de santé visiteront les élèves des écoles nationales et leur indiqueront les règles les plus propres à fortifier leur santé.»

Interessant waren 120 Joer méi spéit d'Diskussiounen och am industrielle Groussbritannien, wou d'Schoulkanner gelidden hunn ënnert dem „neglect“, „poverty“ an „ignorance“ vun hirem soziale Milieu. Dat war ganz wichteg.

Deemools waren och Diskussiounen, wou am Fong d'Fro gestallt ginn ass, ob et noutwendeg wär, d'Schoulkanner ze ënnersichen, wann ee keng adequat Behandlung hätt. Dat ass vläicht deemools de Fall gewiescht, well d'Medezin vill méi kontemplativ war. Haut kann ee méi agräifen.

D'medezinesch Ënnersichunge sollten och net méi wéi e puer Minutten daueren, ass deemools behaapt ginn. Dat huet an 100 Joer net vill geännert. D'Salairesdiskussiounen waren och deemools scho kontrovers, wéi d'Leit sollte bezuelt ginn.

Déi fundamental Objektivitéit an d'Missiounen sinn hautdésdags weltwäit relativ gutt definéiert. Wou et natierlech schwéier hapert - net nëmmen op deem Gebitt; op villen aneren och -, dat ass am Ëmsetzen, d'Mise en œuvre vun all deene schéine Gesetzes-texter.

D'Schoulmedezin kann natierlech net alles opfänken. Virdrun hu mer scho Situatiounen, wou dem Kand seng Entwécklung negativ influenziert gëtt: postnatal Depressioun bei der Mamm; Accidenter doheem, wat mer gesot hunn; d'Mort-subiten, wou et e bësse besser geet; dann den Abus vun de Kanner, physisch oder psychesch, deen zimlech fréi ufänkt. Déi Leit kommen an d'Schoul an da leie scho vill vun deene Fakte vir.

D'Schoulmedezin soll also och do sinn, fir physisch oder intellektuell schwache Kanner ze ënnerstëtzen, fir den Échec scolaire duerch net erkannte Léierschwierigkeiten, oder Bullying oder De-

pressiounen ze dépiséieren. An enger multisproochlecher Gesellschaft wéi onserer ass et jo bewisen - wéinstens am Ausland; ech weess net, ob déi Aarbechten hei gemaach si ginn -, dass d'Dyslexie vill méi heefeg sinn; och an enger Schoulgemeinschaft, déi multisproochlech ass.

Mir hunn natierlech wéi iwwerall déi héich riskant Verhalensstéierungen. Dann ass d'Schoulmedezin och do, fir dem Kand säi Bild vu sech selwer opzebauen, him Selbstvertrauen ze ginn. Dofir war ech relativ enttäuscht dëse Summer, wéi ech deen Avant-projet vum Règlement grand-ducal gesinn hunn, well ech fonnt hunn, dass dee wéineg Plus-value bruecht huet am Ëmsetze vum Gesetz vum 1987.

Ech hat ee Moment d'Impressioun - mä de Minister widderspricht mer herno -, dass de Courage hie verlooss hätt an deene leschte véier Joer, well soss hätt hien net de Règlement grand-ducal geännert, mä d'Gesetz vum 1987.

Firwat ech dat soen: An deem Gesetz vu '87 feelen eng ganz Rei Mesuren. D'Obligatioun vun enger Formation de base commune vun all den Acteure bei der Médecine scolaire...

(Coups de cloche de la Présidence)

Entschëllegt, Hâr President. Wollt Der mat mir schwätzen?

» M. le Président. - Neen, neen!

(Hilarité)

» M. Alexandre Krieps (DP), *interpellateur.* - An der Rei.

» M. le Président. - Ech wollt just, dass d'ganz Chamber lech géif nolauschteren, Hâr Krieps.

» M. Alexandre Krieps (DP), *interpellateur.* - Net onbedéngt. Net alleguer mateneen, well dat wär...

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.* - Dat ass nëmmen, wann Der eppes géint mech sot.

» M. Alexandre Krieps (DP), *interpellateur.* - Merci. Neen, neen. Ech kann et awer och widerhuelen, Hâr Minister.

Wat ech wollt soen, dat ass, dass eng Formation commune de base fir se alleguer misst sinn. D'Médecine scolaire, déi berout - loosse mer soen - haaptsächlech op den Hausdokteren. Ech hunn näischt dergéint, mä ech mengen, dat misst een e bëssen aktualiséieren - aner Domänen wéi d'Assistances d'hygiène sociale, d'Infirmières scolaires an esou.

Dann hate mer e Problem an der Struktur am Ministère, wat jo jiddfere weess, ech brauch lech dat net ze soen. De Médecin Chef de division huet alles déterminéiert selwer an héchstwahrscheinlech zimlech eleng.

Dee Comité de pilotage an Ärem neie Règlement grand-ducal schéngt mir schwéierfällig a lues, a speziell, wann e fënnf Joer waart, bis en eng Réevaluatioun mécht, schéngt mir dat e bësse laang ze daueren. D'autant plus, dass d'Collecte des données zimlech defizitär ass momentan an déficient. Duerfir froen ech mech, op wat se hir Rapporten da baséiere wäerten.

Ech weess natierlech, dass aner Ministere virun lech do waren. Ech hat de Privileg, e Papp ze hunn, dee laang do war. Ech hat och den Hâr Colling an de 60er Joren. Also, mir brauche jo net zrëckzuegoen bis, wéi ech zitéiert hunn, 1793. Mä ech mengen, d'Dispositiounen ëm d'Bezuele sinn och nach net diskutéiert ginn. Ginn déi Leit virubezuelt pro Kapp, dee se ënnersichen? Vacatiounen, Mi-tempes, Horaires Vacatiounen? D'Vacatiounen géifen engem doudsécher emol erlaben, bei interdisziplinären Diskussiounen derbäi ze sinn.

E gudder Modell ass de Schwäizer Modell. Ech hunn e puer Exempelen hei a mengem décken Dossier aus dem Canton de Fribourg, dee ganz gutt gemaach ass. Do sinn e puer Temps-pleinen, Mi-tempes an souguer Privatdokteren, déi se ënnersichen.

Musse mir eng national Struktur hei kréien, fir ons ewechzebewege vun där lokaler Struktur? Oder muss mer eng regional Struktur kréien?

En anere Schwaachpunkt an deem Gesetz vum 1987, wat deemools vläicht richtig war: Dat bréngt immens Käschte fir d'Gemengen. D'Organisatioun, d'Personal an d'Infrastrukture muss gewéinlech vun de Gemenge gestallt ginn. D'Gemenge bezuelen de Schouldokter.

Bezeule se och d'Ligue? Ech hu mer d'Fro gestallt, ob se och d'Ligue bezuelen, well ech an deem Dossier net vill Transparenz fonnt hunn. Mä de Minister äntwert ons dorobber.

Am Enseignement secondaire ass d'Schoulmedezin dem Ministère vun der Santé ugegliddert. An dat heescht am Kloertext, dat mer fir déi nämlech Missiounen een oder zwee oder dräi Systemer hunn. Ech mengen, dat muss een harmoniséieren.

En anere Punkt: Mir hunn och téschent dem Iwwergang vum Primaire an de Secondaire keng kohärent Evolutioun. Dat hu mer gesinn un e puer Beispiller. Et ass e bësse parallel zum Contenu vum Enseignement. Do ass kee Lien gemaach ginn téschent deenen zwee Systemer. D'Collecte des données, hunn ech gesot, ass extrem schwach. An d'Evaluatioun vun deenen Donnéeën bis elo ass ganz fragmentaire. D'Privatschoule si bis elo duerch eng Aart Outsourcing duerch d'Ligue betreit ginn.

Vill perséinlech Kompetenz an deem Domän vun der Schoulmedezin vun alle Bedeelegte läit e bësse brooch an ass net ganz ausgenutzt ginn, ganz ausgelaascht ginn. Dozou muss een awer bedenken, dass duerch d'Schoulmedezin all d'Kanner am Land kéinten ergraff ginn, wat an enger Gesellschaft, wéi mir se hunn, ganz wichteg ass.

D'sozial Précaritéit an der Gesellschaft gëtt jo ëmmer méi grouss, och bei ons hei, a wann dat sech op d'Kanner nidderschléit, ergëtt dat fir ons Gesellschaft extrem vill Nofolgkäschten. Vill Leit an der Schoulmedezin fille sech also hautdésdags ganz eleng gelooss, wann net am Stach gelooss.

Et kënnt och kee Suivi do. Ech hu mat Kollege geschwat an de leschte Wochen, déi soen, mir ginn dat virun a mir kréien ni méi e Feedback. Dat war e Saz, dee ganz vill komm ass. Et hapert och un der Koordination. Dir hutt dat gesinn un e puer Beispiller a Südgemengen. D'Gemenge Rémeleng, Diddeleng, Péiteng, Schéffleng hu Personal agestallt ouni Kohärenz am System. Et war keng Koordination mat der Santé oder wéinstens net genuch. Also, mir bräichte vill méi Feedback.

An deenen Equipen, déi op den Terrain ginn, hu mer oft e groussen Turnover. Do komme Leit, déi bleiwen zwee Joer an da gi se ausgewieselt. Do ass am Fong och kee grouse Suivi, wat eng perséinlech Approche ass, déi mer net vill hunn - leider net vill. Dat ass zum Deel awer dem Stat seng Schold a net de Gemengen hir. De Stat, wéi en och am Enseignement d'Gemenge struewele gelooss huet während 30 Joer mat de Friemaarbechterkanner, mat de Migrantekanner, huet et och esou an der Schoulmedezin gemaach.

Mir hunn an der Schoulmedezin net genuch kulturell Adéquatioun. Mir haten natierlech eng latengesche Immigration - Italien, Portugal an esou virun -, mä déi ännert och, a mir kréie Leit vu ganz anere Kulturen. An do wär et och net schlecht, fir e bëssen „les devants“ ze huelen.

Eppes, wat mech an deem Règlement grand-ducal och e bëssen enttäuscht huet - ech verstinn dat an deem Avant-projet, loosse mer et esou nennen -, ass, dass drasteet, et géifen och nach dräi aner Reglementer do nogeholl ginn. Ech verstinn dat och a Liaison mat dem Ministère de l'Éducation nationale, mä dat ass e bëssen e Flou artistique.

Genau wéi ech och net verstoe konnt, dass an deem Avant-projet de règlement grand-ducal 24 Artikelen opgefouert ginn, wou der am Gesetz nëmmen zwielf stinn.

Ech mengen, hei muss een e bëssen eng iwwergräifend national Struktur an de Grapp kréien, déi déi ganz Kanner duerch déi ganz Education begleet. Dat ass wichteg.

Den Timing vu verschiddeenen Dépistagë léisst sech diskutéieren. Fakt ass, dass mer fir déi meescht Kanner nach vill ze vill Exame bäibehalen an dass déi Kanner, déi grad Hëllef brauchen, ze kuerz kommen doduerch. Do verweisen ech och op de Schwäizer Modell: Déi ënnersichen hir Kanner an der Maternelle an dann am 5. oder 6. Schouljoer an dann nach eng Kéier am Secondaire. Da wär d'Saach méi einfach.

D'Demokratesch Partei an der Gemeng Konter huet och zum Deel d'lescht Kéier d'Lokalwahl gewonnen, well mer insistéiert hunn, dass d'Evaluatioun vun de Sproche-

kompetenzen an der Schoul extrem wichtig ass. Et wär ganz wichtig, eng Emphase dorop ze leeën, fir dass dat besser géif gemaach ginn.

Also, mir mussen nach eng Kéier d'Besoinen definéieren, déi bis elo net ëmmer ganz kloer sinn an déi och regional Variatioun mat sech droen. Mir mussen d'Konzeptioun vun der Preventioun besser kucken a méi Moyenné gi fir d'Mise en œuvre.

An ech géif bal nach behaupten hei, dass d'Schoulmedezin souguer misst de Bien-être professionnel vun den Enseignanten ënnersichen, well do hu mer och e grouse Problem mat 7.000 Enseignanten, vun deenen der héchstwahrscheinlech nach méi d'Flemm hu wéi d'Kanner. Dat ass eng Aschätzung an eng Suggestioun, fir mat virunzehuelen.

Ëmmer méi Jonker sinn angoisséiert, ëmmer méi Jonker hunn d'Gefill, dass se - dat sinn natierlech déi méi al Jonker - méi chancëlos grouss ginn, dass se sozial ausgegrenzt sinn.

An Dir wësst jo alleguer, dass d'Origine sociale nach ëmmer determinant ass am Devenir vun deem, wat d'Éducatioun oder d'spéidert Berufsliewen ass.

Op d'Éducation sanitaire muss och méi Wäert geluecht ginn, wéi et elo de Fall ass. Frou war ech zwar, dass mer net wéi an anere Géigende Molekultester aféieren an der Schoul, well a verschiddene Länner gëtt et Bestriewungen, fir d'Kanner op Krankheeten ze testen, déi am Erwuessenenalter oprieden. Do sinn ech ganz frou, dass ech dovunner näischt gelies hunn.

Alles an allem, Här Minister, sinn ech ganz frou, dass Der lech hei drugitt. Mir ënnerstëtzen lech alleguer, mä ech hunn awer d'Impressioun, dass dee Règlement grand-ducal, deen Avant-projet esou e bëssen du „déjà vu“ ass.

Ech mengen, mir mussen elo e bësse méi Action hei kréien an net all Kéiers waarden, bis e Chef de division a Pensioun geet, fir dann eng aner Orientatioun ze huelen.

Ech soen lech op alle Fall villmools Merci fir all dat Engagement, wat Der hutt, an haaptsächlech och am Dépistage vun deenen neuropsychesche Krankheeten a Stéierungen, fir dass mer dorop méi den Akzent leeën, well mir hunn dat jo alleguer matgemaach: An der Schoulmedezin si mer ënnersicht ginn, ob mer e kromme Réck haten, wat wuel wichtig ass. D'Kanner sinn ënnersicht ginn, ob se Plattféiss hätten, bis d'Orthopédie infantile gemierkt huet, dass all Kand Plattféiss huet. Dovunner si mer doropshin e bëssen ofgeréckelt.

Mir kruten de Pippitest. Mä ech sinn hei doudseriö, well dat ass esou. Mir kruten all de Pippitest gemaach, mir kruten Tuberkulosestester gemaach an esou.

Ech géif emol mengen, dass mer an der Zukunft - an de Félix Braz weess dat -, wann elo d'Äerd sech erhëtzt, mer erëm aner Infektiounskrankheete kréien.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Dat ass wéinstens an 20, 30 Joer theoretisch méiglech. Mä ech mengen, dass mer am Fong méi seriö mussen ginn an der Approche vum Problem.

Ech soen lech Merci, Här President, dass Der mer nogelauschert hutt.

»»» Plusieurs voix.- Très bien!

»»» M. le Président.- Merci, Här Krieps. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Stein-Mergen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

»»» Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, d'Interpellatioun vu mengem Confrère Krieps gëtt ons haut d'Geleeënheet, iwwer en Thema ze schwätzen, dat ons och uewe läit a fir dat e groust Kapitel an onsem Wahlprogramm virgesinn ass.

D'Schoulmedezin leeft hei am Moment mat Equipen, mat méi oder wéineger engagéierte Leit, e bëssen esou niewelaanscht, wat d'Dokteschpraxen um Land notament ubelaangt. D'Qualitéit vun de Resultater hänkt effektiv vun de concernéierte Pro-

fessionellen of. Si décidéiere largement, wat leeft a wat net.

Si hu souguer keng eenheetlech Ausbildung. Entre-temps ass jo d'Assistante d'hygiène sociale, déi den Här Krieps ugeschwat huet, aus de Formatiounen verschwonne. Dat war Personal, dat effektiv souwuel d'Kompetenz vun der Assistante sociale wéi och déi vum Infirmierspersonal hat.

Déi eng oder aner Gemeng - ech wëll hei keng nennen - huet vu sech aus iwwert déi lescht Joren e relativ kompetenten a souguer multidisziplinär vernetzten System opgebaut, awer zu engem groussen Deel op hir eege Käschten. Wat d'Basis an d'Prinzipien ubelaangt fir eng eenheetlech Schoulmedezin am ganze Land, waarde mer eigentlech op en neit Gesetz, well dat vun 1987 mat senger Reglementer gëtt net méi dem neiste Stand gerecht.

Mir mengen och, dass een op dëser Plaz muss eng Kéier all deenen Equipé Merci soen, déi mat de Moyens de bord haart kämpfen, déi ëmmer méi grouss Horairen an ëmmer méi eng grouss Klassenzuel op sech huelen, fir eppes aus dësem awer ganz wäertvollen Outil ze maachen. Eleng scho wat d'Schoullandschaft, d'Schülerzuel an Zesummesetzung vun de Schoullassen ubelaangt, déi an de leschten 20 Joer awer ganz vill geännert huet, wier en Ajustement de tir dréngend noutwendeg.

D'Schoulmedezin ass eng preventiv Medezin par excellence. Mir hu jo eng Rei Reienënnersichungen hei zu Lëtzebuerg. Et sinn déi perinatal Mammen- a Kandënnersichungen, déi jo un d'Bezuele vu gewëssene Bähëllef gekoppelt sinn an duerfir och wierklech revolutionär Changeementer an de leschten 30 Joer an onsem Land, wat d'Säuglingsmortalitéit ubelaangt, bruecht hunn.

Loosse mer och déi obligatoresch aarbechtsmedezinesch Ënnersichungen net vergiessen, an dann och vläicht de Führerschäin, well jo bal jiddferen dee mat 18 Joer mécht a mat 50 Joer an d'Kontroll muss.

Dëst ass déi eenzeg systematiséiert Preventivmedezin am Land.

All Mënsch, deen eng Lëtzebuurger Schoul besicht, dee fält drënner: Schüler, Studenten, Léierbouwen a -meedercher, aus der Éducation préscolaire, primaire, dem Enseignement postprimaire, der Éducation différenciée. Jee, egal ob dat eng öffentlech oder eng privat Schoul ass, selbstverständlech sinn och all dës Ënnersichunge gratis.

D'Aufgabe vun der Schoulmedezin si scho vum Här Krieps ugeschwat ginn. Et geet ëm d'medezinesch Iwwerwaachung op där enger Säit, fir Anomalien, Defiziter oder Krankheete festzustellen. De Mondraum an d'Zänn gi mat kontrolléiert. Esou kënnen duerch systematesch preventiv Ënnersichunge Gesondheitsbilanen opgestallt ginn. Doriwwer ous kënnen oder sollte sämtlech Moosnamen, wat den Individu ubelaangt, an d'Weeër geleet ginn, an dat op Demande vun engem Member vun där Equipe, déi zoustänneg ass.

D'Zesummenaarbecht besteet um soziale Volet mat de Schoulkommissiounen, de Spezialservicer vun der Éducation nationale, wéi dem Service de guidance an de SPOSen: Heiduerch soll, wann et noutwendeg wier, e sougenannte Bilan social vun engem Schüler kënnen opgestallt ginn, unhand vun deem dee betreffende Schüler e Suivi an eng Assistenz ka garantéiert kréien.

D'Schoulmedezin soll selbstverständlech zur gesondheetlecher Erzéiung an Opklärung bäidroen, d'Propretéit vun de Schoulgebaier iwwerwaachen - ech weess net, awéiwäit dass dat de Realitéiten entsprécht -, och Avisen zur Ergonomieit vun de Schoulmiwwelen solle se ausschaffen - ech ka mech och net erënneren, dass een dat jeemools esou an der Praxis héieren huet -, a schliesslech - do kommen ech herno nach eemol drop zrëck - Statistike vum Gesondheitszoustand vun all onse Kanner ausschaffen.

An der Praxis gesäit dat awer oft anescht aus. Et gëtt Plazen, wou den Dokter fir d'éischt emol dem Kand hëllef sech ausdoen an him herno erëm hëllef sech undoen, wat dann natierlech ganz vill Zäit ewechhëlt an net grad zur Effikasitéit vu Reienënnersichunge bäidréit. Dat ass zwar e bossegt Beispill, mä wéi gesot dat gëtt et.

D'Equipé sinn ënnerschiddlech zesummesat. Wat fir Aufgabe jiddferen iwwerhëlt, dat ass och vun Duerf zu Duerf, vu Gemeng zu Gemeng net grad datselwecht. A jee nodeem wivill Zäit den Dokter sech hält, ass d'Ënnersichung dann och méi oder manner grëndlech oder wäertvoll.

Wat d'Kommunikatioun mam Léierpersonal ubelaangt, ass och alles oder villes der Initiativ vun deem Einzelnen iwwerlooss. Esou wier et fir ons zum Beispill wichtig, dass am Ufank vum Schouljoer d'Léierpersonal kéint Kanner, deenen hir gesondheetlech Problemer si direkt géife feststellen, schnell an eng Ënnersichung bréngen, an net misst waarden, wann d'Klass eventuell eréischt am drëtten Trimester drukënt, an dat Kand dann elo emol zwee Trimestere viru sech hin esou weiderwurschtele loosse.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, souwäit mir als CSV informéiert sinn, an den Här Krieps huet ons dat bestätegt, ass am Joer 2004 mat där méi grousser Perspektiv op en neit Gesetz en Aarbechtsgrupp bestëmmt a vum Ministère agesat ginn, fir sech iwwert d'Inhalten an d'Ausrichtung vun enger moderner Schoulmedezin Gedanken ze maachen. Dësen Aarbechtsgrupp huet am Ganzen dräimol ugesat, fir Texter ze gebären, déi eng Basis fir en neien Text kéinten duerstellen.

Als Resultat vu véier Joer Aarbecht läit elo en Entworf fir e Règlement grand-ducal um Dësch, net grad op onsem Dësch, mä de Moment um Dësch vum Statsrot fir Avis. Ech sinn iwwerzeegt, dass onsen Här Minister ons kann eng ganz Rei Opklärungen zu deem Text ginn.

Ouni wëllen op dës Texter ze vill am Detail anzegoen - well ech mengen, et sinn der net vill vun ons, déi se hunn oder gelies hunn -, kéint een hei kuerz en Tableau maachen, wéi onser Fraktioun hirer Meenung no engem modern Schoulmedezin sollt ausgesinn.

Si muss zwee Adjektiven erfëllen, zillorientéiert an altersspezifesch sinn, fir all Kanner hei am Land, no gewëssene Standarden, déi selbstverständlech och musse fir d'ganz Land genau déiselwecht sinn. Et geet also net hei drëm, fir Programmer fir gewësse Schoulen ze entwëckelen, mä Programmer fir gewëssen Altersgruppen, well hei läit d'Differenz vun de medezinesche Besoinen.

Et geet och net a priori drëm, fir d'Kanner an déi Jugendlech méiglechst oft ze ënnersichen, villméi awer dorëm, verschidden Examen - ech ginn lech d'Beispill vun den Aen - net all zwee Joer zum Beispill systematesch ze maachen, mä eemol all fënnf Joer. An da kritt déi ganz grouss Zuel vu Kanner do d'gréng Luucht an da si se et fënnf Joer lass. An déi, déi awer e Problem hunn oder op enger Limite leien, déi sollen individuell perséinlech suivéiert gi respektiv soll een eng Handhab hunn, wann eng rout Luucht ugeet, dass ee relativ direkt kann eppes ënnerhuelen, dass mat deene Kanner eppes geschitt.

Duerfir musse fir d'éischt emol d'Ziler vum Programm kloer viru Ae stoen an duerno mussen déi altersspezifesch Standarden entwëckelt ginn. Ech sinn och iwwerzeegt, wéi den Här Krieps gesot huet, dass ee sech am Ausland esou altersspezifesch Standarden ousi Weideres ka beschaffen. Si sollten ëmmer erëm kënnen no wëssenschaftleche Kritären adaptéiert ginn; am beschten, wéi och bei anere Standarden haut, no der „evidence based medicine“.

Fir dat awer lafend kënnen unzepassen, bräicht et dann deen nationale Conseil vun de Schoulmedeziner, awer och e permanenten Aarbechtsgrupp mat der Implikatioun vun deem anere Santépersonal an eventuell vu Schoulpersonal, déi domat professionell concernéiert sinn, deen awer och schnell kéint op Problemer reagéieren. Jee nodeem wéi dann no Altersgrupp de Contenu vun den Ënnersichunge gestalt ass, mussen d'Equipé kënnen zesummesat ginn esou wéi se deenen Aufgaben am beschte gewuess sinn. Mir hunn e grouse Besoin fir eng vernetzte Multiprofessionalitéit, mä eben net fir jiddfer Alterskategorie déiselwecht.

Haut ass et jo esou, wann e Problem festgestallt ass, jee nodeem natierlech, ob et sech ëm Mineuren oder ëm Majeuren handelt, da geet e Bréif ous, fir drop hinzuweisen, fir bei deen een oder aneren Dokter ze goen an de Problem ofzeklären.

Theoretisch sollt dann eng Réckmeldung un déi kompetent Plaz kommen. Also, wann dann en Dokter dat Kand gesinn huet, soll hie säi Befond weiderginn oder wéinstens emol bestätegen, dass d'Kand beim Dokter war. Ech huelen un, dass d'Ligue sech dorëmmer këmmert. Well ech hu mat enger Rei vu menge Kollegen, déi Pappen a Mamma sinn, geschwat; et ass net d'Gemeng, déi sech dorëmmer këmmert, dass déi Kanner dann erëm eng Kéier drun erënnert ginn, dass se nach net beim Dokter waren, wa se dann nach net do waren. Dat heescht, et herrscht Onkloerheet driwwer, ob iwwerhaupt en zweeten Avis

erausgeschéckt gëtt, wa keng Äntwert op den éischten Avis kënt.

Et gëtt also de Moment null Handhab, wat mat de Suivi geschitt. An dat wier jo eigentlech dat Wichtigst. Et ass jo schéin, wann d'Gemeng matgedeelt kréien, wivill Avisen ousginn, mä wat geschitt mat deene Kanner, wou keen op den Avis reagiert?

Ech wëll an dësem Kontext drun erënneren, dass ons perinatal Mortalitéit - ech hat dat scho gesot - eréischt dunn erofgaang ass, wéi déi entsprechend Ënnersichungen u gewëssen Allocatiounen gekoppelt gi sinn. Ech wëll dat einfach emol als Denkestouss vläicht am Raum stoe loosse. Ech hunn dozou keng méi prezis Virstellungen.

Ech wëll och behaupten, esou wéi ech dat aus Erfahrung aus onser Gemeng weess, dass et sécher net déi sozial stäerkste Schichte sinn, deenen hir Kanner an der Schoulmedezin Problemer duerstellen, an dass et grad déi aner Kanner sinn, déi enger Hëllef dréngend benéidegen. Esou Mesuré setzen awer och viraus, dass eng adequat Opklärung vun den Elteren a vum Léierpersonal stattfënt. Et kéint ee sech och virstellen, dass pluridisziplinär schoulmedezinesch Equipen iwwert d'Ënnersichung vun de Schüler ous souwuel den Eltere wéi och dem Léierpersonal zur Verfügung kéinte stoen, fir gewëssen Opklärungsrollen ze iwwerhuelen.

Ech ka mer virstellen, dass verschide jonk Schoulmeeschteren nach ni e Lausbefall oder e Fléibefall gesinn hunn, fir en einfacht Beispill ze nennen. Dat ass zwar keng dramatesch Krankheet, mä et gesäit ëmmer ganz dramatesch vu Fall zu Fall aus. Déi kéinten dann och Opklärung iwwer Impfungen ginn, Zännhygien - esou trëfft een déi Erwuesse gläich mat -, Opklärung iwwer Epidemien an zum Beispill Sënn an Onsënn vun Antibiotiken - jee dat, wat e Medeziner esou Neits ka bäibréngen an de Schoulen. Alles dat dem Besoin ugepasst.

Mir mengen awer och, dass dat dann net misst oder net kéint vu Gemeng zu Gemeng organiséiert ginn, mä wahrscheinlech nëmme regional.

De sozialen Aspekt spillt eng ganz grouss Roll an der Schoulmedezin. De Kolleg Krieps huet dat och scho gesot. Et ass oft déi eenzeg Plaz, wou Schoulkanner eemol richtig beim Dokter duerchgecheckt ginn.

Mä wat d'Evolutioun vun de sproochleche Capacitéiten ubelaangt, besonnesch och bei Kanner aus der Immigratioun, déi méi sproocheg sinn, wéi den Här Krieps ons dat elo grad duergeluecht huet, do hu mer ons awer gefrot, ob net hei d'Léierpersonal déi besser Viraussetzungen huet, dës Problemer ze cernéieren an dorop anzewierken.

Ech wollt nach eng aner kleng Parenthese maachen: Wann ee bedenkt, wéi vill Kanner an onsem Land ënnersicht ginn, a gesat de Fall, dat ass dann eenheetlech a landeswäit, da kéint een hei eng Base de données opbauen, déi net nëmme den eenzelne Kanner zeguttkënt, mä eng immens interessant Basis zu wëssenschaftlechen Aarbechte kéint bidden, zum Beispill och zu sozialpoliteschen a medezinesch-hygienesche Moosnamen op Landesniveau oder cibléiert Campagnen. Dës Informatiounen feelen ons wäitgehend bis elo.

Am Intérêt vun de Kanner, also individuell gesinn, ass et natierlech esou, dass si och vun de Resultater vun dësen Ënnersichunge kënnen profitéieren. Dat ass onser Meenung no awer net méiglech mat iergendengem Carnet, deen dann eventuell oder souguer wahrscheinlech iergendwann eng Kéier verluer geet. Wéi bei villem ass et hei - ceterum censeo - de berühmten Dossier informatisé du patient, dee scho säit ville Joren an Ausschaffung ass - ech mengen, ech hat et hei och schon e puermol gesot an aneren Zesammenhäng -, deen et wäert erlaben, dass all Patient vun dësen Informatiounen ka spéider profitéieren an dass all aneren Intervenent op dem Fall d'Informatiounen kann novollzéien.

D'Definitioun vun der Schoulmedezin, esou wéi se am 1987er Gesetz steet, geet also haut onser Meenung no net méi duer. Mir sinn der Meenung, dass mer mussen deemnächst eng nei Konzeptioun vun der Schoulmedezin kréien, dass all Schüler an onsem Land d'Recht huet op déiselwecht standardiséiert altersadaptéiert Leeschtung an dass dës Efforten net sollten am Raum stoen als Trockenschwimmübungen, mä souwuel fir d'Kollektivitéit wéi fir den Einzelne Profit droen, eenheetlech fir dat ganz Land.

Dat wäert nëmme méiglech sinn, wann de Stat, dee jo dann den Intérêt vun dëser Form vu Schoulmedezin agesäit, seng Responsabilitéiten hält, net nëmme an de

Mëttelschoulen, mä och an de Primärschoulen, an net hei de Gemengen déi Obligatioun opdréit, déi se musse selwer organiséieren, droen a finanzéieren, wat besonnesch a kleng Gemenge mat wuesende Schülerzuelen an d'ärselwechter Zuel Personal op d'Käschte vun der Qualitéit ka goen.

Et wär vläicht och sécher derwäert, wa mer eng Kéier de Projet de règlement grand-ducal, Här Minister, géifen an ons Gesondheitskommissioun kréien.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Stein. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Dall'Agnol.

» **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Gesetz iwwert d'Schoulmedezin ass wéi vill Gesetz relativ vag gehalen, an dat ass an deem Fall och ganz gutt esou, well een domat eng ganz Rei Saachen opléisst an domat och méiglech mécht.

Déi eng Gemengen, an dat ass schonn ugeschnidde ginn, hunn hiren eegene Service. Vill anerer schaffen awer mat der Ligue luxembourgeoise de prévention et d'action médico-sociales zesummen. An och dat ass erlaabt a léisst de Responsable vun deenen eenzelne Gemengen also de Choix, dee Wee ze goen, dee si fir richtig halen, ganz am Sënn vun där vill gepriesener Autonomie communale.

Zënter datt de Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo heescht, sinn och d'Acteure vun Terrain all zesummegeruff ginn an hunn driwwer diskutéiert, wéi d'Schoulmedezin am Idealfall sollt ausgesinn. Et goufen och Experten aus verschiddene Länner ugehéiert, ënner anerem och aus der Schwäiz - méi genau aus dem Jura -, der Belsch, mä och England, fir sech e Bild ze maachen, wéi an deenen anere Länner op deem Gebitt geschaff gëtt. An natierlech waren och do verschidden Opfaassungen a verschidde Positiounen, wéi dat bal ëmmer de Fall ass, ze héieren.

Eleng schonn, wat d'Examens systématiques ubelaangt, gëtt et verschidden Handhabungen, an dat Beschtt wär vläicht, wann ee sech géif dorop eenegen, e gutt, gesond Mëttelmooss ze hunn.

Et ass och wichteg, fir regelméisseg Ënnersichungen an e Suivi vun de Kanner hirer - elo fänkt et un, komplizéiert ze ginn - physescher a psychescher Gesondheet ze maachen. Allerdéngs muss een d'Efforten eventuell méi cibléieren. Dat heescht, déi Kanner, an dat gouf och scho gesot, méi dacks a méi am Detail ze begleeten, déi effektiv Problemer hunn. Souwäit ech informéiert sinn, ginn ënner anerem des Iwwerleeungen och bei der ustehender Reform vun der Médecine scolaire matberücksichtigt, mä ech huelen un, datt déi zoustänneg Ministeren, déi och hei sinn, herno méi konkret Informatiounen dozou kennen a wäerte liwweren.

Wa mer elo emol den Alter vun de Kanner kucken, déi erfaasst ginn, da gesäit een, datt normalerweis all Kand duerch d'Primen, déi ausbezuelt ginn, bis zwee Joer gutt medezinesch versuergt an och kontrolléiert ass. Duerno besteet allerdéngs e Lach, datt heescht bis d'Kand mat véier Joer ageschoult gëtt. Hei kéint ee sech iwwerleeën, ob et net fir d'Wuel vum Kand wär, datt déi verschidde Structures d'accueil mat an d'Boot geholl ginn. Och wa mer do net all Kand géifen erfaassen, wär emol ëmmerhin e weideren Deel awer ofgedeckt.

Elo sot Dir mer natierlech, do ass en anere Ministère zoustänneg. Gutt, mä ech mengen, wou e Wëllen ass, do ass och e Wee, a wa mer wëlle verhéieren, datt Problemer ze spéit erkannt ginn, dann ass dat doten, also tëschent deenen zwee an deene véier Joer, eben hei nach eng Chance, déi ee kéint notzen.

Eng aner Iddi, déi aus Däitschland kënnt, datt ass déi, datt all Kand, ier et ageschoult gëtt, dat heescht, ier et an d'Spillschoul iwwerhaapt kënnt, muss bei en Dokter goen, an do e Certificat d'aptitude ausgestallt kritt. Eng Iddi, déi ee sech och kéint duerch de Kapp goe loossen. Wann een, an dat gouf scho gesot, fir schaffen ze goen oder fir de Führerschäin ze maachen, muss ënnersicht ginn, firwat kënne mer dann net och ganz kleng hei ufänken?

Natierlech brauch een, fir all Verbesserung ze realiséieren, och Personal, wat matspillt, woubäi bei där heiter Iddi d'Eltere jo kënne mat hirem Kand bei den Hausdokter goen, esou datt hei kee supplémentäert Personal géif gebraucht ginn. Mä och hei muss deen

Dokter, bei deen d'Elteren da géife goen, wëssen, op wat hie bei esou kleng Kanner muss oppassen, a wat hien emol iwwerhaapt soll kontrolléieren. Dat misst dann ebe festgeluecht ginn, fir datt déi Ënnersichungen och iwwerhaapt en Notzen hunn. Vlächtt kéint een och un eng Formation continue denke fir déi Leit, déi sech ebe wirklech gären an déi Matière eraknéien.

Allgemeng mengen ech iwwerhaapt, datt d'Formation continue wichteg ass, och beim Léierpersonal, déi vlächtt net ëmmer alleguerten den Notze vun der Schoulmedezin kennen an agesinn.

Et ass jiddfalls vu grousser Wichtigkeet, datt dee ganze Milieu scolaire de Rôle vun der Schoulmedezin kennt, e versteet a virun allem och d'Médecine scolaire ënnerstëtzt.

Virun allem muss och jiddferen, dee mat de Kanner a Kontakt ass, an der Schoul esou wäit geschoult sinn, datt hien d'Indicé kennt, déi op medezinesch, awer och op sozial Problemer, déi ëmmer méi heefeg ginn, hiweisen. Well finalement sinn et jo si, déi d'Kanner am beschte kennen, well se d'Kanner och am meeschte gesinn.

Wa mer eis elo de Fonctionnement vun deene bestehende Servicer ukucken, da gesäit een och do, datt déi eng en Dokter fest agestallt hunn, déi aner awer mat den Doktere vum Terrain, dat heescht eben den Dokteren, déi an hirer Gemeng usäseg sinn, schaffen. Och hei, mengen ech, gëtt et net den Idealfall. Wat wichteg ass, ass, datt den Dokter oder datt d'Dokteren, déi hei matschaffen, motivéiert sinn, datt se gäre matschaffen an datt se dat, wat se maachen, och honoréiert kréien. Well et ass natierlech net evident, seng Praxis zouze maachen, oder moies emol eng Kéier keng Hausbesucher ze maachen. Dozou gehéiert och eng ganz Partie Idealismus.

Wa mer also wëllen hunn, datt d'Doktere weiderhi matschaffen, fir d'Schoulmedezin nach méi effikass ze maachen, dat heescht net an zwou Stonnen 100 Kanner einfach emol esou duerchscheisen, mä sech Zäit huele fir all eenzelt, oder fir mat all eenzelt och kënnen ze schwätzen, da muss iwwert des Fro fréier oder spéider och diskutéiert ginn.

Mir müssen awer och dohinner kommen, datt net alles um Dokter eleng hänke bleift, datt mer, wa mer vu Schoulmedezin schwätzen, ëmmer un eng Equipe multidisciplinaire denken an déi och weiderhin am Hannerkapp behalen. Dozou gehéiert natierlech un eischer Platz de Medeziner, mä och eng Infirmière, eng Assistante sociale a sécherlech och eng Persoun mat enger Ausbildung, déi un d'Assistante d'hygiène sociale erukënt, déi et jo esou net méi gëtt. Iwwerhaapt ass d'Zesummenaarbecht vun alle Servicer, déi et jo scho gëtt, wat d'Gesondheet - déi physesch mä och déi psychesch - vum Kand ubelaangt, wichteg.

Wa mer elo an d'Famillje kucke ginn, da gesi mer - an ech wëll drop hiweisen, well beim Ufroe vun der Interpellatioun dat Wuert Immigration ze liese war -, datt ganz vill lëtzebuergesch Familljen Hëllef brauchen, well se sozial Problemer hunn, an datt et hei net nëmme déi auslännesch Kanner sinn, wou dee gréisste Problem, a ganz oft och nëmme deen eenzege Problem deen ass, datt se schlecht oder guer net Lëtzebuergesch schwätzen.

Problemer an de Familljen, an de lëtzebuergesche wéi an den auslänneschen, Alkohol oder aner Suchtkrankheeten, fir elo emol nëmme bei deenen zwou Saachen ze bleiwen, déi bréngen et fäerdeg, datt Kanner och schonn am éischte Schouljoer verbalenopfälleg sinn, datt se keng Grenze kennen an domat och sech an hir Klassekomeroden a Gefor bréngen. Verschidden Enquêt weisen och, datt d'Kanner ëmmer méi jonk, ganz jonk scho mat Alkohol, mat Zigaretten a Kontakt kommen.

Hei muss mer och gesinn, datt d'Schoulmedezin hir Grenzen huet, wann et just drop erausleef, eppes feststellen oder just ze ënnersichen. Wann der Famill hei net gehollef gëtt, da kënne mer dräimol pro Joer weien, moossen, d'Zänn kucken, da bleift alles beim Alen. Dat ass, wéi wa mer all Joer feststellen, datt e Kand ze déck ass, mä awer net dru schaffen, datt sech eppes ännert, zum Beispill well mer weiderhi keng Sportméiglechkeeten - ausser a Pilotprojeten, wéi zum Beispill de „Wibbel“ zu Diddeleng - fir moekeleg Kanner ubidden. D'Léisung vun de Problemer, déi mécht sech net eleng, dat wësse mer, an duerfir muss hei nogehollef ginn.

De Service vun der Schoulmedezin, deen heescht jo och „médico-socio-scolaire“. Dat weist jo schonn drop hin, datt de Medeziner net eleng hei eng wichteg Roll huet a spillt, mä datt och d'Aarbecht doheim, a virun

allem an a mat de Familljen, ëmmer méi wichteg ass, an ech fäerte ganz, nach ëmmer méi wichteg gëtt. An eenzelne Gemenge schaffe Servicer jo scho mat enger Assistante sociale oder eben hirem lokalen Office social zesummen. Dëst muss, an et soll och iwwerall verstärkt ginn, wa mer den Entourage wëlle changéieren, well wa mer deen net changéieren, dann hëllef mer dem Kand och net.

Et soll also net dobäi bleiwen, datt d'Schoulmedezin just ënnersicht an eventuell just Problemer feststellt. Am beschte Fall soll se och hëllef, en Ustouss gi fir ze heelen, an dann zesumme mat allen Acteuren am Schoulweise sech och mat Preventioun befaassen. De Service médico-socio-scolaire ass, oder soll a mengen Aen och e Service sinn, wou eng ganzheetlech Approche vum Kand, mä awer och vu senger Famill a sengem Ëmfeld soll gekuckt ginn, dat heescht, d'Gesondheet huet net nëmme e medezineschen Aspekt, mä och e sozialen, e physeschen an e psychologeschen.

Dofir soll de Service och eng Aart Dispatching sinn, wou vill, oder am Idealfall all Informatiounen, déi d'Gesondheet vum Kand betreffen, gesammelt an och zesummegefuert ginn. Et soll eng Aart Zentral si fir d'Wuelse vum Kand, wou dee medezinesch soziale Wee vum Kand och kann novollzunn an och verfolge ginn. An deem Sënn ass de Service e Vermittler tëschent Schoul, Elteren, Kanner souwéi dem Schoulservice vun der Gemeng, an natierlech och allen anere medezinesch sozial oder psychologesche Servicer, déi sech ëm d'Wuel vun deem eenzelne Kand an deene verschiddene Fäll këmmen.

Am Beräich vun der Médecine scolaire mengen ech awer och, datt all d'Gemegepolitiker, dat heescht mir bal alleguerten heibannen, an der Flicht stinn, well wann net genuch Personal do ass, keng Raimlechkeeten do sinn an et an eenzelne Fäll souguer drun hänkt, datt d'Personal emol net dat Material zur Verfügung gestallt kritt, wat et dréngend bräicht - e PC, e Büro, eng Imprimante -, da kënne mer un Pabeier oder hei an der Chamber esou vill philosphéieren, wéi mer wëllen.

Wann d'Kanner an der Schoul ënnersicht ginn an engem Sall, wou normalerweis de Pabeier stockéiert gëtt, wat et kal ass a wou keng Intimsphär ass, dat heescht, wou d'Kand sécherlech net vum selwen a vu sech aus op e Problem opmierksam mécht, dann ass dat, Dir Dammen an Dir Hären, engem Land wéi Lëtzebuerg, dat sech jo ganz gären domadder brétt, zu deene räichste vun der Welt ze gehéieren, ganz einfach onwierder.

Wa mir heibanne fannen, datt d'Médecine scolaire soll a muss reforméiert ginn, da soll emol jiddferen a senger Gemeng kucken, wat hien dofir mécht a wéi wichteg him säi lokale Service ass, an hei ufänken déi néideg Ënnerstëtzung ze ginn. Da sinn oder da wäere mer schonn e gutt Stéck virukomm, dohin, wou mer sollen an och müssen hikommen, nämlech datt all Kand, an dat gouf och scho gesot, egal wou et hei am Land wunnt, déiselwecht Qualitéit vu medezinescher Ënnersichtung kritt.

Wat ass awer elo déiselwecht Qualitéit? Dat meescht, mengen ech, ass gesot gi vu mir a vu menge Virriedner, ech probéieren just nach eng Kéier ze résuméieren. Kommt, mir fänke vlächtt beim Personal an dem Zäitfaktor un. Et muss genuch Personal do sinn. Personal, dat interdisziplinär zesummeschafft, an all Kand soll Urecht op ee perséinleche Kontakt hunn a kënnen, natierlech nëmme, wann et dat wëllt, iwwer seng Problemer schwätzen.

De Suivi vum Kand ass och wichteg, an hei ass dee Vole, dee sécherlech am meeschten Zäit ewechhëlt. Et ass vill Aarbecht, an dofir muss genuch Personal an deene Servicer schaffen, well et ass awer och dee wichtigsten Deel vun der Aarbecht. Dee Suivi, deen däerf och net nëmme um kale Pabeier stofffannen, mä et soll e regelméisseg Kontakt mam Kand bestoen.

D'Preventioun soll groussgeschriww ginn. Eng Éducation à la santé muss stofffannen, net nëmme theoretisch, mä virun allem och ganz praktesch. Projeten op Gemengenniveau kënnen ausgeschafft ginn, wou d'ganz Bevölkerung drun deelhuele kann, well wa mer déi Erwuessen errechen, an domat Familljen, dann erreche mer natierlech doduerch och d'Kanner.

Vun der Formation continue hunn ech och scho geschwat, duerfir widderhuelen ech dat elo net. Mä et kéint ee sech awer iwwerleeën, dat Berufsbild - dat et bei eise franséschen Nopere scho méi laang gëtt an do och seng Friichten dréit - vun der Infirmière scolaire hei zu Lëtzebuerg unzebidden. Och an der Schwäiz existéiert dat

Berufsbild. Ech zitieren hei en Auszuch aus enger Direktiv, aus dem Jura, wa des Infirmière an der Primärschoul ze maachen huet: «L'infirmière scolaire assure une permanence régulière dans chacune des écoles de son secteur. Ces permanences sont à disposition de tout élève qui en ressent le besoin et permet à l'infirmière scolaire d'écouter, d'informer et de soutenir les élèves. Les permanences sont aussi à la disposition des parents, enseignants et des autres personnels de l'école.». Fin de citation.

Et gëtt och eng Approche, fir der Infirmière scolaire an de Schoule vill méi Responsabilitéit ze ginn an eng ganz Rei Examen, déi am Moment nach vum Dokter gemaach ginn, vun hir maachen ze loossen. Och heiriwwer muss diskutéiert an nogeduecht ginn, virun allem wa mer iwwert d'Disponibilitéit vun den Dokteren diskutéieren, an natierlech och iwwert d'Käschten, déi heimat verbonne sinn.

Ech hunn elo an deene 14 Minutte probéiert, eng Rei Iddien opzezielen, déi ee sech sollt duerch de Kapp goe loossen, souwuel mir alleguerten heibannen, mä virun allem awer och d'Acteuren um Terrain. Des Acteuren hu bis elo vill a gutt Aarbecht geleescht, an ech mengen, datt déi Aarbecht an Zukunft och net wäert ofhuelen, bien au contraire.

Ech soen lech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Dall'Agnol. Den nächste Riedner ass den Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Här President, Här Minister, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den honorablen Här Krieps huet als éischte Punkt vu senger Interpellatioun, déi mer elo diskutéieren, déi dréngend Wichtigkeet gesat, datt mer eis Schoulmedezin misste reforméieren. An deem éischte Punkt sinn déi Gréng mam Interpellant 100% averstanen.

D'Schoulmedezin ass ee vun de groussen Dinosaurier an eise Schoulwiesen a gehéiert dréngend reforméiert. Et wier sénnvoll gewiescht, am Kader vun enger Schoulreform, déi vun der Regierung emol eng Kéier als Jorhonnertreform bezechent gouf, och iwwert d'Schoulmedezin ze diskutéieren. Mä bei der Schoulreform huet d'Regierung net nëmme d'Diskussioun ëm de Wäerte- a Reliounsunterrecht als Tabuthema deklaréiert, si huet och d'Éducation différenciée ausgeklamert, d'Ganztagsschoul war keen Thema, an esou ass dann och leider net iwwert d'Schoulmedezin geschwat ginn.

Ech mellen awer dann direkt un - wann d'Madame Mergen gefrot huet, fir eng Kéier den Avant-projet de règlement grand-ducal an hirer Kommissioun ze diskutéieren -, datt ech en och gären eng Kéier an der Schoulkommissioun hätt, well ech dat interessant fannen.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - De President huet dat jo schonns gefrot, an et steet selbstverständlech zur Dispositioun vun deenen zwou Kommissiounen, dat heescht, de President vun der Kommissioun huet lech des Kéier ëm e puer Minutte geschloen.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Merci fir d'Informatioun.

» **M. le Président.** - Dat ass esou, Här Adam.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Wat d'Périodicitéit vun den Examens médicaux ugeet, do wëll ech net allze laang drop agoen. Obschonn déi meeschte Kanner hiren Hausdokter hunn, obschonn déi Ënnersichungen duerch de Schouldokter zum Deel zu engem Double emploi féieren, obschonn zurzäit keng speziell Formatioun vum Schouldokter exigéiert gëtt. Dat wier awer bestëmmt sénnvoll - an ech sinn och net deen Eenzegen, deen et seet -, wann iwwer Ëmfang a Modalitéit vun esou enger Formatioun emol géif intensiv nogeduecht

ginn. Mir fannen och, datt déi regelméisseg medezinesch Ënnersichunge vun eise Kanner an der Schoul Sënn maachen.

Si erlaven et, datt dat Personal vun der Schoulmedezin - den Dokter, d'Assistante sociale, d'Infirmière oder d'Assistante d'hygiène sociale - all Kanner kenne léieren an an der génschteger Situatioun duerch hir regelméisseg Visiten eng Relatioun zu de Kanner opbauen, se laangfristeg op hirem Wee begleeden. Ob déi Visiten dann elo esou, wéi et am Règlement grand-ducal vum 21. Dezember 1990 virgesinn ass, duerchgefouert ginn, oder no den Iddien, wéi et dann an deem neie Règlement grand-ducal steet, dat soll fir eis net dee gréissten Ënnerschied ausmaachen.

Datt de Contenu vun de Visiten der Zäit vun den Ënnersichunge muss ugepasst sinn, schéngt evident. De Blutdruck, deen nach ëmmer op dem Carnet de santé steet, gétt seele gemooss. Den Test à la tuberculine - deem ass direkt eng hallef Sait am Carnet gewidmet - gétt guer net méi gemaach.

D'Schoulmedezin ass an eis Schoule komm an enger Zäit, wou déi ustiechend Krankheete wéi eben zum Beispill d'Tuberkulos déi gréissten Erausforderunge waren. Haut kenne mer feststellen, datt des Krankheete bei eis zum Gléck praktesch verschwonne sinn. Mä eis Kanner hunn aner Problemer, déi hir Gesondheet belaauchten; an do kommen ech nach eng Kéier drop ze schwätzen.

Bei der Debatt 2004 iwwert d'Proposition de loi vun Här Colomera war iwwert d'Afféiere vu staatleche Schouldokteren diskutéiert ginn. Dat war deemools vu CSV an DP vehement ofgelehnt ginn, mat Argumenter, et wiere schonn elo net genuch Dokteren do oder dat géif ze deier ginn an et soll een och net méi Fonctionnaires astelle wéi onbedéngt néideg. Alles Argumenter, déi net allze vill Gewicht hunn.

D'Iddi fir eng Rei spezifesch forméiert Schouldokteren ze hunn, déi net déi duebel Kap vum Schouldokter a vum Hausdokter hunn, ass eis net onsympathesch a sollt emol eng Kéier bei kloerem Kapp analyséiert ginn. Zweek Argumenter fir esou Doktere kann ech gläich liwweren.

An den CMPP-régionalen, där et jo hei am Land an all Inspekteschressort mindestens eng gétt, ass iwwerall een Dokter als Member virgesinn. Ech ginn dervun aus, datt dat um Pabeier och esou ass. Ech weess awer, datt an der Praxis praktesch iwwerall keen Dokter bei deene Réuniounen derbäi ass. Et ass net méiglech, e Generalist oder e Pédiateur fir e puer Stonnen op esou eng Versammlung ze kréien. Dat ass verständlech, mä duerfir ass dat awer net gutt.

En zweet Beispill: Wann ee Schoulmeeschter oder eng Léierin ee Verdacht op eng Mësshandlung bei engem Schüler huet, da wenn hie sech u säin direkte Virgesetzten, de Schoulinspektor, oder un d'Assistante sociale oder d'Infirmière oder d'Assistante d'hygiène sociale, einsteilen och nach un de Buergermeeschter.

Eng richteg Diagnos däerf awer just een Dokter stellen. Där kritt der awer ënner Ëmstänn keen an d'Schoul. Ech hunn an der Schoulpraxis scho Saachen erlieft, déi alles anescht wéi kloer an evident waren, well et ebe kee richteg Schouldokter gétt.

Datt d'Schoulmedezin an Zukunft och net méi bëlleg gétt, schéngt fir eis evident. Aweiwäit d'Gemengen an de Stat sech déi Käschen deelen, dat gétt net de Mëtten hei an der Interpellatioun tranchéiert, an dat dierfe mer am Kader vun deser Debatt emol als zweetrangeg betruechten.

Interessant ass awer natierlech d'Fro no der Roll, déi an Zukunft d'Gemengen nach an der Schoulmedezin spillen. Allgemeng en eegene Service médico-scolaire, wéi d'Stad Lëtzebuerg awer och nach vereenzelt méi kleng Gemengen et hunn? Oder fuere mer weider mat där Opdeelung, déi bis haut nach net all Mënsch verstanen huet, vu Services de proximité vum Roude Kräiz an der Laangzäitbetreiung bei der Ligue luxembourgeoise d'hygiène mentale? Wat sinn och d'Implikatiounen vun neie Gesetz iwwert d'Reorganisatioun vun den Offices sociaux op d'Schoulmedezin?

Et war fir eis net esou kloer, an et ass et och no den Ausféierunge vun Här Krieps nach

ëmmer net, firwat datt hien en Extrapunkt opgefouert huet iwwert d'psychosozial Aspekter vun de Kanner mat Migratiounshannergrond an d'Evaluatioun vun de Capacités linguistiques?

Mir sinn der Meenung, datt wéinst dem Fait, datt no un d'Halschent vun eise Kanner aus engem Migratiounsmilieu kommen, des Kanner, awer net nëmme des Kanner, eng sproochlech Förderung brauchen a selbstverständlech derwäert sinn diskutéiert ze ginn. Mir sinn awer och der Meenung, datt dese Fait ee feste Bestanddeel vun eiser Gesellschaft ass an datt eis ganz Schoulorganisatioun deem muss Rechnung droen. Migratioun an eisem Land ass kee Fall fir d'Schoulmedezin.

D'Organisatioun vun eisem Sproochen- unterrecht an d'Organisatioun an d'Moyenë vum Centre de logopédie droe bestëmmt och eppes zur Gesondheet vun eise Kanner bäi, loosse sech awer net iwwert d'Schoulmedezin eleng regelen.

D'psychosozial Aspekter vun de Kanner mat spezifesche Problemer, zum Beispill déi Kanner, déi an enger Édific-Struktur beschoult ginn, wieren och derwäert länger hei diskutéiert ze ginn. Och d'Organisatioun vu SREA a Service de guidance de l'enfance gehéieren zu esou enger Debatt, mä si géifen awer déi zäitlech Rumm vun haut de Mëtteg sprengen.

Well mer iwwerzeegt sinn, datt eis ganz Médecine scolaire muss reforméiert ginn, huet d'Iwwerschrëft am Aktivitéitsrapport vum Gesondheitsministère vum Mäerz 2008, déi do heescht «Vers une médecine scolaire de qualité: le projet de réforme de la médecine scolaire», eis als déi bäi Wäitem interessantesten aus deem ganze Rapport geschéngt.

Den Inhalt vum Artikel ass awer manner spannend. Hei geet just Rieds vun enger ganzer Rei Virbereedungsarbechte fir esou eng Reform, vun där enger oder där anerer Réunioun, datt mer bei eis Nopeschlänner no gudder Beispiller siche gaange sinn an datt mer Enn 2007 ee Comité de pilotage kruten. Dee Comité huet decidéiert, datt en neie Règlement grand-ducal misst kommen. Deen ass dann elo als Avant-projet do, wou d'Zuel an de Contenu vun de schoulmedezineschen Exame misst nei definéiert ginn. Dat ass effektiv iwwerfällg. Dorun ass näischt auszusetzen. Méi verréit de Rapport 2007 allerdéngs net. Wéi gesot, d'Iwwerschrëft vum Artikel ass vill méi spannend wéi den Inhalt.

E bësse méi iwwert déi Reform kann een aus engem Dokument, wat d'Dokter Muller, Chef in vun der Médecine scolaire, op der zweeter nationaler Gesondheitskonferenz «Vers un plan national santé» am Januar 2007 zu Mondorf presentéiert huet, gewuer ginn. D'Dokter Muller fokusséiert sech op d'Kand an de Jugendlechen a seng Besoinen. Dat ass ganz interessant. D'Schoulmedezin soll transforméiert ginn an eng Schoulgesondheet mat erweiderten Objektivier an neie Prioritéiten. Och déi Gréng trieden a fir eng interdisziplinär a global Approche, wat d'Schoulgesondheet ueget.

Den Zesummenhang tëschent Educatioun, Formatioun a Gesondheet muss net méi laang diskutéiert ginn. D'OMS seet: «Le lien, qui existe entre la santé de l'enfant et l'éducation qu'il reçoit, est extrêmement solide.» D'Schoul muss ee Raum sinn, wou op den Erhalt, de Schutz an d'Förderung vun der Gesondheet Wäert geluecht gétt. Ënner anerem, well déi Gesondheet sech positiv op d'Léieren auswierkt.

Mir kënnen hei vun engem Cercle vertueux schwätzen, dee mer muss fördern. Geléngt eis dat net, da riskéiere mer ee Cercle vicieux ze kréien, deen eng negativ Dynamik entwéckelt.

D'Schoul ass e privilegierte Raum, wou mer kënnen intervenéieren. Mir hunn hei d'Geleeënheet, all Kanner kënnen ze kontaktéieren, an dat iwwert déi wäit Zäitspann vu véier bis 15 an deemnächst 16 Joer. Eng Zäit, an där evidenteweis eng ganz Rei wichteg Schrëtt an der Entwécklung vun de Kanner falen.

Mir sinn eis wéi esou dacks an der Theorie bestëmmt eens, wéi wichteg d'Schoulgesondheet fir eis Kanner ass, mä wann et dann ëm d'Praxis geet, dann dierft de Konsens méi schwéier sinn. Esou ass et och bedenkelech - ech hunn et scho gesot -, datt mer am Kader vun der Schoulreform nach net eng Kéier an der Chamberskommissioun vun der Éducation nationale iwwert den aktuellen an zukünftige Stelleväert vun der Schoulmedezin diskutéiert hunn.

Mir hunn als gréng Fraktioun begréisst, datt den alen Artikel 70 vum Gesetz iwwert den Enseignement fondamental amendéiert

gouf an d'Lëscht vun den Intervenanten, déi ënner Ëmstänn zum Schoulpersonal kenne gehéieren, ganz bedeitend erweiert gouf.

Wuel ginn d'Assistentes d'hygiène sociale net an der Lëscht opgezielt, mä vläicht, well dee Beruff jo zënter 2000 net méi forméiert gétt. D'Assistants sociaux sinn awer derbäi, an och Infirmière si virgesinn als Member vum Schoulpersonal. Dat mécht deem nächsten Unterrechtsminister oder där nächster Unterrechtsministesch et méiglech, nei Weeër ze goen, nei Weeër wat d'Inclusion scolaire ueget, awer och wat de Bien-être psychosocial vun de Kanner ueget.

Wa mir eis dann op de Wee ewech vun der traditioneller Schoulmedezin hin zu enger ëmfaassender Schoulgesondheet beginn, da gétt et fir déi Gréng eng ganz Rei Punkten, déi mer muss vu virera berücksichtegen.

Éischtens, bei de regelméisseg Erhiewungen ass et mässeg spannend ze liesen, datt 18% vun de Primärschulkanner ee Brëll oder Kontaktlinsen hunn an datt 31.000 Waasseranalyse gemaach si ginn. Méi wichteg wier et an eisen Aen ze ënnersichen a statistesch festzehalen, wéivill Kanner mat Asthma geplot sinn, wéivill Kanner ënner wat fir engen Allergien ze leiden hunn, wivill Kanner ADHS-Symptomer hunn, a wat et mat den Erscheinunge vun Dyslexie an Dyscalculie an eise Schoulen op sech huet, wivill Kanner Ritalin oder en ähnlech Medikament huelen, wivill Kanner iwwerhaapt regelméisseg Medikamenter huelen, wéi et mat Schoulangsch a Verhalensopfällegkeeten ass, wivill Kanner psychesch Problemer hunn.

» Une voix.- Très bien!

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Zweetens, d'Raimlechkeete vun de Schoule muss gesond sinn. 52 schrëftlech Avisé sinn 2007 vun der Médecine scolaire ausgestallt ginn. Déi Avisé si bestëmmt nützlich, befaasse sech awer net genuch mat dem Raumklima a mat gesonde Baumaterialien, déi jo awer eng éischt Viraussetzung fir eng gesond Schoul sinn.

Ech rappeléieren nach eng Kéier hei d'Interpellatioun vum honorabele Kollege Jean Huss vun Januar 2008 iwwert d'„indoor pollution“, wou mer och unanime hei an der Chamber eng Motioun gestëmmt hunn, vun där ech just de leschten Tiert nach eng Kéier virlesen, wou mer d'Regierung opgeruff hunn: «...de participer activement aux programmes internationaux CEHAPE (OMS), NEHAP (UE) et à prévoir l'investigation des milieux intérieurs publics destinés à accueillir les enfants...»

Wa mer wëlle vermeiden, datt ëmmer erëm Problemer optauche mat Schimmelpilz, Léisungs- oder Flammschutzmittel, mat Holzschutzmittel wéi PCP oder Dichlofluorid an eisen öffentleche Schoulen, da muss mer doraus och eng Aufgab fir d'Schoulmedezin maachen, an enker Zesummenaarbecht mat de Servicer vun der Ëmweltmedezin selbstverständlech.

En drëttes wichtege Punkt fir eis: Der Schoul si selbstverständlech Limité gesot, wa si sech ëm d'Gesondheet vun de Kanner këmmert. D'Eltere mussen abezu ginn - méi wéi bis elo. An et wier wierkelech och sënnavoll gewiescht, wann och d'Madame Ministesch vun der Famille vum Interpellant hei bei des Debatt derbäi gewënscht gi wier, engersäits wéinst der Reorganisatioun vun den Offices sociaux, anersäits fir ze ënnersträchen, datt d'Gesondheetsschoul ouni d'Elteren net ze realiséieren ass, an awer och, well mer muss kucken, wéi mer dann de Partner Maison relais an des wichtege Debatt agebonne kréien.

E véierte Punkt, dee fir eis wichteg ass: Mir brauchen Zäit fir d'Intervenanté vun der Schoulmedezin. Wann am Moment eng Assistante sociale eng ronn 2.000 Schülerdossieren ze betreiwen huet, dann ass dat Ganzt éischter eng Fließbandaarbecht; déi individuell Betreiung kënn noutgedrungen ze kuerz.

Dobäi wier et sënnavoll, de Bilan médical zum Beispill net ze verschécken, mä den Eltere bei engem perséinleche Gespréich an d'Hand ze ginn. Een onheemlechen Opwand, jo, bestëmmt, mä deen Opwand géif sech lounen. Am Rapport vun Ministère de la Santé kann ee liesen, datt nëmme manner wéi 50% vun de Bréiwer, déi un d'Elteren erausgeschéckt ginn, och zréckkommen.

Et steet och am Rapport, datt, wann een Telefongespréicher féiert, d'Zuel vun de Feedbacken eropgeet. Wa keng Zesummenaarbecht mat den Eltere kann opgebaut ginn, zum Beispill aus Mangel un Zäit, da mécht déi ganz Médecine scolaire net vill Sënn.

Fënneftens, mir brauchen och méi Zäit, fir datt d'Intervenanté kenne Preventiounsarbecht maachen. Hei gétt et eng ganz Rei interessant Projeten a ganz ville Beräicher, wéi gesond Ernährung, Drogepreventioun, Stärkung vun de soziale Kompetenzen, Sexualerzéiung an esou weider.

Wa mir et net fäerdeg bréngen, systematesch, nohalteg a flächendeckend esou Programmer an eise Schoulen ëmzesetzen, zum Beispill eppes wéi den Effektprogramm vun der Ligue, da kritt dat Ganzt den onerdägleche Goût vun enger Eventpolitik mat faarwege Broschüren a Medienoptrëter. Eng dauerhaft Förderung vun der Gesondheet vun eise Kanner erreche mer esou net.

Sechsten a leschte Punkt - net well et näischt méi ze soe géif, mä well och meng Riedezäit zu Enn geet. Mir hu méttlerweil sämtlech Tester an eise Schoulen an digitaler Form virleien, och wat d'Auswärtung betrëfft. An der Schoulmedezin schaffe mer awer och 2008 nach ëmmer mat dem Carnet médical scolaire. Mir hu bloer fir d'Jongen, rosaer fir d'Meedercher, a wa se de Carnet da verluer hunn, dann ass e fort, an dann hu mer och nach Ziedeale fir d'Statistiken, erëm eng Kéier rosa a blo, an datselwech fir de BMI.

Wa mer et dann nach gebraucht hätten, dann hu mer och hei nach een äusserlecht Zeechen dofir, datt mer dréngend eng Reform vun der Schoulmedezin brauchen.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Adam. Den nächsten a leschte Riedner ass den Här Gibéryen.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, mir hunn haut d'Geleeënheet, opgrond vun enger Interventioun vum Kollege Alexandre Krieps, iwwer ee wichtege Sujet, nämlech d'Schoulmedezin, heibanne kënnen ze diskutéieren.

D'Schoulmedezin betrëfft 32.000 Kanner an der Primärschoul, an ech mengen, déi ganz Schoulmedezin schreift sech an de Kader a vun engem gesonde Liewen. Et ass d'Gesondheet dat wichtegst Kapital, wat d'Mënschheet huet. Duerfir ass d'Preventioun, fir des Gesondheet och e Liewe laang esou vill wéi méiglech kënnen ze genéissen, enorm wichteg. D'Folgekäschen, wa mer net hei an déi Preventioun awierken, sinn enorm grouss fir déi betrafte Persoun selwer, awer och fir d'Gesellschaft insgesamt.

Vun deenen 116 Gemengen, déi mer am Land hunn, gétt an 114 Gemengen dee Service geleescht vun der Ligue médico-sociale. D'Stad Lëtzebuerg an Esch hu selwer eege Servicer.

Aus de Rapporté geet ervir, datt am Joer 2006/2007 bei all zweet Kand praktesch medezinesch Problemer festgestallt gi sinn, iwwert déi e Rapport un d'Eltere gemaach ginn ass, mat steigender Tendenz. Wuel huelen déi klassesch medezinesch Problemer of, awer d'Problemer steigen op anere Gebidder, wéi zum Beispill dem Iwwergewicht, der kierperlecher Haltung, dem Réck, de Féiss an esou weider.

93% vun de Kanner si vun der Schoulmedezin erfaasst. Hei hätt ech eng éischt Fro un de Minister, Här President: Wann 93% erfaasst sinn, firwat komme mer net un déi aner 7% vun de Kanner erun, fir datt 100% vun de Kanner géife vun der Schoulmedezin erfaasst ginn?

D'psychosozial Problemer vun de Kanner komme gréisstendeels bal ëmmer aus Famillje mat Problemen, aus Problemfamilljen. Aus dem Rapport vun der Ligue médico-sociale, déi sech op eng Etüd vun der CEPS/Statec baséiert, geet ervir, datt vun deene Problemfäll praktesch all fënneft Kand aus enger Famill kënn, déi ënner der Aarmutsgrenz muss liewen. A virun allem bei de Kanner mat Problemer ass et erschreckend feststellen, datt vun deenen Elteren, déi ugeschriwwen gi vun de Servicer, well an iergendwéi enger Form Problemer mat hire Kanner sinn, am Fong 12,6% iwwerhaapt net reagéieren oder iwwerhaapt net äntwerten, an datt bei 27% vun deenen Elteren et eng Zesummenaarbecht ass mat de Servicer vun de Sozialdängschter, déi schlecht bis ganz schlecht ass.

Duerfir kann och praktesch bei engem Drëtzel vun deene Problemfäll iwwerhaapt keng Besserung festgestallt ginn. Op där anerer Sait kann een awer soen, datt dann awer duerch d'Schoulmedezin, duerch déi Servicer, duerch d'Engagement vun deene Servicer bei zwee Drëtzel eng Verbesserung ka festgestallt ginn.

Virun allem wëll ech mech an deene puer Minutten, déi mer bleiwen, mat deem dote méi spezifesch Problem befaassen, wat jo awer beonrougend ass, wann ee gesäit, datt bei de Problemfall quasi 40% vun den Elteren net reagéieren oder, wa se reagéieren, eng schlecht oder guer keng gutt Kooperatioun mat de Sozialdéngrichter maachen. Woubäi een da muss wëssen, datt grad déi Kanner aus de Problemfamilljen dann och nach zousätzlech do duerch gestrooft ginn an déi Kanner dann och spéiderhin an der Gesellschaft enorm Schwieergekeete wäerte kréien.

D'Fro, déi ee sech also muss stellen, ass, wa mer d'Schoulmedezin als eng Preventiounspolitik ugesinn, wat jo richtig ass, ob net nach misst eng Preventiounspolitik virun d'Schoulmedezin geluecht ginn. Well mer jo wëssen, datt d'Kanner am Fong aus esou enge Famillje kommen, da misst mer eis jo a priori och oder méi dorëms bekëmmern, fir d'Problemer vun deene Famillje geléist ze kréien. Doduerch géifen eis net esou vill Problemer bei de Kanner entstoën.

Et ass also och e gesellschaftspolitesche Problem, wa mer wëssen, datt vill Familljen net méi richtig fonctionnéieren. Wa mer wëssen, datt all fënneft Kand aus enger Famillj kennt, déi ënnert der Aarmutsgrenz läit, wa mer wëssen, datt mer 12% hei am Land Familljen hunn, déi ënnert der Aarmutsgrenz leien, mat enger Tendenz, déi steigend ass, da muss mer a priori och do usetzen, fir d'Famillje besser ze encadréieren, d'Preventioun also an d'Famillj eraginn, fir ze kucken, datt déi Familljen net ënnert d'Aarmutsgrenz falen, fir ze kucken, wou d'Problemer vun de Famillje sech stellen.

Ech mengen, dat heiten ass dann och d'Resultat vun enger Politik, wat mer dann do hunn. Een Deel ass d'Politik schold, wa mer eben esou vill Familljen hunn, déi ënnert der Aarmutsgrenz sinn an déi a Problemfelder erakommen.

Mir schwätzen alleguer heibannen dacks iwwert d'Solidaritéit, iwwert d'sozial Gerechtegkeet, an awer ass iwwer Joerzénge eng Politik gemaach ginn, wou mer ëmmer méi Leit kréien, déi sech un deem ënneschten Niveau usiedelen. Dat ass eng vun de Konsequenzen, déi mer hei muss mat feststellen.

Wa mer eng Politik maachen, wou mer ëmmer méi Leit am Land kréien, déi un der ënneschter Aarmutsgrenz leien, wa mer eng Politik maachen, wou d'Famill net dee Kader féint, fir datt Fra a Mann - wann et hire Choix ass - kënnen allen zwee schaffe goen, a mer net déi richtig Kannerbetreuung als Accompagnement kréie fir elengerzéiend Elteren, da schafe mer einfach an de Famillje Problemer, déi sech herno negativ op d'Kanner auswirken.

Duerfir sinn ech der Meenung, datt, ier mer soen, datt d'Schoulmedezin Preventivmedezin ass, déi muss gemaach ginn - wat och ënnerstézt gëtt; a meng Virriedner hunn do eng ganz Palette vun Iddien opgefouert, déi een all ka mat zwou Hänn ënnerschreiwen -, mer nach eng preventiv Missioun misst virdrusetzen. Dat ass déi: an d'Familljen investéieren, fir datt mer net esou vill Problemfamillje kréien an dann dorauserech och net esou vill Kanner kréien, déi mat Problemer an d'Schoul ginn.

Duerfir, déi Missiounen, déi mer maachen, sief et d'Structures d'accueil, sief et d'Ganzdagsschoul, sief et d'Maisons relais, si genausou wichteg Instrumenter, Infrastrukturen, déi mer mussen dohinnerstellen. Dat bréngt eis herno och manner Problemer, wa mer déi Kanner scho kënnen an esou Strukturen opfänken a se esou kënnen begleeden an do kënnen hëllefen. Dann hu mer sécherlech herno och manner Problemer mat deene Kanner op deem Niveau.

Duerfir ass dat mat de Chèque-servicen, quitte datt se op enger Rei vu Punkte kënnen kritiséiert ginn, och erëm eng gutt Iddi an déi Richtung. Wou ech awer mengen, datt dat och net onbedéngt sozial gerecht ass, mä datt dat eng Iddi ass, wou mer och erëm mat der Stränz iwwert d'Land fueren an net kucken, ob et elo wierklech déi Äermst sinn, oder ob mer och Familljen, déi ganz héich Revenuen hunn, praktesch gläichstelle mat méi schwache Familljen. Och hei hätte mer dat léiwer gesinn. Mir wäerten awer kucken, datt mer méi geziilt op déi Familljen aginn.

Also, am Résumé, Här President, ass et wichteg, datt mer an d'Schoulmedezin investéieren. Ech ka mech do de Propositionioun vu menge Virriedner uschléissen. Mä eis schéngt et och wichteg ze sinn, datt mer nach eng Preventioun virdruleeën, an dat ass déi vu gesonde Familljen.

Ech soen lech Merci.

» Une voix. - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Da kritt d'Regierung d'Wuert. Wie kennt als Éischten? Den Här Gesondheitsminister, esou wéi den Här Krieps et sécher och wollt.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegin Mady Delvaux, ech kéint mer et eigentlech einfach maachen a soen, dass all déi gutt Suggestiounen, déi de Mëtteg hei komm sinn, Afloss hunn an haten op deen neie Projet de règlement grand-ducal an deen neie Projet de règlement grand-ducal quasi deckungsgläich ass mat deem, wat vu gudde Suggestiounen hei aus der Chamber komm ass. Ech huelen och dofir ganz gär d'Ugebuert un, fir an d'Educatiounskommissioun an an d'Santéskommissioun ze kommen, fir de Projet de règlement grand-ducal mat der Educatiounsministesch oder eleng ze presentéieren.

Ech wëll och soen, dass et net esou ass, dass d'Schoulmedezin oder d'Gesondheet an der Schoul keen Thema ronderëm d'Schoulreform war, well dat heiten d'Resultat ass vun enger ganzer Rei vun Diskussiounen, déi mat der Educatiounsministesch an hire Servicer gefouert gi sinn, an och d'Resultat ass vun enger neier Approche, déi et zwëschent Santé an Education nationale gëtt, fir zesumme mat deene Leit, déi um Terrain sinn, déi Problemer unzegoen, déi mer am Schoulsecteur begéien.

D'Santé an d'Éducation nationale hunn en Aarbechtsgrupp agesat, wou all déi Servicer, déi an deem Beräich intervenéieren, zesummeschaffen, fir déi Kanner mat spezifesch Besoinë besser ze encadréieren. Dat ass näischt, wat ee muer prett huet. Et ass och näischt, wat ee fir näischt kritt. Dat ass eppes, wat ee seriö muss preparéieren a wou een iwwer eng Rei vu Jore muss och budgetär Mëttele kréien, fir et kënnen ëmzesetzen.

Hei gëtt vernetzt geschafft. Et gëtt vernetzt zesummeschaffen. An ech mengen, datt dat déi richtig Approche ass. Grad wéi mer eng preventiv Approche an deem Konzept „Gesond iessen, méi bewegen“ net nëmme zwëschent Education nationale a Santé, mä och Famille, Sport a muer Agriculture, wat eng naturno Ernährung ugeet, wäerte mat an d'Boot erakriegen.

Ech wëll e ganz häerzleche Merci soen, éischters fir déi gutt Zesummenaarbecht, och déi objektiv Aart a Weis wéi déi Diskussioun de Mëtteg gefouert ginn ass. Et sinn eng ganz Rei vu gudden Iwwerleeungen, déi hei zum Zuch komm sinn.

Ech wëll virun allem och deene Leit um Terrain Merci soen, well an där Diskussioun iwwert d'Schoulmedezin oder d'Gesondheet an der Schoul heiansdo d'Impressioun kéint opkommen, dass déi Leit hir Aarbecht net anstänneg maachen. Déi maachen hir Aarbecht anstänneg, leider oft niewenteneen amplaz en phases, leider allze vill oft ouni Zilvirgaben, leider allze oft ouni déi noutwendeg Definitiounen vun de Missiounen a leider allze oft och ouni deen noutwendeg Suivi. Et ass dat, wat den Inhalt ass vun där Reform, iwwert déi mer am Moment amgang sinn ze diskutéieren.

Ech wëll awer virun allem och deene Leit Merci soen, déi eis et erlaabt hunn, a schwéieren, laangwierigen Diskussiounen en État des lieux ze maachen, Propositioniounen auszeschaffen, och riets a lénks kucken ze goen, wat et vu gudde Konzepter gëtt, an dat an den Text vun deem neie Règlement grand-ducal anzekleeden.

Elo kann ee sech och d'Fro stellen: Firwat geet een op de Wee vun engem neie Règlement grand-ducal? Firwat mécht een net direkt en neit Gesetz iwwert d'Gesondheet an der Schoul?

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat Gesetz iwwert d'Schoulmedezin vun 1987 ass relativ vag gehalten. Dat, wat net méi richtig klappt, datt sinn déi Iwwerleeungen, déi an deene leschte 15, 20 Joer gefouert gi sinn iwwert d'Gesondheet schlechthin, iwwert d'Approche zur Gesondheet schlechthin, déi net méi eng reng kurativ ass, mä eng vu Gesondheitsförderung an -erhaltung, Preventioun an dann eréischt kurativ.

Mä dat Gesetz erlaabt et awer, iwwer remoderniséiert ugepassten Ausféierungsbestimmungen de Gros um Terrain ze bewegen. Wat net ausschléisst, dass mer och d'Gesetz op de Métier wäerten huelen. Mä dat kennt an enger zweeter Phas. An dat heiten, wat mer elo amgang sinn ze finaliséieren, dat erlaabt eis relativ vill um Terrain ze maachen.

De Règlement grand-ducal ass an Ofstëmmung zwëschent deenen zwee Ministère geschitt. En ass duerch de Conseil de Gouvernement. E läit am Moment beim Conseil d'État. An der Zwëschenzäit hu mer Consultatioun mam Terrain an, wéi gesot, och déi Diskussioun mat de Kommissiounen si wëllkomm.

Deen neie Règlement huet Ziler bei der Gesondheet an der Schoul. An d'Nuance läit bei der Gesondheet an der Schoul, also net reng dat Medezinescht, mä eng aner Approche, e Paradigmewissel och an deem dote Beräich, wou mer op d'Gesondheitsförderung an -erhaltung wäerte setzen, ouni awer ze vergiessen, dass mer preventiv, fréierkennend kënnen wierken.

Déi verschidden Intervenentë muss sech zesummen op enger Plattform erëmfinden. D'Kooperatioun muss verstärkt ginn. D'Gesondheet an der Schoul muss méi cibléiert ginn op där enger Säit, a méi breet gestreet op där anerer Säit. Méi breet gestreet, wat d'Grondmessaging ugeet vu Gesondheits-erhaltung a -förderung, a méi cibléiert, wat d'Hëllefstellung fir déi Kanner mat reelle Problemer ugeet.

Well mir hunn net vill dovun, wa mer an engem héije Rhythmus d'Kanner dauernd esou vill wéi méiglech derduerchsleien, jiddferengem, och deenen, déi et iwwerhaupt net néideg hunn, déi Ennersichunge bidden, an déi, déi et am noutwendegsten hätten, mat deemselwechte Programm awer am Ree stoe loossen. Dat ass d'Zil vun deem, wat mer an Zukunft wëllen. Mir wëllen éischter handelen nom Motto - am Beräich vun den Ennersichungen, mengen ech, trifft dat zou -: Weniger ist mehr. Manner Reienënnersichungen, méi Bilans de santé, méi Zäit sech huelen, fir sech mat de reelle Problemer um Terrain auserneezen.

Ech hu virdu gesot, dass laang Diskussiounen deem heite Projet de règlement virausgaange sinn. Heiansdo ass d'Ongedold net nëmme beim Terrain komm, mä och bei mir selwer. Ech soen dat esou, wéi ech dat denken. Mä dat, wat mer awer zesumme fäerdeg bruecht hunn a wat mer herno wäerte veröffentlechen, ass eng ganz seriö Verbesserung vis-à-vis vun deem, wat mer bis elo u Moyaenen haten um Terrain.

Et ass richtig gesot ginn, dass mer, wat déi ganz kleng Kandheet ugeet, e fantastesche Surveillancesystem hunn, deen awer nëmme fantastesch ass, well en u Primé gebonnen an duerfir och flächendeckend ass, a wou mer eis ëmmer zu Recht an och mat Erfolleg dergéint gewiert hunn, dass eng Kéier deen Incitant vun de Primé géif fale gelooss ginn. Well, wann déi Primé géife fale gelooss ginn an net méi dorunner gebonne wäeren, da géif dee ganze Programm zwar net fir se all, mä awer fir déi, déi et wahrscheinlech am noutwendegsten hätten, zesummebruechen.

No deenen zwee éischte Joren, dat heescht no den Examens postnataux, kënnt eng Period, déi zwar ofgedeckt ass, mä awer net ofgeséichert ass mat Primen. Et kann een och net alles mat Primen ofdecken, mä duerch déi Primen an deenen éischte Joren ass awer - mengen ech - déi Kultur geschafte gi bei deene meeschten Elteren, fir regelméisseg mat de Kanner bei den Dokter ze goen. An da komme mer bei d'Schoulmedezin, d'Santé scolaire, am Duerchschneit ab deem véierte Joer vun de Kanner.

Et ass net gutt, wann een e Projet de règlement am Detail wëll presentéieren, deen net jiddferen an der Hand huet. Dee Règlement grand-ducal ass och e Ganzt. Ech wëll soen, dass eenzel Leit mat Stécker vun deem Règlement dorëmmer gelaf sinn, an anerer mat den Artikelen, ouni den Exposé des motifs an ouni de Commentaire des articles. Et ass eppes Ganzes, well een an der Virstellung vun deem Règlement gesäit, em wat et eigentlech wäert goen um Terrain.

Et ass eng Approche multidisciplinaire. Et ass eng ganzheetlech Approche vis-à-vis vun der Gesondheet, déi sech un den Objektiv vun der OMS ulehnt. Et ass e Règlement, deen also déi Ziler vun der OMS „Santé pour tous“ am 21. Jorhonnert iwwerhëlt. Et ass e Konzept, dee sech op dat baséiert, wat mer an deene leschte Joren zesummen a méi enger proaktiver Gesondheitspolitik entaméiert hunn, an et ass e Konzept, deen op méi Effikassitéit an op méi Pertinence vun den Ennersichunge wäert setzen.

Ech hat d'Chance, dass ech d'Schoulmedezin e bësse vun deenen zwou Säite kenne geléiert hunn: als Responsabelen an enger Gemeng an elo als Responsabelen, Matresponsabelen am Gesondheitsministère.

Et ass wichteg, dass do eng Rei vu Brécke gebaut ginn, well um lokale Plang een net

ëmmer zefridden ass mat deem, wat een um nationale Plang un Ergänzung fonnt huet zu deenen Efforten, déi ee gemaach huet, a vice versa um nationale Plang bei den nationalen Autoritéiten een och heiansdo bedauert huet, dass een net déi Hëllef kritt huet um Terrain bei de Gemengen an net dat Versteesdemech onbedéngt ëmmer kritt huet fir déi noutwendeg Infrastrukturen a fir déi noutwendeg Zesummenaarbecht an deem heite Beräich. Och dat soll sech änneren.

D'Gemenge gi privilegierte Partner. Selbstverständlech bleift d'Ligue e privilegierte Partner. D'Léierpersonal, d'Dokteren an d'Equipen um Terrain mussen zesummeschaffen. D'schoulmedezinesch Equipé gi ganz kloer de Referent Santé an de Schoulen a kënnen zesumme mam Léierpersonal a mat deenen aneren Acteuren Initiative fir d'Gesondheet, fir d'Promotioun vun der Gesondheet entwéckelen.

Déi Distinction zwëschent de Reienënnersichungen an deene Bilans de santé gëtt opgehewen, well dat eng künstlech Trennung ass. Et soll een d'Kand a sengem Ensemblé considéieren an net an Tranché vu physescher Gesondheet a méi ganzheetlecher Gesondheet gesinn. Dat geet net op. Et soll een d'Kanner also als Ganzt gesinn.

D'Zuel vun deene Reienënnersichungen, wéi mer se bis elo haten, geet zréck, an duerfir ginn déi cibléiert Moosnamen accentuéiert. De Contenu vun de Bilanen, d'Ziler, d'Aart a Weis wéi déi Enquête solle gemaach ginn, wéi déi Ennersichunge solle gemaach ginn, gi prezisiéiert, an dat a Concertatioun mat deenen eenzelnen Acteuren.

Duerfir ass et och wichteg, an ech mengen net schwéierfällg - dat hu mer an deene leschten dräi Joer gesinn -, dass mer dem Terrain eng Stëmm ginn hunn um Niveau vun deene Consultatiounen. Dee Comité de consultation, dee Comité de pilotage, de Steiergrupp, oder wéi een en ëmmer nennt, ass extrem wichteg, well een déi Ausenansetzung zwëschent deene Leit, déi Gesetzer a Reglementer schreiwen an och eventuell Evaluatiounen maachen, an dem Terrain muss verstärken. Duerfir, dee Comité de pilotage wäert eng wichteg Roll hunn.

E wichteg Faktor wäert och sinn, dass mer den Acteuren um Terrain méi Zäit ginn. Dat gëllt fir d'Equipen insgesamt, dat gëllt awer och fir den Acteur Dokter, wou ee sech laang kann driwwer streiden, ob ee Vollzäitdokteren hält oder ob een iwwer Vacatiounen fiert, awer net à l'acte. Zäit soll een zur Verfügung stellen, Zäit, wou d'Dokteren zur Verfügung stinn, eng anstänneg Rémunéeratioun, awer och e Laaschtenheft vis-à-vis vun deem Acteur Dokter, wat an deenen Ennersichungen ze geschéien huet.

Jo, et kann ee soen, och erëm eng nei Fuerderung. Ech mengen, wann een déi dote Missioun iwwerhëlt, dann iwwerhëlt ee se aus enger Iwwerleeung, dass een eng Plus-value an der gesondheetlecher Betreuung vun de Kanner mécht, an da muss een och kënnen iwwert d'Konditiounen diskutéieren, wéi een dat mécht. Mir wäerten iwwert déi Modalitéiten diskutéieren. Dat wäert och den Inhalt vun engem Règlement ministériel ginn, dee mer nach auszeschaffen hunn.

Wichtig wäert sinn, dass mer de Suivi vun deene Statistiken, deenen Donnéeën, déi mer fannen, awer och deene Problemer, déi mer um Terrain fannen, wäerte maachen.

Wichtig wäert och sinn, dass mer eis net beschränken op d'Zesummenaarbecht mat den Acteuren an der Schoul, ronderëm d'Schoul, mä och eis méi staark engagéieren an der Zesummenaarbecht mat de soziale Servicer, déi mer um nationalen, regionalen, awer och um lokale Plang hunn, well nëmme da kënnen mer en anständige Suivi maachen.

Wichtig ass et och, dass mer deenen Acteuren, déi an der Schoulmedezin intervenéieren, Formatioun a Formation continue wäerte garantéieren.

Ech mengen, ech hätt an där Zäit, déi ech kritt hunn - well d'Mady Delvaux op eng Interventioun verzicht huet -, probéiert, de Survol ze maache vun der Gesamtproblematik.

Als Konklusioun soen ech, dass de Mëtteg wéineg gesot ginn ass, wat net deem entsprécht, wat den Terrain wëllt, an och net deem entsprécht, wat mer mat deem Règlement grand-ducal wäerte maachen.

Et ass héich Zäit, fir déi doten Ännerungen ze maachen, mä - an do stëmmen ech de Kolleegen, déi de Mëtteg hei intervenéiert sinn, alleguer zou -, wa mer dat Règlement hunn, wa mer déi Neiorientierungen hunn, wa mer déi Kultur vun Zesummenaarbecht wëlle schafen, wa mer méi cibléiert wëllen un d'Problemer vun de Kanner erugeen, da brauche mer och d'Moyenen, fir dat doten ze maachen, an dat muss mer eis dann assuréieren an engem Mehrjoresplang zesumme mat den Acteuren, déi um Terrain sinn, well wa mer déi Moyenen net schafen, da kréien déi Acteuren och iergendwann eng Kéier d'Fleem. Déi hu se awer am Moment net, an ech wëll hinnen en häerzleche Merci soe fir deen Engagement.

Merci.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer un Enn vun der Interpellatioun vum honorabelen Här Krieps ukomm. Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Integratioun. Et sinn ageschriwwen: den Här Bettel, den Här Angel, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo d'Rapportrice, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank.

7. 5825 - Projet de loi concernant l'accueil et l'intégration des étrangers au Grand-Duché de Luxembourg

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

►►► **Mme Marie-Josée Frank (CSV), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dee virleiende Gesetzesprojet, deen den 31. Dezember 2007 vun der Familljeministesch an der Chamber deponéiert gouf, huet als Objet, d'Integratiounsgesetz vum 27. Juli 1993 ze ersetzen a schafft zousätzlech eng legal Basis fir den Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration, deen den aktuelle Commissariat du Gouvernement aux étrangers ersetze soll.

Integratioun heescht Participatioun. Wien Integratioun fuerdert, muss e Matenee förderen. Et gétt zum Begrëff Integratioun eng ganz Rei vun Definitiounen, ënner aneren déi vun Assimilatioun, wat dat selwecht heescht wéi sozialen Zesummenhalt. Op EU-Niveau ass de Begrëff Integratioun awer ëmmer am Zesummenhang mat Immigratioun gebraucht ginn. An enger ganzer Rei vun EU-Memberstate gétt et haut Immigratiounsministären an Integratiounsministären oder béid an engem Ministère.

Op wat et schlussendlech ukënnt, dat ass, wat mer dorënner verstinn, dat, wat mer bereet sinn doraus ze maachen. Duerfir ass et wichteg, an deem neien Text eng Definitioun vun der Integratioun ze ginn. D'Gesetz vun 1993 huet nämlech keng Definitioun.

Dorënner versti mir e Prozess, deen an zwou Richtunge geet: engersäits vum Ausländer, dat hie gewëllt ass, op Dauer aktiv um Liewen an der Gesellschaft deelzehuelen; an anerersäits vun der Gesellschaft, déi op soziale, ekonomeschem, politeschem a kulturellem Plang alles wëllt méiglech maachen, fir dat déi auslännesch Matbierger sech kënnen gutt bei eis integréieren.

Et geet also ëm d'soziaalt Zesummeliewen. Et geet drëm, Parallellgesellschaften ze évitieren an déi, déi bestinn, ofzebauen. Et geet ëm Kommunikatioun an Dialog.

Dee virleiende Gesetzestext also, deen eng Reform iwwert den Accueil an d'Integratioun vun den Ausländer ass, ass op

Hibléck op d'Evolutioun vun der Immigratioun an deene leschte Joren an op déi demographesch Perspektive vun eisem Land noutwendeg.

Den 1. Januar 2008 louch den Undeel vun den auslännesche Matbierger an der Lëtzebuurger Bevëlkerung mat hiren 205.900 Bierger bei 42,6%. Dat ass europa- a weltwäit ee vun deenen héchste Prozentsätz. Der Projektion vum Statoc no, sollen d'Lëtzebuurger an de Joren 2020 bis 2030 an der Minoritéit sinn. Dat ass iwwerregens schonn de Fall an der Stad Lëtzebuerg, mat 60% auslänneschen Awunner.

D'Ausländer maachen awer och de Gros op eisem Aarbechtsmaart aus. 143.000 Grenzgänger kommen all Dag op Lëtzebuerg schaffen. Mir hate bis haut Chance: Mir konnten eis Aarbechtskraaft aus aneren europäesche Länner - Italien a Portugal -, mä virun allem och aus villen ost-europäesche Länner an aus der Groussregioun importéieren. Mä des Quelle sinn iergendwann erschöpft. Dës Länner hu mat deeneselwechte réckgängege Gebuertsraten ze kämpfe wéi mir. Déi demographesch Perspektiven an dese Länner si gradesou schlecht, wann net souguer méi schlecht wéi eis.

Wa mir also eise Wuesstem an Zukunft op engem héijen Niveau wëllen halen an domadder de soziale Fridden an déi sozial Kohesioun weider garantéieren wëllen, da muss mir mëttel- oder langfristeg ausserhalb vun der EU Aarbechtskräfte siche goen. D'Integratioun vun deser neier Generatioun vun Immigrante wäert sech sécher aneschtens gestalten, wéi déi vun den Immigrante vu gëschter a vun haut, well déi kulturell, reliéis an ethneshch Ënnerscheeder téschent de Lëtzebuurger an den Net-Lëtzebuurger méi grous wäerte ginn.

D'Integratioun wäert méi komplex ginn, wéi dat bis haut de Fall war. Et ass dowéinst wichteg, eng modern Integratiounspolitik ze schafen, déi et NetLëtzebuurger erlaabt, an eiser Lëtzebuurger Gesellschaft Fouss ze faassen. Nëmme esou kann een eng langfristeg Marginalisatioun vun den Ausländer, d'Schafe vun enger Parallellgesellschaft vermeiden, esou wéi dat a ville Länner mat enger héijer Immigratioun de Fall ass.

Eng modern Immigratiounspolitik ass de Schlëssel zum Erfolleg an eisem Land. Wien dauerhaft an engem Land liewe wëllt, därf seng Originen net brauchen opzeginn. Duerfir muss d'Integratioun aktiv a systematesch thematiséiert ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Text, dee mir haut zur Ofstëmmung hei virleien hunn, gesäit vir, Lëtzebuerg déi Mëttelen ze ginn, déi eng besser Integratioun favoriséiere sollen. Dobäi muss een ervirhiewen, dat de virleiende Gesetzesprojet näischt aneschtens mécht, wéi d'Efforten, déi bis haut an deem Beräich an der Integratioun gemaach gi sinn, weiderzeféieren, mä just ënner verbesserte Konditiounen, a sech deenen heitege Bedürfnisser unzepassen. Et war an et bleift wichteg, dat d'Integratioun ee Prozess ass, deen op béidsäitegem Vertrauen a Responsabilitéit baséiert.

De Gesetzestext verwierklecht d'Ried zur Lag vun der Nation vun 2005, déi d'Achse vun der Immigratiouns- an Integratiounspolitik virgezechent huet a kloer op d'Noutwendegkeet vun engem neien a méi vultaristeschen Integratiounsgesetz higewisen huet. Et kann een an deem Kontext d'Immigratiounsgesetz vum 29. August vun deem Joer zitieren, an awer och d'Nationalitéitsgesetz vum 23. Oktober, dat jo de Prinzip vun der duebeler Nationalitéit an eiser Gesetzgebung aféiert.

Et ass evident, dat Lëtzebuerg net dat eenzegt Land ass, wou ee sech Gedanke mécht, wéi een déi auslännesch Matbierger besser integréiere kann. Et ass eng Problematik, mat där sech vill Industrielänner, mä virun allem vill europäesch Länner auserneesetze mussen.

Déi rezent Visite op Gand, déi d'ASTI organiséiert hat, huet ganz interessant Pisten opgewisen. En Integratiounsbüro, deen op eng exemplaresch Manéier funktionéiert an deen deenen auslännesche Matbierger an administrativen a juristesche Froen zur Sait steet.

D'Integratiounsfroe gehéieren, am Géigendeel zu den Immigratiounsfroen, net zum Kompetenzberäich vun der EU. Während dem europäesche Conseil vun Tampere vun 1999 ass d'Iddi zréckbehale ginn, eng gemeinschaftlech Politik um Niveau vun der Integratioun ze schafen. Zënterdeem sinn um europäeschen Niveau eng Rei vun Initiativ geholl ginn, Programmer gestëmmt ginn, Rapporté virgestallt ginn, wat d'Integratiounsfroe betrëfft.

Et ass also dem Impuls vun der EU ze verdanken, dat déi verschidden national Integratiounspolitik en méi ofgestëmmt ginn an dat déi europäesch Länner sech eng besser Antidiskriminatiounspolitik ugeleucht hunn. D'Ëmsetzung vun zwou Direktiven an de Joren 2000 sinn do e gutt Beispill.

D'Integratioun ka sech net nëmme op Moosname reduzéieren, déi de materiellen Accueil vun den Ausländer verbessern. Integratioun heescht net nëmme, engem Lëtzebuergeschcoursen unzebidden, fir dat si eis Sprooch verstinn. Neen, dat geet net duer! Et mussen déi néideg Mëttelen zur Verfügung gestallt ginn, fir besser ze integréieren.

Dee virleiende Gesetzesprojet berout op verschiddene wesentleche Punkten. En definéiert fir d'éischte Kéier d'Konzept vun der Integratioun. Et war den Auteurs vum Gesetzesprojet wichteg, dëst Konzept an engem legale Kader ze definéieren an de bilaterale Charakter vun der Integratioun, wou jiddfer ee muss Efforté maachen, fir besser mateneen an net niewenteneen ze liewen.

De Gesetzesprojet definéiert d'Integratioun als: «un processus à double sens par lequel un étranger manifeste sa volonté de participer de manière durable à la vie de la société d'accueil qui, sur le plan social, économique, politique et culturel prend à son égard toutes les dispositions afin d'encourager et de faciliter cette démarche».

An den Ae vun den Auteurs vum Gesetzesprojet dierft d'Integratioun sech awer net eleng op den Accueil a gegebenenfalls déi sozial Ënnerstëtzung vun der Immigratioun reduzéieren. Eng erfollegräich Integratioun setzt de Kampf géint all Zort vun Diskriminatioun viraus. Och wann den Accueil weider d'Zil vun der Immigratiouns- an Integratiounspolitik wäert sinn, esou bleift et, dat de Kampf géint d'Diskriminatioun e wesentleche Bestanddeel vun deser Politik soll sinn. Wa mer d'Integratioun wëlle förderen, da muss mer awer och géint d'Diskriminatioun virgoen.

Am Gesetz vun 1993 ass des Missioun nëmme ganz iwwerflächlech behandelt ginn. D'Ausländerkommissariat huet awer intensiv op deser Missioun geschafft, an duerfir wëll ech all deenen en décke Merci ausschwätzen. Et ass kloer, dat des Missioun och am neien Text muss zréckbehale ginn. De Statsrot war awer anerer Meenung an huet gemengt, dat zoustänneg Gremium misst un den nei geschafene Centre pour l'égalité de traitement uegclidert ginn.

De Statsrot huet gläichzäiteg rappeliert, dat de Kampf géint d'Diskriminatioun e wesentleche Element vun enger Integratiounspolitik ass. Duerfir war d'Chamberskommissioun och d'accord mam Amendement, deen déi spezifesch Artikelen zum Thema Diskriminatioun am Text gestrach huet, awer de Kampf géint d'Diskriminatioun, och eng vun de Missiounen vum OLAI, am Text festgehalten huet.

Vläicht bleift nach ze präziséieren, dat d'Gläichstellung, also d'Égalité de traitement - et gétt net nëmme eng Égalité des chances -, eng ganz Rei vun Diskriminatiounsmotiver viséiert: déi ethneshch Hierkunft, d'Relioun, mä awer och den Alter, den Handicap an d'sexuell Orientéierung. En Ausländer kann opgrond vun e puer Motiver diskriminéiert ginn, zum Beispill ethneshch Hierkunft a Relioun oder/an Handicap. An deem Fall schwätze mer vu multipler Diskriminatioun. D'Europäesch Kommissioun huet sech an enger rezenter Etüd domadder befasst.

Den OLAI huet ënner aneren als Missioun, d'Integratiounsprozesser ze vereinfachen, andeems hien d'Integratiounspolitik koordinéiert a fir d'Ëmsetzung vun deser Politik verantwortlech ass. Den OLAI gétt och mat der Gestiou vun de provisoereschen Opfangstrukture fir d'Ausländer beoptraagt. Hie bedeelegt sech, zesumme mat aneren Organer, un der Schafung vun esou Opfangstrukturen.

Wichteg Theme vun enger Integratiounspolitik sinn och d'Schoul, d'Aarbecht, d'sozialpolitesch Participatioun, mä awer och d'Wunnen, an et ass virun allem wichteg, dass d'Gemengenautoritéite gefuerdert sinn, soziale Wunraum ze schafen. Jiddfer ee weess, dat et net genuch Wunraum fir déi sozial Schwaach gétt. Dofir e waarmen Appel un d'Gemengenautoritéiten. Opgepasst muss jiddfalls awer och ginn, dat mer keng Ghettsituatiounen schafen. Déi sozial Mixitéit muss bestoe bleiwen.

Integratioun a Bekämpfung vun Diskriminatioun sinn awer net nëmme d'Missioun vun enger Administratioun. Quasi jiddfer

Ministère ass concernéiert. Esou wéi e Gesetzestext op seng Effeten op Männer a Fraen analyséiert muss ginn, esou misste mer och an Zukunft vläicht eis déi Fro stellen, ob een dat net och misst bei der Integratioun maachen. Den OLAI an de Ministère, ënnert deem senger Tutelle desen Office steet, kënnen nëmme d'Roll vum Coordinateur hunn.

Fir eng transversal Integratiounspolitik kënnen duerchzeféieren, ass en interministerielle Comité am Gesetzestext virgesinn. Dee Comité kann awer nëmme funktionéieren, wann déi Leit, déi vun hirem Ministère dohi genannt ginn, och déi néideg Moyené kréien, fir aktiv matzeschaffen an an hirem Kompetenzberäich och Iddien a Virschléi kënnen erabrëngen, déi vun deene jeweilege Ministären ofgeseent sinn. Et kann also net sinn, dat d'Beamten eleng déi Aufgab musse maachen. D'Integratioun muss Chefsaach ginn, och um lokale Plang.

Den Text gesäit d'Integratioun als eng Aufgab, déi de Stat, d'Gemengen an d'Zivilgesellschaft zesumme mussen an d'Hand huelen. Et muss vernetzt geschafft ginn. Um Gemengeplang geet et net duer, eng berodend Ausländerkommissioun virzugesinn, well vill vun deene Kommissiounen funktionéieren, wa mer éierlech sinn, nëmme um Pabeier, an d'Ausried ass dann, et huet kee sech gemellt. Aner Kommissiounen kréien net genuch Moyenen, fir kënnen ze funktionéieren. Et ass um Gemengenniveau, wou d'Integratioun sech ofspillt. Duerfir ass et virun allem wichteg, dat déi Gemengeresponsabel dat seriö upaken, well soss nézt och eng Reorganisatioun vun där heiteger Ausländerkommissioun an hir Ëmbenennung an Integratiounskommissioun näischt.

Mir brauchen eng Volonté politique um nationalen an um kommunale Plang. Ech kéint mer och virstellen, dat Leit zesummen, zum Beispill mat de Leaderregiounen, kéinten iwwer regional sozial Integratiounsbüroen nodenken, wou déi nei Bierger méi effikass berode kënnen ginn.

Den OLAI gétt och mat der Gestiou vun de provisoereschen Opfangstrukture fir d'Ausländer beoptraagt. Hie bedeelegt sech, zesumme mat aneren Organer, un der Schafung vun esou Opfangstrukturen. Doriwier eraus huet den OLAI och als Aufgab, d'Sozialhëllef fir d'Ausländer ze organiséieren, déi net vun de bestoenden Allocatiounen kënnen profitéieren, wéi och fir d'Asylanten, esou wéi se am Kader vun dem Gesetz vum 5. Mee 2006 definéiert sinn. Grouss Ënnerscheeder téschent dem Commissariat du Gouvernement aux étrangers an dem OLAI gétt et um Niveau vum Personal. Dës Restrukturatioun soll dem OLAI d'Méiglechkeet ginn, fir méi effizient ze schaffen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng Innovatioun läit an der Schafung vum Contrat d'accueil et d'intégration, dee jiddferengem, deen hei zu Lëtzebuerg legal wunnt an dee wëlles huet, länger Zäit bei eis ze bleiwen, proposéiert gétt. Dese Kontrakt spigelt de bilaterale Charakter vun der Integratioun erëm. En dréckt de Wëlle vun all den Interessenten aus, géigesäiteg un der Integratioun ze schaffen.

An deem Kontext stinn déi eenzel Engagementer souwuel vun Stat wéi och vum Immigrant selwer. De Stat verpflichtet sech, Sproochen- a Civiquescoursen unzebidden. Den Immigrant verpflichtet sech fir säin Deel, säi Liewensënnerhalt selwer ze sécheren an um Gesellschaftsliewen deelzehuelen. Dese Punkt war net onëmstridden, wann een d'Avisé vun de Berufschamberen a virun allem vum Statsrot liest. A sengem Avis vum 20. Mee 2008 huet de Statsrot déi kontraktuell Approche vun der Regierung approvüiert, mä ënnert der Bedéngung, dat de Kontrakt, dee virgesinn ass, och e Kontrakt ass a bleift. D'Integratioun ass ee Prozess a kee Resultat.

De Statsrot ass och der Meenung, dat aner Elementer, wéi Aarbecht a Kanner hunn, déi hei am Land an d'Schoul gi respektiv sozial engagéiert sinn, och als Integratiounselementer eng Roll spille sollten. Fir de Statsrot läit de Risiko doranner, dat d'Recht op Integratioun duerch eng Obligatioun sech ze integréieren ersat gétt, wat net wünschenswäert ass. Déiselwecht Meenung deelen och verschidde Berufschamberen. Et ass ze präziséieren, dat dese Kontrakt, deen op maximal zwee Joer festgeluecht gétt, reng fakultativ ass. All neien Immigrant kritt esou e Kontrakt proposéiert, ouni dat deejéinegen, deen de Kontrakt oflehnt, duerfir sanktionéiert gétt.

De Comité interministériel a l'intégration muss enk mam OLAI zesummeschaffen, an zesumme wäerte si en nationalen Aktiounsplang fir d'Integratioun schafen. All fénnef

Joer wäert d'Regierung der Chamber en nationale Rapport zum Thema Integratioun virleeën. Dëse Rapport soll eng global Vue vun der Situatioun vun den Ausländer a vun de Moosnamen, déi getraff gi sinn, erméiglechen. Dëse Rapport ass wichtig, well en d'Objektiver vun der Integratioun festsetzt, an en ass d'Basis fir en nationalen Aktionsplang.

Här President, ech hunn heimadder déi wichtegst Punkte vum Gesetzesprojet résuméiert. Fir weider Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Nach kuerz wëll ech zitieren, datt de Statsrot, a sengem Avis vum 20. Mee, eng nei Strukturéierung vum Gesetzesprojet virgeschloen huet. Deen initialen Text wier, esou d'Meenung vum Statsrot, net kloer genuch. Hien huet virgeschloen, all Dispositionen aus dem Text erauszehuelen, déi keen normative Charakter hunn, notament all Definitioun, ausser déi vun der Integratioun, déi awer nom Statsrot an den Artikelen iwwert de Champ d'application integréiert misst ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de virleiende Gesetzestext stellt zesumme mam Gesetz iwwert d'Nationalitéit wéi och d'Immigrationsgesetz de Kader vun enger moderner Integrationspolitik duer. D'sozial Kohesioon an de soziale Fridde stinn um Spill, wa mer et net fäerdeg bréngen, e gesond Mateneen ze schafen, well d'Integratioun ass ee Prozess a kee Resultat. D'Integratioun muss erschafft ginn, fir Spannungen a Konflikter ofzebauen. Mir sinn allegeruerten an der Verantwortung, datt mer d'politesch an d'biergerschaftlech Participatioun zesummen deelen. Ech hoffen, datt d'Integrationsgesetz all deenen, déi dervu Gebrauch kënne maachen, Satisfaktioun ka ginn.

Ofschléissend ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen all deene Merci, déi um Projet gehollef hu schafen.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Madame Rapportrice. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Bettel.

Discussion générale

►►► **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech der Madame Frank Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Dësen Text hate mer laang an der Kommissioun diskutéiert. Mir hunn en och amendéiert. Mir hu vill Erklärungen kritt vun de Servicer. Duerfir wëll ech och der Regierung Merci soen.

Mir si schockéiert gewiescht, wéi a Frankräich de Jean-Marie Le Pen am zweeten Tour vun de Presidentschaftswahl war. Mir sinn ëmmer ganz iwwerrascht, wann een d'Score vum Vlaams Belang an der Belsch matkritt. Et ass een ëmmer ganz iwwerrascht, wann ee verschide Scoren, wéi elo viru kuerzem an Eisträich, matkritt. Wann een d'Zuelen hei kuckt, déi mer zu Lëtzebuerg hunn: Mat iwwer 42,6% vu Lëtzebuurger dierfe mer frou sinn, dass mer kee Front national hei an dëser Chamber setzen hunn.

Mir hu verschide republikanesch Parteien - Republikaner oder Nationalbewegungen, wéi se geheescht hunn -, déi sech opgesat haten. Gott sei Dank hu se awer och kee Verrieder hei an deem Haus krut. Mir hu verschide Parteien, déi heiandsdo e bësse flirtéiere mat där Mouance extrémiste. Dat si verschide kleng Parteien. Et si méi grouss Parteien, déi op verschide Sujeten drängen, fir déi national Oder bei verschidene Leit nees opzempelen; ob dat iwwert d'Sprooch, iwwert de Fändel oder iwwer aner Saache geet.

(Interruption)

Här President, den Här Fayot wollt vläicht eng Fro stellen?

►►► **M. le Président.** - Neen, ech hunn dat net gemierkt. Fuert Dir roueg weider, Här Bettel.

►►► **Une voix.** - Loosst hie weider poteren.

►►► **M. Xavier Bettel (DP).** - Merci, Här President. Ech wollt et just soen dowéinst, well et ass ëmmer geféierlech, wann een esou op d'national Oder dréckt, wat d'Répercussiounen dovunner kënne sinn. Well wa mer och frou sinn, dass mer keng Verrieder vun extremistesche Gruppen hei setzen hunn, gétt et awer Rassismus zu Lëtzebuerg. Bei ville Leit, wa se och soen: Ech si kee Rassist, gétt et awer e rassistescht Gefill.

Mir sollen awer och net vergiessen, vu wou mer kommen. Mir sollen net vergiessen, wat mer sinn. Wa Lëtzebuerg haut esou e prospéret Land ass, dann ass et och, well

mer esou en „melting pot“ vu Kulturen, vu Reliounen a vu Wësse sinn.

Firwat ech dat gesot hunn? Einfach well déi Zuelen hei, déi mer am Rapport presentéiert kritt hu vun der Madame Frank, an och d'Kreatioun vun deem OLAI, oder... Ech weess net, ob et OLAI oder O-L-A-I ass. Ech weess net, wéi elo de richtegen Numm ass.

(Interruption)

Olala! Den OLAI op jidde Fall, deen elo kreéiert ass, justement fir d'Verbesserung vun der Integratioun vun eisen net lëtzebuergesche Matbierger.

Et kann een op verschidden Termen agoen. Mir hate virun de Commissariat aux étrangers hei zu Lëtzebuerg. Do gétt gesot, Commissariat wier net dat gutt Wuert, well dat éischter repressiv wär. Dann ass et d'Chambre des fonctionnaires, déi och richtig seet: Den OLAI ass net wäit vum Olaf, dee jo awer au contraire en Organ ass, fir nozekucken. Deen ass d'Police vun der Police vun der EU. Et ass och dann en OLAF an net en OLAI. Dat heescht, dat mam Commissariat oder mam Office ass och diskutabel.

Här President, d'Fraktioun vun den Demokraten hei an der Chamber hat schon oft drop insistéiert, dass d'Fro vun der Immigratioun hei mat dëser Regierung e bësse saucissonnéiert ginn ass. Mir hunn op där enger Säit den Här Frieden, deen e Projet mécht iwwert d'duebel Nationalitéit. Mir hunn de Minister Schmit, deen e Projet mécht iwwert d'Immigratioun, a mir hunn d'Madame Jacobs, déi haut e Projet huet iwwert d'Integratioun.

Et wier opportun, wann déi nächst Regierung géif e Ministère de l'Immigration maachen, dee sech och ëm d'Autorisation-de-travail, ëm d'Immigratioun këmmert an och ëm d'Integratioun. Dass mer net esou e Saucissonnage hunn, dass, wann een iergendzwousch hikënnt, een net richtig weess, bei wien ee muss goen, ob een déi Administratioun léns, déi Administratioun riets oder nach eng drétt Administratioun muss kontaktéieren. Dowéinst wier et e viven Appel, Här President, un déi nächst Majoritéit, déi sech hei an dësem Land wäert bilden, fir esou e Ministère ze kreéieren.

De Projet de loi gesäit justement déi Kreatioun vun deem OLAI vir, deen do ass, fir Hëlfelefen ze ginn un d'Gemengen, déi Initiativen huelen, mä virun allem och fir eng gewësse Struktur ze hunn, wou déi ganz Associatioun an och déi ganz Politiken, déi an d'Direktioun vun der Integratioun sollte gemaach ginn, kënne koordinéiert ginn; wat luewenswäert ass vun der Säit vun der Regierung.

Et kéint ee sech awer och nach aner Froe stellen, an dat muss een och. Mäi Kolleg, de Charles Goerens, an d'Madame Polfer waren zu Metz esou eng Institution kucken, wou een de Leit mat Civiquescoursen hëllef. Den Här Angel war och dohinner. Solle mer elo weiderfuere opzezielen, wien elo nach derbäi war? Mä op jidde Fall, déi waren do,...

►►► **M. le Président.** - Sot eis et!

►►► **M. Xavier Bettel (DP).** - ...fir ze gesinn, wéi déi Infrastrukturen, déi et zu Metz gétt, schafen.

Net méi laang wéi viru e puer Stonnen huet mäi Fraktionschef mer gesot, dat dote wier eng super Initiativ gewiescht an et hätt ee gesinn, wéi een - ob dat Politik, Civique oder einfach Rechter ass - dat de Leit bäibréngt, wat an engem Land d'Us et coutumes sinn. Dat ass och eng ganz wichteg Saach.

Mir hunn et virgesi fir déi Leit, déi wëlle Lëtzebuurger ginn. Mä dat doten ass och eppes anescht. Et soll een dat net nëmme gesinn am Kader vun de Leit, déi wëlle Lëtzebuurger ginn. Dat ass einfach eng Chance, déi een huet als Netlëtzebuurger, als Primo-arrivant souguer, fir sech besser kënne an engem Land unzepassen an och ze wëssen, wat d'Us an d'Outumé vun deem Land sinn.

Mir wieren awer selbstverständlech ganz frou - an dat soen ech och als Fraktioun vun den Demokraten -, wa mer esou e Kontrakt kéinte kréien an der Familljekommissioun, soubal esou e Kontrakt fäerdeg ass, dass mer esou ee presentéiert kréien, dass mer kënne kucken, wéi dee sollt ausgesinn.

Et hätt ee sech och nach kënne Froe stellen. Hei geet och nach iwwert de Conseil national des étrangers Rieds. Ech hat et vergiess, Här President. Ech hätt sollen domadder ufänken. Ech selwer si Member. Ech verrieden de Syvicol am CNE. Ech hätt vläicht missen domadder ufänken. De President Klein hat mech do genannt. Ech wëll him och hei da meng Remerciementer renouveléieren.

►►► **Une voix.** - Ah, dat ass eng Plaz, déi ee kann nennen?

►►► **M. Xavier Bettel (DP).** - Neen, deen huet mech genannt als President, mam Här Roth selbstverständlech als Generalsekretär, deen dat dann ënnerschriwwen huet. Mä d'Lëtzebuurger Gemengen hu mer dat Vertraue geschenkt, fir am CNE kënne d'Intérêt vun de Gemengen ze verrieden. An ech hat vergiess, dass ech dann e bësse Main liée sinn. Ech wëll awer och direkt soen, dass ech un deem Avis vum CNE, deen hei an deem Projet de loi derbäi war, net deelgeholl hu beim Vote, well ech net fannen, dass een do soll fir d'éischt en Avis matdécidéieren an dann herno hei an der Chamber driwwer diskutéieren.

Et kéint ee sech iwwerhaupt d'Fro stellen iwwert den CNE, wéi e fonctionnéiert a wéi e soll weiderfunktionéieren. Am Moment ass et esou, et gi vill Avisen am CNE geschriwwen, mä et feelt awer u verschidene Moyenen, déi den CNE huet, fir vläicht méi effikass ze schafen a virun allem och iwwert d'Representativitéit vum CNE. Well déi Leit gi gewielt duerch Associatiounen.

Da kéint ee sech d'Fro stellen, ob déi Representativitéit do ass, déi jo nëmme am Fong de Milieu associatif oder politiqe oder syndical vun deene verschiddenen Nationalitéite representéiert. Et wier sécher interessant ze froen, ob et net soll eng Wahl ginn, wou een déi Leit dann och vläicht géif wielen, an dat op enger méi breeder elektoraler Basis.

Datselwecht kann ech selbstverständlech dann och an de Gemenge froen. Mir hunn an de Gemengen och e Problem mat eise Commissions consultatives pour étrangers, déi jo elo ëmgedeft ginn, wéi déi genannt ginn: Et sicht een ëmmer da wéi een déi eng oder déi aner Nationalitéit nach fënnt, fir kënne de Quota vun där enger an där aner Nationalitéit an dëser Ausländerkommissioun ze hunn.

Allgemeng ass et fräi mat där Kommissioun ze schafen, wéi se wëllt oder wéi se kann. Dowéinst ass et och ganz wichteg, dass den OLAI dann en Usprichpartner gétt fir déi verschide Kommissiounen, fir op d'mannst en Input ze kréien oder vläicht duerch deem OLAI eng gewësse Koordinationnsaarbecht ze kréie fir déi Commissions consultatives pour étrangers. Et ass och eng vun de Rolle vun deem OLAI, fir dass déi Kommissiounen a virun allem méi kleng Gemengen, déi och net esou vill Personal a Strukturen hunn, dat kënne maachen.

Här President, ech hunn elo a kuerzen Zich dat gesot, wat eiser Partei un Häerz louch. Mir wäerten als Fraktioun vun der DP och dëse Projet de loi stëmmen.

Ech wëll awer just nach eng Kéier op meng Introduktioun agoen. Ech si frou, dass mer hei an der Chamber keng extrem riets Parteien hunn, an ech hoffen, dass dat nach ganz laang esou bleift. Dowéinst wierklech e viven Appel un allegeruerten d'Politiker, déi hei setzen: Dréckt net op déi falsch Säit!

Merci.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Bettel. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Angel ageschriwwen.

►►► **M. Marc Angel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, ech si frou, dass mer haut elo hei, mat dësem Gesetz iwwert den Accueil an d'Integratioun vun den auslännesche Matbierger, d'Zesummeliween an och déi sozial Kohesioon an dësem Land nach verbesseren an och konsolidéieren.

Ech wëll der Madame Rapportrice Marie-Josée Frank villmools Merci soe fir hiren extensive schrëftlechen an och hiren explizite mündleche Rapport. Ech wëll och der Sekretärin vun der Familljekommissioun, der Madame Weycker, de Mataarbechterinnen a Mataarbechter vum Ministère, déi eis während deene ville Kommissiounssitzungen ënnerstëtzt hunn, wou mer um Text geschafft hunn, an natierlech och lech, Madame Minister, Merci soen.

Et war eng gutt Saach, dass Der dëse Projet als Avant-projet de loi erausginn hutt a mat der Société civile a mat de Concernéierten um Terrain diskutéiere gelooss hutt. Dat war e gudd Wee, fir e gutt Gesetz ze maachen. Besonnesch Merci wëll ech awer och deene ville Berufschambere soen, den Institutionen an den ONGen, déi en Avis geschriwwen hunn.

Mir hate bei dësem Projet iwwer zwielf Documents parlementaires, an ech mengen, dat ass eng ganz gutt Saach. Wéi een an all dësen Avisen an och am Exposé

des motifs ka liesen, reit dëst Gesetz sech an an eng Rei vu Gesetzer, déi eist Land sech a puncto Zesummeliwee gétt, fir eis besser op d'Zukunft virzebereeden. Do ass d'Immigrationsgesetz, wat mer viru ganz kuerzer Zäit heibannen zu 60 gestëmmt hunn; do ass och d'Nationalitéitgesetz, wat déi duebel Nationalitéit erlaabt, an domadder vläicht eng politesch Participatioun vun den neie Lëtzebuurger, déi och nach en anere Pass hunn, erméiglecht. Vlächicht erméiglecht et och, dass mer déi niddregst Einbürgerungsrat, déi mer an Europa hunn, kënne verbesseren.

An dann elo, als drétt groust Gesetz, d'Integrationsgesetz. Dëst Gesetz soll jo de Kader, virun allem fir den Accueil an d'Integratioun, schafen. Ech wollt awer nach ervirsträchen, dass en Immigrationsgesetz muss ganz transparent sinn, ganz explizit sinn, wat d'Regelen ugeet, wéi ee kann hei am Land immigréieren. All déi Länner - an dat ass och um europäesche Plang bewise ginn -, déi e gutt, transparent Immigrationsgesetz hunn, kënne och eng vill besser Integrationspolitik maachen. Well Leit, déi sech dagdeeglech mat der Fro, ob se nach am Land bleiwe kënne, erëmklappe mussen, déi fir hir Pabeiere suerge mussen, kënne sech net op d'Integratioun konzentréieren. Dofir war et wichteg, dass mer dat Immigrationsgesetz hei gestëmmt hunn.

Et gétt oft gesot, vun der Opposition kritiséiert, dass een déi ganz Problematik hätt missen an engem Gesetz maachen. Ech wollt drun erënneren, dass mer déi Gesetzer awer an engem Zäitlaps vu sechs Méint hei an der Chamber ofstëmme gelooss hunn, dass d'parlamentaresch Aarbechten zu all deene Projeten iwwer zwee Joer gedauert hunn, dass mer ganz vill Definitiounen ee vun deem anere Projet iwwerholl hunn, an dass een déi Kritik vun deem sougenannte Saucissonnage net ka gëlle loosse. Ech wollt och der CSV/LSAP-Regierung fir déi gutt Zesummenaarbecht an dësen Dossiere félicitéieren. Ech mengen, dat war eng ganz kohärent Zesummenaarbecht.

Ech wëll awer och drun erënneren, dass mer virun net esou laanger Zäit per Gesetz de Centre pour l'égalité de traitement gestëmmt hunn, kreéiert hunn, an dat ass och en Organ, wat, wéi gesot, géint all Forme vun Diskriminatioun virzegoen huet, an huet also och mat Integratioun ze dinn. Deemächst wäerte mer nach eng Rëtsch aner Gesetzer hei stëmmen, déi fir d'Zesummeliween an d'sozial Kohesioon wichteg sinn. Dat ass zum Beispill déi nei Loi électorale, wou mer d'Délaié fir d'Aschreiwe vun den Netlëtzebuurger bei de Gemengewahl wesentlech verkierzen, well och d'Participatioun un demokratesche Prozesser e wichtegen Aspekt vun der Integratioun ass.

Och d'Schoulgesetz, an deenen d'Chancëgläichheet ganz groussgeschriwwen gétt, an zwar net nëmme téschent de Lëtzebuurger, mä och d'Chancëgläichheet téschent Lëtzebuurger an Netlëtzebuurger, sinn e wichtige Schrëtt zu méi an enger besserer Integratioun. Ech wollt nach drun erënneren, dass d'Educatiounsministesch sech an de leschte Jore vill mat der Reform vum Sproochenunrecht beschäftegt huet. Och dat dréit zur Chancëgläichheet téschent alle Kanner bäi, an domat och zu enger besserer Integratioun.

Ech hunn elo d'Sprooch ugeschwat, well do kréie mer och nach e Gesetz iwwert de Congé linguistique. D'Sprooch ass natierlech wichteg am Kontext Integratioun, well et ass jo evident, dass et méi einfach ass hei zu Lëtzebuerg ze liewen, wann een eis Sprooch kann. D'Lëtzebuergesch Sprooch ass dobäi wichteg, mä net ze vergiess sinn Däitsch a Franséisch, well dat sinn déi Sproochen, an deenen de Stat mat sengen Awwinner - mat de Leit, déi an dësem Land liewen - kommunizéiert, an och d'Printmedië gebrauchten déi Sproochen. Lëtzebuergesch ass also ganz wichteg, awer och déi aner Sproochen.

Zum Congé linguistique wollt ech eng perséinlech Remarque maachen, an zwar dass do am Moment nëmme Coursé fir Lëtzebuergesch virgesi sinn. Et gétt Leit hei am Land, dorënner och Lëtzebuurger, déi kee Schoulofschloss hunn an déi Problemer

mam Franséischen hunn. Fir sech um Aarbechtsmaart z'integréieren, ass et och wichteg, wann een deene Leit vläicht kéint hëllefen. Englesch gétt och op verschidde Plaze gebraucht, an do muss ee vläicht kucken, ob een dat net kann a Considération zéien.

Duerch dëst Gesetz engagéiert sech den Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration, iwwert de Contrat d'accueil et d'intégration deene Leit, déi nouveaux arrivants sinn, eng Sproocheformatioun an eng Formatioun iwwert d'Fonctionnéiere vun eise Stat ze garantéieren. Et ass dofir wichteg, dass d'Offerte vu Lëtzebuerger geschen a franséische Coursen hei am Land garantéiert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi, déi den Exposé des motifs gelies hunn an och déi vill Avisen, kennen den Historique an d'Entwécklung, wéi dëst Land, vun engem typeschen Emigrationsland, nach am 18. Jorhonnert, zu engem Immigrationsland ginn ass. Ech mengen, déi Zuelen huet och d'Rapportrice schonn ervirgehuewen. Ech wollt do just eng Tatsaach ervirsträchen, an zwar déi, dass iwwerall an Europa déi einheimesch Populatioun stagnéiert, an iwwerall an Europa besonnesch Fachkräfte gebraucht ginn. Mir wäerten also an deenen nächste Jore méi Leit op Lëtzebuerg kréien aus Net-EU-Länner. Dofir ass et esou wichteg, dass mer eis mat dësem an deenen anere Gesetzer, déi ech virdrun ugeschwat hunn, op déi nei Erausforderunge preparéiere kënnen.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, erlaabt mer vläicht nach lech ze soen, dass meng Partei, d'LSAP, e ganz aktiven Aarbechtsgrupp huet, dee sech „Groupe de travail Coopération, Intégration, Migration“ nennt, dee vun eiser Komerodin Lydie Err gefouert gëtt a vun hir gutt Impulser kritt. D'Thema vum Zesummeliewen an enger plurikultureller Gesellschaft gétt an eiser Partei vill diskutéiert. Well mer an der Regierung sinn an also eng Verantwortung hunn, fir d'Zukunft vun dësem Land ze gestalten, sinn ech frou, dass mir dëst Thema esou wichteg huelen.

Mir haten d'lescht Joer, op eise Landeskongress am Mäerz 2007, dat Thema zum Haaptpunkt gemaach, an och dëst Joer, am Summer 2008 op eiser Summerakademie, huet sech e Groupe de travail mat deem Thema beschäftegt. D'LSAP ass eng Partei, déi op Wäerter wéi Gerechtegkeet, Fräiheet a Solidaritéit oppbaut, an dat heescht och Solidaritéit mat den Netlëtzebuerger. Mir sinn iwwerzeegt, dass d'Cohésion sociale nëmme ka garantéiert ginn, wann all d'Membere vun eiser Gesellschaft sech als een Deel vun engem kohärenten Ensemble considéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gétt hei zu Lëtzebuerg Leit, déi Angscht hu virun enger sougenannter Iwwerfriemung. D'Politik muss dës Angscht eescht huelen a sech och engagéieren, mat dëse Leit ze debattéieren. Mir wëssen, dass Angscht, virun allem oder meeschtens, duerch e Mangel un Informatioun entstinn. Mir dierfen dofir dës Leit net an d'Gräpp vu Populisten oder Extremisten ginn. Ech schlësse mech deem Appel un, deen den Här Bettel gemaach huet, fir dass mer net mat deenen Angschte solle Wahlkampf maachen, oder dass déi Angschten net sollen an der Campagne électorale, déi jo elo bevirsteet, méssbraucht solle ginn.

D'Suerge vu villen Awunner hei am Land sinn, eng bezuelbar Wunneng ze fannen, d'Schoulausbildung vun de Kanner, eng gutt Aarbecht ze fannen. Dës Suerge sinn déiselwecht, ob ee Lëtzebuerger oder Ausländer ass, an oft si leider nach d'Léiung fir Netlëtzebuerger méi schwéier. Et gétt Leit, déi de Préjugé hunn - an dat héiert een heiansdo -, dass fir Ausländer an dësem Land alles méi einfach wär. Mir wëssen, dass dat net wouer ass. D'Lëtzebuergesch Politik - an dorobber sinn ech stolz - huet, egal wéi eng Partei an der Regierung war, ëmmer eng Politik fir all d'Awunner vun dësem Land gemaach.

Ech si frou, dass mer och d'Notioun vun der Integratioun an onsem Gesetz als e Prozess „à double sens“ definéieren, an d'Integratioun am Sënn vun Inclusioun gesinn. Ech fannen et och gutt, dass mer d'Integratioun an dësem Gesetz net am Sënn vun

Assimilatioun gesinn. Op jidde Fall ass fir d'LSAP d'Integratioun vun den Netlëtzebuerger eng Haaptkonditioun fir d'Festegung vun där sougenannter Cohésion sociale.

Erlaabt mer, Dir Dammen an Dir Hären - ech hunn d'Cohésion sociale elo e puermol ugeschwat -, lech vläicht d'Definitioun vum Conseil de l'Europe ze zitieren. Dat ass ganz kuerz. De Conseil de l'Europe definiert d'Cohésion sociale: «(...) la cohésion sociale est la capacité de la société à assurer le bien-être de tous ses membres, à minimiser les disparités et à éviter les polarisations. (...) une société cohésive est une communauté solidaire composée d'individus libres poursuivant des buts communs par des voies démocratiques (...)» Enn vum Zitat.

Aus dësem Gesetz, iwwert dat mer haut schwätzen, geet och kloer ervir, dass Integratioun eng Responsabilitéit ass, déi vu ville gedeelt muss ginn. Integratioun huet also niewent den Netlëtzebuerger eng ganz Rei aner Acteuren: d'Zivilgesellschaft, de Stat an d'Gemengen, d'Wirtschaft an d'Medien. Besonnesch wichteg ass d'Roll vun der Zivilgesellschaft.

D'Gewerkschaften, d'Sports- an d'karitativ Veräiner spillen eng enorm wichteg Roll beim Opbau vun dëser Cohésion sociale. Dat ass nämlech deen Terrain, wou sech vill bénévol Persounen zesummefannen an eng wichteg Aarbecht fir eis Gesellschaft leeschten. Duerfir ass et wichteg, auslännesch Matbiergerinnen a Matbierger an dës sougenannte Vie associative anzubannen. An der Praxis geschitt dat jo och scho vill. Mir sollen och eis Veräiner an Associatiounen ënnerstëtzen, op deem Wee weiderzefueren.

D'Partei mussen och mam gudden Beispill virgoen. An alle Partei mussen mer Efforté maachen, méi Netlëtzebuerger an eis Gremien an Aarbechte mat anzubannen. Beim Opstelle vun de Lëschte fir d'Gemeingewahlen 2011 könne mer eis alleguer als Partei beweisen, wéi eescht mer et huelen, wa mer vun Integratioun schwätzen.

Och d'Medien - dat hunn ech scho gesot - hunn eng wichteg Roll ze spillen. Si mussen Stereotypen évitieren, déi falsch Biller vun Ausländer an de Käpp vun de Leit bilden. Op auslänneschen Televisioun kann ee feststellen, oft wann iwwer Osteuropäerinnen geschwat gëtt, da gëtt dat an de Kontext vu Prostitutioun gesat; oder wann iwwer Westafrikaner geschwat gëtt hei an Europa, da ginn déi an de Kontext mat Droge gesat.

Dat dierf net sinn. D'Medië sinn en enorm wichtige Partner vun der Integrationspolitik an d'Couverture médiatique vu groussen Evénementen, déi auslännesch Organisatiounen organiséieren, ass eng gutt Saach an dësem Sënn. Ech kann do nëmme eise Medien hei zu Lëtzebuerg félicitéieren, well si maachen déi Aarbecht ganz gutt. Wichteg et vläicht och nach, dass méi Leit mat Immigratiounshannergrond an de Mediëberuffer eng Plaz géife fannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sot virdrun, dass Integratioun net eleng duerch e Gesetz gemaach ka ginn. Et ass awer wichteg, e Kader ze schafen. Ech bedauern allerding, dass mer beim Vote net och schonn déi verschidde Règlements grand-ducaux derbäi hunn, wou jo Verschiddenes nach méi am Detail geregelt gëtt. Och wär et interessant gewiescht, eng Aart Ébauche vun esou engem Contrat d'accueil et d'intégration ze gesinn.

Ech weess, dass am Gesetz steet, dass den OLAI esou ee soll ausschaffen. Mir kréieren elo eréisch den OLAI, mä et hätt een eis awer scho kënnen e Genre Ébauche vun esou engem Kontrakt presentéieren. Duerfir wier ech frou, wann déi Dokumenter ausgeschafft ginn, dass mer an der Chamberskommissioun informéiert ginn an dass déi Praxis vun deem Dialog, deen Der mat der Zivilgesellschaft a mat de Leit um Terrain beim Avant-projet de loi hat, och elo an deenen nächste Schrëtt, déi mer ënnerhuelen, gemaach gëtt.

Dëse Projet de loi ass och vu 45 Artikelen ursprüngelech op 33 Artikelen gestutzt ginn. Dat war de Wunsch vum Statsrot. Mir hunn also all déi Artikelen erausgeholl, déi keen normative Charakter haten, esou wéi de Statsrot dat wollt, an hunn him also Rechnung gedroen.

Ech fannen et och gutt, dass an deem Projet hei déi Notioun vun „Accueil“ ervirgestrach gëtt, well den Accueil ass eng wichteg Saach. Deen Office luxembourgeois d'accueil et d'intégration - dat kann ech mer och virstellen - ass eng Stell, eng Plaz, e Genre Guichet unique, wou een, deen Nouveau arrivant ass, kann higoen an all Informatioun kréien. Esou wéi mer dat bei där Visite vun der ASTI zu Metz op esou

enger Stell gesinn hunn, wou een an engem Dag kann all Informatioun kréien, wou een hei am Land wat fënnt a wéi ee sech hei kann aliewen.

E Mënsch, deen, éischtens emol, en einwandfräien Accueil vun den öffentleche Stelle beim Stat kritt, an deen, zweetens, d'Méiglechkeet kritt, eis Sproochen ze léieren an och e bëssen iwwert d'Institutiounen an d'Traditiounen vun dësem Land ka gewuer ginn, dee kritt och méi Loscht, an dësem Land net nëmme ze schaffen, mä och um Liewe vun eise Land deelzehuelen, also an der Zivilgesellschaft matzemaachen. Dofir ass dee Rôle vum OLAI enorm wichteg.

Et ass och wichteg, dass mer deen Office personell, raimlech a materiell gutt ausstatten. Et ass och wichteg, dass an deem Office Leit agestallt ginn, déi interkulturell gutt forméiert sinn. Et wär och gutt, wann an deem Office och Leit schaffe géifen, déi en Immigratiounshannergrond hunn.

Dem OLAI ginn an dësem Gesetz siwen Artikelen gewidmet. Ech wollt just op ee Punkt agoen an dee Rôle vum OLAI uschwätzen, wat d'Lutte géint d'Diskriminatiounen ugeet. Am ursprüngeleche Regierungstext hate mer den Artikel 27, dee méi intensiv a méi laang op dee Rôle agaangen ass. Do huet de Statsrot eis jo gesot, d'Lutte géint d'Diskriminatiounen wär exklusiv eng Saach vum Centre pour l'égalité de traitement an de Ministère an den OLAI solle sech do net améschen.

Mir hunn dat dunn och geännert. Dunn hu mer awer erëm duerch en Amendement déi Notioun vun der Lutte géint d'Diskriminatiounen mat agebaut. Am Artikel 3 hu mer dat reintéiert an engem kuerzen hallwe Saz. Dat ass och eng gutt Saach. Dat bedeit awer, dass den OLAI an all déi Stellen um Ministère, déi fir Integratioun zoustänneg sinn, an och de Comité interministériel mussen de Centre pour l'égalité conceréieren. Dat soll och vice versa geschéien.

Ech sinn der Meinung, dass de Ministère an den OLAI solle Sensibiliséierungscampagné kënnen maache géint d'Diskriminatioun an op deem Gebitt solle schaffen. Dem OLAI säi Succès gétt herno am Fong nëmme doru gemooss, wéi gutt an intensiv e mat de Gemengen a mat der Zivilgesellschaft zesummeschafft.

D'Madame Rapportrice huet och schonn den Artikel 4 ugeschwat, de Rôle vum Office, wat och d'Structures d'hébergement fir Ausländer ugeet. Dat ass eng wichteg Saach. Ech hunn d'Ministesch oft heibannen an op anere Plazen héiere soen, dass se no Gemengen, déi esou Strukturen bauen, sicht. Ech wollt do deene ville Buergermeeschteren, Schäfte a Gemengeréit, déi hei sëtzen, soen, dass mer am Kapitel iwwert d'Aides financières den Artikel 16 hunn, wou drasteet, dass de Stat bis zu 100% participéiert bei de Baukäschte vun deenen Infrastrukturen an och beim éischten Equipement fir déi Infrastrukturen.

D'Artikelen 6 a 7 gesinn de Plan national pluriannuel d'intégration et de lutte contre les discriminations vir. Dat ass eng gutt Saach. Den OLAI soll deen a Kollaboratioun mat deem Comité interministériel ausschaffen. E soll dobäi d'ONGE conceréieren; all déi aner Stellen, déi wichteg sinn.

Ech wollt vläicht eng Remarque maachen. Ech hunn a villen Avisé gelies, dass de Comité interministériel bis elo net ëmmer zu 100% gutt fonctionnéiert huet. Ech hoffen, dass dat mat deem neie Gesetz elo verbessert gëtt.

Ech wollt soen, dass dee Fënnfjoresplang elo gutt fält, well mer um Enn vun enger Legislatur sinn, dass deen och ëmmer soll parallel lafe mat enger Legislaturperiode, well um Enn muss jo e Rapport gemaach ginn, no fënnf Joer. Et ass e gudd Wee, wéi hei d'Chamber an och anerer kënnen d'Aarbecht evaluéieren, déi a fënnf Joer Integrationspolitik gemaach ginn ass.

De Contrat d'accueil et d'intégration ass och eng gutt Saach, well e fräiwëlleg ass, an zwar net nëmme fir EU-Ausländer, mä och fir Leit aus Drëttstaten. Dat ass net an alle Länner esou. Ech fannen et ganz gutt, dass mer dat op fräiwëlleger Basis gelooss hunn. Ech fannen et och gutt, dass mer en op zwee Joer begrenzt hunn. A wéi gesot, wann Der deen ausgeschafft hutt, diskutéiert dee mat eis duerch an der Kommissioun.

D'Kapitel 4 gétt sech mat den institutionelle Strukturen of. Dozou ganz kuerz e puer Remarquen. De Conseil national pour étrangers ass ugeschwat ginn. Dee gétt reforméiert. Interessant ass awer ze liesen am Avis vum jëtzege Conseil national des étrangers, dass si et bedauern, dass d'Paritéit net méi bestoe bleift, dass déi

ofgeschaaft gëtt. Well si fäerten, si hätten herno nëmme nach en Dialog mat sech selwer.

Am Gesetz ass jo awer virgesinn, dass d'ONGen, d'Gewerkschaften an d'Patronat Vertrieeder hunn. Ech wëll dësen Organisatiounen net ze no trieden, mä et wär vläicht interessant, wa si dann och e puer Lëtzebuerger géife schécken. Da kéint een där Angscht, déi de Conseil national a sengem Avis ausgedréckt huet, e bësse Rechnung droen, da wär den Dialog vläicht och besser.

Wat schued ass, ass, dass am Gesetz steet, dass den CNE nëmme dräimol am Joer muss zesummekommen. Ech hätt mer do e bësse méi eng héich Zuel virgestallt. Ech fannen awer ganz gutt, dass dee Conseil och ka Kommissioun bilden, wou Leit dra sinn, déi net am Conseil national sinn. Dat beweist, dass dee Conseil sech och kann opmaachen, an dat ass eng gutt Saach. Dir kritt, Madame Minister, laut Gesetz eemol am Joer e Rapport vum CNE, an ech wär frou, wann Dir eis deen da géift an d'Kommissioun weiderschécken, well dat ass och interessant fir eis Deputéierten, déi sech fir dës Themen interesséieren.

D'Commissions consultatives d'intégration, déi fréier Ausländerkommissiounen, ginn an engem Artikel leider nëmme ganz kuerz erwähnt. Och hei feelt de Règlement grand-ducal. Och bei deem ass et wichteg, dass Der deen zesumme mam Syvicol ausschwätzt. Den Numm ass elo nei. Nei ass och, dass an all Gemeng esou eng Kommissioun muss sinn, an et ass elo un de Gemengen, eppes aus deene Kommissiounen ze maachen, ze kucken, wéi se se méi demokratesch zesummestellen an och méi étofféiere kënnen. Ech fannen, dass all déi grouss Gemengen - dat steet net am Gesetz, mä et kann ee jo kann maachen, wéi am Gesetz steet - sech en Délégué à l'intégration sollte ginn.

Mir hunn dat bei der leschter Visite mat der ASTI zu Gand gesinn, eng Stad vun 250.000 Leit mat 15% Ausländer, déi e Service d'accueil et d'intégration vu 40 Leit huet, wou se vill mat Traducteurs/Interprètes sociaux schaffen, wou se an d'Schoule ginn, den Elteren hëllefen, wa se mam Léierpersonal schwätze mussen an d'Sprooch net kënnen, an och an de Spideeler. Si hunn an hire Biergerzentren en „Point contact intégration“ fir Nouveaux arrivants, et gétt interkulturell Educatioun gemaach mat Beamte vun der Gemeng, mat de Polizisten. All dat ass ganz gutt. D'Gemengen hunn also eng wichteg Roll ze spillen, et steet hinnen all Méiglechkeet offen, an et si jo och finanziell Avantage virgesinn, well si kënnen vum Ministère Sue kréien.

Als Konklusioun wëll ech soen, dass et gutt ass, dass dëst Gesetz sech an eng Politik vun der Regierung areit, fir de sozialen Zesammenhalt an eise Land ze garantéieren. Dëst Gesetz gétt natierlech nëmme esou gutt, wéi d'Zesummenaarbecht vun all den Acteuren herno um Terrain ass. Mir mussen dee Kader, deen dëst Gesetz schafft, mat Liewe féllen. Integratioun geschitt net um Pabeier, et ass déi praktesch Ëmsetzung, déi zielt. Mat vill Asaz, gudden Wëllen, gudden Iddien a vill staarkem Duerchsetzungsverméige sinn ech iwwerzeegt, dass mir all zesummen hei zu Lëtzebuerg - mir Lëtzebuerger als Société d'accueil an déi ronn 200.000 Netlëtzebuerger, déi hei mat eis liewen - weiderhin net nëmme friddlech nieftenee liewen, mä och nach besser zesummeliewen.

Mir hunn dat bis elo gutt gemaach, a mat dësem Gesetz vun haut an deenen anere Gesetzer, déi ech ugeschwat hunn, preparéiere mer eis also op e Lëtzebuerg an en Europa, wou an Zukunft méi Leit aus Drëttstate liewe wäerten. Am Numm vun der LSAP-Fraktioun wëll ech eisen Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Ech wollt mat engem Zitat aus eise Positionspabeier ofschléissen, dat mer besonnesch gutt gefall huet, an dat vun engem Schwäizer Auteur namens Windisch ass, dee seet: «L'intégration n'implique ni tolérance aveugle de la part des indigènes ni une soumission totale des migrants. Ce que l'on demande, c'est un esprit d'accueil de la part des uns et une volonté d'adaptation de la part des autres. Il y a donc partage des responsabilités entre les étrangers et la communauté qui accueille». Fin de citation.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix** - Très bien!

» **M. le Président** - Merci, Här Angel. Den Tour ass elo um honorabelen Här Braz fir déi gréng Fraktioun.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun där grénger Fraktioun fir d'éischt der Rapportrice, der Madame Frank, Merci soe fir hire Rapport an och fir d'Aarbecht an der Kommissioun, déi bei deem Projet relativ séier konnt iwwert d'Bühn goen an ofgeschloss ginn.

Dëst Gesetz soll d'Gesetz vum 27. Juli 1993 reforméieren, eist éischt Integrationsgesetz. Mir hunn allerdéngs net immens vill gemaach am Kader vun deem Gesetz. Et hätt ee sech jo awer d'Fro misse stellen, wéi dat Gesetz, wat mer bis elo haten, fonctionnéiert huet. Wat si seng Stärkten? Wat si virun allem seng Resultater gewiescht? Wou hu mer Ziler erreecht? Hate mer iwwerhaupt Ziler benannt? Ech fäerte ganz, d'Antwort ass neen, et ware keng Ziler benannt ginn an deem éischten Integrationsgesetz. Mir kënnen dofir och net préiwen, ob mer déi Ziler erreecht hunn oder net erreecht hunn.

Wat mer awer kënnen soen, dat ass, dass mer e puer Saache feststellen. Mir stelle fest, dass zu Lëtzebuerg d'Cohésion sociale, d'Zesummeliwee vun all de Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen, sécher net nëmme schlecht ass. Mir hunn och hei zu Lëtzebuerg an de leschte Jore villes richteg gemaach an der Aart a Weis wéi probéiert gëtt hei zesummenzeliewen. Aner europäesch Länner kucken oft op Lëtzebuerg, wat awer méi mat där Zuel vun Netlëtzebuerg ze dinn huet, déi hei zu Lëtzebuerg liewen. Si kucken awer och op eis, well mer, mengen ech, soe kënnen, dass mer net alles falsch gemaach hunn an de leschte Joren. Dat soll een och heiansdo ënnersträchen an och heiansdo widderhuelen, bei allem, wat een och dernieft ze bemängelen huet, wat mer vläicht manner gutt gemaach hunn.

De Bilan vun deem Gesetz, wat mer bis elo haten, ass menger Meenung no e ganz geréng Bilan. E ganz geréng Bilan, well Fakt ass, dass mer zu Lëtzebuerg nach ëmmer méi en Nieftenee vun de Leit wéi e Matenee vun de Leit hunn. Mir hunn eng Berufswelt, déi fir sech fonctionnéiert, mat Leit, déi hei wunnen, mat Leit, déi hei iwwert d'Grenz kommen. A mir hunn, nieft der Berufswelt, mat Sécherheet keng grouss Verméschung vun de verschiddene Leit, déi hei wunnen. Och an de Schoule fénnit déi Verméschung net an deem Mooss statt.

En zweete Constat, deen ee maache muss, ass, dass och zu Lëtzebuerg d'Schoul selwer net onbedéngt villes dozou bäidréit, dass een en anert, e bessert Zesummeliwee hätt. D'Opstiegschancen duerch Bildung sinn zu Lëtzebuerg net schrecklech grouss. Dat ass ee vun den Enseignement vun der PISA-Etüd, déi gewisen huet, dass de Lëtzebuerg Primärschoulsystem an och de Secundärsystem e relativ staarken Determinismus weiderféiert, dass also do, wou een hierkënn, a méi oder wéineger bal all de Fäll, och do ass, wou een herno lant. Dat geet hei zu Lëtzebuerg net besser wéi dat, wat ech elo beschriwwen hunn.

Et ass mat Sécherheet kee Bilan, mat deem ee kéint zefridde sinn. Dofir menge mer, dass et bei deem Gesetz gutt gewiescht wär, wa mer vläicht elo scho probéiert hätten, Ziler ze benennen, wann ee sech wierklech Ziler ginn hätt, déi een, am Beräich vun der Integratioun, wëllt erreechen, a sech dann och e Programm gëtt, wéi een dat Zil kann ustriewen.

Wat nenne mer Integratioun? Wat nenne mer eng gelongen Integratioun? Wat heescht dat? Déi Diskussioun hu mer net gefouert, well och dëst Gesetz am Fong jo nëmme e Kader duerstellt. Et ass e Kadergesetz, et ass eng Rumm. Un där Rumm ass net vill auszesetzen. Déi Saachen, déi do drastinn, si fir eis Begrëffer alleguerter richteg. Dat si vernünfteg Saachen, déi drastinn.

Villes, dat Allermeescht, steet awer net an deem Gesetz. D'Partitur muss nach geschriwwen ginn. Mir hunn elo beschtefalls d'Nouteblieder kritt; d'Musek, déi feelt. Dat ass d'Aufgab, déi mer an den nächste Jore musse maachen.

Mir hoffen, dass mer awer dann - wa mer dëst Gesetz ëmsetzen an déi eenzel Instrumenter, déi mer eis nach musse ginn, och kréien - an deem Kontext eng Diskussioun doriwwer féieren, wat eng gelongen Integratioun ass a wéi een Zesummeliwee mer da gäre fir Lëtzebuerg hätten, an dass mer eis dann och Ziler benennen, déi mer wëllen ustriewe mat deenen Instrumenter, mat deem Gesetz, a wou mer eis dann och all Joer kënnen d'Fro stellen, ob mer eis deem Zil méi no beweegt hunn, an ob de Rhythmus stëmmt, mat deem mer eis deem Zil méi no bewegen, wëssend, dass en Integrationsgesetz natierlech net eleng all d'Fro beäntwert kann, déi et an där doter

Matière gëtt. Do gëtt et ganz anerer - d'Schoul hunn ech scho genannt, awer och nach anerer, och d'Aarbechtswelt -, déi hei e phenomeenale Rôle ze spillen hunn, dee mindestens esou grouss ass, wéi dee vun engem Integrationsgesetz.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Wann hei am Land iwwer Auslänner geschwat gëtt, gëtt oft eng Zuel genannt. Och an eisem Rapport zu deem Projet vun haut gëtt vun deenen iwwer 42% Leit geschwat, déi zu Lëtzebuerg wunnen, déi kee Lëtzebuerg Pass hunn. Et gëtt och drop verwisen, dass am Joer 2020, 2030, op deem Horizont, aller Viraussicht no am Land déi Situatioun wäert sinn, déi haut schonn a ganz ville Gemengen d'Realitéit ass, nämlech dass eng Majoritéit vun de Leit kee Lëtzebuerg Pass hunn.

Mir hätt léiwer, et géif vill méi oft och probéiert ginn erauszefannen, wéi laang dass déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, schonn hei liewen. Wéivill sinn der dovunner hei gebuer? Wann een dat Bild do esou zeechent, gëtt dat en anert Bild, wéi wann ee vun 42% Auslänner schwätzt, well déi, déi mer an de Statistiken opgrond vun hirem Pass als Auslänner féieren, sinn immens oft Leit, déi hei op d'Welt komm sinn, déi nach ni eppes anescht ware wéi Lëtzebuerg, well se nach ëmmer hei gelieft hunn, déi Territoriallëtzebuerg sinn, wa se och nach de Pass vun hiren Elteren hunn.

Duerfir ass et och wichteg, dass ee sech d'Fro stellt: Wat ass dann dat Zesummeliwee? Wat wier dann déi Integratioun? Ech hu gären héieren, wat d'Madame Frank virdru gesot huet iwwer Integratioun, wat dat alles net sollt sinn. Et ass och eis Meenung, dass een net soll an déi Traversen do verfallen.

Mir sinn der Meenung, dass Integratioun net soll Assimilatioun sinn. Integratioun ass keng Gläichmaacherei; vu kengem. Et ka keng Gläichmaacherei sinn. Dat ass net de Sënn vun der Integratioun. An et ass och gutt, dass mer an deem Gesetz éischerter op de Wee gi vun engem Recht op Integratioun, an eis net op de Wee maache vun enger Flicht oder engem Zwang zur Integratioun.

Et bleift, dass all déi Leit, déi hei liewen, schlussendlech selwer eleng a fräi bestëmmen, wéi se hei wëlle liewen. Si musse sech alleguerter, déi hei liewen, un d'Gesetz halen. Doriwwer eraus ass jiddferer fir sech selwer responsabel, wéi hie säi Liewe wëllt gestalten a wéi hie säi Gléck wëllt fannen.

Duerfir ass d'Approche, éischerter vun engem Recht op Integratioun am Gesetz auszegoen, eiser Meenung no déi richteg Debatt. Mir brauchen och dofir net wéi an anere Länner - wéi an Däitschland - esou Diskussiounen iwwer eng Leitkultur, déi ee misst a) definéieren, b) aféieren an c) deenen anere Leit och nach imposéieren. Mir brauche keng Debatt iwwer rout Léiwen an iwwer Fändelen.

(Interruption)

Mir brauchen och keng Sproochendebatt, wa se nëmme zum Zil huet, d'Leit auserneeendzeféieren, an net zum Zil huet, d'Leit méttels der Sprooch beieneendzeféieren.

» Une voix. - Très bien!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Mir brauche Cohésion sociale zu Lëtzebuerg. Mir brauche Gemeinsamkeiten. Lëtzebuerg an all déi Leit, déi hei wunnen, an och all déi Leit, déi hei schaffen, sinn eng Schicksalsgemeinschaft. Déi Schicksalsgemeinschaft muss belaaschtbar sinn, och a schwéieren Zäiten. An dass Lëtzebuerg och ka schwéier a méi schwéier Zäiten erliewen, maache mir jo grad mat.

Elo geet et eis och an deene schwéieren Zäite manner schwéier, wéi villen anere ronderëm eis. Mä trotzdem ass eng Gesellschaft a schwéieren Zäiten oft manner belaaschtbar wéi a gudden Zäiten. Et ass a gudden Zäiten, wou een d'Geleeënheeten, och d'Moyenen an d'Méiglechkeeten huet, a rouege Gewässer dat Gefill vun der Zesummegehéieregkeet ze definéieren an ze stärken.

Mir mengen, dass mer dat an de leschte Jore beileiwen net genuch gemaach hunn. Déi Kris, déi mer och elo zu Lëtzebuerg an an der Welt hunn, soll eis och op dese Froen hei Ulass ginn, eis Gedanken ze maachen, wéi mer elo a kuerzer Zäit méi maachen, wéi mer an der Vergaangenheet gemaach hunn, fir wierklech als Gesellschaft esou vill Zesummenhalt ze hunn, dass mer belaaschtbar ginn, wa mer et net haut scho sinn.

Muer si Wahlen hei zu Lëtzebuerg fir d'Salariatskummer. Do si ronn 400.000 Leit op-

geruff, fir wielen ze goen. An et wäerten och, wéi bei deene Kéiere virdrun, viraus-siichtlech plus/minus een Drëttel vun de Leit vun hirem Recht Gebrauch maachen.

An der Aarbechtswelt hu mer vill Integratioun. D'Aarbechtswelt mécht der politescher Welt villes vir. Mir sinn am politeschen Zesummeliwee zu Lëtzebuerg wäit manner gutt wéi am Zesummeliwee an der Aarbechtswelt. D'Gewerkschaften hunn, wat dat betrëfft, den Institutionen an de Parteien an de leschte Joren a Jorzéngten e puer Lektionen erdeelt.

Déi hunn eng Partie Saache besser gemaach, well déi méi fréi verstanen hunn an dat och virliewen, dass Solidaritéit, Zesummegehéieregkeet an engem Betrieb en héije Wäert duerstellt. E Wäert, dee se fleegen. E Wäert, dee se zesumme verdeeden. Dat erkläert och, firwat dass mer déi Suerg vun der Integratioun do schonn op engem immens gudden Niveau hunn. Et gëtt wuel sozial Ënnerscheeder, bien entendu, mä d'Aarbechtswelt, d'Welt vun de Sozialwahlen, vun de Wahle fir d'Salariatskummer, déi mécht de Regierungen, Institutionen a Parteien, menge mer, méi wéi eppes vir.

Wa muer 400.000 Leit hei zu Lëtzebuerg operuff sinn, fir wielen ze goen, da sinn dat der méi wéi jee virdru bei iergendenger Wahl. Da sinn dat der e puermol méi wéi bei Chamberswahlen. Dat, wat muer bei de Salariatswahlen an enger Kéier bei d'Urn geruff gëtt - ob et da bei d'Urn kënn oder net, dat ass jiddferengem fräigestallt -, ass esou vill wéi hei an dräi Parlamentswahle bei d'Urn geruff gëtt. Dat ass net näisch. Dat ass eppes. Un deem Beispill kënnen mer eis och fir eng Partie Saachen inspiréieren.

Mir ënnerstëtzen och dëst Kadergesetz mat sengen Dispositione gären, well et och e Gesetz ass, wat d'Integratioun als e Processus à double sens definéiert, an net als eng Einbahn. E Processus à double sens, an e Gesetz awer och, wat eng Partie Neierunge kennt.

Et gëtt d'Iddi vun engem Contrat d'accueil et d'intégration agefouert. Dat soll fakultativ bleiwen, aus enger Rei vu gudden Grënn. Et soll net méi laang wéi zwee Joer daueren; dat fanne mer och gutt. Et soll een - an dofir hu mir als grénger Fraktioun, dass ech mech erënnere kann, ëmmer plädéiert - d'Leit no Méiglechkeet soubal se an d'Land kommen an déi dote Gespreecher eranuelen, an net waarden, wéi am Kader vun Nationalitéitgesetz, wa se schonn eng ganz Partie Joren hei sinn, fir dann iwwer Examen ze soen: Du pass, du pass net. Dat mécht net vill Sënn. Do si mer exklusiv an do baue mer Barriären op. Dat hu mer oft genuch hei ënnerstrach.

Dat ass fir eis dee richteg Wee. Soubal d'Leit an d'Land erakommen, ze probéieren dat, wat mir ënner Zesummeliwee verstinn, mat deene Leit ze deelen an en engem Processus à double sens op e Stéck gemeinsame Wee ze goen.

Et sinn och géigesäiteg Engagementer an deem Vertrag: Rechter souwéi Flichten, fir se alle béid. Och de Stat geet hei net nëmme Exigence virdroen, mä e geet selwer och Engagementer an. Dat ass fir eis dee richteg Wee.

Duerfir soe mer och Jo zu där Iddi vun engem Vertrag, well e Vertrag och ëmmer d'Notioun vu Gläichberechtete beinhalt. All Vertrag, deen ofgeschloss gëtt, ass nëmme da valabel, wann déi Leit, déi sech op dee Kontrakt geeenegt hunn, och fräi hire Wëllen artikuléiert hunn am Kader vun deem Vertrag. Dat ass am Droit civil de Fall.

Duerfir ënnerstëtze mer hei déi Iddi vun Vertrag, well een domadder och artikuléiert, dass d'Lëtzebuergeser Gesellschaft, d'Société d'accueil, net eppes wëllt imposéieren oder net vun uewen erof kuckt, mä well se domadder och zum Ausdrock bréngt, datt se seet: Jo, mir gehéieren zesummen. Mir maachen elo e Stéck Wee zesummen, a mir probéieren och dofir eis op Aenhéicht ze begéien als gläichberechtete Partner, déi gemeinsam Engagementer wëllen agoen.

Dat ass fir eis vun der Grondphilosophie hier eppes, wat mer absolut kënnen ënnerstëtzen. Do gehéiere Stéchwiederer derbäi wéi Formation linguistique, déi mer da wierklech ab der Grenz an ab der Entrée endlech praktikéieren; woufir mir Gréng och scho laang plädéiert hunn a wat mer ausdrécklech bedauern, dass mer dat net éischerter gemaach hunn. Dat géif eis haut vill Diskussiounen, vill objektiven Ierger op béide Säite kënnen erspueren. Dat hu mer awer net; dat musse mer elo besser maachen. Dat hei ass eiser Meenung no en Ufank, fir op deen dote Wee ze goen.

D'„Kommissariat“, deen Numm, dee laang villen, ville Leit um M'louch, gëtt elo ersat duerch en „Office“. Dat ass gutt esou. Dat ass net alles. Et ass net dat, wat et ënner

dem Stréch ausmécht, mä et ass awer gutt gemaach, dass mer dat elo net méi „Kommissariat“ nennen a kee Kommissär méi hunn, well dat suggéiert ganz villes. Vläch ass et och net Zoufall, dass viru laange Joren esou en Numm op d'Tapét komm ass. Dat huet bestëmmt och seng Ursaachen, déi mer haut awer iwwer Bord geheien. Dat ass och gutt esou.

Et ass och um OLAI, fir an Zukunft déi Contrat-typen auszeschaffen. Et muss och dee Plan d'action national pluriannuel gemaach ginn. Et ass do, wou dann eiser Meenung no och d'Musek bei deem Gesetz wäert gemaach ginn. Haut stëmme mer de Kader. Mir hu kee Problem, fir dee matzedroen. D'Substanz entsteet awer an deene Contrats-types an am Plan d'action national pluriannuel.

Doriwwer eraus wäert dëst Gesetz och nach e puer Reforme bréngen, déi mer am Prinzip och ënnerstëtzen. Déi Reforme betreffen den CNE. Do ginn eng Partie Saachen aus der Welt geschaf, déi mer ëmmer bemängelt hunn, wou mer ëmmer geäntwert kritt hunn, dat wär gutt esou wéi et wier. Haut gi mer jo zou, dass dat net gutt war wéi et war, dass mer méi en équilibréierten Esprit an den CNE mussen erakriegen, an net déi Saach vun der Majoritéit, dass déi ëmmer déiselwecht muss sinn, an net dass ëmmer deeselwechten de President muss stellen. Dass mer all déi Saachen do hanner eis loossen, dat si positiv Saachen.

Positiv fanne mer och, dass déi consultativ Gemeindegemeinschaften fir Auslänner elo generaliséiert solle ginn, an net méi just an deene Gemengen, déi de Seuil vun Auslänner bis elo erreecht hunn. Dat soll elo eng Normalitéit gi fir all d'Gemengen, egal wéivill auslännesch Präsenz een op sengem Territoire huet. Dat ënnerstëtze mer och. Och dass déi Kommissioun en aneren Numm kritt, ass fir eis vläch net nëmme Maquillage, awer dann e Maquillage, dee gutt gemaach ass. Dat ënnerstëtze mer op jidde Fall.

Net genuch geregelt ass eis am Moment, wat de Rôle vun de Gemenge soll sinn. Do ass sech och nach villes afalen ze loossen a frësch ze definéieren am Kader vun deem Plan d'action, wou mer och gäre vun der Madame Ministesch beäntwert hätten, wéi si sech virstellt vun den Délaien hier, wéini dass dee soll op den Dësch kommen.

An eng lescht Remarque - an dann halen ech op, Här President -, fir awer nach eng Kéier ze ënnersträchen, dass mer bedauern, dass mer eis an dëser Mandatsperiode esou ugeluecht hunn, wéi mer eis eben ugeluecht hunn op all deene Projeten, déi am breede Sënn vun Wuert d'Migrante betreffen.

Mir hunn net, wéi den Här Angel gesot huet, plädéiert, dass alles an engem Gesetz soll gemaach ginn. Dat ass net de Punkt. Dat hu mir ni plädéiert. Et muss net ee Contenant sinn. Wat mer gäre gehat hätten, dat ass, dass de Contenu vun all deene Gesetzer - d'Immigrations- an d'Libre-Circulations-Gesetz, d'Gesetz iwwert de Congé linguistique, d'Gesetz iwwert d'Nationalitéit, dëst Gesetz iwwert d'Integratioun -, dass vun deenen de Contenu also aus engem Worf diskutéiert gi wier.

A mir hätten eis souguer gewënscht, dass d'Integrationsgesetz dat éischt gewiescht wier an dëser Diskussioun. Dat ass awer eréischt am Laf vun 2007 déposéiert ginn. Dat hei hätt eiser Meenung no missen dat éischt Gesetz sinn, wat op den Teppech kënn, mat méi Detail wéi nëmme engem Kader. Dat hätte mer eis gewënscht, an dass am Opbauen op dëst Gesetz an op déi Integrationsambitiounen, déi mer doranner ausgedréckt hätten, dann déi aner och geschriwwen gi wieren, esou dass se déi Ziler vun Integrationsgesetz ënnerstëtzt hätten.

Dat ass de Wee, dee mir gäre gehat hätten. Mir hunn eis leider just ëmgedréint ugeluecht. Dat ass awer elo geschitt. Domat musse mer liewen. Ech wollt déi Remarque awer nach eng Kéier maachen, well mer wierklech mengen, dass mer eis hei vun der Aart a Weis hier net optimal ugeluecht hunn.

Dat gesot, Här President, bréngen ech nach eng Kéier d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu deem Kadergesetz a

wënschen dem Gesetz vill Succès an och, dass déi Instrumenter, déi mer nach wäerte schafen, därer ginn, déi dem Land déngen, an net därer ginn, déi, ouni iergendeng Wierkung gehat ze hunn, a 15 Joer nees musse reforméiert ginn.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ausländer sinn eng Beräicherung fir Lëtzebuerg - kulturell an ekonomesch. Si hëllefen ons alleguerten, fir dee schwierge Wee, dee mer zu Lëtzebuerg musse goen, fir ons weiderzeentwëckelen, fir als Land ze bestoen, fir Succèsen dobausse kënnen ze verzechnen.

Et muss ee soen, dass awer och déi Zuel vun Ausländer, déi mer am Land hunn, konstant klëmmt. Mir sinn elo op 42,6% vun Ausländer hei am Land ukomm. An der Stad Lëtzebuerg sinn et souguer 62%, a fir verschidde Quartieren iwwer 80% vun Net-lëtzebuerger. Dat ass en Défi, deem ee muss begéinen. Duerfir ware mer frou, dass d'Immigrationsgesetz e puer nei Limiten a Konditiounen festgehalen huet. Mir waren och frou, dass mer am Nationalitéitgesetz konnte feststellen, dass eng vun onse Fuerderungen zréckbehale ginn ass, dat ass, dass endlech d'Connaisancë vum Lëtzebuergesche géifen am Gesetz festgehalen ginn.

Mä et muss een awer och soen, dass zënter 1993, wou dat éischt Gesetz iwwert d'Integratioun gestëmmt ginn ass, déi successiv Regierungen a Matière vun Immigration Gottes Waasser iwwer Gottes Land lafe gelooss hunn. Dat gesäit ee schon un dem Fait, dass am Rapport selwer eng zimlech schaarf Kritik am dem Commissariat aux étrangers festgehalen ass, wou drasteet: «...il n'est pas toujours facile d'entrevoir la réelle fonction de cet organisme...» Domadder seet also schon d'Kommissioun, dass do an deem Commissariat net allze vill Bewegung war.

Dat Zweet, wat ee muss festhalen, dat ass, dass mer elo endlech op de Wee wëlle goe vun engem nationalen Aktionsplang hisichtlech vun der Integratioun. An ech mengen, dat hätt och kënnen geschéien, ouni dass mer hätte misse waarden, bis dass dést Gesetz gestëmmt ginn ass. Hei ass also vun dëser Regierung an och vun deene viregte Regierung rose weéng op deem Gebitt gemaach ginn. Déi ganz Politik ass einfach esou higelaf gelooss ginn.

Mir sinn der Meenung, dass déi ganz Integratioun natierlech net iwwer esou e Gesetz, wéi mer et hei virleien hunn, ka realiséiert ginn, mä dass et och an haaptsächlech iwwert de Wee vun der Schoul muss goen, wou d'auslännesch Kanner mussen integréiert ginn, wou mer hinne mussen hëllefen, fir dass sech hei hir schoulesch Kompetenzen esou wäit wéi méiglech an esou gutt wéi méiglech entfalten.

Dat bedeit, dass mer méi niddreg Klassen-effektiver kréien, dass mer also an d'Schoul investéieren, fir dass mer zesummen dee Succès vun der Integratioun kënnen verzechnen.

D'Integratioun geet och iwwert d'Veräiner, déi e Rôle ze spillen hunn an der Integratioun. Et geet iwwer aner Manifestatiounen, wéi d'Fêtes de quartier oder de rue, wéi mer se a verschiddene Stied an notament an der Stad Lëtzebuerg kennen, wou se spontan vun de Bierger organiséiert ginn. Et geet och iwwert de Wee vun der Sprooch, iwwert d'Congé-linguistique an doduerjer, dass mer eng wierklech Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch hei am Land maachen, wat bis elo net de Fall ass.

En anere Problem, dee muss ugepaakt ginn, ass dee vum Aarbechtsmaart, wou mer gesinn, dass eng 1.600 Leit am Chômage sinn, déi weder Lëtzebuergesch nach Franséisch, Däitsch oder Englesch kënnen an doduerjer ganz vill Schwierigkeiten hunn, fir an den Aarbechtsprozess eranzekommen. Mir hunn dozou schon ons Propositiounen an der Vergaangenheet virbruecht.

Well d'ADR net an der zoustänneger Kommissioun vertrueden ass, wäert ech mer erlaben, Madame Ministerin, fir e puer Bemerkungen ze maachen an e puer Froen ze stellen.

An deem Kontext muss ee festhalen, dass mer fir d'éischt fir de Contrat d'accueil et d'intégration, wéi mer en elo virgesinn hunn, nach kee Règlement grand-ducal hunn, wou mer wëssen, wat dann elo...

(**Interruption**)

...finalement an deem Text do soll dra sinn. Well dat wier nawell relativ utile gewiescht, well mer an anere Fäll kee Gesetz stëmme, ouni dass esou Règlements grand-ducaux, déi bei d'Gesetz gehéieren, wéinstens à titre de projet bäigesat ginn.

Et muss een hei festhalen, dass den OLAI, wéi een dat elo nennt, den Office luxembourgeois d'accueil et d'intégration sécher, fir eng Formation linguistique an eng Instruction civique an och d'sozial an d'ekonomesch Integratioun vun den auslännesche Matbierger ze förderen. Do gesäit een, dass do eng Obligatioun ass, déi awer ganz kloer - esou schéngt et ze sinn - dorobber higeet, fir d'Leit, déi sech hei durablement wëllen installéieren, op de Wee vun der lëtzebuergescher Nationalitéit ze bréngen. Dat schéngt mer eenegermoossen de Wee ze sinn, well d'Formation linguistique an d'Instruction civique zwee Deeler si vum Nationalitéitgesetz. Dat muss et zwar net sinn, mä et schéngt awer ee vun den Objektivier ze sinn.

Mir begréissen, dass dat fakultativ ass, well et kann ee jo keen obligéieren, fir dat ze maachen. Den Ausländer muss au contraire derfir suergen, dass hien hei ka mat eegene Mëttele liewen, dat heescht, dass hien hei eng Schaff huet.

Praktesch stellt sech awer eng Fro. Wien hält d'Initiativ vum Kontakt? Ass dat den OLAI - den Office - oder ass dat den Ausländer oder ass dat e Mix vun deenen zwee? Geet dat iwwert d'Gemengen? Do schéngt mer eng gewëssen Imprécisioun elo am Text ze sinn. D'Regierung huet vläicht do praktesch Mesurë virgesinn. Ech wollt just nure soen, dass dat doten aus dem Text esou en tant que tel net onbedéngt ervirgeet.

Da gëtt geschwat vun enger Aide financière, vun enger Hëllef, déi d'Gemengen an och d'Acteurs de la société civile kréien. Do wollt ech froen, ob am Budget 2009 scho spezifesch Mesurë virgesi sinn, spezifesch Montantë festgeluecht gi sinn, fir de Gemengen ze hëllefen a Konsequenz vun deem neie Gesetz, wat jo och a sechs Méint ongeféier soll a Kraaft trieden.

Da schéngt mer déi Definitioun vun „Acteurs de la société civile“ relativ vag ze sinn. Dofir wollt ech lech froen, Madame Ministerin, wien dorënner ze verstoen ass.

Ech verstinn, dass dat vläicht verschidden Associatiounen sinn, déi sech spezifesch ëm d'Ausländer këmmere, mä et kéinten och d'Gewerkschaften an eventuell souguer d'Parteien sinn, déi bereet sinn, fir Ausländer - also Netlëtzebuerger - eranzehuelen an hir Parteien oder Gewerkschaften. Duerfir wollt ech also do och e puer Informatiounen kréien.

E leschte Punkt, dee mer och nach e bëssen obskur schéngt, sinn déi Commissions consultatives d'intégration, déi déi bestehend Ausländerkommissiounen sollen ersetzen. Wann ech den Text richtig verstinn, ginn déi bestehend Ausländerkommissiounen ofgeschaf. D'Fro stellt sech, well och hei kee Règlement grand-ducal virläit, ob déi Kommissiounen, déi elo scho bestinn, ënnert där Kompositioun kënnen weiderlafen ënnert deem neie Règlement an ënnert deem neie Gesetz, oder ob do mussen neier gewielt ginn.

Ob d'Missioun vun deenen Ausländerkommissiounen oder elo Commissions d'intégration - wéi se genannt ginn - erweidert gëtt oder net, dass schéngt mer nach e bëssen am Flou ze sinn, well ech et net konnt am Text gesinn. Dofir Madame Ministerin, wollt ech lech also froen, ob Der wëllt esou gentille sinn, fir mir an och deenen anere Membere vun der Chamber an der Öffentlechkeet matzedeelen, wéi mer dat Ganz do solle praktesch ugoen.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

Dat gesot, ass et zesummeffaassend awer e richtige Geste an déi richteg Richtung. E kënnert spéit. Et ass kloer, dass mer nach an där ganzer Fro musse wachsam sinn, dass mer déi néideg Schrëtt och nach an Zukunft huelen an dass mer notament och Akzenter setze fir d'Verdeedegung vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Dat gesot, wëll ech awer och soen, dass d'ADR wäert dësem Gesetzesprojekt zoustëmme.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Zum Ofschluss vun der Debatt a vun dësem Projet huet déi zoustänneg Ministesch, d'Madame Marie-Josée Jacobs, d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech freeë mech selbstverständlech ganz ausseruerdentlech, dass ech gesinn, dass mer vu sämtleche Parteien an der Chamber d'Zoustëmmung kréie fir dee wichtege Projet, den haut hei gestëmmt gëtt. Ech géif wierklech der Rapportrice an de Membere aus der Kommissioun e grouse Merci soe fir déi Aarbecht, déi se a ville Sëtzunge gemaach hunn - a bekannterweis sinn ech jo heiansdo e bëssen ongedëlleg, da gëtt ëmmer e bëssen hannendru gedriwwen -, dass mer dat awer elo fäerdeg hunn, well ech och dervun iwwerzeegt sinn, dass et e wichtege Gesetz ass, wat mer haut stëmme.

Ech si manner mat deene Kolleeginnen a Kolleegen d'accord, déi soen, et wier besser gewiescht, mir hätten dat alles an engem Gesetz gemaach. Ech si jo bekannterweis dës Kéier net fir d'éischt an enger Regierung, mä ech mierken awer: Bei esou schwierigen Dossiere wéi der Immigratioun an der Integratioun fannen ech et besser, wann déi op zwou Schéllere verdeelt sinn.

Do fannen ech et och besser, wann et op zwou Parteien verdeelt ass. Et ass méi eng grouss Solidaritéit do, wann een dat zu zwee ka maachen, wéi wann een dat eleng huet. Vun dohier fannen ech ewell, dass dat gutt ass. Och well derbäikënn, dass net nëmme d'Integratioun an och net d'Immigratioun eleng zoustänneg ass.

Mir hunn ëmmer nach - an et ass hei drop higewise ginn; besonnesch och vum Félix Braz - iwwert d'Schoul Rieds. Wann ech och nach eleng zoustänneg wier, oder den Nicolas Schmit eleng zoustänneg wier dofir, wier hien net zoustänneg fir d'Éducation nationale; hie wier net zoustänneg fir den Aarbechtsmaart; hie wier net zoustänneg fir d'Santé.

Dofir gesitt Der also, wann een esou e wichtege Projet huet wéi deen heiten, dann ass et nëmme méiglech, wann d'Leit alleguerten zesummeschaffen. Dann ass et och nëmme méiglech, wa mer dat wëlle maachen a wëlle reusséieren, wa mer et gemeinsam maachen.

Här President, ech hätt Iddi, fir hei elo wéinstens eng Stonn ze schwätzen.

(**Interruptions**)

Ech wëllt lech esou viles soen, well et wierklech eppes ass, wat mer um Häerz läit a well ech denken, dass et néideg ass, dass mer eis awer wierklech domadder ausereesetzen. Ech weess awer, dass Der mer dat wahrscheinlech géift iwwelhuelen, duerfir wëll ech dat net esou wäit driewen.

(**Interruptions diverses**)

» **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Ech lauschteren lech ëmmer gär no.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Ah, ma dat ass schéin! A souguer op där Lëtzebuerger Sprooch, wou ewell d'Leit heiansdo mengen, et wier auslännesch.

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Et ass wéi eng Rees.

» **Une voix.** - Mir hunn näischt méi vir.

(**Interruptions diverses**)

» **M. le Président.** - Kommt, lauschtert emol! Wann ech d'Madame Minister elo eng Stonn schwätze loossen, da sinn der eng ganz Rei, déi mech op d'Reglement opmierksam maachen. Mä op jidde Fall, Madame Minister, schwätzt Dir roueg. Mir lauschteren lech gären no.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Mir apprécieieren der Ministerin hir Aussprooch awer och ganz staark, egal wéi laang dass et dauert.

(**Hilarité**)

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Hir Aussprooch an hir Aussprooch.

(**Hilarité**)

Här President, ech wëll elo net nach hei mat Geplänklech Zäit verléieren, mä ech denken, dass et awer wierklech wichtege ass, fir op e puer Phenomeener hinzeweisen, wa mer gesinn, dass mer wierklech hei am Land - an

déi Zuele sinn de Mëtteg eng ganz Partie Kéiere genannt ginn - 40%, 60% Ausländer hunn an dass aner Länner aner Weeër ginn.

Ech hat d'Geleeënheet, op d'Robert-Bosch-Institut invitéiert ze ginn, fir justement iwwer Integratioun an och Demographie mat-hëllefen ze diskutéieren. A Baden-Württemberg rechne se dermat, dass se bis am Joer 2020 eng Milliounen manner Awunner hunn. „Und jede fünfte Schulbank wird leer bleiben“, hunn déi gesot. A si hunn och net wëllen, op dee Wee do ze goen. Mä da muss een awer wëssen, wéi een et op eng aner Aart a Weis fäerdeg kritt, fir senge Verpflichtungen nozekommen.

Mir gesinn also, dass d'demographesch Entwécklung an Europa generell net esou ass, dass mer iwwerhaupt emol nëmme d'Leit ersat kréien, geschweige denn, dass mer méi Leit kréien. Mir gesinn, dass et an den nordesche Länner an a Frankräich besser ass wéi op anere Plazen. Dat gesi mer virun allem, well se och eng gutt Egalitéit zwëschen Männer a Fraen hunn, déi ewell do besser zënter Jore besteet, wéi dat an deene südleche Länner de Fall ass.

Wa mir hei zu Lëtzebuerg gären en héije Liewensniveau halen, da brauche mer eng dynamesch Wirtschaft. Mir brauchen nei Aarbechtsplazen. Mir hunn am Fond just zwou Reserven: eng stëll, déi eng Kéier vun de Fraen ofhänkt fir op den Aarbechtsmaart, an déi aner och vun deenen eelereen Arbeitnehmerinnen an Arbeitnehmer.

Dat ass also och eng Fro, wéi mer eis selwer an deenen nächste Joren hei organiséieren, wat deen Einzelne vun eis och bereet ass, nach zousätzlech ze maachen a virunzemaachen, ob mer bereet sinn, méi laang och selwer schaffen ze goen, ob mer eis och nei Aarbechtsmodeller afale loossen, wou mer zum Beispill während Zäite soen: Wann d'Kanner kleng sinn, kann ee méi licht vun Aarbechtsmaart goen. Et brauch een da manner Zäit ze schaffen. Et kann een herno méi laang schaffen.

Eng aner Phas vum Liewen, wou et och wichtege wier, wou ee sech méi kéint ëm seng Leit këmmere, ass zum Beispill, wou seng Elteren al ginn oder och sai Partner oder seng Partnerin eventuell fleegbedürftig ass; fir eis also och do nei Modeller afalen ze loossen, wéi dat, wat mer bis elo traditionell gemaach hunn.

D'Europäesch Kommissioun seet, dass bis 2020 20 Milliounen Leit an d'Pensioun ginn a bis 2050 50 Milliounen Arbeitnehmerinnen an Arbeitnehmer an Europa pensionéiert ginn. Da brauch een hei keng Zeechnung ze maachen, fir ze weisen, wéi dat och bei eis an deenen nächste Joren ausgesäit, an dass mer sécher mussen aner Leit siche goen - an Afrika an Asien -, well mer se hei och net méi an Europa an och net an der Groussregioun fannen, esou wéi mer dat an deene leschte Joren haten.

Bis elo feelen an der ganzer Welt enorm vill Fachkräften, zum Beispill Ingenieuren a Fachaarbechter.

(**Brouhaha et coups de cloche de la Présidence**)

» **M. le Président.** - Ech bieden ëm e bëssen Opmierksamkeit fir d'Madame Minister!

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Merci, Här President.

Dir hutt zum Beispill gesinn, dass an Ost däitschland während laange Joren net méi nei Leit ausgebilt si ginn um Aarbechtsmaart an dass se - si sinn haut elo vläicht geschwënn erëm an enger anerer Situatioun, mä - während enger Zäit, wou d'Ekonomie besser gaangen ass, gann schlecht dru waren, well se keng Fachaarbechter méi haten, fir an hire Betriber ze schaffen.

Hei zu Lëtzebuerg wëll ech all deene Leit, déi heiansdo jo domm Remarqué maachen, eppes soen. Ech ginn deenen alleguerten och Recht, déi hei gesot hunn: Mir sinn och hei net geimpft géint Rassismus. Mir mussen also do ganz wachsam sinn. Mä zënter ganz laange Jore géif emol keen Haus méi gebaut ginn, et géif net méi ganz vill gebotzt ginn hei zu Lëtzebuerg, et géifen net méi ganz vill Leit gefleegt ginn an den Altersheimer an an de Kliniken, wann net auslännesch Leit do wieren. Dass muss een heiansdo och soen, fir dass een emol gesäit, dass dat net esou abstrakt Geschichte sinn, déi hei erzielt ginn, mä dass et ganz normal a ganz alldeeglech Froe sinn, déi sech do stellen.

Dofir brauche mer nei Gesetzer, sougutt fir d'Immigratioun wéi och fir d'Integratioun. Déi verschreift een awer net. Dofir wëll ech deene Kolleeginnen a Kolleegen soen: Hei hu mer e Kadergesetz. Ech géif mer eigentlech wënschen, mir géifen haaptsächlech

Kadergesetzter maachen. Well näischt hënnert eis drun, fir villes ze maachen, wa mer de Kader derfir hunn. Mä heiansdo schreiw mer Saachen dran, a wa mer se bis drageschriwwen hunn, da mierke mer, datt et net ëmmer esou einfach ass, fir se herno och erëm ëmgesat ze kréie respektiv datt d'Ëmsetzungen och net esou evident sinn.

» **M. le Président.** - Très bien!

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Intégratioun ass eppes, wat een net per Gesetz verschreift. Mä Intégratioun - an dat ass vu villen elo gesot ginn - ass eppes, wat sech all Dag nei erschafft vun den Immi-granten a vun de Lëtzebuenger.

Et ass keng Einbahnstrooss. A wa mer 1993 ee Gesetz haten, wou vill Elementer vun der Intégratioun dra waren, da muss mer eis awer opgrond vun deenen neien Eraus-fuerderunge bewosst sinn, datt mer méi eng proaktiv a voluntaristesche Politik brauchen, fir eben och dat doten ze realiséieren.

Mir hunn haaptsächlech bis elo Immi-gratioun aus Europa. Mir hu just 6,5% Bierger, déi aus Drëttstate kommen. Ech si ganz frou, datt de Félix Braz och hei gesot huet, datt eis Intégratioun net esou schlecht war. Mir hate bis haut net Quartieren, wou kee Mënsch sech dra getraut huet. Mir hate bis haut keng Autoen, déi gebrannt hunn. Mir hate bis haut vill Saachen net, déi op anere Plaze waren, well eben déi Intégratioun hei am grouss Ganzen awer gutt fonctionnéiert huet.

Dat huet och Grënn: Well mer néierens Quartieren haten, wou exklusiv Leit aus der Immi-gratioun dra gewunnt hunn, déi sech selwer eleng iwwerlooss goufen. Dir kënnt duerch d'Lëtzebuenger Land fueren an Dir fannt net een Duerf ouni Ausländer. A wann een eent fënn a mer seet: Do ass keen eenzeg Ausländer, deen dra leeft, weist Der mer dat, an da ginn ech mat lech e Patt do an dat Duerf drénken, well dat, mengen ech, existéiert net.

» **Une voix.** - Dann ass et awer schwéier, nach e Wiert ze fannen, deen nach e Lëtzebuenger ass.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Dat ass allerdéngs net falsch. Et ass schwéier, datt mer dann e Wiert fannen. Dat ass erëm eng aner Fro.

(**Hilarité**)

Mä ech mengen net, datt dat elo awer hei...

(**Interruption**)

Ech wëll just soen, datt besonnesch an där doter Debatt an deene leschte Joren och d'ONGen eng wichteg Roll gespillt hunn. Vun den ONGen, déi heiansdo mat mir Sträit hunn an ech mat hinnen, muss ech awer soen, datt se ganz vill a wäertvoll Aarbecht geleescht hunn, besonnesch och do-duerch, datt se sech ëm d'Kanner gekëmmert hunn, ëm d'Kanner an d'Jugend-lech an deene Quartieren. Ech denken un d'Caritas, ech denken un d'Inter-Actioun, ech denken un d'Croix-Rouge an ech kéint esou virufueren. Dat si Leit, déi wierklech ganz villes opweises hunn.

Vun dohier denken ech, datt mer iwwer-haapt ni hätte kënnen dat Gesetz hei maachen, ouni datt mer alleguerte mat deene Leit doriwwer diskutéiert hätten, zesummen och mat dem Syvicol, mat deem mer iwwregens zu Steesel eng Sëtzung haten, wou och auslännesch Leit do waren, deemools zum Beispill och e Vertrieeder vu Gand, well mer ebe woussten, datt déi do eng ganz speziell Politik géife maachen.

Niewent dem Stat, de Gemengen an der Zivilgesellschaft muss mer alleguerten a jiddferen Säint derzou bäidroen, fir dee grouss Chantier vun der Intégratioun ze réusséieren. An ëmmer erëm, wann et Viruerteeler gëtt an eiser Gesellschaft vis-à-vis vun deem Friemen oder deene Friemen, da muss ee wëssen, datt et virun allem d'Angscht ass.

Ech géif hei wëllen de Buergermeeschter vu Wolz fir Témoins huelen, datt mer während Joren eng Diskussioun haten zu Wolz, datt d'Leit gesot hunn, owes un aacht Auer traue kee sech méi zu Wolz, virun d'Dier ze goen. Dunn hate mer eng Kéier eng grouss Réunioun do, wou de ganze Sall voll war zu Wolz. Wat net esou evident ass, wann een eppes do organiséiert. Mir hunn zu de Leit gesot: Wat ass da geschitt? An dunn hunn d'Leit gesot: Jo, mä owes kann een net erausgoen, da sti se ëmmer do op der Strooss an da kënnt een net mam Hond laanscht. Et huet een am Fong gemierkt, datt et eng Angscht war, déi d'Leit gespiert hunn, mä datt se awer net konnte soen, et wier eppes Konkretes, wat geschitt wier.

Duerfir wëll ech nach eng Kéier soen, et geet also hei dorëm, datt d'Leit sech kenne léieren. Mëttlerweil ass dat keen Thema méi. Do ass och villes geschaff ginn, och vill mat ONGen. Dat ass haut net méi déiselwecht Situatioun. Mä wéi gesot, et ass eppes, wat net vum selwe geet. Duerfir muss mer eis dorëmmer ëmsou méi beméien.

Esou wéi d'Lëtzebuenger e Logement an eng Aarbecht brauchen, mat deene se würdeg kënnen liewen, brauchen d'Aus-länner dat selbstverständlech och. Si mussen awer op där anerer Säit och hiert perséinlech Engagement huelen, fir sech wëllen ze integréieren. An ech wëll soen, et ass integréieren an net assimiléieren, well mer net wëllen hunn, datt d'Leit op alles muss verzichten, wat se aus hirem fréiere Liewe matbruecht hunn, mä well mer gären hätten, datt si och un hirer Kultur an hiren Traditione kënnen festhalen. Mä si mussen awer och d'Wärter vu Lëtzebuerg respektéieren, ob dat d'Mënscherechter sinn, ob dat d'Gläichheet zwëschent Männer a Fraen ass an eng ganz Partie anerer vun deene wichtege Froen.

Da komme mer selbstverständlech awer zu der Sprooch: zum Lëtzebuergeschen. Wat jo net ëmmer esou einfach ass. Wa mer soen, mir proposéiere Sproochecoursen iwwer dee Contrat d'intégration, dann ass dat fir Leit, déi heihinner kommen an déi weder Däitsch nach Franséisch nach Lëtze-buergesch kënnen. Si kënnen eng vun deene Sprooch wielen a fir fënn Euro an e Cours goen.

Selbstverständlech muss um Enn vun deem Cours deen, deen de Cours gehalen huet, derbäischreiw, déi Persoun war do an huet och probéiert, hiert Bescht ze maachen, fir eppes doraus ze léieren, fir datt Der och wësst, datt mer eis awer och do e bësselche méi Gedanke gemaach hunn, wéi dat vläicht op den éischte Bléck ausgesäit.

Mir gesinn och, datt ganz vill Angeboter elo ewell gemaach goufen an de Gemengen, och vun ONGen, fir eben de Leit doranner virunzehëllefen.

Zu Metz, ebe just op deem berühmten Aus-fluch, deen dohinner gemaach gouf, hunn d'Leit dann alt erëm gesot: Wann et dorëm geet, datt eng Gasleitung soll explodéieren, da kënnen mer net ufänken, a 77 Sproocher de Leit ze soen, passt op, et ass eng Gasleitung amgang, defekt ze ginn, a wann Der mat Ärer Zigarette erausgitt, da flitt alles an d'Luucht. Also ass et och wichteg aus praktesche Grënn, de Leit ze soen, hei probéiert d'Sprooch ze léieren, et ass an Ärem Interesse wéinstens esou vill wéi an engem anere sengem.

Mir haten en anert Beispill vun enger Hol-lännerin, déi en Altersheim wollt opmaache fir eeler Hollänner hei zu Lëtzebuerg. Ech hunn zu der Madame gesot, dat kënnt net a Fro, well mir fänken net un, fir 193 ver-schidden Nationalitéiten Altersheimer ze bauen. Mä déi Fra huet mer do awer eppes gesot, wat mer och ageliecht huet. Si huet gesot: Meng léif Madame, wësst Dir, wéi schwéier et ass, wann een a sengem Liewen ni Lëtzebuergesch geléiert huet an op eemol ufänkt, al an demont ze ginn, an et ass kee méi do, deen ee versteet?

Duerfir wëll ech soen, ech schwätzen hei net aus Nationalismus, mä ech soen einfach, et ass fir deem Eenzelne säi Liewe vill méi kammoud, wann e léiert Lëtze-buergesch ze schwätzen, wann e léiert, sech mat deene Leit hei ronderëm ze ënner-halen. Wa mer kucken an eise Quartieren, da schwätzen déi eng Franséisch, déi aner Däitsch, déi aner Englesch. Also ass d'Lëtze-buergesch fir mech eigentlech eng Sprooch, wou et wichteg ass, datt ee se kann, fir matenee kënnen ze kommuni-zéieren.

En anert ganz flott Beispill, wat mer hunn, datt ass an der Gemeng Déifferdeng, wou mer mat der Initiativ Liewensufank ze-summe bei Leit ginn, déi Kanner kréien, wou d'Gemeng dat matdréit, a wou se och kucken, datt se wa méiglech Leit hunn, déi aus der Immi-gratioun kommen, fir an där Sprooch an déi Kultur kennend mat deene Leit ze schwätzen, déi eben dat Kand kréien - Kapverdianer, Portugisen an esou virun.

Ech gesinn, datt dat nach eng kleng Initiativ ass, mä ech kéint mer gutt virstellen, datt se sech och iwwer d'Land géif als wäertvoll erweisen, well déi Leit och wësst, wouhi se sech misste wenden, wa se eng Kéier Problemer hätten. Da gesinn ech, datt dat alles esou Initiative sinn, déi nach net generell bis elo sinn, mä wou een awer gesäit, datt dat och eppes bréngt.

Ech gesinn d'Jugendhaiser, wou mer mat de Gemenge villes dra schaffen a wou mer besonnesch gesinn, datt do ganz vill

Jugendlecher aus der Immi-gratioun dra sinn, méi wéi an deenen traditionelle Veräiner. Da gëtt ëmmer erëm gesot, fir Kapverdianer, fir d'Portugisen ass dat wichteg. D'Pompjeeë spillen eng wichteg Roll. A bei ville Kanner, déi vläicht d'Chance net haten, an der Schoul mat virunze-kommen, ass et wichteg, hinnen ze weisen: Dir gitt an eiser Gesellschaft gebraucht. Mir brauche Pompjeeën, mir brauche Seku-risten, also probéiere mer dat och ze maachen.

Ech weisen lech hei just e puer esou Biller, wou mer amgang sinn, elo e Kalenner ze maachen, fir eben déi Jugendlech och ze motivéieren, fir do matzemaachen a fir hinnen domadder e Gefalen ze maachen op där enger Säit an eis op där anerer Säit och erëm. Fir domadder och erëm eng Kéier ze beweisen, datt et wichteg ass, datt et Geben und Nehmen ass.

Wichtig ass et och, déi Jugendlech oder Leit ze weisen, déi aus der Immi-gratioun kommen an déi et hei zu Lëtzebuerg fäerdeg bruecht hunn, hiert Liewe gutt ze réusséieren,...

(**Brouhaha et coups de cloche de la Présidence**)

...ob dat de John Castegnaro ass,...

(**Hilarité**)

...ob et de Félix Braz ass, oder wien och ëmmer et ass, ze weisen an ze soen: Kuckt emol, dat si Leit, déi kommen aus der Immi-gratioun!

(**Interruption**)

Den Här Bettel, a wahrscheinlech sinn et der nach.

(**Interruptions**)

Ech wëll einfach soen, dat ass e wichteg Zeechen, fir de Leit do ze soen, och Dir als Kanner, wann Der och net vun hei sidd, Dir hutt déiselwecht Chancen a musst och déi-selwecht Mëttelen a Méiglechkeete kréien, fir kënnen am Liewe virunzuekommen.

Mir gesinn zum Beispill, datt am Ausland et keng Schwierigkeete gëtt mat där éischter Generatioun vun Immi-gréierten an och net mat där zweeter, mä datt d'Problemer haaptsächlech an der drëtter Generatioun komme bei Kanner, déi soen, mir si gebuer hei an Holland oder a Frankräich, mir sinn hei an d'Schoul gaangen a mir hunn awer keng Chance a kommen awer zu näischt an eisem Liewen, déi dann eng llicht Beute si fir alleguerten déi Leit, déi net vill...

(**Coups de cloche de la Présidence**)

» **M. le Président.** - Léif Kolleegen, d'Madame Jacobs hält hei zu enger ganz sensibeler Matière eng Ried. Ech géif awer wierklech ëm Opmierksamkeit biede fir dat, wat se seet!

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Ech gi mer awer Méi, Här President, fir elo séier opzehalen, well ech gesinn, datt dat awer net esou interesséiert. Mir strapazéieren d'Leit vläicht awer, well et ze vill laang dauert.

Ech wëll soen, datt déi Intégratioun keng europäesch Kompetenz ass. D'Immi-gratioun ass et, mä net d'Intégratioun. Elo kierzlech huet déi drëtt Konferenz doriwwer stattfonnt, a mir hunn awer do gemierkt, datt d'Intégratioun eppes ass, wou déi eenzel Länner sech eigentlech hir Kompetenze selwer mussen erschaffen a wou mer dat also net vu vireran an d'Wéi geluecht kréien.

Mir hunn d'Gesetz vun 1993 net evaluéiert, well de Conseil d'État eis niewebäi gesot huet, mir bräichten dat hei och net ze bilan-zéieren, well dat alles net néideg wier. Ech sinn och frou, datt eng ganz Partie vun deenen Iddien, déi mer am Gesetz oder am Projet haten, och vun der Kommissioun positiv matbegleet goufen a gesot gouf, mir wëllen awer hunn, datt dat do och viru-gefouert gëtt. Doduerch, datt mer elo den Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration hunn, denken ech, datt mer och domadder e Schrëtt méi virukommen.

Ech wëll awer och soen, datt an deene Joren et net ëmmer méiglech war, déi Intégratioun ze maachen. De Kommissariat ass net schlecht ewechkomm an deem Rapport, well e seng Aarbecht net gemaach hätt, mä well e ganz vill Aarbecht hat mat deemools enger ganz grousser Zuel vun Demandeurs d'asile, déi komm sinn, an nëmnen eng kleng Zuel vu Leit zur Ver-fügung hat, déi sech dorëmmer hu misse këmmen.

De Contrat d'accueil et d'intégration ass fräiwëlleg, sougutt fir déi eng wéi fir déi aner. Fir déi Leit aus Europa hate mer iwwer-haapt keng aner Wiel, an duerfir hu mer gesot, mir ginn en net obligatoresch aféiere

fir déi, déi aus Drëttstate kommen, well et ganz dacks Leit sinn, déi an der Industrie an an de Betriber gebraucht ginn. Also hu mer gesot, fir jiddferen, dee kënnt, maache mer et éischter, datt mer d'Leit incitéieren, dee Kontrakt ze ënnerschreiw.

Dofir soe mer, Dir kritt e Sproochecours, Dir kritt e Civiquescours, Dir kritt och Infor-matiounen, a mir maachen eng Journée d'information, wou d'Leit iwwer alles in-forméiert ginn, wat mat der Gesondheet ze dinn huet, wat mat der Schoul ze dinn huet. All déi Froen, déi e Mënsch sech ka stellen, kréie se do beäntwert. Et sinn d'Gemengen, déi d'Leit drop opmierksam maachen, datt se sech kënnen un den Office d'accueil et d'intégration wenden, fir eben do alleguer-ten déi Informatiounen ze kréien, déi se brauchen.

Mir hunn, fir op déi Fro vum Här Henckes ze äntwerten, och elo ewell Suen am Budget gehat, a mir hunn d'Gemengen uge-schriwwen, mat engem Bréif derbäi, wou mer hinne gesot hunn, wat fir eng Méiglech-keete se hätten, fir Aktiounen ze maachen. Ech mengen net, datt et esou ass, datt d'Gemengen net wëllen Aktiounen maachen, mä datt si ganz dacks einfach net wossten, wat se kéinte maache fir d'Intégratioun. Bis elo ass awer den Erfolleg nach net gradesou grouss. Dofir wiere mer och frou, wa jiddferen heibannen, deen an de Gemengen eppes ze soen huet, nach där Projekte géif maachen, souguer nach fir 2008. Selbstverständlech sinn och am Budget vun 2009 Sue virgesinn, fir datt déi Aktiounen och kënnen virugefouert ginn.

Mir hate während enger laanger Dis-kussioun an der Chamberskommissioun gesot, datt mer déi Gemeengekommis-siounen, déi elo am Amt sinn, virufuere loosse, se weider fonctionnéiere loosse bis no den nächste Wahlen, well et ze vill komplizéiert ass, fir elo matzen an der Gemeengelegislaturperiod domadder opze-halen.

Interkulturellen Dialog ass sécher eppes, wat wichteg ass, a wat mer och mussen zwëschent dem Stat, de Gemengen an den ONGe förderen, an de pluriannuelle Plan d'action ass fir mech den A an den O. Fir mech gehéiert an dee pluriannuelle Plang zum Beispill de Congé linguistique dran. Et gehéiert dran, datt Jugendlech kënnen an d'Jugendhaiser goen, datt d'Eltere wëssen, wat fir eng Structures d'accueil et fir hir Kanner gëtt.

» **M. le President.** - Madame Minister, Dir musst zum Schluss kommen.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Jo, ech halen elo direkt op, Här President.

A mir hunn e Bilan virgesinn, deen no fënnef Joer gemaach gëtt, fir datt mer dann och gesinn, wat mer gutt gemaach hunn a wat mer nach hätte kënnen besser maachen.

Iwwer déi aner Saachen hätt ech elo nach e bësse kënnen schwätzen, mä dat Meesch dovunner ass schonns gesot ginn. D'Ma-dame Rapportrice hat jo iwwer déi ver-schidden Instrumenter geschwat, an ech denken a sinn och iwwerzeegt, datt mer eis no enger Zäitche wäerten erméigegen, fir dann ze kucken, wat gutt gung, respektiv och dat, wat manner gutt gung.

Villmoos Merci, datt Der mer haut den Owend dat Gesetz hei wäert stëmmen.

» **M. le President.** - Merci, Madame Minister.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zur Ofstëmmung vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5825 ass eestëmmeg uge-holl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marcel Sauber (par Mme Martine Stein-Mergen), Jean-Paul Schaaf, Marco

Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme

Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps, Claude

Meisch (par M. Alexandre Krieps) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm fir haut. Déi nächst Sitzung si programméiert fir den 18., 19. an 20. November.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.06 heures)

SÉANCE 8

Mardi, 18 novembre 2008

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président, Mme Anne Brasseur, Doyenne

Sommaire

1. Communications

- M. le Président

2. Ordre du jour

- M. le Président, Mme Viviane Loschetter, M. Xavier Bettel
- Vote (proposition de modification de l'ordre du jour rejetée)

3. Dépôt d'une motion par M. Claude Meisch

- M. Claude Meisch

4. Déclaration de politique européenne et étrangère présentée par M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration

- M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration

5. Résolution de M. Charles Goerens relative à l'instauration d'une commission spéciale pour le suivi de tous les aspects liés à la crise financière et au ralentissement économique

- Exposé: M. Charles Goerens
- Discussion générale: M. Gast Gibéryen, M. Ben Fayot, M. Michel Wolter, M. Félix Braz
- Vote (résolution adoptée)

6. 5622 - Projet de loi portant réforme de la formation professionnelle et portant modification a) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État; b) de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue; c) de la loi du 1^{er} décembre 1992 portant 1. création d'un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue; d) de la loi du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du Travail

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. John Castegnaro
- Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, Mme Anne Brasseur, Mme Viviane Loschetter (déposant un amendement), M. Robert Mehlen, M. Marc Spautz, M. Eugène Berger, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Mme Anne Brasseur, M. Marcel Oberweis, Mme la Ministre Mady Delvaux-Stehres
- Vote sur l'amendement (rejeté)
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs, Mady Delvaux-Stehres et M. Mars Di Bartolomeo, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.03 heures)

» M. le Président. - Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

» M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration. - Neen, Här President.

1. Communications

» M. le Président. - Ech hu folgend Matdeelungen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

5955 - Projet de loi relative à l'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte et à la Loterie Nationale et modifiant: - la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; - la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, le 11.11.2008

5956 - Projet de loi portant modification de la loi du 13 mars 2007 autorisant la participation de l'État à la reconstruction de l'Aile Centrale, à la rénovation, la transformation et la modernisation de l'Aile Cité du Centre intégré pour personnes âgées de la Fondation J.-P. Pescatore

Dépôt: Madame Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 17.11.2008

5957 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) N°689/2008 du Parlement européen et du Conseil du 17 juin 2008 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux

Dépôt: Monsieur Lucien Lux, Ministre de l'Environnement, le 17.11.2008

3) En date du 12 novembre 2008, l'association „Fir méi Liewensqualitéit“ a.s.b.l. a remis la pétition N°290 contre les nuisances excessives aux environs de la station émettrice de RTL à Marnach.

4) La Région Europe de l'Assemblée parlementaire de la Francophonie (APF) s'est réunie du 5 au 8 novembre 2008 sur invitation de la section bulgare. La Chambre des Députés y fut représentée par M. le Député Michel Wolter.

La Bulgarie figure en tant que section associée parmi les 28 sections de la Région Europe de l'APF. Ces sections associées sont formées par les parlements qui font usage de la langue française, notamment dans les réunions internationales, et qui encouragent l'usage, l'enseignement et la diffusion de la langue française.

Sur le plan culturel et spirituel, des générations de Bulgares considèrent l'apprentissage de la langue française comme une voie de ralliement et d'association aux valeurs et aux idéaux humains universels. L'enseignement du français et le respect pour la culture et la civilisation française témoignent de leur volonté d'édifier leur société et leur état démocratique et de droit sur base de ces valeurs universelles. Le français est la première langue ouest-européenne enseignée dans les écoles et les universités bulgares.

Au cours de son allocution lors de la cérémonie solennelle d'ouverture, M. Freddy Deghillage, Chargé de Mission Europe de l'APF, a souligné qu'avec la mondialisation «la francophonie est passée de la langue à la culture, de la culture à la politique et de la politique à l'économie» et qu'elle entretient «des rapports étroits avec d'autres régions du globe et veille, grâce à une diplomatie préventive, à rendre aux pays ou aux régions en crise une légitimité au sein de la communauté internationale».

Les travaux à l'ordre du jour

Les travaux de la XXI^e Assemblée régionale Europe ont porté sur le thème «Le développement des relations internationales régionales dans l'Europe élargie: de nouveaux espaces de coopération pour la Francophonie et pour une Europe plus forte et plus crédible».

Ce thème a été discuté à travers trois panels: la Francophonie, un acteur global dans les relations internationales, au service de la démocratie; les rapports de la Francophonie, ensemble géopolitique, avec les régions, et les liens régionaux de coopération de l'UE et au sein de l'UE: enjeux pour les États membres de la Francophonie.

Adoption d'une résolution

À l'issue des débats, une résolution a été adoptée dans laquelle les quelque 60 parlementaires participants invitent l'Organisation internationale de la Francophonie (OIF) «à continuer à axer ses interventions sur les droits de l'Homme, l'État de droit, le développement durable et la diversité culturelle» et «à favoriser l'organisation, dans la sphère francophone, de débats d'idées à tous les niveaux de représentation».

Programme d'actions et de coopération

M. Tanguy de Wilde, Professeur à l'Université catholique de Louvain, a présenté le rapport final concernant la formation par visioconférences qui a été organisée au profit de la section moldave, en collaboration avec l'Université d'État de Moldavie. Au vu du bilan très positif, cette expérience va être renouvelée avec une université de la section roumaine.

2. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun haut ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz Folgendes fir dës Woch proposéiert:

Haut de Mëtteg héiere mer fir d'éischt d'Déklaratioun iwwert d'Europa- an d'Aussepolitik vum Här Ausseminister Jean Asselborn. Duerno hu mer d'Resolutioun vum honorabelen Här Goerens iwwert d'Schaf vum enger Spezialkommissioun fir de Suivi vun all den Aspekter vun der Finanzkris. An als leschte Punkt hu mer haut um Ordre du jour de Projet de loi iwwert d'Formation professionnelle.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi féiere mer d'Debatt iwwert d'Europa- an d'Aussepolitik. Duerno hu mer dräi Projeten, en Ofkommen mat Frankräich, Däitschland a Lettland iwwert den Austausch vu sougenannte klassifizierten Informatiounen; an dann nach de Projet de loi iwwert d'wirtschaftlech Diversifikatioun.

En Donneschdeg um hallwer dräi proposéiert d'Presidentekonferenz fir d'éischt de Projet de loi iwwert d'Aide à l'enfance et à la famille; duerno de Projet de loi 5894, eng Ofännerung vum Code civil; de Projet de loi 5770 iwwert de Beruff vum Affekot; an dann nach e Projet de loi, wat en Ofkommen ass mat der Schwäiz géint d'Fraude; a schlussendlech e Projet de loi iwwert d'Ressourc vum den europäesche Gemeinschaften.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

D'Madame Loschetter huet d'Wuert gefrot. Madame Loschetter, wann ech gelift.

» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Mir froen de Projet de loi vum Donneschdeg, Aide à l'enfance et à la famille, vum Ordre du jour erofzehuelen. Ech erklären och firwat.

Mir hu säit der Rentrée parlementaire eis a ganz genau dräi Séancen an der zoustänneger Familljekommissioun domadder beschäftigt. Eng éischte Kéier, wou mer den Avis complémentaire vum Conseil d'État examinéiert hunn an déi noutwendeg Amendementer formuléiert hunn, fir deenen Opposition-formellen entgéintzewierken.

Zwee Deeg duerno hu mer an dārselwechter Chamberskommissioun e Rapport presentéiert kritt an en ass ofgestëmmt ginn. An elo dës Woch steet dee Projet de loi zum Vote.

Mir wëssen awer, datt dee Projet de loi - an déi Diskussioun ass och gefeuert ginn -

éischter esou e Kaderprojet ass, wou eng ganz Rëtsch sécherlech noutwendeg Prinzipien dra festgehale ginn. Awer mir kënnen eigentlech net aschätzen, wat fir eng Inzidenz dëse Kaderprojet kritt, well eng Rei vu Rëglemens grand-ducaux nach opstinn. Notamment déi, déi de Fonctionnement vum ONE mussen definieren.

Mir wëssen, datt eng Kreatioun vun engem Organ geschaf gëtt. Mir kënnen awer aus deem Projet de loi à ce stade net erausfannen, wéi dee Fonctionnement sech deet. Mir kënnen à ce stade och net erausfannen, wéi herno d'Négociatioun vum de Forfaité sech doen. Mir kënnen och net erausfannen, notamment am Artikel 12 an der Relatioun tëschent dem Stat an de Gemengen, wéi mer herno matenee fonctionnéieren, wat d'Structure-d'accueil an de Gemengen ubelaangt.

Ech denken, datt dat awer elementar wichteg Informatiounen sinn, déi och deem ganze Projet de loi eng Substanz ginn, an déi eigentlech och déi politesch Richtung herno definieren vum deem Projet de loi a vun deenen Elementer, déi dra beschriwwen sinn; notamment d'Organisatioun, d'Gestioun, de Contrôle, de Suivi an d'Evaluatioun vun engem awer groussen Deel vum soziale Secteur a vun der sozialer Politik esou wéi d'Regierung sech déi virstellt.

Aus deenen Ursache proposéiere mir hei, dee Projet de loi vum Ordre du jour erofzehuelen an ze waarde bis déi zousätzlech Informatiounen, notamment iwwer e Règlement grand-ducal, ons virleien, fir datt mir wierklech och kënnen en connaissance de cause herno iwwert d'Organisatioun vun deene Saachen, déi ech elo just hei erzielt hunn, ofstëmmen.

Et ass evident, datt, deemno wéi d'Organisatioun an d'Gestioun vu verschiddenen Organer ass, zum Beispill notamment iwwert d'Forfaiten, déi négociéiert musse ginn am soziale Secteur, dat entweder déi eng oder déi aner politesch Richtung kritt. Wa mer dat net kréien, da wäerte mer eis verpflichtet fillen als gréng Fraktioun - an dat deet eis dann och leed -, fir géint dee Projet ze stëmmen, well mer wierklech net wëssen, a wéi eng Richtung d'Regierung wëllt mat dësem Projet de loi um Niveau vun der Sozialpolitik hei zu Lëtzebuerg goen.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Madame Loschetter. Wëllt nach ee Stellung huelen zur Proposition vun der Madame Loschetter?

Här Bettel, wann ech gelift.

» M. Xavier Bettel (DP). - Här President, ech hat och schon an der Kommissioun Besuegner ausgedréckt iwwert déi Base de données, déi do gemaach gëtt vis-à-vis vun de Kanner. D'Madame Ministesch huet mer gesot, dass d'Kommissioun vum Här Lommel gefrot wär.

Wa mer et da vum Ordre du jour géifen huelen, wär ech och selbstverständlech frou, wa mer en Avis écrit vun der Kommissioun do géife kréien, fir eis ze bestätegen, dass et do keng Contradictioun gëtt iwwert d'Protection des données.

Selbstverständlech wäerte mer d'Proposition vun der Madame Loschetter och ënnerstëtzen.

» M. le Président. - Et ass soss keen, deen d'Wuert freet. Da stëmmen mer elo of iwwert deen Ordre du jour, esou wéi d'Präsidentekonferenz e proposéiert huet. Wann deen ugeholl gëtt, dann ass domat implizit d'Demande vun der Madame Loschetter verworf. Wann en net géif ugeholl ginn, da gesi mer, wéi mer den Ordre du jour façonéieren.

Mir stëmmen of iwwert den Ordre du jour vun der Präsidentekonferenz.

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Négation)

De Vote électronique ass gefrot.

Vote

Déi, déi mam Ordre du jour vun der Präsidentekonferenz d'accord sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder Enthaltung.

(Interruptions diverses)

Also Neen! Dir Dammen an Dir Hären, wann ech mech awer net dättelech sollt ausgedréckt hunn: Mir stëmmen of iwwert den Ordre du jour, esou wéi d'Präsidentekonferenz e proposéiert huet. Dat heescht, do ass de Projet de loi, deen d'Madame Loschetter freet fir erofzehuelen, derbäi. Wie mat där Proposition d'accord ass, stëmmt mat Jo, déi aner mat Neen oder Enthaltung. De Vote ass elo ofgeschloss.

Den Ordre du jour vun der Präsidentekonferenz ass ugeholl mat 37 Jo-Stëmmen, bäi 20 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber (par M. Michel Wolter), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mmes Claudia Dall'Agnol, Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry).

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Den Här Meisch huet d'Wuert gefrot.

3. Dépôt d'une motion par M. Claude Meisch

» M. Claude Meisch (DP). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, scho méi wéi eng Kéier ass hei iwwert d'Ém-wandlung vun der Administration de l'Emploi an en eventuellen Établissement public diskutéiert ginn.

Mir wëssen, datt och den Aarbechtsminister François Biltgen schon déi eng Kéier éischter derfir, déi aner Kéier éischter dergéint war, fir d'Arbeitsamt an en Établissement public énzewandelen. Mir wëssen, datt och den Ombudsman a sengem leschte Rapport dach dättelech gefuerdert huet, datt et zu strukturelle Change-menter misst kommen um Niveau vum Arbeitsamt.

Haut de Moien hu mer och am „Tageblatt“ gelies, datt den honorabelen Deputéierte Romain Schneider - LSAP-Generalsekretär, an ech géif bal soen, Insider an alle Froen, wat d'ADEM ubelaangt - och gesot huet, datt d'LSAP net prinzipiell géint d'Schaffung vun engem Établissement public wär, fir d'ADEM doranner opgoen ze loossen.

Duerfir mengen ech, datt mer hei endlech sollte virkommen an der Reform vun der Administration de l'Emploi, an ënnerstëtzen dat nach eng Kéier mat enger Motioun.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant les déclarations de Monsieur le Ministre du Travail et de l'Emploi lors du dernier débat d'orientation sur l'évolution du chômage et la situation sur le marché de travail en date du 21 novembre 2007;

- considérant la dernière recommandation de l'Ombudsman concernant le fonctionnement de l'ADEM;

- considérant les déclarations de l'honorable Député Monsieur Romain Schneider dans l'édition du quotidien „Tageblatt“ d'aujourd'hui;

invite le Gouvernement

- à étudier la possibilité de transformer l'ADEM en établissement public;

- à déposer un projet de loi modifiant la loi du 21 février 1976 concernant l'organisation et le fonctionnement de l'Administration de l'Emploi de façon à renforcer le rôle de l'ADEM dans le domaine de la formation des demandeurs d'emploi et à procéder à une définition des droits des chômeurs tenant compte des efforts propres déployés en matière de recherche d'emploi.

(s.) Claude Meisch

» M. le Président. - Merci, Här Meisch. Ech ginn lech Akt vum Dépôt vun där

Motioun. D'Präsidentekonferenz decidéiert, wéini dass déi op den Ordre du jour kënn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, d'Deklaratioun vum Här Ausseminister Jean Asselborn. Här Ausseminister, Dir hutt d'Wuert.

4. Déclaration de politique européenne et étrangère présentée par M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration

» M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Haapterausfuerderungen, déi sech eiser Aussepolitik stellen, bleiwe fundamental déiselwech wéi d'Jore virdrun: Sécherheet, Klimawandel, Aarmut an der Welt, Migration an nohalteg Entwécklung. Mä d'Émfeld, an deem sech hautdësdags d'Aussepolitik bewege muss, ass vun déiwe Verännerunge markéiert:

Éischtens emol, déi regional an och global Acteur sinn op der Weltbühn opgetrueden;

zweetens, déi universell Wäerter, op déi d'international Uerdnung zënter 60 Joer opgebaut ass, schéngen haut manner Resonanz ze fannen;

drëtzens, d'Gewalt als Mëttel, fir politesch Differenzen tëschent an och an de Länner ze léisen, schéngt erëm Opwand kritt ze hunn;

véiertens, d'Nationalismen an d'Fundamentalisme si verstärkt,

a fénneftens, d'multilateral Institutiounen an hir Capacitéiten, fir global Problemer ze léisen, gi vu verschiddene Säiten a Fro gestallt.

An dëser komplexer a fluider Konstellatioun ass et net méi einfach ginn, fir zum Friden an zur Stabilitéit an der Welt bäizetroen. D'Lëtzebuurger Aussepolitik, déi sech als eng europäesch Aussepolitik versteet, ass och an dëser Evolutioun affektéiert. Mir mussen dem neie Kontext Rechnung droen, wa mer eis den Erausfuerderungen, déi sech eis presentéieren, stelle wëllen. Hei spillt Europa weiderhin eng wichteg Roll an der Lëtzebuurger Aussepolitik, well Europa eis et erméiglecht, eigentlech eis Wäerter wirksam no baussen ze droen.

D'europäesch Bierger liewen haut an engem Raum vu Friden, vu Fräiheet, Wuelstand a Solidaritéit, deen et soss néierens op der Welt gëtt. Dat ass net selbstverständlech. Et ass méiglech ginn, well mer zesumme geschafft hunn, fir Europa staark ze maachen, a well och e staarkt Europa eng wichteg Kontributioun maache kann, wann et drëm geet, eng koordinéiert Äntwert op déi global Erausfuerderungen ze ginn, deene mer eis zesumme stelle mussen.

D'Stëmm vun der Europäescher Unioun gëtt ëmmer méi gehéiert an et gëtt hir och ëmmer méi nogelauschert. Den europäesche Modell iwwerzeegt an inspiréiert. D'Attraktivitéit vun der Europäescher Unioun ass staark, well d'Europäescher Unioun als Projet ee Succès ass.

Europa affirméiert sech ëmmer méi als e globalen Acteur, dee méi eng spezifesch europäesch Approche un den Dag leet, wann et drëm geet, global Problemer unzegeen.

D'Fro, déi sech an deem neie geopolitische Kontext haut stellt, ass déi heiten: Wéi kënne mer d'Stabilitéit, déi Europa zënter Jorzéngte genéisst, weider festegen an och ausbauen? Net nënnen an eiser direkter, mä och an eiser net esou direkter Noperschaft.

D'Evénementer aus de leschte Wochen, Här President, a Méint hu gewisen, dass mer de Vertrag vu Lissabon brauchen. De Vertrag vu Lissabon setzt d'Jalonen, fir dass d'Europäescher Unioun dauerhaft méi geschlossen no bannen an och no baussen agéiere kann. E schafft d'Viraussetzungen, fir dass d'Europäescher Unioun méi effikass funktionéiere kann. Och besonnesch an der Aussen- an an der Sécherheetspolitik, ënner Abanne vun alle Memberstaaten an am Respekt vun der Méthode communautaire.

Ech hunn d'lescht Joer am Detail déi verschidden Elementer vum Traité hei belicht. Deemools si mer dovun ausgegangen, dass de Vertrag géif den 1. Januar 2009 a Kraaft treden. Den 12. Juni - mir wëssen et - dëst Joer hunn d'iresch

Wieler bei engem Referendum majoritär géint de Vertrag vu Lissabon gestëmmt.

Um europäesche Rot vum 19. an 20. Juni gouf diskutéiert, wéi et mam Ratifizierungsprozess vum Traité soll weidergoen. D'iresch Regierung huet gefrot, fir Zäit ze kréien, fir d'Situatioun ze analyséieren an d'Ursache vum Nee méi genee kënnen ze ënnersichen. Doropshin huet de Conseil européen decidéiert, dass e sech am Oktober nees mat der Fro auserneeetzt, dëst op Basis vun engem Rapport vum iresche Premierminister.

Dat ass dunn och geschitt de leschte Mount am europäesche Rot, de 15. an de 16. Oktober. Den iresche Regierungschef huet do eng Etüd presentéiert, déi sech am Detail mat de Resultater vum Referendum beschäftegt. Dës Etüd weist, dass de Mangel un Informatioun iwwert de Vertrag vu Lissabon ee vun den Haaptgrënn fir den negative Vote war.

Bei der irescher Bevölkerung gouf et ausserdeem eng Rei Ängscht, déi och zum Nee bägedroen hunn, obwuel se net gerechtfertegt oder carrément falsch sinn; mir hunn et schon dacks gesot. Dat waren d'Ängscht, déi militäresch Neutralitéit, d'Souveränitéit a Steierfroen oder de Verbuet vum Avortement missten opzeginn, oder an eng europäesch Arméi agezunn ze ginn, mä awer och d'Préoccupatioun virum Verloscht vum europäesche Kommissär.

Gläichzäitig weist d'Etüd och, dass d'Iren an hirer grousser Majoritéit awer nach ëmmer positiv zu Europa stinn. D'iresch Regierung huet eis och informéiert, dass dat iresch Parlament eng speziell partiiwwergräifend Kommissioun gegrënnt huet, déi iwwert d'Zukunft vun Irland a vun der Europäescher Unioun diskutéiert. Dës Kommissioun soll Enn November e Rapport vun hiren Aarbechte presentéieren.

Opgrond vun dëser Consultatioun wäert d'iresch Regierung Propositionen maachen, fir dass kënnen um europäesche Rot am Dezember zesumme méiglech Léisungs-usätz an eng Roadmap definéiert ginn, déi de weidere Wee mat deem Kalenner beschreift.

Eng Neiverhandlung - dat wësse mer alleguer, dat hu mer och hei an der Chamber gesot - vum Vertrag steet net zur Debatt.

De Ratifizierungsprozess ass zënter dem Referendum an Irland weidergaangen. Sätdeem hu Groussbritannien, Zypern, Holland, d'Belsch, Spuenien an Italien de Vertrag ratifizéiert. Mëtterweil ass de Vertrag vun 22 Memberlänner ratifizéiert ginn. Deemächst kënt een 23. Land derbäi. Schweden stëmmt nämlech dës Woch nach - iwwermuer - iwwert den Traité am Parlament of.

Domat géifen ausser Irland nach dräi Länner bleiwen, an deenen d'Ratifikatioun nach net ofgeschloss ass, an zwar d'Tschechesch Republik - wéi mer wëssen -, Polen an Däitschland. Woubäi a Polen an an Däitschland déi jeeweileg Parlamenter den Traité schon approuvéiert hunn. Den däitsche President huet iwwerdeems öffentlech gesot, dass hie voll a ganz mam Inhalt vum Vertrag averstanen ass, mä nach op en Uerteel vum Bundesverfassungsgericht waarde muss.

Och wann de Lissabonner Vertrag elo net méi, wéi ursprüngelech geplangt, den 1. Januar 2009 a Kraaft trëtt, esou bleift e fir eis déi indispensabel Basis, fir dat zukünfteg Fonctionnéiere vun der Europäescher Unioun ze garantéieren.

Mir sinn d'accord, fir eisen iresche Kollegen déi Zäit ze loossen, déi se brauchen, fir eng Léisung ze fannen. Mä mir mengen awer och, dass et wichteg ass, dass sech esou séier wéi méiglech op ee Kalenner am Dezember géeneegt ka ginn, fir d'Weiderféiere vun deem Ratifizierungsprozess.

D'Finanzkris huet Europa erëm méi populär gemaach an Irland. De Schutz, deen d'Europäescher Unioun bidde kann, gëtt appréciéiert. Dat kéinte géint all Erwärdunge gutt Viraussetzung si fir eng méi positiv Astellung vun den Iren zum Traité. Et gëtt, wéi mer an der Press lisen a wéi mer vum Ausseminister aus Irland héieren, zaghaft Signaler an dës positiv Richtung.

All Verréckele vum Akraaftfrieden nom Juni 2009 oder souguer nom November 2009 wäert verschidde Konsequenzen hunn, virun allem um institutionelle Plang, well sech de Vertrag vun Nice dann applizéiere géif. D'Unzuel vun den Europaparlamentarier géif erfoegen. Dat heescht fir e puer Memberstaten, dass se also manner Europadeputéierte géife kréien. Lëtzebuerg - wéi Der wësst - ass dovunner net betroff.

Et wäerten och aner Froen opgeworf ginn, wéi virun allem déi vun der Zesummesetzung vun der Kommissioun. Falls sech nämlech de Vertrag vun Nice géif applizéieren, wann déi nei Kommissioun forméiert gëtt, där hiert Mandat den 1. November soll ufänken, da muss d'Unzuel vun de Kommissäre méi kleng si wéi d'Zuel vun de Memberstaten.

An deem Fall ass et un de 27 Memberstate vun der Europäescher Unioun, fir sech driwwer eens ze ginn, wéi déi Kommissioun dann zesummesat gëtt soulaang bis de Vertrag vu Lissabon a Kraaft trëtt, deen am éischten Tour - wéi mer wëssen - nach fir all Land ee Kommissär virgesäit. Sollt et dozou kommen, wäert Lëtzebuerg sech bei deenen Diskussiounen derfir asetzen, dass de Prinzip vun der Rotation égalitaire respektéiert gëtt, esou wéi et am Traité vun Nice virgesinn ass an och am Traité vu Lissabon émgesat ginn ass.

Mir ginn also dovunner aus, dass mer am Dezember méi kloer gesinn - hoffentlech -, wéi et weidergeet a wéi eng Décisiounen muss geholl ginn, jee nodeem wéi de Kalenner ausgesäit. All déi, déi keen Europa vum Directoire wëllen, sollten all hir Energie asetzen, fir dass de Lissabonner Vertrag en vigueur kënnt. Irland, d'Tschechesch Republik, Polen hunn dobäi an deem Sënn nëmmen ze wannen.

Här President, „Zivilisiert den Kapitalismus“, esou huet d'Marion Gräfin Dönhoff, d'Grande dame vum däitsche Publizismus, eent vun hire leschte Bicher genannt. An, wéi mer haut wëssen, ass dat net iwwerdrivwe gewiescht.

D'Finanzkris - an ech hunn et d'lescht Joer scho kuerz erwähnt - ass eis jo aus Amerika an Europa bruecht ginn, ass och mat voller Wucht an Europa ukomm an huet och selbstverständlech, wéi kéint et anescht sinn, Lëtzebuerg getraff.

Ech wëll hei net drop zrëckkommen, wat eise Premier a senger Ried bei der Ouverture vun der Chamberssessioun 2008/2009 schon zu deem Thema gesot huet iwwert d'Ursaachen an den Impakt vun der Kris. Mä eppes steet fest: Gourmangsegkeet an eng net novollzëibar Liichtfankegkeet vu verschidde Acteuren hu leider zu enger Situatioun gefouert, déi vill Leit an de Misär gestouss huet.

Fir esou eng dramatesch Entwécklung an Zukunft ze évitéieren, ass d'Fro, déi sech elo stellt, net, ob mir bestëmmte Regele brauchen, mä wéi eng Zort Regele mussen opgestallt ginn, fir dass eis Économie hir Stabilitéit an hir Prosperitéit zrëckfanne kann, ouni dobäi hir Innovationsstäerkt anzéibissen.

De Conseil européen vum 15. a vum 16. Oktober huet ee Paquet vu Moosnamen adoptéiert, déi deem Zil just dëngen. Mir kënnen feststellen, dass déi Moosnamen zu enger Stabilisatioun vum europäesche Finanzsystem gefouert hunn an dass eng schwéier Kreditkris konnt ofgewennt ginn; op jidde Fall bis elo, och wann et falsch wier ze mengen, alles wier elo nämlech nees an den normale Bannen.

Ech wëll op dëser Plaz drun erënneren, wéi wichteg et fir Lëtzebuerg ass, dass mer grad an dëser Situatioun eng Europäesch Unioun mat enger gemeinsamer Währung hunn, déi op feste Féiss steet. Eng Économie wéi eis huet sech esou erfolgräich kënnen développéieren an de leschte Jorzéngten dank dem europäesche Bannemaart am Allgemengen an dem Euro ganz am Speziellen.

An deene méi schwéieren Zäiten erweise sech dës zwee Elementer als Schutzschëlde fir eis national Économie. Dat wëllt awer net heeschen, dass eis Économie net vun dëser Kris betroff wäert sinn a wäert ginn. Mir mussen also déi zwee Fundamente vun der Europäescher Unioun

weider verstärken, fir dass d'Unioun als Ganz, an och seng Memberstaten, nach méi wierksam a Krisensituatiounen op déi kënnen reagéieren.

Mir brauchen och an esou Fäll ee staarkt Optriede vun der Europäescher Unioun als geschlossen Eenheet no baussen, an déi jëtzege franséisch Présidence huet do eng wichteg Roll gespillt. Mä mir mussen der Unioun deen dauerhaften institutionelle Kader ginn, deen den Traité vu Lissabon eis jo offréiert. Well, wéi de Jean Monet gesot huet: «Rien n'est possible sans les hommes, rien n'est durable sans les institutions.»

Während der Finanzkris huet sech erëm eng Kéier erausgestallt, dass national Elenggäng keng Äntwert duerstellen op esou Erausforderunge wéi déi, mat deene mer konfrontéiert sinn. De leschte Conseil européen huet eng gemeinsam Äntwert fonnt. Hien huet et erméiglecht, dass weltwäit gesinn d'Europäesch Unioun eng Virreideroll iwwerholl huet bei der Sich no enger Léisung vun der Finanzkris an an der Diskussioun iwwert d'Neuordnung vun der internationaler Finanzarchitektur.

Déi europäesch Äntwert op d'Kris ass eng Zort Geschirkesch, wou jiddfer Land déi Elementer aus dem gemeinsame Katalog kann huelen, fir säi Finanzsystem ze ënnerstützen, esou wéi de Premier dat bei den Explikatiounen ginn huet, nom ECOFIN. Dobäi mussen déi Ënnerstützungsmoosname mat de Regele vun Bannemaart a vum Konkurrenzrecht konform sinn. Nëmme esou kënnen mer évitéieren, dass et zu enger Fragmentatioun vum Bannemaart kënnt.

Ech wëll hei och d'Noutwendegkeet vun enger staarker Europäescher Kommissioun ënnersträichen, déi grad fir de Respekt vun deene Grondprinzipie vum EU-Recht asteet. Den europäesche Bannemaart muss absens och fir d'Banke funktionéieren, mä anescht wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. De Moosnamekatalog, deen decidéiert gouf, begräift och eng verbessert Supervisioun vun de Finanzaktivitéiten duerch déi national Autoritéiten. Wann hautdésdags 40 Banken an Europa de Gros vun de grenzüwerschreidenden Aktivitéiten duerchféieren, da bräicht een, zumindest fir déi, eng méi zolidd a besser organiséiert Iwwerwaachung.

D'Stresssituatioun op de Finanzmäert huet och Stëmmen ervirbruecht, déi e Sënnbock gesicht hunn als Erklärung fir d'Kris. Hei sinn och d'Steierparadiesen erwähnt ginn. Si hätten zur Kris gefouert, well se kenger Regulatioun géifen ënnerleien. Dëst ass eng vun de Charakteristike vun engem Steuerparadies. Eng aner ass, dass an engem Steuerparadies keng Steiere bezuelt ginn. Lëtzebuerg ass kee Steuerparadies. Eist Land als solcht duerstellen, ass net nëmme falsch, mä eigentlech hannerléschteg. Eng Associatioun tëscht Steuerparadies a Bankgeheimnis hierzeustellen, ass net akzeptabel.

D'Bäibehale vum Bankgeheimnis ass d'ailleurs och net a Fro gestallt an der rezenter Propositioun vun der Kommissioun iwwert d'Zënsbesteuerung. Déi Propositioun stellt an eisen Aen eng gutt Aarbechtsbasis duer, fir eventuell Schlupflöcher zouzemaachen, wat d'Zënsbesteuerung ubelaangt. Eng Besteuerung, déi awer och muss ausgedehnt ginn op déi Länner an Territoiren, déi net an der Europäescher Unioun sinn an equivalent Mesuren applizéieren.

D'Aarbechten iwwert d'Propositioun vun der Kommissioun iwwert d'Zënsbesteuerung hu gëschter zu Bréissel ugefaangen. Nëmme zwee Länner deelen d'Approche vun der Kommissioun net, déi Koexistenz vun der Quellesteier a vum Informatiounsaustausch och an der Zukunft weider ze akzeptéieren. D'Diskussiounen, wéi mer vun eisen Ambassadeure gesot ginn ass, ware konstruktiv an och dës Kéier koordinéiert. An dësen Diskussiounen wäert d'Regierung och sécherstellen, wéi dat schonns de Fall war mat der jëtzege Direktiv iwwert d'Zënsbesteuerung am Joer 2005, dass aner Drëttstaten agebonne ginn an dëselwecht Mesuren applizéieren, wéi mer dat an Europa huele wäerten. Wa mer dat net maachen, da lafe mer selbstverständlech Gefor, dass mer duerch eis eegen Entscheedung bewierken, dass d'Kapital aus Europa ofzitt, zum Beispill an Asien, eppes, wat sech Europa, an all Memberstat vun der Europäescher Unioun, an dësem Moment am mannste leeschte kann.

Dësen Dossier vun der Zënsbesteuerung ass ee vun deenen Dossier, wou eist Land géigeniwwer vun enger Majoritéit vun Memberstate steet, wann et ëm d'Fro vu Steuerregelen, Konventiounen géint Duebelbesteuerung oder och Zesummenaarbecht

tëschtent Steieradministratiounen geet. An dësen Diskussiounen muss mir als Land, an als Finanzplaz, déi nei Entwécklung um internationalen Ëmfeld selbstverständlech an d'A faassen. D'Aen zoumaachen an esou maachen, wéi wann alles beim Ale wier, geet net.

Zur gläicher Zäit steet awer fest, dass d'Regierung, sief et op europäeschem oder op internationalem Plang, eng Positioun vertritt a verdeedege wäert, déi et eiser Finanzplaz erlabe wäert, an dësem neien internationalen Ëmfeld hir Stärkten ze behalen. Stärkten, déi, niewebäi gesot, och net op d'Bankgeheimnis ze reduziéieren sinn, mä och op Innovatioun, Professionalitéit, Fachkompetenz an Internationaliséierung berouen, dat Ganzt an engem sozial a politesch stabile Lëtzebuerg.

Och wa sech d'Situatioun am Finanzsecteur gréisstendeels stabiliséiert huet, si mer an Europa mat negativen Auswierkungen op d'Realeconomie konfrontéiert. D'Fro ass och hei, ob mer alles de sougenannte Maarkräfte iwwerloosen, oder ob mer net och hei als Europäesch Unioun mussen versichen Äntwerten ze fannen. Ech mengen, dat Lescht ass de Fall. Duerfir begréissen ech och, dass d'Kommissioun Propositiounen op den Dësch geluecht huet, fir eng gemeinsam Reaktioun auszeschaffen. Dës Propositiounen droen och deene soziale Konsequenze vun der Kris Rechnung a si sollen eis zu gemeinsamen Aktiounen féieren, op EU- an och op nationalem Plang.

Zum Bannemaart gehéiert och eng gemeinsame Währung, an ech mengen, dass et jidderengem kloer ass, wéi d'Situatioun géif ausgesinn, wa mer an dëser Finanzkris den Euro net hätten. Dat mussen zum Deel Länner erliewen, déi net Member si vun der Europäescher Unioun oder vun der Eurozon. Mir denken hei zum Beispill un Island, awer och un Ungarn. D'Ofwäertung vun hire Währungen, gekoppelt mat héijen Zësen, stellen déi Länner viru ganz, ganz gross Problemer.

Dat ass den Zeenario, deem mer wärscheinlech och ausgesat gewiescht wieren, wa mer den Euro net hätten. D'Ausweidung vun der Eurozon op d'Slowakei, vum 1. Januar 2009 un, an hoffentlech, zu engem spéideren Zäitpunkt, nach op méi EU-Länner, wäert dozou bäidroen, de Bannemaart ze stäerken a weider ze verdéieren. Ënner anerem huet d'Stäerkt vum Euro an deene leschte Méint, speziell vis-à-vis vum US-Dollar, dozou bäigedroen, dass d'Pétrolspräisser net an deem Mooss geklomme sinn, wéi dat um internationale Pétrolsmaart jo de Fall war.

Här President, déi héich Energiepräisser, déi mer bis viru kuerzem kann hunn, demonstrieren d'Noutwendegkeet vun enger gemeinsamer europäescher Energiepolitik. Och hei mécht den Traité vu Lissabon nei Perspektiven op - mir vergiessen dat heiansdo -, andeems en aus der Energiepolitik eng europäesch Politik mécht an d'Sécherheet vun eisen Energieliwwerungen als eent vun den Hauptobjektiver vun där Politik ervirsträicht.

Vu d'Energieofhängegkeet vun der Unioun, huet esou eng europäesch Energiepolitik noutgedrongen eng staark aussepolitisch Dimensioun. Mir mussen et als Unioun fäerdeg bréngen, eenheetlech opzestriede vis-à-vis vun onse groussen Zouliwwer, fir mat hinnen eng zouverlässeg Energiepartnerschaft opzerrichten. D'Thema Energie kann een net lassgekoppelt kucke vun deem aneren Thema, zu deem d'Unioun gefouert ass, eng gemeinsam Positioun ze fannen.

Ech denken un de Weltklimawandel, eng vun deene gréissten Erausforderunge vum 21. Jorhonnert. Et geet drëm, déi gestallte Klimaschutzziel ze erreechen. Mir brauchen ee rasonnabele Plang, wéi mer déi 3x20 erfëlle kënnen, also wéi mer 2020 an der Europäescher Unioun eng Reduktioun vun 20% vun den CO₂-Emissiounen, en Undeel vun 20% vun erneierbaren Energien an eng Steigerung vun der Energieeffizienz ëm 20% realiséieren. Dobäi brauche mer déi néideg Flexibilitéit an eng europäesch Solidaritéit.

Mir, als Lëtzebuerg, si bereet, eise Bäitrag dozou ze leeschten. Mir wëllen alles gestallt kruten, ze erfëllen, a mussen déi néideg Mëttel an Instrumenter heifir zougestane kréien. Ech mengen, et wär ee Feeler, wa grad elo eng drohend Rezioun als Prétexthe géif geholl ginn, fir déi Ziler, déi sécher héich gestach sinn, iwwer Bord ze werfen. Ech hoffen, dass de Conseil européen am Dezember, mä et gëtt wierklech schwéier, déi néideg Décisiounen hëlt, fir dass d'Europäesch Unioun op der Weltklimakonferenz zu Kopenhagen am De-

zember 2009 eng Virreideroll spille kann. Mat der neier amerikanescher Administratioun ass e Progrès vläicht elo gemeinsam éischer méiglech.

De Klimawandel ass vläicht awer och eng Opportunitéit, fir eis ekonomesch ëmzestellen. Mat Investitiounen kënnen nei Aarbechtsplazen an Aktivitéite geschaf ginn, sief et fir besser a méi propper Autoen ze bauen, sief et fir d'Gebäier ze sanéieren, oder sief et fir nach méi massiv erneierbar Energiequellen ze développéieren.

Här President, mir mussen vermeiden, protektionistesche Reflexer opkommen ze loosen, ob dat hei zu Lëtzebuerg ass oder an der Unioun. Grad elo, wou et wirtschaftlech net esou gutt geet, a wou d'Verhandlung vun der sougenannter Doha-Ronn, am Kader vun der Welthandelsorganisatioun, der OMC, net den entscheidenden Duerchbroch kann hunn.

Ech wëll op dëser Plaz drun erënneren, dass de Volumen, eleng vun de Wueren, déi Lëtzebuerg am Ausland akeeft an an d'Ausland verkeeft, zesummegerechent méi wéi 80% vun eise Bruttoinlandsprodukt ausmécht. Dorunner gesäit een, wéi wichteg et fir eist Land ass, mat sengen Nopeschlänner, an dem Rescht vun der Welt, Handel ze driwen an Investitiounen hei zu Lëtzebuerg ze encouragéieren. Wéi eescht mir dës Aufgab huelen, weisen déi héichkarätig Wirtschaftsmissiounen, déi d'Regierung all Joer, zesumme mat eise Betriber, organiséiert. Si erlaben eis, déi immens Opportunitéiten ze ergräifen, déi sech an eise Partnerlänner ronderëm d'Welt bidden.

Mir dierfe grad elo net an d'Feeler vu fréieren Zäiten zrëckfale, wou d'Länner hir Grenzen zougemaach hunn, den Handel doduerch ënnerbonnen hunn, an esou hir Nopere méi déif an de Misär gestouss hunn an d'Kris weider verschäerft hunn. Blanne Protektionismus an nationalen Egoismus si keng Optiounen fir eng verantwortungsbewusst Aussepolitik, déi op den Dialog, den Interessenausgleich an d'multinational Léisung setzt.

Een éischen, wichtige Schrëtt an dësem Sënn wier et, fir d'Doha-Ronn zu engem erfollegräichen Ofschluss ze bréngen. Ech hu grad elo virun enger Stonn héieren, dass et eventuell méiglech wier - an eisen zoustännege Minister Nicolas Schmit weess et -, dass zu Genf eng Propositioun virläit, fir Mëtt Dezember eventuell eng Ministerronn anzerufen, fir ze kucke mat deem Schub, dee wu G20 ausgaangen ass, doranner weiderzokommen. Esou en Accord erlichtert eise Betriber net nëmmen den Zougang zu neien, vill versprechende Wuesstemsregiounen, mä en Accord am Kader vun der OMC steet virun allem fir Transparenz a Berechebarkeit a schafft domadder och Vertrauen. Vertraue brauche mer, méi wéi soss, fir dës Kris och ze meeschteren.

De multilateralen Handelssystem ass zegläch dat Gebitt, wou et méiglech misst sinn, zu engem gräifbaren an ëmsetzbare Resultat ze kommen. Et ass wichteg, dass mir d'Doha-Ronn ofschléissen, an dass déi ärmste Länner e fräien Zougang fir hir Produkter an hir Servicer op eis Mäert kréien. Dës Länner sollen net diskriminéiert ginn a misste vun enger vollstänneger Integratioun an de weltwäiten Handelssystem kënnen profitéieren. Domadder kënnen se de Grondsteen leeën, fir Wuelstand ze schafen an hirer Populatioun eng éierbar Liewensperspektiv ze bidden.

Et dierf op kee Fall sinn, dass dës Länner zu de Verléierer vun dëser Handelsronn gehéieren, déi net fir näischt „Programme de Doha pour le développement“ - ech ënnersträichen „pour le développement“! - heescht. Ech bedauern et, dass op der Ministeschkonferenz vun der OMC zu Genf am Juli e puer vun deene gréissten Handelspartner, an zwar d'Veereenegt Staten an Indien, et net fäerdeg kruten, hir géigesäiteg Interessen op engem Detailpunkt ze iwwerwannen. Mir riskéieren elo, op eng absehbar Zukunft net zu engem Accord ze kommen, mat där Restriktioun, déi ech elo grad gemaach hunn.

Ech wëll hei awer och déi konstruktiv Roll vun der Europäescher Unioun während de Verhandlungen ervirsträichen, déi och vill Unerkennung kritt huet. Lëtzebuerg ënnerstützt weiderhin d'Europäesch Kommissioun, als eisen europäeschen Négociateur, an hiren Efforten, am Numm vun der Europäescher Unioun an der Welthandelsorganisatioun ze verhandelen an eene Accord auszeschaffen, deen d'Interesse grad vun deenen ärmste Länner respektéiert.

Loose mer eis näischt virmaachen: Den Échec am Juli ass mat Sécherheet e grouse Réckschlag fir dës Handelsronn, op dee mer gäre verzicht hätten. Mir

mussen och esou schnell wéi méiglech deen Échec redresséiert kréien. Mä et ass och net d'Enn vun deene Verhandlungen. Mir sinn, erlaabt mer dee Verglach, op de leschte Meter, géif ech nach ëmmer mengen, vun enger ganz schwéierer Biergetapp, an déi lescht Meter si bekanntlech déi allerschweierst. Mir hoffen an deem Kontext, ënner anerem, op déi nei amerikanesch Regierung, fir dass mer do méi konstruktiv kënnen un d'Affär erugeen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Dynamik vu Lëtzebuerg als Europa-hauptstad, nieft Bréssel a Stroossbuerg, ass e wichtegt Element vun eiser Aussepolitik. Eist Land huet, duerch d'europäesch Décisionen a Verträge, Rechter an Obligatiounen um Gebitt vun de Sëtzer vun EU-Institutiounen krut. Fir all Regierung, zënter de 50er Joren, huet sech déiselwecht Verantwortung an och déiselwecht Erausforderung gestallt: duerch eng proaktiv Sätzpolitik den europäeschen Institutiounen an hiren Servicer, déi hei zu Lëtzebuerg hire Sätz hunn, souwéi den europäesche Beamten déi Moyenen zur Verfügung ze stellen, fir kënnen ënner gudde Bedéngungen ze schaffen.

Zu deene Mëttele gehéieren natierlech, an éischer Linn, d'Gebailechkeeten. Ech denken do zum Beispill un nei Gebaier, déi d'Joer fäerdeg gestallt ginn, wéi d'Vegrößerung vun dem prestigieusen Europäesche Geriichtshaff a vun der Europäescher Investitiounsbank, awer och u Gebaier, déi geplangt sinn, wéi d'Extensivierung vun der Rechnungshaff, de Bau vun neie Sätz vum Generalsekretariat vum Europaparlament, déi zweet Europaschoul, oder dee moderne Konferenzzentrum fir den Europäesche Ministerrat, wou ech hoffen, dass en an deenen nächste Joren awer endlech ka seng Diere ganz opmaachen.

An deem Sënn bleift de Site Kierchbiereg, Symbol vun der europäescher Präsenz hei, an engem groussen Émbau. Zu enger aktiver, awer och nohalteger Politique du siège gehéieren net nëmme Gebaier, mä dass mer och weiderhin en A halen op d'Entwécklung vum Standuert Lëtzebuerg. Ech denken zum Beispill un d'Anhale vun de politesche Siège-Accorden, fir d'Institutiounen, souwuel qualitativ wéi quantitativ, zu Lëtzebuerg staark ze verankeren. Ech denken awer och drun, nei EU-Aktivitéiten op Lëtzebuerg ze kréien, awer duerfir muss d'Attraktivitéit vum Site garantéiert sinn.

Eng dynamesch Sätzpolitik bréngt eisem Land niewent Flichte ganz vill Virdeeler: europäesch an international Visibilitéit an onverkennbar wirtschaftlech, kulturell a sozial Virdeeler. De Standuert Lëtzebuerg als Ville-siège ass an deene leschte Joren ouni Zweifel konsolidéiert an och gefestegt ginn. Sech weider mat vill Engagement an Energie asetze fir déi Europa-hauptstad Lëtzebuerg, ass eng wesentlech Noutwendegkeet fir d'Lëtzebuerg Politik. An deem Zesammenhang wëll ech all deene Verwaltungen e grouse Merci soen, déi mat vill Asaz a Saache Sätzpolitik zesummeschaffen. D'Erausforderunge si grouss, mä déi ausgezechent Zesummenaarbecht hëlleft eis, eisen Obligatiounen nozekommen.

Här President, Europa ass stabil, wa seng Noperschaft stabil ass. Um Balkan, am Ufank vun den 90er Joren, an och am Kaukasus d'Joer si mer brutal drun erënnert ginn, dass Krich un europäesche Kontinent, oder a senger ganz direkter Noperschaft, nach ëmmer méiglech ass, an dass d'Konsequenze vun esou engem Krich een direkten Impakt och op eis heimeem hunn. Mat der Erweiderung vun 2004 huet Europa eng nei Aussegrenz an domat och nei Nopere krit. Nei Noperen, mat deene mir méi enk zesummeschaffe sollten, fir d'Stabilitéit och ausserhalb vun de Grenzen vun der Europäescher Unioun ze projézieren an ze festegen.

Fir dauerhaft Stabilitéit an eiser Noperschaft ze schafen, brauche mer eng spezifesch europäesch Approche, déi all Instrumenter, déi der Europäescher Unioun zur Verfügung stinn - sief et diplomatesch, finanziell, sécherheetspolitesch oder ekonomesch -, kombinéiert. Vill vun deenen Instrumenter fënnt ee schonn an der europäescher Noperschaftspolitik. Zënter Mee vun deem Joer diskutéieren d'Memberstate vun der Europäescher Unioun méi intensiv iwwert de sougenannten „Partenariat oriental“. Duerch dës Initiativ wëlle mer eis Bezéiunge mat eisen Noperen an Oste verstärken an deene Länner, nach méi wéi bis elo, bei hiren interne Reformen hëlleften.

D'Europäesch Kommissioun ass op dem europäesche Conseil vum 1. September gefrot ginn, fir konkret Propositionen bis de Conseil vum Dezember d'Joer auszeschaffen. Lëtzebuerg ass ëmmer der Meinung gewiescht, dass gutt Relatiounen

tëschent der Europäescher Unioun an hiren Noperen am Osten an am Süde wichteg sinn. An deem Kontext ënnerstëtz Lëtzebuerg d'Iddi vum „Partenariat oriental“, genee wéi et och d'Verstärkung vun de Relatiounen mat de südlichen Noperen an Kader vun der „Union pour la Méditerranée“ ënnerstëtz. D'europäesch Noperschaftspolitik bleift fir eis awer de politesche Kader fir eis Relatiounen mat all eisen Noperen.

Zënter dem Ausbroch vum Konflikt a Georgien, de 7. an den 8. August, an och nom Waffestëllstandsofkommes vum 12. August ass d'Situatioun a Georgien an am Kaukasus an den Zentrum vun der internationaler aussepolitescher Aktualitéit geréckelt. D'Evénementer, déi an där Region stattfannen, concerneréieren direkt déi europäesch Sécherheetsinteressen. Wann haut d'Waffen a Georgien rouen, a mir vun engem Stabiliséierungsprozess schwätze kënnen, esou ass dat an éischer Linn de Verdéngscht vun der Europäescher Unioun a vun der franséischer Présidence, dat muss ee kloer ënnersträchen. Wann de politesche Wëllen an der Europäescher Unioun also do ass, fir zesummen ze agéieren, kënnen mer an der Europäescher Unioun Groussen leeschten an den europäesche Gedanke vu Fridden a Stabilitéit och ausserhalb vun eise Grenzen zur Realitéit maachen.

D'Europäesch Unioun gouf domat zu engem zentralen Acteur, net nëmme fir d'Verhandele vum Waffestëllstand, mä och fir deem seng konkret Émsetzung duerch eng iwwer 300 Mann staark Missioun, déi sougenannten EUMM, wou Lëtzebuerg, wéi Der wësst, mat zwee Leit vertrueden ass. Et sief an deem Kontext och emol drun erënnert, dass Lëtzebuerg sech staarkgemaach huet, fir eng international Enquêtékommisssioun anzusetzen, fir den Originé vun deem Konflikt op de Fong ze goen, an net eleng vum 7., 8. August un, mä och wat virdu geschitt ass.

Och wa mer d'Unerkennung vun enger Onafhängegkeet vun den zwou Regionen oflehnen, esou muss mer dach no dauerhafte Léisunge sichen. Duerfir gouf, am Kader vum Accord vum 8. September, och festgehale, fir sougenannten „international Diskussiounen“ zu Genf ze lancéieren, un deenen all d'Partië géifen deelhuele, fir genee déi Léisungen ze fannen.

Haut ass eng zweet Ronn; ech hoffen, wann och zaghaft nëmme, dass se awer Resultater bréngt. Dësen Annäherungsprozess ass, wéi Der wësst, de 15. Oktober zu Genf ugaangen, an d'Tatsaach, dass déi nächst Ronn ebe just haut stattfënt, weist, dass eng gewëssen Dynamik trotzdem konnt kreéiert ginn. D'Stabilitéit am Kaukasus kann awer net nëmme militärescher, mä muss virun allem och demokratescher a wirtschaftlecher Natur sinn.

An eisen Ae kann nach vill gemaach ginn, wat de Stand vun der Demokratie a Georgien betrëfft. De Wahlsystem, d'Justiz, d'Fräiheete vum Einzelne wéi och déi fräi Meinungsbildung si staark verbesserungsbedürftig; grondleeënd Reformen mussen also duerchgesat ginn. Et sinn och dës Reformen, déi d'EU an och d'NATO erwaarden. De Kader ass deemno gesat, fir aus dëser Kris erauszekommen an d'Lag vum Kaukasus ze stabiliséieren. Et bleiwen awer nach vill Froen ze klären, an et gëtt doudsächer keen einfache Wee. Mä d'Europäesch Unioun huet et fäerdeg bruecht, fir Verantwortung ze iwwerhuelen, d'Waffe rouen ze dinn an eng international Diskussioun ze lancéieren. Dorop muss mer opbauen, fir dauerhaft Léisungen ze fannen.

Et gëtt, wéi Der wësst, nach zwee aner Conflict-geléeen, déi zënter den Evénementer a Georgien méi an de Vierdergrond geréckelt sinn a wou et gëllt, eng negativ Spiral, wéi se am Summer 2008 entstanen ass, ze vermeiden. D'Situatioun an Nagorny-Karabach, eng armenesch Enclave an Aserbaidschan, déi sech ufanks den 90er Joren ofgespléckt huet no engem bluddege Krich, deen 30.000 Doudeger an iwwer eng Millioun Déplacéierter gefuerdert hat, ass weiderhin ongeléist.

Et ass an deem Kontext encourageant, dass déi zwee Presidente vun Armenien an Aserbaidschan sech viru kuerzem zu Moskau getraff hunn. Si hunn och eng Deklaratioun ënnerschriwwen, an där se sech engagéieren, gréisser Ustrengungen ze maachen, fir Léisungen ze fannen an deem Konflikt. Et d'äerf een natierlech net naïv sinn. Russland huet nom Konflikt a Georgien ee kloren Interessi fir ze beweisen, dass et am Kaukasus och ee Friddensstëfter gëtt. Et wäert sécher nach vill Zäit an Efforté kaschten, bis déi zwee Presidenten hir déif Differenzen iwwerbrécken a Fridde schléissen. Et d'äerf een

awer optimistesich sinn, well et ass déi éischte Kéier zënter dem Waffestëllstandsofkommes, dat Russland 1994 mediéiert huet, dass déi zwee Presidenten hir Énnerschrëft gemeinsam op een zukunftsorientéiert Dokument placéiert hunn.

Een anere Conflict gelé, vun deem eigentlech weíneeg an den Zeitungen ze liesen ass, mä deen och wichteg ass fir d'Stabilitéit um europäesche Kontinent, ass dee vu Moldawien an Transnistrien.

Hei ass d'Europäesch Unioun aktiv engagéiert mat enger Missioun, déi hëlleft d'Grenz mat der Ukraine ze iwwerwaachen. Si ass och aktiv an de sougenannte Fënnep-plus-zwee-Gesprécher implizéiert. Am August an am September vun deem Joer ass e bësse Bewegung an dësem Dossier komm, besonnesch duerch eng méi aktiv Roll vu Russland. Hei ass d'Europäesch Unioun och gefuerdert a si muss am Kader vun de Fënnep-plus-zwee-Gesprécher derfir suergen, dass hir Stëmm weider gehéiert gëtt.

Dann zu Wäissrussland an der Ukraine. Als Member vun der Europäescher Unioun wëlle mer eng Partnerschaft mat eisen Noperen, fir dass eise Projet vun enger gesamteuropäescher Friddensuerdnung geléngt. Mir wëllen, dass all eise Noperen an engem europäesche Kontinent vu Fridden a Wuelstand agebonne kënnen ginn.

Eis Offer vu Partnerschaft gëllt och fir Wäissrussland, wann et de Wee vu Reformen aschleit an d'Situatioun vun de Mënscherechter verbessert. Déi rezent Fräiloosung vu politesche Gefaangene war e Schrëtt an déi richteg Richtung. Mä et bleiwen nach vill Problemer bestoen.

D'Wahle vum 28. September waren zwar eng Verbesserung par rapport zu de viregte Wahlen, mä hunn awer och kloer bewisen, dass et weiderhi ganz vill demokratesch Defiziter gëtt. Mä d'EU huet een Interessi un engem Dialog mat Minsk an huet dowéinst och eng Ouverture gemaach. Mir wëllen eis op de Wee vum Dialog engagéieren, mam Zil, d'Demokratie ze stäerken an dass d'Mënscherechter respektéiert ginn. D'Europäesch Unioun ass prett, Wäissrussland ze hëlleften, dës Ziler ze errechen a fir d'Relatiounen mat deem Land ze verdéiwen, soubal d'Konditiounen dat erlaben.

Engem anere Land an dëser Region kënn an deem Kontext och eng ganz wichteg Roll zou. Mat 47 Milliounen Awunner an als zweetgréisst Land um europäesche Kontinent ass et kloer, dass d'Ukraine eng Schlësselroll huet. Wann hei d'Reforme gräifen, da wäert dat och ee positiven Afloss vun der Ukraine op hir Noperen hunn. De Problem hei bleift selbsterständlech d'Stabilitéit, well de Verfassungskonflikt tëschent President, Regierung a Parlament ongeléist bliwwen ass. Mä d'Ukraine ass um richtige Wee, wat hir Reforme betrëfft, a mir bleiwe weiderhin engagéiert, fir dës Prozess och aktiv ze begleeden.

Wat d'Unnäherung vu Georgien an der Ukraine un d'NATO betrëfft, ass eis Position kloer: Zu Bukarest hu mir gesot, dass dës zwee Länner enges Dags an d'NATO kommen. Dozou sti mer och. Mä mir soen och, dass dee Prozess déi gesamteuropäesch Friddensuerdnung net op d'Kopp geheien d'äerf.

Déi georgesch oder ukrainesch Adhésioun iwwert de Knéi briederen hëlleft kengem, weder eis nach Tbilisi oder Kiew. De Rendez-vous vun den NATO-Ausseministernen elo gläich am Dezember ass eng gutt Geleeënheet, fir eng éischt Evaluatioun vun de Progrès vu Georgien a vun der Ukraine op hirem Wee an d'NATO ze maachen. Et ass sécherlech am Dezember net den Zäitpunkt, fir iwwert de MAP, de Membership Action Plan, eng Entschëddung ze huelen. Mir mussen elo dru schaffen, fir dass, wa Georgien an d'Ukraine de MAP eng Kéier kréien, d'Joer eng reell Kontributioun zu eiser an och zu hirer kollektiver Sécherheet ass, déi d'Stabilitéit vun Europa weider festegt. Fir dat ze errechen, si weider Reformen néideg an de Projet muss och vun der Populatioun gedroe ginn.

D'Joer ass zum Beispill an der Ukraine net de Fall. Ganz am Contraire: D'Land ass an der NATO-Fro wéi och a villen anere komplett gespléckt. Derbäi kënn meng fest lwwerzegung, dass um Plang vum politeschen Equilibre der spezifischer Sensibilitéit vu Russland méi Rechnung muss gedroe ginn. Anerefalls schafe mer e politeschen Déséquilibre, wou grousst Mësstrauen all Zesummenaarbecht schwéier, wann net souguer onméiglech mécht.

Wat de Balkan ugeet, Här President, d'äerf de Krich am Kaukasus net dozou féieren, dass de Balkan net méi déi Opmierksamkeit krit, déi e verdéngt an déi en och

brauch. All Länner vun Balkan hunn eng europäesch Perspektiv, zu där mir stinn. De Balkan ass och eng Géigend, wou d'Europäesch Unioun all Instrumenter, déi hir zur Verfügung stinn, a Synergien agesat huet, wat dozou gefouert huet, d'Stabilitéit wéinstens emol ze förderen.

A Serbien huet d'Attraktivitéit vun der Europäescher Unioun gegräff an déi nei Regierung zu Belgrad huet sech kloer enger europäescher Agenda verschriwwen. Mir konnte grouss Fortschreiter an der Zesummenaarbecht mam Internationale Krichsverbriechertribunal feststellen. De Karadžić sëtzt zënter kuerzem zu Den Haag a s'äi Prozess huet, wéi Der wësst, ugefaangen. Ech hu grouss Hoffnung, dass de Procureur vum TPI, den Här Brammertz, am Dezember feststelle kann, dass d'Kooperatioun vu Belgrad mam TPI näischt ze wënschen iwwerléisst, och wann de Mladić nach net zu Den Haag ass.

Dat géif eis erméiglechen, dës Stabilitäts- an Associatiounsaccord mat Serbien ze ratifizéieren an domadder d'Joer Land nach méi fest mat Europa ze verankeren. Dat wier an eiser aller Interessi. Ech bleiwe fest dovunner iwwerzeegt, dass ouni Serbien de Balkan, an domat eis direkt Noperschaft, net dauerhaft stabiliséiert ka ginn.

De Kosovo bleift natierlech ee sensibel, ee ganz sensibel Thema tëschent der Europäescher Unioun a Serbien, mä och do gëtt et Bewegung, notament wat den Déploiment vun der Eulex-Missioun am Norde vum Kosovo betrëfft. D'Joer war een éischte wichtige Schrëtt a Richtung vun enger Normalisatioun tëschent Belgrad a Prishtinë.

De 17. Februar huet de Kosovo sech onafhängeg erkläert, wéi Der wësst, d'Joer nodeems en Négociatiounsprozess - dee quasi zéng Joer gedauert huet an am Dezember d'lescht Joer op en Enn bruecht gouf - op der Statusfro kee Konsens tëschent Belgrad a Prishtinë konnt hierstellen. Déi kosovaresch Autoritéiten hu sech mat der Adoptioun vun hirem Constitutioun de Konkursiounen vum UN-Sondergesandte Martti Ahtisaari verschriwwen. Dës Konkursiounen gesinn als eenzeg viabel a stabilitätsverspriedend Optioun d'Kreatioun vun engem onafhängege Kosovo ënner der internationaler Supervisioun vir. De Rechter vun de Minoritéiten ass hei eng besonnesch Protektioun ageraumt ginn.

Ech hat d'Geleeënheet, der Chamber d'Argumenter fir eng Unerkennung vum Kosovo ze presentéieren, an d'Chamber huet d'Linn vun der Regierung och voll a ganz ënnerstëtz. Lëtzebuerg huet duerno den 21. Februar de Schrëtt gemaach, dee bis elo 52 Länner gemaach hunn, an de Kosovo unerkannt, d'Joer well mer och ee groussen Interessi un engem stabile Kosovo an domat un engem stabile Balkan hunn. An deem jonke Stat schafft dann och elo eng demokratesch gewielte Regierung un der Émsetzung vum Ahtisaari-Plang.

D'Lag am Kosovo ass relativ - ech betounen d'Wuert relativ - stabil, wat net zulescht och ee Verdéngscht ass vun der Europäescher Unioun, déi mat hirem Sondergesandten an der Eulex-Missioun, hirer gréisster Police- a Justizmissioun, dobäi mathëlleft, déi kosovaresch Administratioun opzebauen an ze festegen.

Wann ech soe relativ, da kann een d'Joer Deeg spieren, dass Tensiounen sinn tëschent der UNO an de kosovareschen Autoritéiten. Dass eben déi UNO-Resolutioun oder UNO-Décisionen ze no wiere bei de serbeschen Interessen, gëtt am Kosovo festgestallt. Ech hoffen allerdéngs, dass mer dat kënnen ofbauen, an Interessi virun allem vun der Rechtsstaatlechkeet, déi opgebaut muss ginn am Kosovo, an och vum Zesummeleien tëschent Serben a Kosovaren, wat onbedéngt noutwendeg ass. Dësen Erausforderungen ze begéinen, verlaangt e laangen Otem, mä mir si frou, dass d'Weiichen hei an déi richteg Richtung gestallt sinn.

E laangen Otem brauche mer och, wat Bosnien an Herzegowina ugeet. An der éischer Halschent vun deem Joer hu wichteg Progrès an Bosnien eis erméiglecht, de Stabilitäts- an Associatiounsaccord ze ënnerschriwwen an och e Visaliberalisatiounsprozess ze lancéieren.

Leider huet sech d'politesch Lag awer a Bosnien an deene leschte puer Méint verschlechtert, drastesch verschlechtert. Et gëtt kee Konsens méi fir Schlësselreformen, zum Beispill Reforme vun der Police.

D'Rhetorik ass erëm vill méi nationalistesch ginn, an d'Visiounen vun der Zukunft vum Stat sinn dobäi auserneezegoen. Mir hunn e kloeren Interessi, fir Bosnien op der europäescher Schinn ze halen. Duerfir muss d'Europäesch Unioun sech haut nach méi engagieren, wéi dat fréier de Fall war. Et kann net sinn, dass sech a Bosnien elo näischt méi beweegt bis d'Wahlen 2010, well Bosnien soss vis-à-vis vu sengen Nopere wäit zréckfällt a seng europäesch Integratioun och eigentlech verwässert. Dat wier schlecht fir Bosnien, an et wier selbstverständlech och schlecht fir d'Europäesch Unioun.

Am Mëttleren Osten, Här President, enger anerer wichtiger Noperschaft vun der Europäescher Unioun, huet sech eis dëst Joer e ganz kontrastéiert Bild gebueden. De 27. November d'lescht Joer hu sech déi zwou Parteien dozou engagéiert, fir dem jorzéngtelaangen undauernde Blutvergießen en Enn ze setzen. Et gouf decidéiert, fir e Verhandlungsprozess ze lancéieren, de sougenannten Annapolis-Prozess, um Enn vun deem e Friddensvertrag soll stoen, deen déi villgenannten Zweestateléiung, dat heescht en israelleschen an e palästinenseschen Stat, déi friddlech matenee liewen, soll festschreien.

Israelien a Palästinenser hu sech an der Deklaratioun vun Annapolis och dozou engagéiert, fir all Efforten ze maachen, fir bis zum Enn vun deem Joer zu esou engem Accord ze kommen. Och wann am Moment alles drop hindeit, dass dat net wäert méiglech sinn, bis zum Enn vun deem Joer den Accord ze finaliséieren, sou heescht dat nach laang net, dass dat am Laf vun nächste Joer net ka geschéien. Ech hat d'Geleeënheet, fir mer Enn März e Bild um Terrain ze maachen, an Israel, an de palästinensesche Gebidder an och an Ägypten, e Land, deem seng Mediatounsefforten, wéi mer wëssen, vu ganz grousser Bedeutung sinn.

Ech hat d'Geleeënheet, um Terrain ze gesinn, wat déi ganz grouss Auseinandersetzungen a Kontradiktiounen sinn. Esou en Exercice ass selbstverständlech net einfach, geet et dach drëm, fir wäitgräifend Konzessiounen ze maachen, an dat op béide Säiten. Derbäi kënn, dass verschidden Aktiounen net dozou bäidroen, de Verhandlungsklima ze verbessern. Ech denken do speziell un déi vill israelesch Stroosespären am Westjordanland - dat ass e wichtige Punkt -, an un d'Konstruktioun vu weidere Kolonien, mä awer och, op där anerer Säit, un d'Mortierschicken, an d'Kassamattaken vu Gaza op Israel. Och de Fait, dass d'Hamass weiderhin d'Gazasträif besat hält, huet der Regierung vum Premierminister Fayyad hir Aufgab wierklech net vereinfacht.

Ägypten huet sech intensiv drëm beméit, fir den Dialog tëschent de Palästinenser erëm hierzestellen. Mir hoffen, dass, trotz dem rezente Réckschlag, et méiglech wäert sinn, zu enger Versöhnung vun de Palästinenser ze kommen, dëst op Basis vum Dokument, dat vun den Ägypter ausgeschafft ginn ass. Et besteet also duerchhaus Grond fir e weínege Hoffnung. De Waffestëllstand tëschent der Hamas an Israel huet während de leschte fénnef Méint zu enger Berouegung am Gazasträif gefouert, wann och d'Liewen a Gaza selwer absolut net mënschwerdege bleift.

Et muss een hei onbedéngt déi exzellente Aarbecht vun der UNRWA ënnersträchen, déi Lëtzebuerg och weiderhi finanziell ënnerstëtzt. Hei ass enorm vill Engagement vun all Mataarbechter vun där Organisatioun erfuerdert. Déi lescht zwou Woche gouf et leider erëm Gewalt ze bekloen, a Form vu Kassamrakéiten engersäits, an israelesch militäreschen Aktivitéiten an der Gazasträif, déi op béide Säiten zu Doudesoffer gefouert hunn. De Waffestëllstand ze respektéieren ass awer ouni Alternativ. Ech fannen et net akzeptabel, dass d'Hëllefsgidder vun der UNRWA, déi all Dag 750.000 Leit an der Gazasträif elementairst Hëllef ubidden, vun Israel blockéiert ginn. E Méindeg ass zwar e Camion mat Hëllefsgidder

gidder duerchgelooos ginn, mä dat geet bää Wäitem net duer, fir déi humanitär Bedierfnisser an der Gazasträif kënnen ze léisen.

D'Verhandlungen mat de Palästinenser sinn net ënnerbrach ginn, an dëst trotz de politeschen Ongewëssheeten an Israel. Och wa bis d'Wahlen an Israel keen Duerchbroch wäert kënnen erziilt ginn, dann ass et dach wichtig, dass dat, wat bis elo erreecht gouf, net verluer geet. Beim rezenten Treffe vum Quartett zu Sharm el-Sheikh hunn déi zwou Parteien déi aktuell Verhandlungen als substanzuell an och als villversprechend bezechent. Ech mengen, dass d'international Gemeinschaft alles maache muss, fir dese Prozess, deen zu Annapolis lancéiert ginn ass, weider ze ënnerstëtzen.

D'Europäesch Unioun ënnerstëtzt d'Palästinenser politesch, ekonomesch an och an hirer EUPOL-COPPS-Mission bei hire Reforme vun der Rechtsstaatlechkeet an der Sécherheet. Och si mer amgaangen am europäesche Kader ze kucken, wéi een am beschte kann d'Parteien begleeden an hinnen ënnerstëtzt d'Äerm gräfte bei der Ëmsetzung vun engem Friddensoffkomm. Lëtzebuerg ass bereet, do seng Responsabilitéit ze iwwerhuelen. Dëst hu mer, ënner anerem, am Dezember d'lescht Joer op der internationaler Konferenz fir de palästinenseschen Stat zu Paräis daitlech gemaach, an ech hat d'Geleeënheet, dat och dese Juni op der Konferenz bei der Ënnerstëtzung vun der palästinensescher ziviler Sécherheet a Rechtsstaatlechkeet zu Berlin ze weisen.

Am Libanon ass et de leschte Mee zu deem esou néidegen Accord tëschent deene verschiddene politesche Lager komm, op dee mer esou laang gewaart hunn. En neie President konnt gewielt ginn, an eng Regierung vun der nationaler Eenheet ass amgaangen, de nationalen Dialog nees do weiderzeféieren, wou en 2006 duerch de Krich ënnerbrach ginn ass. Dëst ass keen einfachen Exercice, awer ech mengen, d'Parteien si sech mëttlerweil bewosst, dass et keng Alternativ gëtt, fir dat Land erëm ze festegen. Och hei leeschte mer dozou eise Bäitrag, net nëmme finanziell, awer och am Kader vum UN-Fridenstrupp am Süde vum Land.

Och d'Spannung mat Syrien sinn amgaangen ofzehuelen, an dat Land schéngt gewéllt ze sinn, méi eng positiv Roll ze spillen. Indirekt Gespréicher mat Israel sinn initiéiert ginn an der Türkei. D'Türkei, ech erwähnen dat, déi iwwregens net eleng a Saachen Israel-Syrien, mä och am Irak an am Iran zum Beispill eng héich interessant Roll am Sënn vun der internationaler Gemeinschaft spillt. Ech war ëmmer der Meinung, dass mer Syrien mussen als Deel vun der Léisung betruchten, an hoffen, dass déi Öffnung, déi de syresche President gewisen huet, nëmme en Ufank ass, an dass eis Erwaardungen u si net enttäuscht ginn. Den Avi Primor huet et op de Punkt bruecht, wéi e gesot huet: „Wien Israel hëllef wëllt, hëllef och Syrien.“

Här President, trotz deene villen Attentater, déi sech ëmmer nach am Irak zoudroen, schéngt dat Land sech mëttlerweil, lues awer sécher, vum Ofgrond ewechzebréngen, an d'Sécherheetssituatioun huet sech säit dem leschte Joer licht verbessert. D'Iraker hunn am Laf vun de leschte Méint d'Responsabilitéit an enger Majoritéit vu Provénze kënnen iwwerhuelen an hu mat den Amerikaner ee Sécherheetsaccord iwwert déi zukünfteg Präsenz vun amerikaneschen Zaldoten am Irak ausgehandelt.

Ausser eiser humanitärer Hëllef, hu mir och dëst Joer erëm, zesumme mat eise Benelux-Kolleegen, d'Formatioun vun irakesche Riichter an och Polizeikräften organiséiert, fir eisen Deel um Opbau vun der Rechtsstaatlechkeet an deem Land ze leeschten.

Den Iran, Här President, huet sech leider nach ëmmer net a Konformitéit gesat mat de Resolutiounen vum UNO-Sécherheetsrot, déi eng kloer Illustratioun vun der internationaler Solidaritéit op deem Dossier sinn. Et ass wichtig, dass des Solidaritéit och weider erhale bleift. Den Drock vun der internationaler Gemeinschaft op de Regime vun deem grouss Land ass nach weider erhéicht ginn, dëst duerch zousätzlech Sanktiounen, awer leider ouni dee gewünschten Effekt bis elo.

D'Dier zu Verhandlungen mam Iran steet weider op, awer den Iran muss endlech all nuklear Uräicherungs- a Verschaffungsaktivitéiten suspendéieren. Villes kënn sech 2009 änneren an eise Relatiounen mam Iran, wann et soll zu engem demokratesche Presidentewiessel zu Teheran kommen. Ze hoffen ass och, dass d'Obama-Administratioun an den USA sech entscheet, fir d'Dier opzemaachen, fir ähnlech wéi bei Nordkorea e Wee fir Direktverhandlungen mam Iran ze fannen. Dëst géif Amerika, an

och, mengen ech, dem ganzen Noen Osten zegutkommen.

Och d'Mënschrechtssituatioun an deem Land huet sech am leschte Joer net zum Gudden entwéckelt, wat eis méi a méi beonrouegt, virun allem, dass den Iran net déi Obligatiounen erfëllt, déi hie selwer an internationale Konventiounen ënnerschriwwen huet.

Wat d'Relatiounen tëschent der Europäescher Unioun an de Mëttelmierlänner ugeet, esou hu mer den 13. Juli um Sommet zu Paräis decidéiert, fir der euromediterraner Partnerschaft eng nei Dynamik ze ginn an dëst op héchstem Niveau. Mir si frou, dass no enger Rei Diskussiounen et méiglech war, déi ganz Europäesch Unioun an des Initiativ mat anzubannen an op déi nei Unioun fir d'Mëttelmier, op deem, wat schonns am Barcelona-Prozess erreecht ginn ass, kënnen opzebauen.

D'Resultater vum Paräiser Sommet kënnen sech trotz eenzelne Mëssteien duerchhaus weise loosse. Aus eegener Erfahrung kann ech soen, dass et net ëmmer einfach war a bleift, an deem Kader e gemeinsamen Nenner ze fannen, wou ee muss eng Rei Facteurs berücksichtigen, wou d'Kooperatioun net onbedéngt héichkaräteg ass.

Sinn um Sommet zu Paräis eng Rei vu Froen opbliwwen, esou sinn ech méi wéi ze fridden, dass et méiglech war, uganks des Mounts op der Ausseministerkonferenz, déi zu Marseille ofgehalen ginn ass, eng ganz Rei vu Froen ze klären, esou dass mir eis elo kënnen der Ëmsetzung vun eise gemeinsamen Objektivier zouwenden.

Déi nächst Méint wäerte vu grousser Bedeutung sinn, geet et dach dorëm, deenen neie Strukturen wéi zum Beispill dem Sekretariat vun där neier Unioun, dat zu Barcelona wäert installéiert ginn, Liewen anzehauchen, fir dass déi gemeinsam Projeten, déi mir ugeholl hunn, esou schnell wéi méiglech kënnen op d'Schinn bruecht ginn. Och Lëtzebuerg wäert säin Deel dozou bäidroen, fir dass des nei Dynamik net wäert verluer goen an dass mir et fäerdeg bréngen, an der Mëttelmiergëgend e Raum vu Fridden, Stabilitéit, Sécherheet a Wuelstand kënnen ze schafen.

Dann zu eisen transatlantesche Relatiounen. Här President, vill vun deene Problemer, mat deene mer haut konfrontéiert sinn, si Problemer, déi keng Grenze kennen, well se eis alleguete betreffen: Knappheet vu Ressourcen, Ëmwelt a Klimawissel, Finanzkris, organiséiert Kriminalitéit, Massevernichtungswaffen an esou weider. Déi nei Erausforderungen hu vill Facetten a sinn alleguer matenee verbonden.

En effektive Multilateralismus baséiert op internationale Regelen, déi mat starken internationalen Organisatiounen innerhalb vu legitimen Institutiounen ëmgeseit ginn. Dat ass dat eenzeg Instrument, fir global Problemer och gemeinsam kënnen ze léisen.

Ouni international Regele géllt d'Recht vun der Stärkt - net d'Stärkt vum Recht. Wann et um internationale Plang e Konsensus gëtt, wat d'Spillregele betrëfft, ass dat déi beschte Garantie fir alleguerten d'Staten, souguer fir déi stärkst.

An deem Kontext ass d'Wahl vum Barack Obama zum 44. President vun den USA net nëmme gutt fir Amerika, mä ech mengen och gutt fir d'Welt an och gutt fir d'Europäesch Unioun. Mä dat heescht net, dass alles fir eis vill méi einfach gëtt. Deen neie President weess hoffentlech besser wéi säi Virgänger, dass Amerika e ganz grouss Land ass, mä net grouss genuch, fir d'Welt eleng ze regéieren an ze dirigéieren. Duerfir brauch Amerika och international Kooperatioun.

Bei all de Sujeten, déi an deser Deklaratioun erwähnt goufen, bleift eis transatlantesch Partnerschaft essenziell, fir déi global Problemer ze léisen. Natierlech mussen an eiser globaler Welt och nach vill aner Länner mat agebonne ginn. Mä ouni gutt Kooperatioun tëschent Europa an Amerika geet viles net. Ech sinn iwwerzeegt, dass Europa sech méi engagéiere wäert missen, sief et an Afghanistan oder och am Noen Osten zum Beispill. Mä wann dat zu Resultater féiert mat gemeinsamen Ziler, da solle mer och an Europa bereet sinn, méi Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

De Barack Obama huet scho kloer ugedeit, dass hien op d'Kooperatioun setzt, wéi hie gesot huet, dass Amerika sech asetze muss, fir Allianzen a Partenariater erëm opzebauen, well dëst néideg ass, fir déi gemeinsam Erausforderungen opzehuelen a gemeinsame Bedroungen och entgéintzuekucken. Hien huet an deem Kontext och d'Europäesch Unioun als Ganzt als e laangjähregen an ee vun deene wichtigste Partner an Alliierte vun Amerika unerkannt.

Den zukünftige President Obama huet sech genau sou kloer iwwert d'Reform vun de Vereenten Natiounen ausgeschwat, well d'UNO soss net méi Schratt hale ka mat der rasanter Entwécklung vun der Welt an hir Essenz als Friddensstëfter a Verdeedeger vun internationale Recht eigentlech verléiert.

Et deit alles dorop hin, dass d'transatlantesch Bezéiungen eng nei Qualität wäerte kréien, an den Optimismus an d'Erwaardungen sinn deementspreechend grouss. Ech si fest dovunner iwwerzeegt, dass gutt Relatiounen mat Washington néideg sinn, fir zu eiser gemeinsamer Sécherheet, der Promotioun vun eise gemeinsame Wäerter an och dem Abréngen vun eise gemeinsamen Interesse bäizuedroen.

Mir wëllen enk mat Amerika zesummeschaffen, fir festzehalen, wéi eng Kontributiounen, dacks a verschiddene Registeren, mä ëmmer komplementär, d'Europäer an d'Amerikaner mobiliséiere kënnen, fir déi gemeinsam Problemer unzegoen.

Wéi ech a menger Introduktioun gesot hunn: D'Welt huet sech verännert. D'Europäer wëllen op der neier Weltbühn hir Plaz nieft den Amerikaner, de Russen oder de Chinesen anhuelen. Amerika an Europa mussen capabel sinn, eng besser Zesummenaarbecht wéi an der Vergaangenheet fäerdeg ze bréngen.

Mä duerfir muss och Europa natierlech seng Hausaufgabe maachen an eng eege kloer Position bei deene wichtige Sujeten definéieren. Des Positionen wäerten um aussepolitische Plang net ëmmer honnertprozenteg deckungsgläich sinn, an dat ass an enger équilibréierter Partnerschaft eigentlech och ganz normal a souguer heiansdo vu Virdeel.

Mä wa mir soe kënnen, wat Europa bidde kann, da gëtt och gelauschert op dat, wat Europa ze froen huet. Eis Glafwierdegeket vis-à-vis vun Amerika gëtt gestärkt, wann Europa mat enger Stëmm schwätzt.

Ech wënsche mer, an engem Saz gesot, een neit Amerika als Weltmucht am Dëngscht vun de Vereenten Natiounen.

Dann zu eiser Relatioun mat Russland. Här President, Russland ass a bleift ee wichtige Partner, a mir mussen och hei gemeinsam eis Responsabilitéiten huele fir d'Sécherheet an d'Stabilitéit, sief et a Froe vun der Energiesécherheet, dem Ofrüsten oder an der politescher Kooperatioun en général.

Awer net nëmme Russland brauch eis, mir brauchen och Russland. Oder ëmgedrënt: Mir brauchen net nëmme Russland, Russland brauch och eis. Russland ass mat enormen Erausforderungen konfrontéiert. D'Infrastruktur muss moderniséiert ginn. Investitiounen gi gebraucht. D'Ofhängegeket vun Uelech- a Gasexporter muss reduzéiert ginn. Den demographeschen Defizit ass eng immens Erausforderung, a Russland muss redresséiert ginn.

Russland weess, dass Europa eigentlech den natierleche Partner ass, fir d'Land ze moderniséieren.

D'Kris a Georgien huet zu Spannungen tëschent der Europäescher Unioun a Russland gefouert. Eis Bezéiungen mat Russland si méi schwéier ginn, well mer vill Positionen vun der russescher Aussepolitik contestéieren, notament am Kader vum Europarat a vun der OSZE. Mä Russland dowéinst ze isoléieren, ass am Fong déi falsch Äntwert. Léisunge kënnen nëmme am Dialog fonnt ginn, a Spannungen nëmme duerch Kontakt an duerch Geduld ofgebaut ginn.

Lëtzebuerg setzt op d'Kooperatioun, net op Konfrontatioun oder en Distanzéieren zu Russland. Mir sollten eis op effikass an dauerhaft Diplomatie konzentréieren, fir eis Differenzen ze léisen an net ëmmer direkt zum Megaphon gräifen.

Fréier ware vill europäesch Stied Ziler fir potenziell nuklear Frappé vun der Sowjetunioun. Mä den Ost-West-Konflikt ass geléist ginn, well mer eng duebel Strategie verfollegt hunn - eng Strategie vu Stärkt a vu Kooperatioun.

D'Europäesch Unioun kooperéiert mat Russland op ville Froen, déi fir eis Sécherheet vital sinn: Iran, Mëttleren Osten, Afghanistan, Klimawissel, Drogeschmuggel, Non-prolifération an esou weider an esou weider. Hei erreche mer vill manner ouni Russland an absolut guer näischt géint Russland. An all desen Dossieren ass eis Kooperatioun mat Russland lieweg an och konstruktiv.

An aneren Dossieren ass d'Kooperatioun net esou einfach: Kosovo, eis gemeinsam Noperschaft, an natierlech Georgien. Mir mussen kënnen iwwer all déi sécherheetspolitesch Froe schwätzen, déi tëschent dem

Westen a Russland fir Spannungen a fir Irritatioone suergen.

Verschiedener vun de Problemer, déi mir haut mat Russland hunn, si méi eescht wéi d'Kris am Kaukasus. De russesche President huet viru kuerzem ugekënnegt, dass Russland géif Rakéiten zu Kaliningrad opriichten. Mir riskéieren also an eng negativ Spiral ze geroden, an dat musse mer mat alle Mëttele verhënnere a Russland soen, dass et do wirklech um ganz, ganz falsche Wee ass.

Et ka keng Sécherheet ginn, géint Russland, géint Amerika, mä nëmme mat Russland a mat Amerika fir Europa. Mir mussen den Däiwelskrees brieche d'Prinzip vum UNO-Charta a vun der OSZE respektéiert. Duerfir begrëssen ech, dass um EU-Russland-Sommet de 14. November zu Nice annoncéiert ginn ass, dass d'Négociatioun mat Russland den 2. Dezember erëm opgeholl ginn.

Négociatiounen an Dialog heeschen net, dass mir dat, wat a Georgien geschitt, mussen akzeptéieren oder sollen akzeptéieren oder dass mir eis Wäerter verwässere.

Ech gesi keng Alternativ zu enger staarker Relatioun, déi op Zesummenaarbecht, Vertrauen an Dialog opbaut an d'Rechtsstaatlechkeet souwéi d'Prinzip vum UNO-Charta a vun der OSZE respektéiert. Duerfir begrëssen ech, dass um EU-Russland-Sommet de 14. November zu Nice annoncéiert ginn ass, dass d'Négociatioun mat Russland den 2. Dezember erëm opgeholl ginn.

Ech ënnerstëtzen awer och virun allem den Appel vun der franséischer Présidence, een Appel an d'USA grad wéi u Russland, opzehale sech géigesäiteg mat Rakéiten a mat Rakéiteschëlde ze bedroen, amplaz op engem Sommet am Laf vun 2009 zum Beispill iwwert d'kollektiv Sécherheet an Europa ze diskutéieren.

D'Zäit erlaabt mer net, d'Situatioun vun all Land oder all Kontinent ze belichten, mä ech wëll awer dovunner profitéieren, fir kuerz nach d'Wichtigkeet vun onse Relatioun mam asiatesche Kontinent ze ënnersträichen. Lëtzebuerg ass do ënner anerem aktiv an esou multilaterale Froe wéi der ASEM. Zesumme representéieren déi 43 europäesch an asiatesch Länner, déi an der ASEM vertruede sinn, ongeféier 50% vum weltwäite PIB, 58% vun der Weltbevölkerung a 60% vum Welthandel.

Et ass virun allem wichtig, dass mir esou Länner wéi China, Indien a Japan, mä awer och Singapur oder Indonesien zu de villen Défien, zum Beispill zur aktueller Finanzkris, dem Klimawandel an esou weider, déi mer hautdésdags ze bewältigen hunn, op eng gemeinsam Approche probéieren ze definéieren.

Fir d'ar strategesch Wichtigkeet vun dese Länner gerecht ze ginn, ass Lëtzebuerg och mëttlerweil mat véier Ambassaden - wéi Der wësst - um asiatesche Kontinent präsent: New Delhi, Tokio, Peking an zënter kuerzem och Bangkok. Dës Ambassaden decken dann och oft eng Rei vun hiren Nopeschlänner mat of an droe vill derzou bäi, dass d'Lëtzebuerger Interessen an deene Länner verdeedegt ginn.

Ech géif an deem Kontext och nach gären e puer Wuert iwwer zwee Länner soen, déi eng grouss Wichtigkeet hunn: Afghanistan a Pakistan.

D'Situatioun an Afghanistan ass am Moment sécherlech net déi einfachst. D'Land bereet sech momentan op nei Presidentschaftswahle vir, déi d'nächst Joer geplangt sinn, an dat ënner extrem schwierige Sécherheitskonditiounen, wéi Der lech dat kënnst virstellen. Et sinn am Ufank sécherlech schonn e puer Feeler begaange ginn.

Mä wéi schonn oft gesot, sinn d'Erausforderungen, déi sech an Afghanistan stellen, am groussen Mooss globaler Natur. Terrorismus, Extremismus, Drogen: All dat sinn d'Problemer, déi ze bewältige sinn. Et ass wichtig, dass déi international Communautéit, an domat och Lëtzebuerg, weiderhin engagéiert bleift, an dass mer souwuel am politeschen a militäreschen, mä virun allem am humanitären Beräich aktiv bleiwen. Mir mussen dozou bäidroen, dass den normalen afghanesche Bierger op eng Zukunft blécke kann, an där Friden a Prosperitéit herrschen, an där och déi elementar Mënscherechter respektéiert ginn.

Déi international Konferenz iwwer Afghanistan, déi am Juni zu Paräis stattfonnt huet, huet an deem Kontext och wichteg Akzenter gesat, wéi d'Situatioun an Afghanistan an der nächster Zukunft kéint verbessert ginn.

Wann een iwwer Afghanistan schwätzt, da muss ee selbstverständlech och Pakistan erwähnen, well déi zwou Situatiounen ganz, ganz enk mateneen - leider, leider! - liéiert sinn. Säit September ass jo zu Islamabad eng nei Regierung an der Spëtzt.

D'Léisung vun de Problemer an Afghanistan hunn - wéi mer all wëssen - och eng regional Dimensioun. Et ass duerfir wichtig, dass mir als international Communautéit, a virun allem och d'Afghanen, enk mat där neier Regierung kënnen zesummeschaffen.

Pakistan, dat eenzegt muslescht Land, wat am Moment d'Nuklearwaff besetzt - dat därefer mer net vergiessen -, huet an de leschte Jore vill Schrëtter am Demokratisierungsprozess gemaach.

Pakistan huet iwwerdeems och eng ganz wichteg Roll ze spillen am Beräich vun der internationaler Terrorismusbekämpfung. D'Europäesch Unioin huet duerfir och wëllen, an den nächste Jore d'Kooperatioun mat Pakistan an deem Beräich ze intensivéieren, fir dass a Pakistan den Embryo vun Demokratie, dee besteet, och eng Chance huet, fir sech weiderzeentwéckelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, just déi lescht Deeg hu gewise mam Sommet vum G20 zu Washington, dass déi international Politik endlech agesinn huet, dass d'Globalisierung keen Thema ass, fir un éischter Plaz Dissertatiounen ze schreiwen, mä fir sech um internationale Plang esou opzustellen, dass déi fundamental gemeinsam Interessen och eng strukturéiert global Äntwert kënnen kréien. D'Reform vum UNO-Sécherheitsrot, wou net eleng déi fënnf Länner op der Welt, déi offiziell Nuklearwaffen hunn, sech permanent a mat Veto-recht breetmaache kënnen, mä nach vill aner wichteg Länner, vun anere Kontinenter hir Plaz missten hunn, ass batter, batter noutwendeg.

De G7, dee sech méi mat sech selwer wéi mat der Welt beschäftegt, ass keen Instrument méi, mat deem d'Erausforderunge vum 21. Jorhonnert a globaler Form ze meeschtere sinn. Eng besser strukturéiert Form an eng Erweiderung sinn hei an Zukunft absolut ubruecht.

Här President, de sougenannte Westen huet agesinn, dass seng absolut Dominanz gebrach ass. D'Welt gëtt an Zukunft net méi eleng vum Westen aus dirigéiert an opgestallt, wéi et zum Beispill nach bei Bretton Woods de Fall war, wou d'Amerikaner an d'Engländer alles entscheede konnten. Wann de Westen och dese Monopol verluer huet, behält hie selbstverständlech seng Muecht, säin Afloss, seng Responsabilitéit.

De G20-Sommet zu Washington kann en Ufank si fir eng Welt, wou d'Länner vum BRIC - also Brasilien, Russland, Indien, China - genausou wéi opstriedend Länner wéi zum Beispill Südafrika, Indonesien, Saudi-Arabien, awer och d'Türkei zum Beispill méi global Matbestimmung engersäits zu Recht verlaangen, anerersäits méi konstruktiv Verantwortung mussen awer och bereet sinn, ze iwwerhuelen.

Wann een dës virun Aen huet, dierft et net allzeshwierig sinn, sech als Lëtzebuerg an der Europäescher Unioin anzusetzen, fir dass a Richtung méi international Gläichgewichter a besser Strukturen higeschafft gëtt.

D'Zil vun der Aussepolitik ass et jo en général, d'Nervositéit um Globus ofzebauen, fir se duerch d'Asiicht ze ersetzen, dass d'Rieder vun den internationalen Interessen aneneegräife mussen, fir der Stabilitéit, dem Friden an der Mënschlechkeet kënnen eng Chance ze ginn.

Lëtzebuerg ass - wéi mer wëssen - eent vun deene rare Länner op der Welt, dat zënter méi wéi 60 Joer vu Krich, vun Honger, vun Duuscht a vun Angst verschount bliwwen ass. Dese Privileg wëlle mer fir jiddereen op der Welt verwerklechen. Duerfir ass a bleift eis Aussepolitik inspiréiert vum Deelen, also vu Solidaritéit, a vun Engagement a vun Kooperationsbestriewen, dat heescht dem Zesummebréngen, statt dem Ausenanerdividiéieren vun den Interessen.

Ech soen lech Merci.

»»» **Plusieurs voix.** - Très bien!

»»» **M. le Président.** - Merci, Här Ausseminister. Mir diskutéieren Är Deklaratioun muer de Mëtteg.

Elo komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Resolutioun vum honorabelen Här Goerens iwwert

d'Asetzung vun enger Spezialkommissioun. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

5. Résolution de M. Charles Goerens relative à l'instauration d'une commission spéciale pour le suivi de tous les aspects liés à la crise financière et au ralentissement économique

»»» **M. Charles Goerens (DP), auteur.** - Merci, Här President. Ech hat d'lescht Woch am Numm vu menger Fraktioun eng Resolutioun déposéiert, déi als Zil huet, fir eng Commission spéciale ze schafen. Den Ausgangspunkt vun där Commission spéciale ass d'Bankekris. Mä sech der Tatsaach bewusst, dass déi Bankekris mëttlerweil scho Répercussiounen huet op aner Secteuren, menge mer, hätte mer et hei mat engem ganz eeschte Virgang ze dinn.

Wa mer eng Spezialkommissioun fuerderen, da singulariséiere mer eis net hei am Parlament, well mir hunn et an der Vergaangene mat enger ganzer Partie Spezialkommissiounen ze di gehat. Mir haten zum Beispill eng Commission spéciale iwwert den Enseignement supérieur; eng iwwert d'Chancégläichheet; eng iwwert d'Problematik ronderëm den Organisme génétique; eng iwwert d'Sécurité publique; an och eng iwwert d'Tripartitesbeschlëss an dëser Legislaturperiod, déi sech jo bekanntlech mat deene legislativen Aarbechte befaasst huet, déi sech erginn hu ronderëm d'Problematik Kompetitivitéit an Assainissement vun öffentleche Finanzen.

Déi Spezialkommissiounen haten all eppes gemeinsam: Si hunn eng reell Problematik adresséiert, déi aktuell war, déi dréngend Léisungsvirschléi ervirgeruff huet. An zweetens hate se alleguer d'Gemeinsamkeet, dass se Implikatiounen haten, net nëmme op een Departement, mä op méi Departementer, och méi Secteuren. Si waren also sektoriell iwwergräifend. An déi Problemer, déi ech ugesprach hunn - dat ass déi dréit Gemeinsamkeet -, déi waren alleguer corréliert.

Dës Resolutioun - dat hunn ech schonn uganks gesot - huet als Ausgangspunkt d'Crise bancaire. D'Implikatiounen sinn awer elo schonn offensichtlech net méi op d'Bankewelt begrenzt. Mir wëssen, dass mer et mat enger Vertrauenskris ze dinn hunn, déi mëttlerweil aner Secteure ganz staark impaktéiert. Huele mer zum Beispill d'Automobilindustrie; huele mer d'Zouliwwerungsbetrieb; huele mer den Immobiliësektor; huele mer d'Konsequenzen, déi déi Kris do elo schonn um Aarbechtsmaart manifestéiert; d'Croissance ass agebrach; de Budget gëtt dovunner tangéiert, jiddefalls op der Recettésäit; an déi Budgete vun 2010 an 2011, obscho mer dee vun 2009 nach net gestëmmt hunn, maachen eis elo schonn zu Recht eng Partie Suergen.

National an international huet déi Kris Implikatiounen. Et ass eng global Kris, déi éischt grouss Kris am Zäitalter vun der Globalisatioun. Déi national souwuel wéi déi international Gouvernance ginn op de Métier geholl. Mir hu Sommeten, wou mer derbäi sinn. Et gëtt Sommeten, wou mer net derbäi sinn. Et ginn Entscheedunge geholl, wou mer mat um Drécker sinn. Et ginn Entscheedungen undiskutéiert, wou mer net mat um Drécker sinn. D'Regelwierker vun der Finanzplaz kommen op de Métier, ginn attackéiert, ginn diskutéiert, gi kommentéiert.

D'Chamber kann an dëser Situatioun zwou Haltungen anhuelen.

Éischtens, mir kënnen soen a dovun ausgoen - dat hunn och eenzel Kolleeg mer gesot -, mir loosse déi bestehend Kommissioun sech mat där Kris hei befaassen. Dat kann ee maachen, well mir hu praktesch e ganze Spektrum vu Kommissiounen, déi alleguer déi Aspekter, déi ech ugeschnidden hunn, ofdecken. Mir hunn eng Ekonomieskommissioun; mir hunn eng Finanzkommissioun; mir hunn eng Commission juridique; mir hunn d'Commission des Affaires étrangères.

Déi Optioun huet just den Nodeel, dass mer dann déi ganz Problematik de façon segmentée uginn, wat an dëser speziellescher Situatioun net ubruecht ass.

Wa mer awer wëllen déi ganz Problematik de façon globale uginn, dann hu mer den Avantage, dass mer zu eelef ronderëm en Dësch sëtzen an eis mat deene Problemer befaasse kënnen, well da véier vun der CSV, dräi vun der LSAP, zwee vun der DP a jeeweils ee vun deene Gréngen a vun der ADR derbäi sinn.

Wa mer op deen anere Wee géife goen a mir géife Commission-jointe maachen - wat ee sech och ka virstellen -, dann hu mer am Fall, wou zwou Kommissiounen vum enger Problematik betraff sinn, 22 Leit ronderëm den Dësch sëtzen. An am Fall, wou dann dräi oder véier Kommissiounen betraff sinn, hu mer der 33 oder 44 dosëtzen. Dat ka keng seriö Kommissiounsaarbecht ginn. Déi erméiglecht weder eng gutt Lecture an Analyse vun der Situatioun nach eng Diskussioun, déi indispensable ass, fir op Entscheedungen hinzeschaffen.

Mir hunn als Chamber en duebele Rôle. Mir hunn doudsécher net de Rôle, fir d'Regierung ze ersetzen. Mä mir hunn awer de Rôle, fir d'Regierung ze kontrolléieren, éischtens, an zweetens hu mer och e Rôle d'impulsion politique. D'Chamber muss hirer Impulsgeberfonctionen nokommen, andeems dass se och an dëser spezifescher Situatioun eppes vu sech héieren doet. Well ech mengen net, dass déi, déi eis gewielt hunn an déi mer hei verrieden, eis et géifen ofhuelen, wa mer elo just als Supportere géife passiv, reaktiounslos déi Kris do kucken.

Et ass net nëmme eng héich Reaktivitéit hei virausgesat, mä och en direkten Input vun de gewielte Verrieder. Et ass aus deem Grond, a fir dass d'Chamber hirer duebeler Fonctioun nokënn - där vum Rôle d'impulsion politique an och där vun der Kontroll, déi ech ugeschwat hunn -, dass mir der Meinung sinn, dass dës Spezialkommissioun, déi mer fuerderen, déi appropriéiert Äntwert wier op déi bestehend Situatioun, déi wéi gesot eis alleguer vill Kappzerbrieche mécht an och nach wäert maachen.

Ech soen lech Merci.

»»» **Plusieurs voix.** - Très bien!

»»» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens.

»»» **M. Charles Goerens (DP), auteur.** - Ech wëll och nach prezisieren, Här President, dass mer selbstverständlech bereet sinn, d'Resolutioun ze ënnerschréien. Mir hu se awer och opgelooss, fir Ënnerschréite vun deenen anere politesche Fraktiounen drop ze kréien.

Résolution

La Chambre des Députés,

- *préoccupée par la crise bancaire et son impact dans les domaines budgétaire, économique, monétaire et social;*

- *consciente de sa double fonction de contrôle et d'impulsion politique;*

décide

- *d'instaurer une commission spéciale destinée à suivre régulièrement tous les aspects relatifs à la crise financière et au ralentissement économique de façon globale.*

(s.) *Charles Goerens, Félix Braz, Ben Fayot, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Michel Wolter.*

»»» **M. le Président.** - Freet nach een d'Wuert?

Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

Discussion générale

»»» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. De Kolleeg Goerens hat d'lescht Woch déi Resolutioun hei eraginn. Mir hate jo elo eng Woch Zäit, fir eis doriwwer Gedanken ze maachen. Et war jo am Fong d'Iddi, fir se d'lescht Woch hei ze deponéieren, fir dass domat all d'Parteien d'Geleeenheet krite, fir sech Gedanken doriwwer ze maachen. Duerfir war ech elo am Fong geholl iwwerrascht, dass kee sech zu Wuert gemellt huet zu esou enger wichtiger Initiative. Duerfir hunn ech mech elo méi spéit gemellt, well ech awer gemengt hunn, et misst ee bal deenen aneren, wéi dat hei d'Regel am Haus ass, de Virtréit der Gréissenuerdnung no loosse.

(Interruption)

Op jidde Fall, mir vun eiser Säit aus begréissen déi Initiative, déi vum Kolleeg Goerens hei geholl ginn ass.

Mir hunn an der Vergaangeneet schonn oft eng Spezialkommissioun hei am Parlament

agesat. A wann déi alleguer wichteg waren - an de Kolleeg Goerens huet déi opgezielt -, da kann ee soen am Nachhinein: Si ware ganz wichteg.

Mä ech géif soen, an deene leschten 20 Joer, wou ech heibanne war, war awer wahrscheinlech d'Situatioun ni esou eescht, wéi se sech elo schéngt hei am Land unzebahnen.

Wa mer an dëser Situatioun als Parlament net higinn an eis Responsabilitéit huelen an dann eng Kommissioun maachen, déi sech speziell mat deem dote Problem befasst, da froen ech mech, wat mer iwwerhaapt nach als Parlament solle maachen. Da si mer just Befehlsempfänger an enregistrierten dat, wat d'Regierung seet, a soe Jo an Amen dozou, mä mir sinn net bereet, selwer un där Problematik matzediskutieren a mat déi richteg Konklusiounen ze zéien.

Déi Kris, déi amgaangen ass, ass eng eescht. Déi Kolleegen, déi an deenen zoustännige Kommissiounen sinn, speziell an der Finanzkommissioun, déi praktesch elo geschwénn all Dag taagt, déi mierke jo, datt vu Sitzung zu Sitzung mer méi Asiicht kréien, méi kloer gesinn, wou dat Ganzt wäert histeieren. Mir wëssen, wann dat sech esou soll entwéckelen, wéi dat do der Undeutung no schéngt ze sinn, datt mer da wäerten an den nächste Joren esou vill Problemer hei an deem Land kréien, wéi mer ni virdrun haten.

Duerfir schéngt et eis wichteg ze sinn, datt mer eis als Parlament dorunner bedeelegen, datt mer déi Spezialkommissioun maachen, datt mer Analyse maachen, datt mer d'Entwécklung suivéieren, datt mer Konklusiounen zéien, an datt mer virun allem dann och hoffentlech zesummen a gemeinsam kënne reagieren.

Mir vun eiser Säit ënnerstëtzen déi Propositioun vum Kolleeg Goerens Charles, a vläicht kënnt och elo nach deen een oder aneren op d'Riednerpult.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Den Här Fayot huet d'Wuert gefrot.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ech wollt och e puer Wuert soen zu där Spezialkommissioun. Selbstverständlech droe mir déi Absicht vum Här Goerens mat, fir dass d'Chamber hir Fonctioun vu Kontroll a vun Impulsioun vis-à-vis vun der Regierung voll a ganz an dëser wichteger Fro vun der Finanz- a Wirtschaftskris, déi op ons duerkënnt oder an där mer dra sinn, assuméiert. Et ass selbstverständlech, dass meng Fraktioun wëllt, dass d'Parlament mat alle Mëttele probéiert, déi politesch Aktualitéit, besonnesch an där schwiereger Situatioun, wou mer elo sinn, opzeschaffen an och doraus hir Konklusiounen ze zéien.

Ech muss awer allerdéngs soen - an den Här Goerens weess dat -, dass ech eigentlech déi Initiativ mat gemëschte Gefiller gesinn hunn, net wéinst dem But dovunner, net wéinst där Absicht, déi derhannert stécht, mä wéinst deene Mëttelen, déi mer als Chamber hunn.

Eng Commission spéciale an engem Parlament vu 60 ass e Gremium weider wéi déi vill Kommissiounen, déi mer schonn hunn, wou mer een hannert deem aneren hiergaloppieren, fir dass déi Kommissiounen beschlussfäeg ginn.

Et gëtt selbstverständlech och virun allem a mengen Aen e grouse Problem, deen ons Chamber huet, onst Parlament huet, dat heescht, wa mer Leit zesummesetzen an eng Commission spéciale, brauche mer eng Capacité d'analyse, eng Capacité de scrutiny, wann ech dat emol esou ka soen, fir net komplett ofhängeg ze si vun der Regierung.

Wann d'Parlament, wann d'Legislativ also eng Commission spéciale mécht, fir déi Kris ze suivéieren an och doraus Konklusiounen ze zéien an Impulser ze ginn, da muss se déi Capacité d'analyse hunn, an dat muss natierlech e Maximum vun Informatioun sinn, deen aus der Regierung kënnt, wéi och e Maximum vun onofhängeger Expertise, fir dat kënne ze maachen.

A well ech meng Problemer, meng Zweifelen hunn, ob mer dat fäerdeg bréngen,

hunn ech och een Abléck meng Zweifel gehat, fir esou eng Commission spéciale ze maachen, déi bei déi Aarbecht derbäikënt, déi mer als Chamber hunn, a mir wësse jo, wéi schwierig dass déi Kommissiouns-aarbecht ass.

Ech wëll och soen, dass zwou Kommissiounen an der Chamber sech intensiv mat där Wirtschaftskris a Finanzkris beschäftegen, nämlech d'Finanzkommissioun an d'Wirtschaftskommissioun, a sécher och aner Kommissiounen, déi dorunner bedeelegt sinn.

Et gëtt sécher eng schwierig Equatioun, fir alleguerten déi Leit, déi wierklech engagéiert sinn an der Analys vun der Situatioun an och an der weidergehender Aarbecht, an déi Kommissioun ze kréien.

Wéi gesot, mir stëmme fir déi Commission spéciale, mat enger ganzer Partie Fragezeichen, wéi et soll weidergoen. Mir erkennen dee Mouvement un, fir d'Chamber mat anzebannen. Dat hätte mer souwisou gemaach oder dat maache mer souwisou schonn an der Finanzkommissioun, an der Wirtschaftskommissioun. Mä wann et de Wonsch ass vun der Chamber, fir esou eng Spezialkommissioun ze maachen, si mer bereet, mat op dee Wee ze goen, an hoffen, dass wierklech dann och eng Plus-value doraus kënnt.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den Här Wolter huet d'Wuert.

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech wëll do weiderfuere, wou den Här Fayot opgehale huet, fir ze soen, dass eng Commission spéciale nëmme eppes bréngt, wa se eng reell Plus-value duerstellt. Ech verstüvilles vun deem, wat de Ben Fayot gesot huet. Mir hunn notament eng ganz Rei vu Kommissiounen, déi jo regelméisseg tagen.

Deen Doute, deen d'Kollege vun der LSAP ausgedréckt hunn, ob mir den Agendaen, déi mer nun emol hunn an der Lëtzeburger Politik, nokomme kéinten, well mir als Lëtzeburger Deputéiert, contrairement zu den Deputéierte vu villen anere Parlamenten, net exklusiv national Aufgaben hunn, mä zu engem ganz groussen Deel och lokal Aufgaben hunn a vill vun eiser Zäit an eiser Energie an der Lokalpolitik verbréngen, déi eis dann an der Nationalpolitik e bësse feelen. Déi Besueg, déi vun der LSAP do ausgedréckt ginn ass, verstinn ech.

Op där anerer Säit ass et esou, wann ech den duebele Rôle vun der Chamber kucken, deen als Rôle d'impulsion an als Rôle de contrôle du Gouvernement, an an enger Situatioun, wou een nu wierklech vun Dag zu Dag méi d'Impressioun kritt, dass et sech net reng ëm eng Finanzkris handelt, mä dass et eng Kris wäert ginn - net nëmme hei zu Lëtzebuerg, mä haaptsächlech an der ganzer Welt an och an Europa -, déi wäit iwwert d'Finanzen eraus an d'Ekonomie wäert eragoen, dass een da virun der Fro steet: Mécht een dat an dräi, véier, fënnf Kommissiounen separat, oder bündelt ee säin Effort, fir et an eng Kommissioun ze bréngen?

Mir hunn eis déi Fro och gestallt als CSV-Fraktioun a mir sinn éischer zur Konklusioun komm, dass een eng Commission spéciale sollt maachen. Zum engen, well mer mengen, dass den Zäitpunkt komm ass an deenen nächste Méint, fir sech intensivist mat där Fro ze beschäftegen. Zum aneren och, well d'Regierung de leschten Dënschdeg hei hiren Accord zu där doter Kommissioun ginn huet, a mir et relativ komesch géife fannen, wann eng Demande géif komme vun enger Fraktioun, wou déi ganz Regierung hiren Accord ginn huet, wann dann an der Chamber déi eenzel Fraktiounen der Meenung wieren, dass een déi Offer, déi do komm wär, quasi net géif unhuelen.

Ech géif awer allerdéngs eppes wëllen dobäi soen. Wa mer déi Commission spéciale maachen, a mir hunn eis jo all, huelen ech un - de Ben Fayot op jidde Fall, dat hunn ech elo just héieren, de Charles Goerens och -, d'Fro gestallt an der leschter Woch, wat mer an där Kommissioun solle maachen.

Meng perséinlech Konklusioun ass déi, dass déi Kommissioun ganz vill Aarbecht wäert kréien...

» **Une voix.** - Jo!

» **M. Michel Wolter (CSV).** - ...an eng ganz diversifizéiert Aarbecht wäert kréien, esou dass ech hoffen, dass déi eenzel Fraktiounen bei der Nominatioun vun hire Leit, déi elo an déi Commission spéciale solle kommen, Leit nennen, déi och Zäit hunn, an

déi Kommissioun ze kommen, an déi vläicht dat an deenen zwee, dräi nächste Méint als hir politesch Haaptaufgab ugesinn, an et net nach als eng siwent oder aacht oder néngt Aktivitéit niewent sechs oder siwen anere lokal-, regional-, national- an europapolitischen Aktivitéiten ugesinn, déi se par ailleurs op hirem Agenda hunn.

Et ass also och eng Fro iwwert d'Zilsetzungen. Iwwert déi muss mer eis nach eens ginn, well d'Resolutioun en tant que telle ass relativ flou. Et muss ee sech also nach eng Kéier eens ginn doriwwer, fir de Perimeter ofzestiechen. Well mir kënne och hei net d'Welt frësch erfannen. Dat ass dat eent.

Dat Zweet ass, déi eenzel Fraktiounen mussen sech d'Wuert ginn, dass se och Leit dohinner setzen an nominéieren, déi an deenen nächste Méint déi Disponibilitéit weisen, déi noutwendeg ass, fir dass esou eng Commission spéciale och zu deem Resultat féiert, zu deem se soll féieren, nämlech eng reell Plus-value schafen. Mir brauche keng Commission spéciale, wa se keng Plus-value schafft an der Analys, mä och an der Fonctioun, fir eventuell Solutiounen kënne ze proposéieren.

Et ass ënnert deene Bémolen, wou ech soen, dass d'CSV-Fraktioun de Moien décidéiert huet, dass se der Initiativ vun der DP géif zoustëmmen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Wolter. Dann huet den Här Braz nach d'Wuert gefrot.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Här President, déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt dee Virschlag vun der DP. Och bei eis ass doriwwer diskutéiert ginn. Och bei eis si sech déi doten an ähnlech Froen gestallt ginn, mä eis Konklusioun war awer, dass trotz all deene berechtigten Froen, déi opgeworf ginn, et sécher net déi richteg Äntwert wier, ze soen, da maache mer keng Kommissioun oder mir probéieren et net.

Et wäert sécher net einfach ginn, déi Missioun prezis ze beschreiwen. Dat ass e wesentleche Punkt - déi Missioun prezis ze beschreiwen -, soss kann dat ausufern. An dat kann dozou féieren, dass een herno keng brauchbar Konklusioun kann doraus zéien. Dat ass also e ganz wesentleche Punkt, mat deem sech déi Kommissioun wäert vun Ufank un als Éischt misse beschäftegen.

Mä aus der Suerg eraus, déi den Här Fayot ausgedréckt huet, och deelweis den Här Wolter ausgedréckt huet, d'Konklusioun ze zéien, dass d'Parlament sech dann net soll méi intensiv wéi elo mat där Fro beschäftegen, dat wier eiser Meenung no déi falsch Konklusioun.

Och wann de Constat duerno an de Konklusiounen net onbedéngt deen ass, dass mer vill ganz konkret Konklusiounen hätten, wann et dat iere géif ginn, dann hätt och dat seng Ursachen. An zumindest déi Ursachen herno mam Numm ze benennen, kloer mam Numm ze benennen, wär dann och schonn eng brauchbar Konklusioun vun där Aarbecht gewiescht.

Wann et dréms geet fir d'Parlament sech d'Fro ze stellen, ob d'Parlament amstand ass, op ganz komplizéierten a wichtige Dossieren tatsächlech mat deem Staff a mat deene Leit, déi hei sinn, et mat der Regierung op Aenhéicht opzehuelen, dat ass eng Fro, déi mer eis jo scho bei méi wéi engem Dossier gestallt hunn. Hei wësse mer, dass déi Schwierigkeet besteet, a wann d'Parlament déi Schwierigkeet net bewältegt kritt, ass dat och eng Konklusioun.

Duerfir ënnerstëtze mir de Virschlag vun der DP.

» **M. le Président.** - Très bien! Ech gesinn, Dir Dammen an Dir Hären, op alle Bänken Unanimitéit fir d'Institutioun vun dëser Commission spéciale, och wann den Aktionsperimeter net definitiv ofgestach ass. Duerfir ass et och wichteg fir opzepaszen, wien een an déi Kommissioun nennt, wéi den Här Wolter et gesot huet. Zum Beispill d'ganz Questioon vum Emploi wäert och hei mat eraspillen, esou dass déi eenzel Fraktiounen sollen do all Aspekter a Considératioun zéien, wa se hir Leit nennen.

Dann denken ech, dass mer par main levée kënne iwwert déi Propositioun hei ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien ass d'accord domat?

Ech denken, dass mer Unanimitéit heibannen hunn. Jo, mir hunn d'Unanimitéit op där doter Fro. Domat ass déi Kommissioun

décidéiert, an ech géif d'Fraktiounen bieden, hir Vertrieeder esou schnell wéi méiglech ze nennen, fir dass och d'Kommissioun ka mat hiren Aarbechten ufänken, nodeems dass d'Parlament seng Zoustëmmung ginn huet.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen domat zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass de Projet de loi iwwert d'Formation professionnelle. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Hetto-Gaasch, d'Madame Brasseur, d'Madame Loschetter, den Här Mehlen, den Här Spautz, den Här Berger an den Här Jaerling. Dann huet elo d'Wuert de Rapporteur, den honorabelen Här Castegnaro.

6. 5622 - Projet de loi portant réforme de la formation professionnelle et portant modification a) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État; b) de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue; c) de la loi du 1^{er} décembre 1992 portant 1. création d'un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue; d) de la loi du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du Travail

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Här President, Kolleginnen a Kolleegen, mat der Diskussioun an der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5622, der Reform vun der Berufsausbildung, si mer dann erëm mat zwee Been zréck zu Lëtzebuerg.

Ech wëll just soen, dass dee Projet net manner komplizéiert ass wéi d'Weltlag, där mer virdrun nogelasschert hunn, am Géigendeel. Mir sinn hei konfrontéiert mat engem dach komplizéierten, awer innovativen Projet de loi, dee virrangee de Mënsch a besonnesch dee Jonk an de Mëttelpunkt stellt a versicht, nei a besser Zukunftsperspektiven duerch méi Kompetenz a Wëssen an domat eng verbessert Konkurrenzfähigkeet op dem Aarbechtsmaart ze vermëttelen, a gläichzäiteg awer och dat Méi u Kompetenz an u Qualitéit am Interessi vun de Betriber duerchzuféieren, déi domat d'Qualitéit vun hirer Aarbecht, d'Produktivitéit an d'Kompetitivitéit kënne verbessern.

Wéi gesot, et ass e komplizéiert Gesetz, och well et innovativ ass a well et mat der Vergaangenheet brécht duerch nei, méi komplett a sech ergänzend Bildungsweeer a Bildungsmethoden. Mat der Ofstëmmung haut, esou gesinn ech et, gëtt e Meilesteen an en Eckpfeiler innerhalb vun eisem gesamte Schoul- a Bildungssystem gesat. Et ass eng éischt bedeitend Etapp am Hibleck op aner Etappen, déi eis an d'Haus sti mat deenen dräi Schoulgesezter, déi deemnächst och hei debattéiert an ofgestëmmt solle ginn.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ier ech an den Detail ginn, e puer Bemierkungen an Zuelen.

Éischtens, Merci all deenen, déi matgeschafft hunn an der Kommissioun, am Sekretariat hei am Haus, an der Fraktioun an am Ministère.

Zweetens, Merci allen, déi Avisen zum Projet de loi geliwwert hunn, an ech mengen domat net nëmme de Statsrot an d'Berufschamberen, mä och d'Gewerkschaften, d'Elterevereenegungen an anerer. Mir ware konfrontéiert mat 16 Avisé respektiv Avis-complémentaire. Eis Kommissioun huet 14 Mol getaagt an dovou gouf et eng Réunion jointe mat der Commission du Travail et de l'Emploi.

Déi ganz Aarbecht huet praktesch 24 Méint, also zwee Joer gedauert, a mir ware mat siwen Oppositions formelles vum Statsrot konfrontéiert. Ech wëll direkt drop hiweisen, dass den ursprüngeleche Projet de loi, deen de 24. Oktober 2006 déposéiert gouf, op

dem Avant-projet berout, dee schonn ënnert der viregter Regierung ausgeschafft ginn ass, awer ëmgeännert gouf an am Laf vun deene villen Diskussiounen deene ville Kritiken, Virschléi an Ureegung Rechnung gedroen huet an domat méi ausgewoge ginn ass, ouni dass dat gesaten Zil vun der Reform a Fro gestallt gouf.

Et ass wéi ëmmer, wann e Basisgesetz 63 Joer al ass - ech erënnenen un den Arrêté grand-ducal vum 8. Oktober 1945, dee sengersäits baséiert um Gesetz vum 5. Januar 1929 -, wann een do mat Ännerungen an Upassung reforméiere wëllt, da kann ee bal net inhaltlech op Eestëmmegeket stoussen, souguer dann, wann zënter Joren a Joren eigentlech vu jiddferengem eng grondleeënd Reform vun der Berufsausbildung gefuerdert ginn ass.

Domat ass et kloer, dass de Reformprojet, deen hei virläit, net onëmstridden a gewöhnungsbedürftig ass, well en eben anescht ass. Munch Kritike sinn och dohier komm, well Einzelner sech ze vill un déi bestehende Regele gewinnt haten an ze vill am bestehende System agéiert oder geschafft hunn. Mä insgesamt, an dat soll een awer ervirsträchen, haten all Kritiken e positiven Hannergrond, well se alleguer festgestallt hunn, dass een am Interessi vun der Saach, a besonnesch vun der Jugend eppes misst ënnerhuelen.

Nun, wa mer dat alles wëllen ëmsetzen, ass d'Mataarbecht an d'Matverantwortung vun allen Acteuren a vun alle Betraffenen noutwendig, fir et kënnen an d'Realitéit ëmzesetzen. Mir brauche souzesoen e kollektiven Effort, fir dass et réusséiert.

D'Schwéierpunkte vun der Reform:

Éischtens, dat iwergoend Konzept vum „lifelong learning“ geet wéi e roude Fuedem an och als Äntwert op d'Erausfuorderung vun der Globaliséierung duerch dee Projet de loi, well et noutwendig ass, sech permanent un déi Technologien, déi sech permanent veränneren, kënnen unzepassen. Dat heescht, et muss méiglech sinn, Ëmschoulung a Weiterbildung ëmmer erëm an ëmmer erëm op en Neits unzedeien.

Zweetens, et gëtt keng Schlussexame méi. Duerfir gëtt et awer méi Wëssen, méi Kompetenz, méi Flexibilitéit, individualiséiert, differenziert Ausbildungsmethoden an oppe Bildungsweeër, bis hin zur technescher Héichschoul.

Drëttens, duerch deen neie System wäert et manner Échece wéi bis elo ginn, duerfir awer méi Chancen an der Aus- an an der Weiterbildung.

Véiertens, mat der „validation des acquis de l'expérience“ gëtt et nei Chancen duerch d'Unerkennung vu berufflechen an auserschouleschen Erfahrungen. Also kënnen och net formell Erfahrungen - aus dem Aarbechtswelt, aus dem Alldag, aus dem Fräizäitberäich - an Zukunft zu engem Diplom féieren.

Fënneftens, méi transparent a méi demokratiesch soll et ginn duerch méi Mat-sprooche- a Matbestimmungsrecht fir d'Salariats- an d'Patronatsberufskummeren, mä och fir d'Elteren- an d'Schülervereenegungen, fir d'Schoulmeeschteren an d'Éducateuren. Partnerschaft gëtt mat deem Gesetz ganz groussgeschriwwen.

Ech versichen, am Detail op nei Methoden, op de System anzegoen. Ech wëll awer elo schonn ervirsträchen, dass d'Schoul- an d'Berufsorientierung aus deem Projet de loi erausgeholl gëtt - dat war de Wunsch vun eiser Kommissioun, awer och opgrond vu Kritike vu Berufschamberen a vum Statsrot -, well fonnt ginn ass, dass dat, wat am Projet de loi stoung, net wäit genuch géif goen an dass een et misst iwuer en eegent Gesetz regelen.

Dat soll och geschéien, an dat soll opbauen op deenen zënter Januar vun deem Joer lafende véier Pilotprojeten a véier Lycéeën, woubäi et awer éischt Konkursiounen gëtt, an engem provisoeresche Rapport d'évaluation, wou et dran heescht: „D'Orientierung ass keen Allheilmittel, well se weder erlaabt, e geziiltene Choix vun engem Beruff, a scho guer net vun deem Beruff ze maachen, deen uschléissend eng Jobgarantie géif duerstellen.“

Mä mir sinn eis allegueren eens, dass eng geziilt Orientierung, méi Orientierung, méi Orientierungspersonal, mä och méi transparent a méi attraktiv gestalte Berufsbiller, mat Schwéierpunkt op manuell Beruffer, noutwendig sinn. Et geet hei och ëm eng sozial- a gesellschaftspolitesch Approche vun den Elteren a vun de Schüler, fir d'Attraktivitéit an d'Zukunftsperspektive vun de Beruffer net nëmmen nom öffentleche Secteur oder no administrativen a kommerziellen Jobs anzestufen, mä och den tra-

ditionellen Handwerksberuff ze berücksichtigen an him eng Chance ze ginn. Hei drängt sech ouni Zweifel e Mentalitéitswiessele op.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi eigentlech Schwéierpunkten aus dem Projet de loi sinn déi do, mä et muss een awer méi am Detail - well et komplizéiert ass - beliichten, wat Opbau, Struktur, Methodik an domat déi eigentlech grondleeënd Verännerunge sinn.

Mir hunn hei an deem héijen Haus déi lescht Méint a Joren oft vun der Lissabon-Strategie geschwat a mir gesi se als Motor fir vill an noutwendig Reformen. Dat gëllt och fir d'Berufs- an d'Schoulausbildung. Zu deem Thema ass e spezifeschen, en ambitiösen an éiergäizege Moderniséierungsprogramm op europäeschem Niveau verabschit ginn, ënnert dem Motto „Éducation et formation 2010“. Ech géif mengen, mat dem Projet de loi vun haut, a mat den ustehende Reformen am Schoulberäich, si mer dobäi, eis Hausaufgab diesbezüglech ze erleedegen.

Déi déif gräifend Strukturreform vun der Berufsausbildung soll also d'Moderniséierung erméiglechen an domat den Erausfuorderung vun der Zukunft gerecht ginn, ebe well eisen heitege Berufsausbildungssystem a) net méi den heitegen Erwaardungen, dem Émfeld, den Erausfuorderungen an Ufuorderungen entsprécht, a b) well duerch déi vill noutwendig punktuell legislativ Upassungen an de vergaangene Joren, déi noutwendig waren, mer eigentlech keng Kohärenz méi an deem Ganzen do hunn.

Mir brauchen also e moderne System, wou d'Berufsausbildung op eng kohärent a flexibel Aart a Weis strukturiert gëtt. An eiser heiteger Wëssensgesellschaft benéidege mer e System, wat jiddfer Einzelnen, an alle Liewensofschneetter, et erméiglecht, eng Ausbildung ze erlaangen, weiderzeféieren oder ze perfektionéieren, gemäss dem Motto vum liewenslaenge Léieren.

Mir brauchen e System, wat d'Qualitéit vun der Berufsausbildung verbessert a wou déi Auszubildend optimal op d'Bedierfnisser an d'Erwaardungen vun der Aarbechtswelt virbereet ginn, och a virun allem an hirem eegenen Interessi. Den Aarbechtsmaart, d'Aarbechtsprozesser, d'Aarbechtsufuerderungen ännere rapid. D'Ausbildung entsprécht net ëmmer den Aarbechtsufuerderungen. Mir brauchen e Berufsausbildungssystem, wou d'Ausbildung an d'Nofro besser ofgestëmmt sinn, mir brauche souzesoen eng konstruktiv Flexibilitéit.

En anere Problem ass d'Duerchfallquot, also d'Zuel vun de Schoulofbriecher am berufflechen Ausbildungswiese vum technesche Sekundarunterricht, déi einfach ze héich ass. Et besteet doduerch e Mangel u qualifizéierte Fachkräften. Statistike weisen, dass bis zu engem Drëttel vun de Schüler oder Lehrlinge während der Berufsausbildung op der Streck bleiwen, well se den Uspréch, déi den Technikerdiplom oder den CATP u si stellt, deenen Ufuorderungen net nokommen.

Déi Berufsausbildungsreform, vun där mer haut schwätzen, hëlt déi Erausfuorderungen un, andeem d'Berufsausbildung besser op déi individuell Fäegkeete vum Auszubildenden zugeschnidde gëtt, wat engersäits d'Qualitéit vun der Berufsausbildung verbessert an anerersäits d'Zuel vun de qualifizéierten Aarbechtskräften erhéicht. Mä och duerch d'Vermittlung vu Kompetenzen, der Aféierung vun engem modulariséierter, differenziert Berufsausbildung gëtt de System - ech hunn et scho gesot - méi flexibel.

Deen op Partnerschaft opgebaute System léisst sech besser mat deene permanent wandelnden Aarbechtsufuerderunge vereinbaren. Ausbildung an Ufuorderung kënnen domat méi schnell a besser openeen ofgestëmmt ginn.

Wéi gesot, de Projet de loi gëtt Äntwerten op d'Froen an d'Problemer. D'Avisé vum Statsrot a vun de Berufschamberen, obwuel se séier verschidde waren, sinn dann och voller Unerkennung, dass endlech e Projet de loi hei virläit. D'Berufschambere begreissen d'Partnerschaftskonzept, begreissen d'Féierung vun engem modulären a kompetenzorientéierten Unterrecht, déi flexibel Ausleeung tëschent theoretescher a praktescher Ausbildung - „formation en alternance“ -, d'Unerkennung vun der berufflecher an auserschoulescher Erfahrung, dat heescht d'„validation des acquis de l'expérience“.

Aner Kritiken, wéi d'Ofschaffung vun den Zouloosungsexame fir d'Héichschoul- an d'Universitätsstudien, d'Organisation vun der Ausbildung no klassesche Beruffer statt Berufsgruppen an esou weider, si berücksichtig ginn, net awer d'Fuerderung no

enger Pilotphas, well dat eigentlech eng weider Verspéidung bruecht hätt, statt enger wierklecher Reform.

Ech ënnersträchen ëmmer erëm: Déi Reform an dat Gesetz beinhalten esou vill Flexibilitéit, dass vill Upassungen op der Basis vun Erfahrungen an Zukunft ouni vill Komplikatoune méiglech sinn.

D'Bemierkungen an d'Oppositions formelles vum Statsrot sinn engersäits zur Kenntnis geholl ginn an anerersäits ass hinne Rechnung gedroe ginn. De Statsrot begreiss ausdrécklech de moduläre System souwéi d'„validation des acquis de l'expérience“ an d'Agilidderung vun der Berufsausbildung an en „lifelong-learning“-Konzept. Wéi scho gesot, der Bemängelung vun de Berufschamberen a vum Statsrot un der schoulescher an der berufflecher Orientierung ass Rechnung gedroe ginn, andeem dat aus dem Projet de loi erausgeholl gouf, an duerch d'politesch Engagement, fir déi Problematik an hir Léisung an engem spezifesche Gesetz ze regelen.

Natierlech sinn déi nei Diplombzeechnunge gewöhnungsbedürftig. Éischtens entfält an der Formation professionnelle de base, am Régime professionnel den CIP - Certificat d'initiation technique -, deen eng Ausbildungszeit vun zwee Joer hat. Den CCM vun haut, de Certificat de capacité manuelle, deen och mam PAN-Gesetz wéinst der Employabilité agefouert ginn ass, fir d'Échece an deem Sënn opzefänken, dass een e Praktikum ouni theoretesche Bagage vun dräi Joer mécht, gëtt elo duerch den CCP - Certificat de capacité professionnelle - ofgeléist. Deen CCP dauert dräi Joer an ass engersäits dat, wat den CCM war, plus anerersäits en Enseignement général, deen derbäikënn. Doranner läit also d'Differenz.

Dann den zweete Punkt. D'Formation professionnelle initiale besteet aus dem DAP - Diplôme d'aptitude professionnelle - oder bis elo CATP genannt, also am Régime professionnel; dann den Diplôme de technicien, wou den Numm onverännert bleift, mä d'Neierung dora besteet, dass en an d'Berufsausbildung integréiert gëtt a souzesoen eng Professionalisation vum Techniker stattféint, an dat am Régime de la formation du technicien.

Drëttens, eng wichteg Kloerstellung och: De Régime technique ass net betraff. Den Diplôme de fin d'études techniques wéi och de gesamte Cycle inférieur sinn net vun der Reform betraff. Si sollen am Kontext vun enger Gesamtreform vum Lycée technique iwuerducht ginn.

E puer zousätzlech Erklärungen zu den neien Diplomen. Den CCP, deen also en CCM plus en Enseignement général ass, eegent sech fir Schüler, déi net genügend Kenntniser besëtzen, fir an der Formation professionnelle initiale bestoen ze kënnen. Dat ass also nach ëmmer an Anlehnungen dat, wat scho virdru war. Hie vermittelte praktesch an theoretesch Basiskenntniser, déi unabdingbar sinn, fir sech um Aarbechtsmaart bewerben a bewähen ze kënnen. Déi normal Dauer wäert dräi Joer sinn a ka bis op véier Joer verlängert ginn, suivant le progrès individuel. D'Organisation besteet aus engem Système modulaire, aus der Formation en alternance beim Patron-formateur an dem Centre de formation, der Evaluation continue, der praktesch orientéierter Formation mat theoretesche Grundkenntniser.

Et gëtt och en Apprentissage tout au long de la vie. Nom Erlaange vun engem CCP kann d'Ausbildung weidergefouert ginn, fir zu engem DAP ze kommen. Dat heescht, Schoulofbriecher kënnen domat rechnen, dass déi Modulen, déi se bestanen hunn, während enger längerer Zäit hir Gültigkeit behalen. D'Beruffserfahrung ka genausou gutt ugerechent ginn, an dat am Hibleck op eng da méi spéit Erlaangung vum CCP.

Schüler, déi no der Schoulpflicht keen CCP kritt hunn, kënnen sech och an d'Cours d'orientation et d'initiation professionnelles, also an d'COIPen, aschreiwene.

E Wuert zum DAP an dem Diplôme de technicien, déi sech also an der Formation professionnelle initiale befannen. En DAP, deen also den CATP war, bleift eng normal Ausbildung vun dräi Joer. Den Diplôme de technicien behält seng Dénomination, mä gëtt, wéi ech gesot hunn, an d'Berufsausbildung integréiert.

Mam DAP a mam Diplôme de technicien huet d'Formation professionnelle initiale zwee ënnerschiddlech Ausbildungsweeër.

Éischtens, den Diplôme d'aptitude professionnelle, do geschitt d'Organisation a Modulen en alternance, soit sous forme d'apprentissage soit sous forme de stage vun der 10^e op 12^e.

Den Ofschlossexamen, also d'Geselleprüfung, gëtt gestrach. D'Moduler dokumentéieren a beleeden, ob déi erlaangte Qualifikatiounen ausräichend sinn. Déi normal Dauer ass och hei am Prinzip dräi Joer a kann op véier Joer ausgedehnt ginn. Alles dat en relation mam Beruff, deen erléiert gëtt.

Den DAP bitt Zougang zu den Héichschoulstudien via de Modules préparatoires. An dat ass eng wichteg Innovation an dat ass wichteg och ze soen a Bezuch op d'Kritik, et wier eng Entwärtung vun den Diplomen. Et muss een do soen, bis elo huet den CATP keen Héichschoulzugang kennt. Elo hunn talentéiert a motivéiert Schüler oder Lehrlinge no Ofschloss vum DAP an den zousätzleche Virbereedungsmethoden Zougang zu de Fachhéichschoulen oder techneschen Universiteiten. An ëmmer erëm: All déi Formatiounen kënnen entsprechend dem Métier oder der Profession verlängert ginn.

Zweetens, den Diplôme de technicien. Och hei eng Organisation en modules en alternance, soit sous forme d'apprentissage soit sous forme de stage. Déi normal Dauer vu véier Joer kann op fënnf Joer verlängert ginn. Och hei gëtt den Ofschlossexame gestrach. D'Moduler dokumentéieren a beleeden, ob déi erlaangte Qualifikatioun dann ausräichend ass. Och do kann nom Métier oder no der Profession d'Zäit verlängert ginn.

Entgéint verschiddene Kritike gëtt desen Diplom net méi breet gemaach, mä de Géigendeel ass éischer de Fall duerch déi méi staark berufflech Finalitéit.

Ech wëll och ervirsträchen, dass d'Regierung an d'Kommissioun de Kritike Rechnung gedroen hunn, dass deen Zougangsexamen, dee virgesi war, fir en Zougang zu den Héichstudien ze kréien, ofgeschaf gouf an duerch eng kontinuéierlech Evaluatioun ersat ginn ass. Den Ënnerschied tëschent dem DAP an dem DT ass elo méi staark wéi virdru, doduerch, well den Diplôme de technicien duerch säi Profil de compétences méi déif gräifend, méi grëndlech ass an och méi diversifizéiert, also méi villfältig. Derbäi kënn och eng verstärkte Culture générale, déi also och méi wäit geet wéi déi, déi am DAP virgesinn ass.

D'Reorganisation vum Technikerdiplom duerch eng méi berufflech Orientierung erhéicht d'Chancen op dem Aarbechtsmaart a senkt eendeiteg déi héich Duerchfallquot, well deen aktuellen Diplôme de technicien bis elo einfach ze staark op Héichschoulstudien zugeschnidde ass. Nëmme 50% vun de Schüler, déi en Diplôme de technicien wëllen hunn, kréien deen och. Déi aner 50% wanderen of an den CATP. Insgesamt verléisst dann en Drëttel vun den Auszubildenden d'Schoul ouni en Ofschloss, an déi neit Resultater vum Schuljoer 2007/2008 beweisen, dass 25% den Ofschlossexamen am Diplôme de technicien net packen.

De moduläre System bereet also d'Schüler an d'Lehrlingen, déi déi technesch Studien uviséieren, besser op des Aufgab vir. D'Virbereedungsmoduler vermëttelen d'Kenntniser an der Mathematik an an de Sproochen zum Beispill, déi einfach noutwendig sinn, fir op enger Fachhéichschoul oder op enger technescher Universitéit kënnen ze bestoen. Des Moduler kënnen an der Regelstudienzeit vu véier Joer beluecht ginn, kënnen awer och an engem eventuelle fënnf Joer geléiert ginn. Den Technikerdiplom erméiglecht weiderhi postsecondaire Studien.

Fazit: De moduläre flexibele System erméiglecht engersäits, staark Schüler besser op d'Héichschoulstudium virzubereeden, wéi dat bis elo de Fall war, anerersäits d'Duerchfallquot ze verréngere, andeem d'Technikerbildung verstärkt berufsorientéiert strukturéiert gëtt. Entgéint de geäusserte Kritike gëtt den Technikerdiplom kengesfalls entwärt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, nei Diplomen erginn och nei Ausbildungsmethoden. Zu deene wichtigste Elementer an der Reform gehéieren: a) d'Modulariséierung, b) de kompetenzorientéierten Unterrecht, c) déi kontinuéierlech Bewäertung, d) d'Formation en alternance, e) „lifelong learning“, f) Validation des acquis de l'expérience, a g) d'Partnerschaft.

Zu de Modulen. D'Kärstéck vun der Reform ass d'Modulariséierung vun den Ausbildungsweigen. Doduerch gëtt et méi en differenzierten a kompetenzorientierten Unterrecht. Jiddferen, deen ausgebild gëtt, mécht de Wee no sengen eegenen intellektuellen a manuelle Capacitéiten, wat sécherlech d'Motivatioun vu jiddfer Einzelnen verbessert.

Et gëtt dräi Aarte vu Modulen: d'Modules fondamentaux, déi obligatoresch sinn an e progressiven a chronologeschen Opbau hunn; dann d'Modules complémentaires, déi och obligatoresch sinn, mä net progressiv an och net op de Modulë vu virdrun baséieren, a leschtenens dann d'Modules facultatifs, déi net obligatoresch sinn, mä déi et gudder Schüler erméiglechen, méi schnell weiderzkommen, hir Kenntnissse ze verdéieren a sech, wéi scho gesot, op d'Héichschoulstudië virzebeeden.

Wichtig ass och ze soen, dass déi bestane Modulen eng Zäit laang hir Gültigkeit behalen. Dat erlaabt Schüler mat Léierschwierigkeiten an Ofbriecher, hir Ausbildung iergendwann dann erëm opzuehuele respektiv virunzefueren, ouni dass se déi Modulen, déi se bestanen hunn, oder ganz Schouljore musse widerhuelen. Dat erlaabt och eng méi flexibel Unterrechtsaart a -weis fir Quer- a Späteinsteiger, déi dann d'Berufsausbildung besser mat hirer beruflecher Verpflichtung openeen ofstëmme kënnen.

Zu de Kompetenzen, wat eng weider wichtig Innovatioun ass, muss ee Folgendes soen: Mir schwätze vun engem kompetenzorientierten Unterrecht, an d'Kompetenzen, dat sinn d'Unzuel u Kenntnissse, Fäegkeeten, Eegnungen, déi e Schüler erwerbe muss, fir e Beruff ausüben ze kënnen, an esou ass et, dass fir all Beruff e Profil ausgeschafft gëtt, wat den Auszubildenden erlaange muss.

Dése Profil spigelt sech a berufsspezifischen Ausbildungsprogrammen erëm, déi éischtens theoretisch Kenntnissse vermëttelen an zweetens och déi praktesch Uwendung vun dese Kenntnissse vermëttelen.

Am Géigesaz zur heiteger Wëssensvermëttelung erlaangt een d'Kompetenze verstärkt an der Handlung, an der Aktioun, an der praktescher Emsetzung. Dat heescht, déi praktesch Berufsausbildung gëtt domat opgewäert, ouni dass dobäi déi theoretisch Kenntnissse vernoléissegte géife ginn.

Zur Évaluation continue. D'Bewäertung vun de Modulen op eng kontinuëierlech Aart a Weis mécht et am Géigesaz zu den heitege punktuellen Examen méi lüch, well éischtens d'Examen entfalen, mä op där anerer Säit den Auszubildende beleet muss, dass hien déi néideg Kompetenzen huet. An anere Wieder: Den Auszubildende muss bestëmmte Aufgaben op engem zefridde stellendem Kompetenzniveau fäerdeg bréngen.

D'Projets intégrés, während der Ausbildung (intermédiaire) an zum Ofschluss vun der Ausbildung (final), si vum Auszubildenden ze realisierend Projeten, déi et him erméiglechen, transversal Kompetenzen ze kréien an déi och bewäert ze kréien.

Zur Formation en alternance. Déi Reform hei berout op enger flexibler Ausleeung tëschent theoretischer a praktescher Ausbildung. Déi praktesch Ausbildung erhält den Auszubildenden enner engem Léiervertrag oder/an an engem Stage, woubäi de Stage mindestens véier Wochen hannerene muss daueren a mindestens zwielef Woche während der ganzer Ausbildungszeit.

Am Verglach zum aktuelle System gëtt den Auszubildenden domat méi no un d'Berufswelt erugeféiert. Ier en Auszubildenden en Diplom kréie kann, muss hie mindestens dräi Méint an engem Betrib gewiescht sinn.

An den Avisé war och ze liesen, dass des Reform scheitert kéint, well net genuch Léierplazen a virun allem Praktika als Stageplazen zur Verfügung géife stoen. Ech mengen, dat géif esou net stëmmen. Virun allem och doduerch, well d'Beruffschambere vum Patronat sech derzou verpflichtet hunn, all Ustrengungen an deem Beräich ze ennerhuelen, fir Stageplazen zur

Verfügung ze stellen. An da muss een dobäi soen, den Erfolleg hänkt och domat zesammen, wéi laang déi Stageperioden daueren. Do gëtt allgemeng gesot, wat se méi laang géifen daueren, wat se méi attraktiv wieren a wat der och méi géifen zur Verfügung stoen, well et fir e Patron méi interessant ass, e Stagiaire éischer iwwer aacht Wochen ze halen, wéi nëmmen dräi Wochen, wat alles komplizéiert mécht a keen direkte Mehrwert bréngt.

Am Bezuch op d'Léierplaze gëtt et de Moment no de Statistiken éischer méi en héicht Ugebuete u Léierplazen, wéi Nofro do ass. De leschte Stand vun der ADEM vum 6. November 2008 seet, dass 1.578 Apprentien eng Léierplaz fonnt hunn, seet awer och, dass 393 nach Demandeur sinn, mä op där anerer Säit och 553 Posten, déi ugebuete ginn, net besat sinn.

Et kann een also de Moment net soen, et géif e Manktum u Léierplaze bestoen. Et gëtt anerer, déi soen, et wieren op d'mannst 1.000 oppe Léierplazen de Moment do.

» M. le Président. - Här Rapporteur, Dir misst esou lues zum Schluss kommen.

» M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur. - Ech sinn amgaang, dem Här Scheuer säin Deel elo ze soen. Ech sinn awer geschwënn um Schluss, Här President. Et ass e bësse komplizéiert an duerfir dauert et.

» M. le Président. - Mir verstinn dat.

» M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur. - Dat fret mech immens.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Loosst e roueg fäerdeg maachen!

» M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur. - Merci.

Ech wëll also soen, dass een alles muss ennerhuelen, fir d'Ugebuete an d'Nofro méi no uneneen ze bréngen. Et gëtt natierlech ëmmer Grënn, firwat et net esou fonctionnéiert. Engersäits gëtt d'Distanz vum Wunnuert op d'Léierstell genannt, déi ze wäit ausernee géife leien. Zweetens gëtt och oft gesot, dass de Léierbouf oder d'Léiermeedchen net an d'Konzept vum Betrib erapasst. Ech fannen, et ass och eng Fro vun der Disponibilitéit vun deenen zwou Säiten, ob se wëllen, ob de Patron wëllt eng Léierplaz ubidden.

Zum „lifelong learning“: D'Kapitel iwwer Weiterbildung an Émschoulung erkennt eigentlech jiddferengem d'Recht zou, liewenslaang ze léieren, dat no perséinlech Wonsch, oder duerch Verännerunge vum wirtschaftlechen, technologeschen a vum sozialen Émfeld. Dem CNFPC, dem Centre national de formation continue, soll dobäi eng besonnesch grouss Roll, besonnesch an der Erweessenebildung zoukommen, an e soll an d'Lag versat ginn, dat nach besser wéi an der Vergaangeneheit kënnen ze maachen.

Et gëtt och do zwou bedeitend Neierungen. Éischtens gëtt eng nei Fonctioun geschaf, déi vum Formateur d'adultes, mat speziescher pedagogescher Ausbildung fir Erweessener, an zweetens d'Aféierung vun engem Qualitéitslabel fir qualitativ héichwäerteg Aus- a Weiterbildungsguebueder ze förderen.

D'„validation des acquis de l'expérience“, also d'Unerkennung vun der beruflecher an der ausserschoulescher Erfahrung am Hibleck op d'Erlaange vun engem Diplom, ass e Meilesteen an deser Reform, deen och vun allen Acteuren begréisst gëtt. Nieft der beruflecher Erfahrung kënnen also, an ech hunn et scho gesot, net formell Erfahrungen aus dem Alldag a Fräizäitberäich geltend gemaach ginn. Déi Erfahrung muss sech awer, an dat ass wichtig, op mindestens dräi Joer erstrecken an och en direkte Bezuch op den ugefroten Diplom hunn. Dëst Konzept gëllt fir all Diplome a Certificatë vum technesche Sekundarunterrecht, BTS a Brevet de maîtrise.

D'Partnerschaft ass bedeitend, wann een eppes wëllt realiséieren. Ech hu gesot, méi Transparenz, méi Dialog, méi Matsproche a Matbestimmungsrecht vun allen Acteuren, déi op allen Themefelder, wat Berufsausbildung betrëfft, dobäi sinn. Nei ass hei d'Asetzung vun engem Berufsausbildungscomité, deen den heitege Comité consultatif ersetzt. Dora vertruede sinn nient Regierung, Patronat a Salarat jee weils ee Verrieder vun Elteren a Schüler als vollwäerteg Mitglieder.

Nei ass och d'Asetzung vun Équipes curriculaires, déi déi bestehend Commissions mixtes ofléisen, deene si bis haut ennerstallt waren. Dat bedeit iwwregens och, esou niewebäi, eng wesentlech administrativ Vereinfachung a méi rapid Handeln. Dës

Equipen, ronn 60, sinn zoustänneg fir d'Léierprogrammen a sollen, mat der Verabschiedung vun deem Gesetz, elo direkt aktivéiert ginn. D'Gesetz selwer soll eréischt mam Schouljoer 2010/2011 a Kraaft trieden.

Als Konklusioen kann ee festhalen, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Berufsausbildungsreform setzt duerch innovativ a motivatiounsfördernd Léiermethoden déi benéidegt Rahmebedingungen, fir d'Berufsausbildung qualitativ opzewäerten. D'Berufsausbildungsreform huet ambitiéis Ziler, déi en déif gräifend Émdenken an eng kollektiv Ustrengung vun alle Betreffenen erfuere, souwuel vun den Elteren, vun de Schüler, vun de Lehrer, vun de Salarieen, vun de Patronen an hire Verbänn, mä och mir als Politik si gefuerdert.

D'Politik steet domat an der Verpflichtung, züged déi gesetzlech Rahmebedingungen ze schafen. Deen éische wictegen Deel hu mer haut geschaf, d'Ausaarbechtung vu Berufsprofil a Programmer. Ronn 26 groussherzoglech Reglementer mussen den nächste Schrëtt sinn, fir dass déi Reform 2010/2011 a Kraaft triede kann, dat heescht mat Liewen erfüllt ka ginn. D'Eltere mussen hire Kanner respektiv de Schüler méi Loscht um Léiere vermëttelen an hinnen d'Erausforderungen an d'Opstiegsmeiglechkeeten...

» M. le Président. - Här Rapporteur, Dir musst awer elo wierklech zum Schluss kommen.

» M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur. - Ech si souwisou elo fäerdeg.

Ech sinn also der Meenung, dass d'Eltere mussen hire Kanner respektiv de Schüler méi Loscht um Léiere vermëttelen an hinnen d'Erausforderungen an d'Opstiegsmeiglechkeeten, déi och manuell Beruffer bidden, méi staark virun A féieren. D'Patrone sti virun der sozialer Responsabilitéit, méi an de Mënsch ze investéieren a genügend Ausbildungs- a Stageplaze bereetstellen, awer och derniewent attraktiv an zukunftssträchtig Léier- an Aarbechtsplazen unzebidden.

Déi kollektiv Ustrengung spigelt sech also doran erëm, dass déi Partnerschaft, vun där ech e puermol geschwat hunn, wierklech d'Basis vun deem neie Gesetz duerstellt...

» M. le Président. - Här Rapporteur, Dir musst awer wierklech elo zum Schluss kommen!

» M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur. - Et ass wichtig, hei un engem gemeinsame Strang ze zéien, fir dass d'Berufsausbildung dee Stellewäert kritt, dee se verdéngt.

Här President, ech hu fonnt, dass et e komplizéierten Dossier war, dass et awer wichtig genuch war, en e bësse méi am Detail duerststellen. Ech hat selwer d'Chance, en CAP ze maachen, deen elo CATP heescht a muer DAP heescht. Ech versiche mech also och émezstellen, an dat huet mer vläicht e bësse gehollef, den Duerchbléck ze kréien.

Ech soen all deene Merci, déi matgeschafft hunn, an och all deenen, déi haut nogelauschert hunn. Ech entschëllege mech beim President, dass ech hien e bësse nervös gemaach hunn. D'LSAP wäert dat Gesetz stëmmen.

Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Castegnaro. Dir hutt mech net nervös gemaach. Mir hunn lech, mengen ech, och déi néideg Zäit gelooss. Dir hutt praktesch néng Minutte méi gehat, wéi dat eigentlech virgesi war.

Als éischt Riednerin ass d'Madame Hetto-Gaasch ageschriwwen. Madame Hetto, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll, fir unzefänken, dem Rapporteur Merci soe fir säi wierklech komplette Rapport. Déi aktuell Regierung huet der Chamber eng Rei Gesetzesprojete virgeluecht, déi alleguerten een Zil hunn: De lëtzebuergeschen Educationssystem déif gräifend ze reforméieren. Dese Wëlle vun der Regierung beweist, dass erkannt ginn ass, dass grad d'Bildung zu de gréisste Potenzial a Kapitaler vun eisem Land gehéiert. E Land, dat de Sprong zu enger postindustrieller Wëssengesellschaft packe wëllt an och packe muss.

Bei der Moderniséierung vum Educationssystem sti sech d'Länner an enger weltwäiter Konkurrenz géigeniwwer, a mir

brauche gutt forméiert Awunner, fir um wirtschaftleche Plang iwwerhaapt konkurrenzfähig ze sinn an och ze bleiwen. Lëtzebuerg kënnt net derlaanscht, fir d'Ausbildungs- a Qualifikationskritäre vu sengen Awunner un d'Erausforderunge vun eiser Zäit unzepassen, wann et gäre seng Virdeeler am internationale Verglach behält, dat heescht, e staarke wirtschaftleche Wuesstem a soziale Fortschritt.

Et gëllt dofir eng kohärent an effikass Reform vum Bildungssystem duerchzuführen, déi dese Realitéit Rechnung dréit. Niewent der Reform vun der Primärschoul ass et kruzial, dass Lëtzebuerg säi Berufsausbildungssystem reforméiert, e System, deen ëmmerhi scho 60 Joer um Bockel huet.

D'Berufsausbildung gehéiert ouni Zweifel zu de fundamentaale Komponente vum lëtzebuergeschen Educationssystem. De virleiende Gesetzesprojet huet dann och als But, der Berufsausbildung nei Strukturen ze ginn, fir enner anerem d'Attraktivitéit an d'Bild vun de méi praxisorientierte Beruffer ze verbessern. D'Zil muss et sinn, dass des Beruffer och fir déi beschte Schüler eng interessant Optioun ginn, an dass déijéineg, déi dese Wee erschloen, eng héichwäerteg Grondausbildung kréien, déi hinnen et da spéider erlaabt, sech um Aarbechtsmaart duerchzusetzen a sech och permanent beruflech weiderzubilden.

Doriwwer eraus wäert de Gesetzesprojet 5622 awer virun allem d'Konzept vun der liewenslaanger beruflecher Weiterbildung definitiv festschreiwen. Deen neie System wäert et jiddferengem erlaben, zu egal wéi engem Zäitpunkt an eng Berufsausbildung eranzeklammen, fir säi Wëssen a säi Kënnen ze perfektionéieren oder awer ze ergänzen. Et solle vill méi Erweessener wéi bis haut vun deser Optioun profitéieren, fir hir Formatioun ze verbessern an doduerch nei beruflech Perspektiven ze kréien. Dëst gëllt besonnesch fir manner qualifizéiert respektiv méi eeler Persounen.

Een anert wichtegt Element vun der Berufsausbildungsreform ass d'Zesummebréngung vu Schoul a Betriber. Hautdésdags leeft d'Ausbildung an de Schoule vill ze dacks laanscht d'Realitéit an de Betriber an an der Berufswelt. Dat soll sech mat deem Gesetzprojete änneren. De Projet de loi iwwert d'Berufsausbildung huet sech deemno als Zil gesat, den Accès zur liewenslaanger Berufsausbildung ze garantéieren, d'Qualitéit vun der liewenslaanger Berufsausbildung ze verbessern, fir dass déi Jonk optimal op d'Berufswelt an op dat soziaalt Liewe virbereet ginn, an derfir ze suergen, dass manner Jonker an der Schoul durchfallen oder ouni Diplom d'Schoul verloossen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Reform vun der Berufsausbildung wäert eng komplett nei Strukturéierung bewierken. An deem Kontext begréisst d'CSV, dass duerch dat neit Gesetz ee Partenariat tëschent dem Stat, de Patronats- a Salaratsberufskommere geschaf gëtt. Alleguerte si si eng fundamental Komponent vum gesamte lëtzebuergesche Berufssystem, an duerfir ass et och wichtig, dass de virleiende Gesetzesprojet deser Realitéit Rechnung dréit.

Am Kader vun der Berufsausbildung ass et desen Acteuren hir Aufgab, dee ganzen Ausbildungssystem ze droen, well et si sinn, déi zum Beispill d'Inhalter an d'Organisation vun den eenzelne Formatiounen definéieren. An hirer Aarbecht wäerte si awer an Zukunft vun engem Berufsausbildungscomité begleet ginn, dee fir déi adequat Koordinéierung vun der Planung a vun der Emsetzung vun der Berufsausbildung zoustänneg ass.

An deem Kontext ass et an der CSV hiren Aen och absolut richtig, dass d'Regierung den ursprüngeleche Gesetzesprojet géännert huet an d'Verrieder vun den Elteren an de Schüler zu vollen a stëmmberrechtete Membere vun deem Comité gemaach huet. Doduerch kréien och d'Elteren an d'Schüler endlech déi Plaz, déi hinnen innerhalb vun der Berufsausbildung zousteet. An Zukunft kënnen dann Décisiounen, déi nach ëmmer an éischer Linn d'Elteren an d'Schüler selwer betreffen, net einfach iwwer hir Käpp ewech geholl ginn.

Eng fir d'CSV decisiv Emstrukturéierung vun der Berufsausbildung ass d'Aféierung vun enger Grondberufsausbildung, also der Formation professionnelle de base. Des Ausbildung soll eng vun den Hauptsaache vum Jugendchömage bekämpfen, nämlech déi defizitär Qualifikatioun vu vill ze vill Jonken, déi d'Schoul entweder ouni oder mat engem ganz schlechten Diplom verloossen.

Ze vill Jonker halen an der Schoul op, well se net op déi Filière komm sinn, déi hinnen herno zum Beispill en CATP-Ofschloss

erméiglecht hätt. Duerch de Gesetzesprojet 5622 kréien d'Schüler d'Méiglechkeet, fir en Diplom, e sougenannte Certificat de capacité professionnelle - den CCP - ze maachen, deen hinnen, esou wéi den Numm et scho seet, och attestéiert, dass si iwwer bestëmmte praktesch, berufflech Kompetenze verfüegen, déi et hinnen erlabe wäerten, spéider um Aarbechtsmarché eng Plaz ze fannen.

Grad déi praktesch Ausrichtung vun dëser Grondausbildung ass eng wichteg Measure, fir de Chômage bei deene Jonken effikass ze bekämpfen, a si ass als komplementär zu de praxisorientéierte Beschäftigungs-moossnamen ze gesinn.

D'Formation professionnelle initiale dogéint féiert am Kader vum Régime professionnel zum Diplôme d'aptitude professionnelle, also dem DAP, oder am Kader vum Régime de la formation du technicien zum Techniciensdiplom.

D'CSV begréisst et, dass d'Regierung den initiale Gesetzesprojet och esou ëmgeännert huet, dass een elo méi daitlech d'Ënnerscheeder tëschent dësen zwee Diplomen ka gesinn. Allen zwee si se praxisorientéiert a sollen an éischter Linn zu engem Beruff féieren. An den Techniciensdiplom soll duerch seng méi déif an och breet gestreete Kompetenzprofiler de Schüler och an Zukunft d'Méiglechkeet ginn, fir Héichschulstudien ze maachen.

Eist Land brauch méi Héichschulabsolventen an engem wirtschaftlechen Ëmfeld, dat permanent verännert gëtt, a fir d'Forschung an d'Innovatioun hei zu Lëtzebuerg no vir ze bréngen. Allerdéngs mussen d'Schüler och gutt op dës Héichschulstudie virbereet ginn, fir op déi Ufuerderungen, déi do op si waarden, preparéiert ze sinn, an dann net eventuell mussen hir Studië spéider ofzebréchen.

Duerfir schéngt et an den Ae vun der CSV nëmme gerechtfertegt ze sinn, dass Techniciensschüler zousätzlech zu hiren normale Formatiounsmodulen nach weider Modulë maache mussen, déi spezifesch eben op d'Héichschul preparéieren.

En entscheidende Fortschritt par rapport zum aktuelle System wäert d'Hin-an-hier-Wiesselen tëschent der Ausbildung an der Schoul an an de Betriber sinn. Stagen an de Betriber sinn essenziell, fir déi Kompetenzen, déi een an der Schoul léiert, dann an d'Praxis ëmzesetzen. Ausserdeem ginn d'Stagiaires op dës Aart a Weis schonn esou fréi wéi méiglech mat der Realitéit vun der Berufswelt konfrontéiert.

Wann e jonke Mënsch gesäit, wat et dann och elo bedeit, an engem Betrib mat anere Leit zesummeschaffen a sech u bestëmmten Aarbechtsregelen ze halen, wann en d'Aarbechtsbedingungen an d'Produktionsweis kenne léiert, da kann hie sech ee realistesch Bild maache vu senger zukünftiger Aarbecht, an där hie sech ausbilde léisst, an d'Diskrepanz tëschent Usproch, Erwaardung an dem reelle Berufsfeld ass an deem Fall net esou grouss, wéi wann ee just nëmme am Milieu Schoul bleift.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de virleiede Gesetzesprojet wäert awer och endlech derfir suergen, dass déi liewenslaang Berufswiederbildung definitiv zu engem Recht gëtt a fest an eiselem Educationssystem verankert gëtt. D'Zäiten, wou een no senger Schoul eng Plaz fonnt huet, déi een da bis zum legale Pensionsalter besat huet, sinn definitiv eriwuer.

D'Globaliséierung an eng Gesellschaft, déi ëmmer méi komplex gëtt, féieren dozou, dass Ufro an Nofro an Aarbechtsmaart immens séier changéieren. Fir eng Chance ze hunn, eng Aarbecht ze kréien, ze behalen oder eng nei ze fannen, muss een an Zukunft nach méi flexibel si wéi haut a sech a regelméissegen Ofstänn weider- respektiv ëmbilde loosser. Dëst géillt selbstverständlech fir all Alterskategorie, also net ausschliesslech fir déi Jonk. Déi liewenslaang berufflech Weider- respektiv Ëmbildung wäert deemno zum effikasse Mëttel am Kampf géint de Chômage ginn.

Zur Weider- an Ëmbildung kënn awer och nach d'Unerkennung vun der Erfahrung derbäi. De Gesetzesprojet 5622 gëtt eiselem Educationssystem endlech déi Flexibilitéit, déi et Erwuessenen erméiglecht, nees an d'Beruffsausbildung eranzekommen, andeems si berufflech an ausserberufflech Erfahrung vum op d'mannst dräi Joer, déi wierklech an direktem Rapport si mat deem, wat se wëlle léieren, och kënnen duerch e Certificat oder en Diplom unerkannt kréien.

Et gëtt dësen Erwuessenen also méi lüch wéi bis elo gemaach, fir Diplomen nozemaachen, well een duerch d'Unerkennung vun der Erfahrung net méi ganz vu vir ufänke muss. Dëst war bis dato fir vill Leit

eng Barrière, déi se wierklech dru gehënnert huet, en Ofschloss nozehuelen.

Méi flexibel wäert d'Beruffsausbildung awer virun allem duerch déi an eisen Aen déciivsten Ännerunge ginn, déi de Gesetzesprojet virgesäit, nämlech d'Aféiere vum enger modularer Organisiatioun an dem kompetenzorientéierten Unterrecht. Duerch d'Moduléierung vun der Beruffsausbildung gëtt endlech akzeptéiert, dass all Kand verschidden ass an anere Léierhythmus huet, deen nëmme duerch eng Individualiséierung vum Schoulparcours, deen u sän Niveau a seng Ziler ugepasst ass, kann erreicht ginn.

Den absolute Virdeel vun esou engem System ass, dass ee seng Ausbildung zu enger bestëmmter Zäit ufänken a se dann entweder direkt oder awer méi spéit am Kader vun der Weiderbildung ofschléisse kann. Dëst féiert dozou, dass den Iwwergang vun der Schoul zum Aarbechtsmaart an och ëmgedréint méi lüch gemaach gëtt.

Och d'Aféierung vu Kompetenze féiert dozou, dass een iwwer Grond- an Deelfäegkeete verfügt, déi een ëmmer nach spéider ergänze kann an déi et engem awer erlaben, eng Qualifikatioun respektiv en Diplom ze kréien.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi virleied Reform vun der Beruffsausbildung enthält ënnert dem Stréch all déi néideg Mesuren, fir de Jonken an den Erwuessenen déi Kompetenzen ze vermëttelen, déi et hinnen erlaben, den Ufuerderunge vum Aarbechtsmaart an enger ëmmer méi komplexer Welt gerecht ze ginn. Dëst ass entscheedend fir d'Koheisioun a fir d'Entwécklung vun eiselem Land. Duerfir kann ech dësem Gesetzesprojet och nëmme zoustëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Hetto Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Brasseur a gedenkt. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ze hoffen, dass mer mat dësem Gesetz elo wierklech e Meilesteer setzen, e Grondsteier fir eng nei Attitüd vis-à-vis vun der Beruffsausbildung hei zu Lëtzebuerg, d'Beruffsausbildung, déi ëmmer als zweeten oder als drëtter Choix ugesi ginn ass, wat awer wierklech e falsche Wee war, well mer domat enger ganzer Partie jonke Leit d'Méiglechkeet geholl hunn, fir op méi praktesch Aart a Weis eng Ausbildung ze kréien.

De Projet, dee mer hei virleien hunn, huet eng ganz, ganz laang Geschicht. Et ass gesot ginn, dee jëtzege Text géif op en Arrêté grand-ducal zréckgoen vum 1945, mä deen Arrêté grand-ducal baséiert um ursprüngeleche Gesetz vum 1919. Et gouf also Zäit, dass dat sollt reforméiert ginn, an duerfir si Konsultatioune gefouert ginn. 2004 ass et zu engem Avant-projet de loi komm, deen an d'Konsultatioun gaangen ass. Dës Regierung huet deen Avant-projet de loi opgegraff an huet nach Verbesserungen an Adaptatioune opgrond vun de Konsultatioune gemaach, fir dann am Oktober 2006 e Projet de loi hei ze déposieren. Et huet erëm zwee Joer gedauert, bis mer en elo hei am Plenum hunn.

Ech géif gären engem besonnenen Merci soen am Kader vun der Debatt vun dësem Projet de loi. Dat ass de geeschtege Papp vun där Reform, déi mer hei diskutieren, an zwar den Här Aly Schroeder. Den Här Aly Schroeder war a senger Qualitéit als Direkter vum Service vun der Formation professionnelle den Auteur vum Avant-projet de loi an huet och duerno de Projet de loi gehollef mat ausschaffen. Ech wëll him wierklech e ganz, ganz grouse Merci soen an dann och sengem Nofolger Bonne chance wënschen, deen dat elo an d'Praxis muss ëmsetzen, wat sécher och net einfach wäert ginn.

D'Demokratesch Partei wäert dëse Projet stëmmen. Mir stëmmen en, obwuel eng ganz Partei Punkten dra sinn, vun deene mer mengen, dass déi hätte missen nogebessert ginn. Ech wäert am Laf vun der Debatt och op déi Punkten zréckkommen.

Dat Éischt ass d'Informatioun an d'Beruffsausbildung. Leider ass dat e Punkt, deen net méi am Projet de loi enthalen ass. Dann ass den zweete Punkt d'Ausféierungsbestëmmungen. Et si ganz, ganz vill Règlements grand-ducaux, déi nach mussen geholl ginn, a mir wëssen am Moment net, wéi déi ausgesinn. Och do hätte mer gäre Prezisioune gehat.

Den drëtter Kritikpunkt ass deen, dass mer hei an engem ganz komplexen, kompli-

zéierten Opbau sinn. Et sinn zum Beispill, direkt am Ufank, 27 verschidden Definitiounen am Text, wat da mat wat gemengt ass. E weidere Kritikpunkt ass deen, dass mer e ganz komplizéiert Modulsysteem hunn, wou een net weess, wéi dat duerno an der Praxis gräift.

An dann hunn ech, ganz perséinlech, e grouse Kritikpunkt unzebréngen, an zwar, dass keng Examen heimat verbonne sinn, an dass d'Zertifikatioun sech duerno mécht, opgrond vun enger Evaluatioun, déi sech während där ganzer Ausbildung mécht. Ech fäerten, dass mer domat deene jonke Leit keen Dénsgicht leeschten, well wa se duerno an de Beruff erantrieden, gi se am Beruff getest, gi se vum Patron getest, a sinn iwwerhaupt net méi gewinnt, esou en Examen oder en Test ze maachen. Dofir hätt ech perséinlech léiwer gehat, wann dat Ganz vun Examen begleet gi wier.

En anere Kritikpunkt ass deen vun de Gremien, déi dat Ganz begleeden. Déi sinn enorm grouss. Ech weess awer net, wéi ee se hätt kënne méi kleng maachen. Mä dat ass och e Punkt, dee schwierig ass. Dat sinn also déi Punkten, déi Ulass zu Kritik ginn.

Ech géif awer dann och dem Rapporteur wëllen e ganz grouse Merci soen. Deen hat do net d'grousst Lous gezunn, wéi e sech huet missen an dëse Projet aschaffen, well en esou komplex ass. Mä hien huet dat awer ganz gutt gemaach, souwuel an der Kommissioun wéi och am Plenum. Et ass wuel ganz hëllefreich, dass hie selwer eng Beruffsausbildung matgemaach huet, well en dofir weess, wu wat hie schwätzt. En huet och selwer bewisen, dass een, och wann dat nach net certifiéiert war, am Kader vum „lifelong learning“, och wann en net esou formal ass, aner Saachen am Liewe ka maachen. Ech mengen, de John Castegnaro ass dat beschte Beispill dofir.

Mir hunn aner Kolleegen heibannen, déi och de Wee iwwert d'Beruffsausbildung gaange sinn, an ech fannen, déi sollten deene jonke Leit weisen, dass dat och e Wee ka sinn. Den Här Oberweis ass och dat beschte Beispill, well hien, iwwer eng Léier, op den I.S.T. gaangen ass, duerno op d'Universitéit, a finalement op ganz héijem Niveau enseignéiert huet. Et gesäit een also, dass d'Beruffsausbildung keng Sakgaass ass, au contraire. Mir mussen dee Mentalitéitswiesell erbäiféieren, an ech mengen, et sinn eng Partie Kolleegen heibannen, déi dozou kéinte bäidroen. Den Här Kox ass och eent vun deene Beispiller, an ech kéint och elo den Här Spautz ernimmen, deen ech hei viru mer gesinn. Et sinn der nach eng Partie, an ech fannen dat och e positive Wee.

Ech wëll awer och all deene jonke Leit soen, déi dee Wee hei wëllen aschloen, dass et net nëmme d'Chamber ass, déi eng Issue gëtt als Berufscarrière, mä dass et och nach anerer gëtt. Ech mengen, dass muss een och ënnersträchen.

» **Une voix.** - Hei ass et och mat engem Examen verbonnen.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Hei ginn ons Kompetenzen awer vu kengem Mënsch gepréift. Et ass just den Électeur, dee muss domat d'accord sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Héichschulminister François Biltgen seet ëmmer, mir bräichte vill méi Universitären, an d'Madame Delvaux als Unterrichtsministerin seet, d'Leit misste sech ëmmer méi héich qualifizéieren. Dat ass wuel richtig, mä mir däreferen awer dann net an den Travers verfallen, fir d'Lat erfzesetzen, fir dass méi Leit en Diplom kréien, deen dann duerno näischt méi wäert ass. Et geet jo hei net drëm, d'Statistiken ze verbessern, mä et geet drëm, deene jonke Leit eng Perspektiv ze ginn, mat där se och um Aarbechtsmaart eppes kënnen ufänken.

Mir wëssen, dass mer ganz vill jonk Leit hunn, déi Schouloffbriecher sinn - a mir haten eng Debatt heiriwwer viru 14 Deeg an der Chamber -, well se ganz oft net op der hinnen ugepasstener Ausbildungsschinn sinn, vun engem Échec an deen anere ginn an dofir d'Schoul ofbriechen. Do mussen mer den Hiewel erëm usetzen. Ech fannen et gutt, dass elo d'Schoulofflicht vu 15 op 16 Joer eropgesat gëtt. Mä wat ech bedauern, dat ënnersträchen och nach eng Kéier, dat ass, dass déi 16-18-Jährig, déi d'Schoul ofbriechen, weder an e Beruff ginn nach eng Léier maachen nach an d'Schoul ginn, an dass een déi net méi an enger Formatioun erëmfënn. Ech hätt et léiwer gehat, et hätt een och deenen eng Flicht operluecht, fir deenen eng Formatioun ze ginn, well et si just déi jonk Leit, déi mer duerno am Chômage erëmfannen. Bei deenen ass op jidde Fall de Chômage virprogramméiert.

Contrairement zu deem, wat oft behaupt gëtt, féiert d'Beruffsausbildung net an eng Sakgaass, mä et gëtt ganz vill Méiglechkeeten, an dëse Projet de loi gëtt elo d'Méiglechkeet, iwwer nach zousätzlech Passerellen op aner Ausbildungsweeër ze goen. Bei der Beruffsausbildung si fënnf Punkte wichteg: Dat ass d'Schoul- an d'Beruffsausbildung, zweetens d'Mentalitéit, drëtens de Kontakt tëschent der Aarbechts- an der Berufswelt, véiertens eng praxisno Formatioun a fënneftens d'Weiderbildung.

Wat d'Beruffsausbildung an d'Schoulorientéierung ubelaangt, esou ass dat jo e Volet, deen aus dësem Projet de loi erausgeholl ginn ass. E war ursprüngelech dran, hat awer eng ganz Rei Mängel, wat jo och scho vu ganz ville kritiséiert ginn ass. Déi Kritike waren och berechtigt, an d'Regierung wollt deem Rechnung droen, huet awer fonnt, et wier ze komplizéiert, dat an dësem Projet ze berücksichtigen. Dofir huet d'Regierung dee ganze Volet vun der Beruffsausbildung aus dësem Projet erausgeholl, an d'Madame Minister huet ons an der Kommissioun gesot, dass en extrae Projet de loi iwwert d'Schoul- an d'Beruffsausbildung gemaach géif ginn. Dat kann een och novollzéien.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Dat ass awer eréischt, wann ech Minister ginn.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Den Här Jaerling seet, dat wier eréischt, wann hie géif Minister ginn. Ech fäerten, da kënn dat ni. Mä, ech wëll awer net all Hoffnung opginn.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Ech och net.

(Hilarité)

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Mä ech fannen et schued, oder souger inadmissible, dass dee Punkt net hei mat traitéiert gëtt, well dat Ganz steet a fält mat enger gudder Orientéierung, déi op jidde Fall muss gemaach ginn. Mä klenge Fanger seet mer, dass et e Kompetenzgerangel tëschent dem Aarbechtsminister François Biltgen an der Unterrichtsministerin, der Madame Delvaux, gëtt.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Madame Brasseur, dat war vläicht zu Ärer Zäit esou, mä net bei mir.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Also ech géif mech freeën. Mä da froen ech d'Madame Minister, wou dee Projet drun ass, an ob mer deen nach an dëser Legislatur kënnen ofstëmmen, well et ass jo ganz wichteg, dass mer iwwert d'Orientatioun scolaire a professionnelle e kohärent System hunn. Haut këmmere sech ganz vill Servicer dodrëm, sief et an der Schoul, sief et um Nationalplang. Beim Arbeitsamt gëtt et Servicer, déi sech ëm d'Orientatioun këmmen, an an de Chambres professionnelles. Mir mussen do eppes Kohärentes hunn, well et ass do, wou mer den Hiewel mussen usetzen, fir dass d'Schüler op déi richtig, hinnen ugepasstene Ausbildungsschinn kommen.

Da kommen ech zum zweeten Punkt, dat ass d'Mentalitéit. Mir sinn allze vill oft der Meinung, dass ee misst eng Scolaritéit iwwert dee klassesche Wee maachen, an dass d'Beruffsausbildung nëmme da soll antrieden, wann dat anert net geet. Or, dat ass a mengen Aen de falsche Wee. D'Beruffsausbildung muss als eppes Positives dohinnergestallt ginn. Et ass vill besser, et huet een e gutt ausgebildeten Handwerker, deen dat mat Erfolleg mécht, wéi e Schouloffgänger ouni Ofschloss, deen duerch Echecen op eemol d'Knëppele bei d'Tromm geluecht huet. Mir brauchen also onbedéngt do e Mentalitéitswiesell.

Den drëtter Punkt betrëfft de Kontakt tëschent der Aarbechtswelt an der Schoul, dee vill méi intensiv muss ginn. Do mussen mer et fäerdeg bréngen, dass d'Schoul sech opmécht, mä awer och d'Beruffswelt d'Problemer vun der Schoul versteet. Et ass also op deenen zwou Säiten, wou dat muss gemaach ginn, fir dass mer et ebe fäerdeg bréngen, dass mer méi eng Adéquatioun

kréien tëschent deem, wat déi jonk Leit wëlle maachen, an deem, wat ugebuede gëtt.

Den Här Castegnaro ass virdrun op d'Chiffere vum November agaangen, wat elo nach vun oppe Léierplaze besteet, a wat fir eng jonk Leit keng fannen. Am September waren et 1.000 Léierplazen, déi nach op waren. Gott sei Dank sinn der entre-temps eng Partie besat ginn. Mä mir hu Beruffer, do hu mer einfach den „trop plein“, wéi zum Beispill bei de Coiffeuren. Am Bauhandwerk allerdéngs, do hu mer net genuch Kandidaten, an et ass just do, wou mer Perspektiven hei um Aarbechtsmaart hunn, well d'Haiser ginn nach ëmmer sur place gebaut, d'Fundamente ginn hei gemaach, d'Mauerwerk gëtt hei vu Steemetzer opgeriicht, den Daach gëtt vun engem Charpentier an duerno vun engem Leeëndecker hei gemaach. Dat gëtt net délocaliséiert. Mir mussen et fäerdeg bréngen, méi jonk Leit an d'Richtung vum Handwerk ze dirigieren.

Dann de véierte Punkt. Mir brauche méi eng praxiso Ausbildung. Do muss méi Flexibilität erakommen, souwuel vum System wéi och vun den eenzelne Berufsvertreider. Mir hunn heiansdo ze vill figéiert Berufsbiller, déi awer mat der Realitéit net méi iwwereneestëmme. Et kann een net vun all Berufsspart verlaangen, dass se dee ganz komplizierte Wee, deen elo verschidde Beruffer hunn, matmaachen. Et ass bestëmmt och Plaz fir Leit an deene Beruffer, déi manner qualifizéiert sinn, an da muss dat mat Flexibilität ugepasst ginn.

Nach ee Wuert, Här President, zur beruflecher Weiderbildung, déi elo hei verankert gëtt, wat och e positive Punkt ass, genee wéi dee vun der Validatioun vun den Acquis professionnels, dat heescht, dass een eng ganz Partie Saachen ugerechert kritt. Do muss mer zu Lëtzebuerg nach léieren, dat kenne mer net.

Ech weess net, Här President, ob déi Aarbecht, déi mer hei als Deputéierte maachen an an engem Kommissioun, ob dat géllt fir d'Validatioun vun engem Acquis professionnel. Op jidde Fall hunn ech hei an deem Haus awer scho ganz vill bäigeléiert.

(Interruption)

Majo, ech sinn dann net deen Eenzege, deen hei eppes bäigeléiert huet.

Zum Ofschloss wollt ech nach eng Kéier soen, dass mer dese Projet stëmme. Allerdéngs trëtt e jo eréischt 2010/2011 a Kraaft, well nach ganz vill muss dru geschafft ginn. Dat heescht, dass déi éischt Ofgänger mat engem CATP 2014/2015 eréischt aus deem System, deen mer haut stëmme, erauskommen. Et muss een da kucken, wéi dat gegräff huet. Dat ass eng laang Zäitschinn.

Dëst ass e ganz ambitiöse Projet. Ech hoffen, dass en net ze vill ambitiös ass, well e gëtt komplizéiert an der Ëmsetzung. Mä mir wënschen all deenen, déi mat dieser Ëmsetzung konfrontéiert ginn, Bonne chance.

Ech hoffen, dass dat hei e Grondsteen ass fir en Ëmdeanken an dass mer méi Leit qualifizéieren kënnen iwwert d'Berufsausbildung, well dat wichteg ass, besonnesch an dieser Zäit vun engem ekonomesch schwieriger Situatioun, well mer domat enger ganzer Rei Leit positiv Perspektive kënnen opzeechen.

Ech soen Iech Merci.

►►► **Une voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Ech soen der Madame Basseur Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter age droen. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

►►► **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréisch emol e grouse Merci un de Rapporteur an un all déi Leit ronderëm de Rapporteur, déi gehollef hunn, dese schrëftleche Rapport ze redigieren, a Merci, Här Castegnaro, fir Äre mëndleche Rapport.

Ech wollt och nach ënnersträichen, ier ech ufänken inhaltlech ze schwätzen, dass mer a ganz ville Sitzungen eng interessant a konstruktiv Diskussioun haten iwwert des zwee Joer. Ech selwer hu se och ganz interessant

an austauschräich fonnt, déi ganz Zäit, wou mer un deemem Projet de loi geschafft hunn.

De President vun der Kommissioun hat an der leschter Sitzung gemengt, dass dese Projet de loi en Eckstéck wier vun der Bildungspolitik. An an engem Pabeier vum Ministère steet och dran, dass des Reform als éischt Etapp unzegesinn ass vun der Reform vum Enseignement secondaire technique an dass an enger zukünftiger Etapp bei enger fundamentaler Reform vum Enseignement secondaire technique dann op déi nei Dimensione vun deemem Projet de loi wäert Rücksicht geholl ginn.

Dese Projet de loi beschäftegt sech mat der Organisatioun vun engem Deel vun der Schoulausbildung, deem prezisen Deel, nodeem déi Kanner Jugendlecher gi sinn an dräi Joer am Postprimaire verbruecht hunn. Fir déi eng Jugendlech ass et deen Deel virun enger Spezialisatioun oder vläicht enger weiderer Fachhéichschoulausbildung oder souguer enger Meeschterprüfung. Fir dee gréissten Deel awer ass dese Projet de loi de leschten Deel vun hirem effektive Schoulwee, well se an der Berufsausbildung schon e Schrëtt an d'Aarbechtswelt awer gemaach hunn.

Dës Jugendlech si während hirem Berufsausbildung allerspéitens am zweete Joer net méi schoufflichteg. Ech denken, dass dat e wichtegen Aspekt ass, deem onbedéngt muss an der Ausaarbechtung vun där Formatioun Rechnung gedroe ginn, well mer wëllen alles dorop setzen, fir dass des Jugendlech eng Berufsausbildung ufänken a se dann och herno ofschléissen. Virun allem, an dat ass och scho gesot ginn, wa mer wëssen, dass mer eng beonrouegend Zuel hu vun Décrocheurs scolaires, vu Jugendlecher, déi an de verschiddeste Mesurë beschäftegt sinn, oder Jugendlecher, déi mer Joer fir Joer néierens méi an de Statistiken erëmfannen.

Eng gutt Berufsausbildung ass eminent wichteg fir déi Jugendlech, déi se maachen. Nëmme eng fachlech gutt Ausbildung gëtt hinnen dann och eng reell Chance, sech um Aarbechtsmaart ze behaupten an hir Plaz do ze fannen.

Mä eng Berufsausbildung, an dat ass och scho gesot ginn, ass och eminent wichteg, vläicht vill méi mir dat hei elo haut den Owend mengen, fir ons Gesellschaft a fir - en aktuell Thema - ons Wirtschaft.

Dese Beschäftigungsdomän - an d'Aktualitéit huet et erëm eng Kéier op eng dramatesch Aart a Weis bewisen -, virun allem deen vum Handwerk, ass e stabilen Domän, deen weiderhin ëmmer erëm gebraucht gëtt. An d'Handwerk, virun allem d'Handwerk, brauch jonk Leit, déi motivéiert sinn an déi wirklech wëllen en Handwerk léieren oder sech souguer dodran herno spezialisieren.

Zu Recht gëtt dann och an all Avis, an all Pabeier vun alle Politiker a Politikerinnen heibannen de Stellwäert ënnerstrach vun enger besserer Vernetzung tëschent Schoul an Aarbechtswelt.

An dat ass mäin éischte Punkt, Här President. Effektiv ginn och mir Gréng net midd, d'Wichtigkeet vun dieser spezifescher Vernetzung, voire Kollaboratioun ze ënnersträichen, an zwar net nëmme fir dese Secteur, mä fir d'Schoul am Allgemengen, ugefaangen an der Primärschoul. Et feelt u Kooperatioun tëschent der Schoul an der Aarbechtswelt, och zum Beispill am Enseignement secondaire, an deem, wat mir hei communément de Classique nennen.

Dës Schülerinnen a Schüler aus dem so-disant Classique erkennen oft de Sënn net vun deem, wat se léieren an der Schoul. Och fir des Schüler a Schülerinnen aus dem Classique wier de Kontakt mat der Aarbechtswelt wichteg, fir hiert Wëssen ëmzesetzen an e Savoir-faire ausserhalb vun der Schoulmaueren.

Dës Kritik zielt d'autant plus fir d'Berufsausbildung. Ausser zwee bis dräi Schnupperstagen, déi op 9^e organiséiert ginn, hunn des potenziell Kandidaten a Kandidatinnen op eng zukünftige Berufsausbildung net vill vun der Aarbechtswelt a vun hire Kulissee gesinn an erlieft. Oft souguer sinn des Jugendlecher mat falschen oder mat onrealistesche Virstellungen befaasst, Wonschvirstellungen, déi d'Schoul an déi d'Leit, déi se begleeden, net kënnen positiv entgéint huelen.

Et geet an onsen Aen net duer, d'Vernetzung tëschent der Schoul an der Aarbechtswelt eréischt an der Berufsausbildung versichen ze verbessern, mä dëst muss scho virdu geschéien. D'Vernetzung muss onkomplizéiert a pragmatesch sinn. Si muss virun allem um Terrain geschéien tëschent de verschidde Partner, déi mat de Jugendleche schaffen, déi se betreiën. Dëst geschitt - dat muss een éierlecherweis och soen, och fir dat emol eng Kéier unze-

erkennen - schon haut an der Praxis, awer meeschtens op Eegeninitiative vun den Acteuren um Terrain. Et gëtt keng institutionaliséiert Plattform dofir.

Mir wëssen och, dass déi verschidde concernéiert Ministère sech schwéierdinn, vernetzt a kohärent ze schaffen, virun allem um Thema Berufsausbildung.

Dese Projet de loi gëtt och keng richtig Aussicht op deem Punkt. Déi wichteg Elementer vum Projet de loi, wéi zum Beispill de Suivi op der Léierplaz oder tëschent dem Formateur en milieu scolaire an dem Tuteur en entreprise - eng luewenswäert Saach -, bleiwen awer essentiellement deem Einzelnen iwwerloos.

An deemem Kontext géif ech dann awer och gären de Rôle vun de Conseillers à l'apprentissage ënnersträichen. Fir ons Gréng ass et dach awer, Här President, eng verpasste Chance, dass mir an deemem Kontext hei keng kloer Definéierung vun de Missiounen a virun allem vum Profil vum Conseiller à l'apprentissage gemaach hunn. De Prinzip vum Conseiller à l'apprentissage géif sech an onsen Aen wonnerbar eegnen, fir notament déi noutwendeg Vernetzung a Kollaboratioun tëschent Schoul, engersäits, an Aarbechtswelt, anerersäits, hierzustellen. An onsen Aen hätt dat kënnen déi zentral Persoun sinn, déi de Jugendleche begleet, eng Aart Referenzpersoun fir de Jugendlechen. Dat hätt kënnen eng Persoun sinn, déi de Lien tëschent den Acteuren an der Schoul an den Acteuren op der Léierplaz vereinfache géif, eng Aart roude Fuedem souzesoen.

Dese Projet de loi huet awer délibéreméent optéiert, fir keng Ännerung virzegeséi fir de Conseiller à l'apprentissage; en ënnersträicht, dass de Conseiller just nach eng konsultativ Stëmm an Conseil de classe huet. Mir hätten ons kënnen virstellen, dass de Conseiller à l'apprentissage eng héich qualifizéiert sozioéducativ Ausbildung misst hunn an en doduerch d'Intérêt vun de Chambres professionnelles am Allgemengen an de Chambres patronales am Spezifischen, engersäits, awer och d'Bildungsintérêt vun der Schoul, anerersäits, kéint verdeeden, an dëst virun allem am Intérêt vum Jugendlechen.

Zweete Punkt, Här President: Zum Thema Vernetzung a Kollaboratioun gehéiert och d'Thema Partenariat. De Partenariat a seng Missiounen, déi hei an deemem Projet de loi ënnerstrach ginn, sinn an engem Artikel 3 beschriwwen. D'Artikelen 4 a 5 beschriewen d'Planung an d'Ëmsetzung vun dese Missiounen a wien an engem Comité à la formation professionnelle dofir zoustänneg ass. Richtegerweis si véier Ministère dra vertrauten, grad ewéi eng Rei vu Verwaltungen, Berufschamberen, Federatiounen, Gewerkschaften, Gestionnairen aus dem Sozial- a Gesondheitssecteur, awer och e Vertreider vun der nationaler Schülerkonferenz an e Vertreider vun der Elterevereenegung.

Mir verstinn natierlech, dass et muss esou eng paritétesch Instanz ginn, déi d'Aarbechte superviséiert a gegebenenfalls och guidéiert. Allerdéngs fanne mir, dass eleng esou e grouse Comité net duergeet, fir weder eng effizient Vernetzung ze garantéieren nach eng reell partizipativ Approche ze promovéieren. Mir fannen et éierlech gesot och net ganz innovativ, dass bei enger Reform, déi sech fundamental wëllt nennen, et net fäerdeg bruecht ginn ass, sech zousätzlech Weeër virzestelle wéi eben dee Comité, deen regelméisseg taagt. Ech kommen awer nach méi spéit op ons Alternativen an deemem Kontext zrëck.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Drëtte Punkt: d'Validation des acquis de l'expérience. Prinzipiell ënnerstëtze mir d'Afäierung, grad hei an deemem Projet de loi, vun der Validation des acquis; si fént hei hir richtig Plaz. Zu Recht ass awer och drop higewise ginn, dass dese Prinzip nëmme fir den Enseignement secondaire technique géllt, an net fir den Enseignement secondaire classique. Mir froen ons, ob dëst à moyen terme tragbar ass an ob esou eng Aschränkung net awer dach un d'Glaubwürdigkeet vum Prinzip vun der Validation des acquis résele geet, wat natierlech schued wier.

Véierte Punkt - an en ass schon hei genannt gi vu menge Virgängerinnen als d'Kärstéck vum Gesetz -: den CCP, fréieren CCM, den DAP, fréieren CATP, an den DT oder Diplôme du technicien. Eng Formatioun verschwénnt, an zwar den CITP, wat mir am Prinzip begréissen. Dës Tëschenetapp vun der Berufsausbildung, den CITP, ass vill an oft contestéiert ginn. Si huet ni richtig eng Akzeptanz fonnt, virun allem net an der Aarbechtswelt. D'Ziler vun dieser spezifescher Berufsausbildung, déi zousätzlech eng Kéier agefouert ginn ass,

konnte wahrscheinlech och net erreecht ginn. Ech soe ganz bewosst: „wahrscheinlech“, well ni eng reell Evaluatioun vum CITP stattfonnt huet.

Et bleiwen also eng praxisorientéiert Ausbildung an déi praktesch an theoretisch Ausbildung, déi eigentlech Berufsausbildung. Fir ons als Gréng, Här President, stëmmt dese Kader, sous condition, dass mer kënnen vun enger Rei Garantien ausgehen, Garantien, déi elo net automatesch gi sinn an deene jëtzege Ausbildungen.

D'Garantie muss bestoen:

1. dass all CCP déi noutwendeg Brécke kritt, déi zu enger DAP-Ausbildung féieren, e bëssen nom Motto: fir all CCP säin DAP, dat heescht nom Prinzip vum offene Bildungswee;

2. dass d'Offer vun diesen zwou Ausbildungen de linguistesche Besoinë vun dieser spezifescher Situatioun am Land hei Rechnung dréit;

3. dass et eng reell Educatioun au choix gëtt, dass heescht, dass de Jugendlechen eng Méiglechkeet huet, iwwert de Bias vun engem Projet de vie - wahrscheinlech säin éischten - sech kënnen fir eng fir hie realistesch Berufsausbildung ze entscheiden, eng fräiwëlleg a gewollten Entscheidung;

4. dass de Jugendlechen e Recht huet, seng Berufsausbildung no uerdentleche Konditiounen ofzeweckelen, virun allem wat seng Stageplaz respektiv seng Léierplaz ubelaangt.

Fir ons muss et och kloer sinn, dass all Jugendlechen no der Neuvième d'Méiglechkeet kritt, fir eng CCP-Ausbildung unzuegoen. Et dierf net méi sinn, dass e Jugendlechen iwwer zousätzlech spezial Infrastrukturen, sief et COIP oder d'École de la x^e chance, seng Stigmatiséierung nach méi prononcéiert kritt respektiv säi Selbstwäert definitiv kann opginn, well e Conseil de classe mengt, hie wär ze schwach oder hätt net genuch Kompetenze fir eng praktesch Berufsausbildung unzuegoen.

D'Besuergnis vun de Berufschamberen, dass an där neier CCP-Ausbildung en Deel Enseignement général virgesinn ass, kënnen mer verstoen, well d'Berufschamberen natierlech déi reng beruflech Ausbildung als Prioritéit ugesinn. Mir kënnen awer des Bedenken nëmme zum Deel mat deelen. Hei soll net den CITP sech an engem neien CCP erëmfannen. Ech denken och, dass en Deel Training vum Savoir-être oder Savoir-faire trotzdeem Sënn mécht.

Manner Sënn dergéint mécht mat Sécherheet zum Beispill, nach an nach franséisch oder däitsch Grammaire fir d'x-te Kéier ze béchsen. Et hänkt also ganz dovunner of, wat ënner Enseignement général verstane gëtt.

Den Techniker huet fir nawell vill Diskussiounen gesuergt. Effektiv ass déi statistesch Effizienz net esou evident, wat de Succès vun dieser Filière ubelaangt. Vill Schüler a Schülerinne sinn an des Filière erakommen an hunn et dunn net méi bis zum Ofschloss gepackt. Am Ministère ass dëst den Ulass gewiescht, fir, no dese falschen an onerfüllten Erwaardungen an Hoffnungen, de Schüler aner Méiglechkeeten unzebidden. Anerersäits muss mer och feststellen, dass, ofgesi vun de Statistiken iwwer Succès an Échec scolaire op dieser Filière, och hei keng richtig Evaluatioun gemaach ginn ass an och keng Konklusiounen aus där Evaluatioun konnte gezu ginn.

Ech erkläre mech: Mir hu wuel Statistiken, mä mir hunn u sech keng Evaluatioun. Déi zwou Saache si komplementar, mä si sinn net datselwecht. Mir wëssen also net, ob mer net awer der Technikerfilière e spezifesche Status an dem Enseignement secondaire technique hätte solle loosse, oder, wéi hei am Projet virgeschloe gëtt, d'Ausbildung vum Techniker als dach awer reng Berufsausbildung considéieren.

Mir wëssen à ce stade net - op alle Fall net fundéiert -, wat de Besoin vun der Wirtschaft u Beruffer vun der Technikerfilière ass. Wahrscheinlech huet de Conseil d'État déi beschte Solutioun virgeschloen, andeems e proposéiert huet, den Techniker an enger zweeter Phas bei der Reform vum Rescht vum Enseignement secondaire technique op de Leescht ze huelen. Mä d'Technikerfilière weist vläicht am beschten op e fundamentale Problem vun der Bildung hei zu Lëtzebuerg hin, deen vun der Orientéierung.

Dat ass mäi véierte Punkt, Här President. Am initiale Projet de loi gouf et effektiv e Chapitre 6 «de l'orientation et de la guidance tout au long de la vie». Näischt Ëmwerfendes, näischt terribel Innovatives, ausser vläicht déi nei Iddi vun engem Portefeuille d'orientation et de formation fir de Jugendlechen. De Conseil d'État huet proposéiert, dese Chapitre erauszehuelen,

net well en net wichteg wier, mä grad well en ze wichteg wier, fir sech an engem Chapitre 6 mat dräi Artikelen ze résuméieren. De Conseil d'État huet de Législateur dozou invitéiert, e Gesetz à part ze maachen.

Mir stëmmen dëser Recommandatioun voll a ganz zou, mat der Remarque awer, dass esou e Gesetz iwwert d'Orientation scolaire et professionnelle eigentlech all anert Gesetz an der Bildungspolitik en général a méi spezifesch nach an der postprimaire Bildungspolitik hätt misse précédéieren. Fir ons Gréng ass dëst déi allerwichtigst Kritik.

Mat dem Thema Orientéierung vun onse Kanner a Jugendleche muss an onsen Aen d'Bildungspolitik vum 21. Jorhonnert gestalt ginn. All déi gutt Usätz wéi zum Beispill de Prinzip vun der Unité capitalisante via module, déi haut scho vu ville vu menge Virgänger a Virgängerinne kommentéiert gi sinn an déi och als absolut innovant beschriwwen gi sinn, all dës gutt Usätz risquéieren net ze gräifen, well dohannert eng ganz aner Fehlplanung ass: Déi, dass ons Kanner a Jugendleche net an déi beschriwwene Berufsausbildung orientéiert gi sinn, am richteg Sënn vum Wuert, mä si par défaut do ukomm sinn. Eng dramatesch Siicht vun onser Berufsausbildung, awer eng batter reell!

Wa mir dës fundamentale Feeler net vir-drin ophiewen, da kënnen mir hei esou vill Reforme stëmmen, wéi et ons léif ass, d'Situatioun wäert nach ëmmer déiselwech bliwwen. D'Statistike vun där soi-disant Orientéierung nom 6. Schouljoer weisen, dass ons auslännesch Kanner sech praktesch all am Enseignement secondaire technique erëmfannen. 17,8% net Lëtzeburger Kanner sinn am Enseignement secondaire, am sogenannte Classique, dat heescht ronn all Sechsten, an 41% vun den net Lëtzeburger Kanner, bal all Zweeten, sinn am Enseignement secondaire technique. Mëttlerweil ass et och bewisen, dass net d'Sprooch ausschlaggebend fir dës Segregatioun ass, mä de soziokulturellen Niveau vum Kand.

A schonn eleng dës Statistik, Här President, déi kontinuéierlech a regelméisseg zouhëlt säit Jorzéngten, misst ons doch endlech reagéieren dinn! Reagéieren dinn, net nëmmen am Respekt vun der Chancëgläichheet, mä mëttlerweil och, fir déi esou oft genannte Cohésion sociale ze bewahren.

Ech muss zouginn, dass dee Passus vum Rapport vum Rapporteur mech dach awer e bëssen nervös gemaach huet, Sait 8, den obligaten Abschnitt, dee soll rechtfertigen, dass a Saachen Orientéierung alt villes um Wee ass: «Étant donné la haute importance et la grande complexité de l'orientation scolaire et professionnelle, il a été décidé qu'une loi à part soit préparée portant réforme de l'orientation scolaire et professionnelle. Pour le moment un projet pilote tendant à améliorer l'orientation scolaire et professionnelle du Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle ainsi que du Ministère du Travail et de l'Emploi, est en voie d'exécution.» Mä ech mengen, dass ass och nach geännert ginn, fir dat méi prägnant ze maachen. Ech mengen, mir hate gesot «en cours de réalisation».

Mir fannen dat trotzdeem e staarkt Stéck, Här President. Et gétt keng Orientatioun hei zu Lëtzebuerg, also mengen ech, ass et och schwéier, se ze verbessern. A virun allem gétt et kee Kontext a kee Konzept. A wann et kee Konzept gétt, maachen da Pilotprojete vill Sënn?

D'Descriptioun vum Pilotprojet ass vum Rapporteur gemaach ginn. A véier Lycéeën ginn emol d'Woch Représentanté vum CEDIES, vum CPOA a vum BIZ an erklären de Schüler a Schülerinnen, wat hir Méiglechkeete sinn. Dat nennt sech eng Consultatioun a mengen Aen, awer net eng Orientatioun.

D'Chambre des Métiers schreift och zu Recht an hirem Avis: «L'absence de concept...» - well dorëms geet et jo schlussendlech, et gétt kee Konzept - «...au niveau de l'orientation risque d'hypothéquer dès le départ l'ensemble du dispositif du projet de réforme y compris les aspects positifs.»

Dat heescht am Kloertext, dass weiderhin de Lëtzeburger Bildungssystem sech bornéiert, Kanner a Jugendleche par l'échec ze orientéieren, via Test a Punkten. An dëser Virgehensweis ass eng vun de leschte Statiounen leider oft d'Berufsausbildung am Enseignement secondaire technique, dass heescht den DAP an den CCP, an dat wäert sech och d'nächst Joer an d'iwwernächst Joer net änneren.

Dat si batterschlecht Viraussetzung fir Beruff an Handwierk hei zu Lëtzebuerg an

dat si batterschlecht Noriichte fir ons Wirtschaft.

Hei misst eng regelrecht Reform de fond en comble geschéien. Mir brauchen d'Rad och dofir net frësch ze erfannen: Et leie genuch Auditen, Recommandatiounen a Konklusiounen um Dësch, zum Beispill d'Schafe vun engem Observatoire, eng Strategie, a virun allem Moyenen, fir se ëmzesetzen, sinn zur Genüge fir Lëtzebuerg beschriwwen ginn. „Best practices“ a Modeller gesi mer nawell och eng etlech an anere Länner.

Déi Suen, déi dofir géife gebraucht ginn, wieren déi bescht investéiert Suen aus dem Budget. Well dat, wat mer am Ufank investéieren, spuere mer herno, well mer all déi aner deier Mesuren a Fléckaarbechten duerno net méi musse bezuelen.

Wat mer brauchen, Här President, ass de politesche Wëllen, fir Ministère-iwwergräifend endlech eng Orientéierungspolitik zu Lëtzebuerg an d'Liewen ze bréngen. An ech betounen: Ministère-iwwergräifend. Well dës Politik geet iwwert d'Verantwortung vum Educatiounsministère eraus. Et ass e Projet, fir d'Gesellschaft vun der nächster Generatioun ze plangen an ze gestalten.

Déi wichtegst Elementer dofir si grad d'Ausbildung vun den Erwuessene vu muer, an d'Garantie schafe fir eng stabil Wirtschaft an eng effizient Beschäftigungspolitik.

Här President, wéi vill heibanne wëssen, wat fir en holprege Wee e Jugendleche muss goen, deen eng Léierplaz sicht, egal ob et en CCP oder en DAP ass?

À titre d'exemple: Dëst Joer ware fir déi al Formatiounen CCM/CITP - dat gi wahrenscheinlech déi nei CCPen - eng ronn 900 Jugendlecher do. Fir d'éischt muss hien oder hatt de Juli ofwaarden, dass de Conseil de classe décidéiert, fir wat fir eng Ausbildung hien oder hatt admissibel ass. Duerno féiert de Wee bei d'Action locale pour jeunes, wou hien Ënnerstützung kritt a sengem Pabeierkrich. Duerno geet de Jugendlechen op d'Arbeitsamt, fir sech anzuschreien als Demandeur de poste d'apprentissage.

Da muss hien oder hatt sech an eng Schoul aschreien, wou hien oder hatt seng Léierka maachen, mat Chance oder mat Pech, deemno ob d'Schoul him seet, dass nach Plaz fräi ass fir déi Ausbildung, a virun allem, ob nach Plaz fir déi Ausbildung ass an där Sprooch, déi hien oder hatt dann och meeschtert. Sprich, ob et déi Ausbildung gétt op Franséisch oder op Däitsch.

Dat alles si keng motivant an encourageant Viraussetzung fir e jonke Pubertäre vu 15, 16 Joer. An op deem Punkt bréngt deen neie Projet de loi wéineg Ännerungsvirschléi.

Mir proposéieren dozou eng realistesch ëmsetzbar a flott Alternativ. Mir hu se „Maisons de l'orientation et de la formation“ genannt. Mir denken, dass et Zäit ass, all Instanze ronderëm de Jugendlechen ze regroupéieren op enger convivialer an accessibeler flotter Plaz fir d'Jugendleche. E Genre Guichet unique, wou notament d'Action locale pour jeunes, d'Conseillers à l'apprentissage, déi Leit vum BIZ, d'Antenne vun de Berufschamberen hir Plaz hätten, wat dann och eng effektiv Vernetzung a Kollaboratioun géif erlaben.

Dës regional organiséiert Plaze garantéieren e kompetenten a pluridisziplinären Encadrement vum Jugendlechen, en Encadrement, dee souwuel d'Schoul wéi virun allem och d'Aarbeitswelt gutt kennt. En Encadrement, deen de Jugendlechen op sengem Wee an der Elaboratioun vu sengem éischte Projet de vie begleet an ënnerstëtzt.

An an deem Sënn, Här President, wëll ech en Amendement zu dësem Projet de loi eraginn, dee genau dat do beschreift, déi regional Kreatioun vun „Maisons de l'orientation et de la formation“, esou wéi ech se elo beschriwwen hunn.

Amendement 1

Les Maisons de l'Orientation et de la Formation

Au chapitre I. - Champ d'application, définitions et généralités - est ajouté un article 6 libellé comme suit:

«Art. 6. - Il est institué un réseau de Maisons de l'Orientation et de la Formation à caractère régional dont la finalité est de regrouper, en un seul lieu, toutes les instances compétentes en matière d'information et d'orientation professionnelle.

Les modalités d'organisation et de fonctionnement des Maisons de l'Orientation et de la Formation sont définies par règlement grand-ducal.»

La numérotation des articles subséquents est adaptée en conséquence.

(s.) Viviane Loschetter, Claude Adam, Félix Braz, Jean Huss, Henri Kox.

Här President, mir maachen ons Suergen iwwert déi praktesch Ëmsetzung vun de Stage- a Léierzäite vun de Jugendleche, dat ass och schonn hei ernimmt ginn, wëssend, dass haut schonn eng ganz Rei vu Jugendleche keng Plaz bei engem Patron fannen a weidergeleet ginn an e CNFFPC an duerno weidergeleet ginn a sogenannte COIP-Klassen. D'Schicksal vun deenen, déi néierens eng Plaz fannen, wëll ech hei elo wierklech net beschreien.

Mir maachen ons och Gedanken iwwert déi noutwendeg Zesummenaarbecht, déi misst entstoen tëschent de Verwaltungen, déi zoustänneg sinn notament fir d'Mesures d'insertion, an de Verwaltungen, déi sech ëm Jugendleche këmmen, déi potenziell Kandidaten a Kandidatinne kéinte gi fir eng Ausbildung. Dat Mannst, wat ee ka beschreien, ass, dass déi Zesummenaarbecht haut net stattfënn.

En evidente Schwaachpunkt an onsen Ae vun dem Projet de loi ass de Fait, dass et net evident ass, sech Carrière vun der Berufsausbildung no uewe virzustellen: dee sogenannte richtegen offene Bildungswee.

Schued fanne mer zum Beispill, dass de Prinzip net zrëckbehale ginn ass, d'Meeschterprüfung an dëse Projet de loi eranzeuhuelen, de BAC professionnel an d'Ouverture iwwer méiglech BTSen ze envisagéieren. Eng méi fundamental Reform hätt mat Sécherheet dem Enseignement secondaire technique e bëssen u Prestige bruecht, dee Prestige, deen e brauch, an dee Prestige, deen och d'Berufsausbildung brauch.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir ons weist dëse Projet de loi mat Sécherheet op d'Mängel hin, den bestinn, an dëse Projet de loi huet och den Usproch fir zum Deel visionär virzegoen, notament wat d'Afëiere vun engem Système vun „unités capitalisantes“ an de Modulen an och de Versuch, d'„Validation des acquis“ an d'Praxis ëmzesetzen, ugeet. Mir fannen awer, dass dëse Projet de loi, op deem risege Gebitt vun der Bildungspolitik, de Scheinwerfer op eng ganz prezis Plaz fokusséiert, an dobäi vergësst ze kucken, dass d'Bildungspolitik e Ganzt ass, wat nëmme ka funktionéieren, wann d'Fundamente stabil sinn, fir de Rescht ze droen.

Mir kënnen ons net virstellen, wéi dës Regierung et ka fäerdeg bréngen, d'Bildungspolitik ze reforméieren, an déi eenzel Stécker, wou se e Chantier opgemaach huet, esou mateneen ze verbannen, dass et de Kanner an de Jugendleche soll méiglech gemaach ginn, besser a méi gerecht hir Bildung an Ausbildung ze maachen. Wéi soll d'Reform vun der Primärschoul sech un d'Reform vun der postprimären Domän uschlësse kënnen, wann et keng Stroosse gétt, sprich, wann et keng Orientéierung gétt? Esou ännere mer wierklech net, wat mer müssen änneren.

Eng reell Reform, vun ënne bis erop, géif dem Jugendlechen, deen herno de Wee zur Berufsausbildung aschléit, eng reell Chance ginn, awer och vill méi Freed a Motivatioun, well d'Notioun vu Choix ërm eng Bedeitung fir hie krit. Dës Atstellung zum Beruff an zum Handwierk ass wichteg fir ons Beschäftigungspolitik. En net onwesentlechen Nieweneffekt wier, dass och d'Enseignanten an all déi aner Betreuungspersone besser Viraussetzungen a Konditiounen hätten, fir hire Beruff auszeüben.

En résumé, Här President, mécht fir ons eng global durchduechte Reform vum Lëtzeburger Bildungssystem nëmme Sënn, wa mer eng global Vue hunn an e kontinuéierleche Wee, deen zu deklaréierten Ziler féiert. Dass d'Reform vun der Bildungspolitik nëmme kann an Etappen ëmgëst ginn, dass schéngt ons och kloer, mä fir d'éischt muss mer all Etapp élaboréiert hunn, fir dass mer wëssen, wou mer histeren. Och hei muss mer feststellen, dass mer, bei dësem prezise Projet de loi, dee wuel seng richteg Usätz weist, d'Etapp virun net kennen, nämlech d'Orientatioun oder eng Elaboratioun vun enger Gesamtschoul, aus deem einfache Grond, well et kee globaalt, logesch Konzept gétt, oder vläicht well de politesche Wëllen net do ass, well et politesch net gewünscht ass.

Och déi Etapp no der Berufsausbildung kënnen mer net aschätzen, notament e richtegen offene Bildungswee no uewen hin, nom BAC professionnel, nom BTS, aus deeneselwechten Ursachen.

An dofir, aus deene logesche Konklusiounen zu onsen Iwwerleeungen, kann déi Gréng Fraktioun dëse Projet de loi hei net stëmmen.

))) **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Nächste Riedner ass den honorebelen Här Mehlen.

))) **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och eisersäits e Merci un de Rapporteur, dee keng einfach Aufgab hat. Ech wëll awer net behaupten, hien hätt net d'grousst Lous gezu gehat, et war sécher och fir hien awer eng passionnant Aufgab.

Här President, d'Berufsausbildung ass eng ganz komplex Matière. Si ass duerfir komplex, well engersäits eis Aarbeitswelt, mat der technescher Evolutioun, ëmmer méi ënnerschiddlech a spezialiséiert Kenntniser verlaangt. Si ass awer och komplex, well d'individuell Situatioun, d'Capacitéit an d'Disponibilitéit vun eenzelne Schüler ganz ënnerschiddlech sinn. D'Erausforderung ass duerfir gewaltig, fir d'Uspréich vum heitegen Aarbeitsmaart, engersäits, an d'Méiglechkeete vun dem eenzelne Schüler, anerersäits, esou ze verbannen, dass dat beschtméiglecht Resultat dobäi erauskënn. Et kann een dofir d'Bedeitung vun enger héichwärtiger, flexibeler a performanter Formation professionnelle net genuch ënnersträchen.

Mir wëssen, dass am räiche Lëtzebuerg vill ze vill Jonker op der Streck bliwwen, net well d'Lëtzeburger méi domm wäere wéi anerwäerts, mä well eng onflexibel a réckstänneg Schoulpolitik si hänke gelooss huet. E puer Chifferen: Et gétt ronn 1.200 Jonker, déi all Joer d'Schoul ouni Ofschluss, dat heescht ouni Qualifikatioun verloossen an zu engem groussen Deel direkt am Chômage landen. Gläichzäiteg mussen eis Betriber ëmmer méi wäit an d'Grenzgebitt siche goen, fir qualifizéiert Leit ze fannen.

Här President, dass ass ganz einfach eng Faillite vun der Educatiounspolitik, fir déi ee keng Wieder fënn, fir se an hirem Ausmooss ze beschreien, ganz besonnesch wann ee bedenkt, dass eis Schoul déi mat Ofstand deierst op der Welt ass. Lëtzebuerg bezuelt elo schonn en héije Präis fir dëst onbeschreiflech an onbegreiflecht Versoe vun eiser Bildungspolitik, a mir wäerten duerfir an der Zukunft, déi sech däischter ofzeechent, nach vill méi deier bezuelen.

Och dës Legislaturperiode huet et vill ze laang gedauert, bis iwwerhaupt eppes geschitt ass, an esou dréckt vun enger Legislaturperiode zur aner een d'Verantwortung bei deen aneren. D'LSAP seet, et wär der DP hir Schold. D'DP seet, et wär der CSV hir Schold, d'CSV seet, Neen, et ass d'DP an d'LSAP, déi et an d'Schold sinn, a si hunn alleguer Recht, well si sinn alleguer kollektiv fir dës Faillite an eiser Bildungspolitik a vun eisem Schoulsystem verantwortlech.

Ausrieden, Här President, gétt et genuch. Mir hunn ze vill Auslännerkanner an eise Schoulen, eis Famillje sinn net méi dat, wat se emol waren, d'Kanner sinn hyperaktiv oder liddereg, d'Léierpersonal ass net méi motivéiert. Et wëllt awer kengem vun deene sogenannte verantwortleche Politiker an de Sënn kommen, d'Schold bei sech selwer oder senger Partei ze sichen, well et ass un der Politik an u kengem aneren, fir de legislativen a reglementaresche Kader esou auszerichten, dass d'Schoul zum beschtméiglechen Erfolge féiert. All privat Entreprise, déi esou géif gefouert ginn, wär ewell laang d'Baach erofgaangen. An an all privat Entreprise, déi eppes op sech hält, wär esou e miserabele Management ewell laang virun d'Dier gesat ginn.

Aner Länner, déi bäi Wäitem net esou am Geld schwamme wéi de Lëtzeburger Stat, hunn eis virgemaach, dass et a wéi et geet. An do ass et net op extra schlau Elteren, d'Schüler oder d'Léierpersonal zrëckzeféieren, mä op d'Politik, déi et verstanen huet, fir bäi Zäiten d'Weihe vum System an am System richtig ze stellen. Déijéineg vu menge Kolleegen, déi mat a Finnland waren, wësse genee, wat ech mengen. Well d'Geld an der Schoul ass wuel wichteg, mä nach laang net alles. A wann een duerfir nach e Beweis bräicht, da bräicht een nëmmen op Lëtzebuerg kucken ze kommen.

Mir bréngen et zum Beispill, trotz eisem ville Geld, wat mer an den Enseignement stiechen, fäerdeg, dass 4 - 5.000 Kanner mat Léierschwierigkeeten an d'Ausland ginn, well dat fir d'Elteren déi lescht Rettung bedeit, an deenen do exemplaresch gehollef gétt, wou se hei zu Lëtzebuerg hoffnungslos verluer wäeren. Mir lisen an

der PIRLS-Etüd, datt d'Attitud an d'Motivatioun vun de Schüler enttäuschend wär, franchement décevant. Dat muss eis dach an héchstem Mooss alarméieren. Wéi solle Kanner eppes léieren, wa se net motivéiert sinn?

Kanner, Här President, wëllen awer vun Natur aus léieren. Si si vun Natur aus programméiert, fir ze léieren. Si si frou fir alles, wat se bäiléiere kënnen, well dat hir Positioun an der Gemeinschaft hieft a stäerkt. Wa se keng Motivatioun méi verspieren, dann ass et net hir Schold, mä da läit d'Ursach an der Aart a Weis, wéi mir hinnen d'Wesse vermëttelen, well d'Freed an d'Begeescherung fir ze léiere mussen vun der Erwuessenewelt a vun der Schoul ausgoen an op d'Schüler iwwersprangen.

Et ass virun dësem Hannergrond, wou mer haut dëse relativ komplexe Projet diskutéieren. Och an der Berufsausbildung kann et nëmme fonctionnéieren, wa Motivatioun, Freed a Begeescherung matspillen. Dat ass déi wichtegst Viraussetzung, a si ass an deene meeschte Fäll net, oder jiddefalls net genuch präsent.

Wann een en Haus baut, da muss d'Fundament zolidd sinn, soss kann een net vill drop bauen. Mir diskutéieren haut iwwert den Émbau vum éischte Stack, Madame Minister, a mir wëssen nëmme ze vill gutt, datt eist Fundament ze schwach ass. Eise Primärunterricht oder Enseignement fondamental, wéi e vläicht eng Kéier heescht, ass ze schwach. An dat, wat feelt, wann déi Jonk dann an déi weider Ausbildung ginn, kann een an deem Stadium net méi ophuelen.

Ech zitieren aus dem „Wort“ vum 1. Juli 2006: „«Die jungen Leute, die heutzutage aus den Schulen kämen, könnten nicht mehr schreiben,...»“- dat ass ganz krass - „...lesen oder rechnen“, sagte der Präsident der Handwerkskammer,...“ - deemoos - „...Paul Reckinger, vor Journalisten. «Die jungen Menschen, die von der Schule zu uns kommen, erfüllen die Voraussetzungen nicht mehr, die heutzutage im Handwerk gefordert werden. Wir können sie daher auch nicht ausbilden.»“

Här President, ech hu viru kuerzem e Reportage op enger däitscher Televisiounschäine gesinn, wou och däitsch Ausbilderbetreiber exakt datselwecht gesot hunn: Mir fänken emol un, deenen hei rechte bäizebréngen, dat, wat se am Fong geholl als Grondwesse misste matbréngen, fir datt mer iwwerhaapt hei eppes kënnen maachen.

Mir wëssen alleguer, datt déi Situatioun extrem alarmant ass an datt mer do eis Hausaufgabe mussen maachen, fir datt dat hei iwwerhaapt zum Succès ka féieren. Ech kéint lech eng hallef Stonn laang iwwer ähnlech Aussoen aus Gespréicher mat Responsabelen...

(Interruption)

Ech hunn déi Zäit souwisou net.

Ech kéint lech ähnlech Aussoen aus Gespréicher mat Responsabelen aus alle méigleche Betriber erzielen. Ech weess, datt dat lech natierlech nervös mécht, mä ech kommen awer net derlaanscht, hei d'Wourecht ze soen.

Ouni zolidd Féllement geet näischt. An ouni déi dréngend néideg Reform vum Primaire oder Enseignement fondamental ass och dës Reform zum Échec condannéiert.

Wann déi Viraussetzung dann erfüllt ass - huele mer emol un, si wier erfüllt - an dee jonke Mënsch eng Ausbildung wëllt maachen, dann ass et wichteg, datt hien net an eng Sakgaass orientéiert gëtt - hei ass jo och scho vill iwwert d'Orientatioun geschwat ginn -, dat heescht, datt en eng Ausbildung orientéiert gëtt, wou hien och eng Chance huet, duerno eng Aarbecht oder eng Plaz ze fannen. Da muss hien e Léierbetriber an e Léiermeeschter fannen, deen och motivéiert ass, fir hien auszubilden, dee sech Zäit fir hien hëlt.

All qualitativ héichwärtig Ausbildung kascht Zäit, an Zäit ass an eiser heiteger Aarbechtswelt knapps an deier, wéi mer wëssen. D'lescht Joer waren et bei de Schräinerdiplom, wéi et schéngt, nëmme zwee Jonker, déi et gepackt haten, an déi sinn opfällegweis aus klenge Betriber komm, wou se och wahrscheinlech méi

villsäitig a verschiddenen Aarbechte forméiert gi sinn.

Dann ass net nëmme d'Konditioun, datt dee jonke Mënsch motivéiert ass, mä de Betriber muss motivéiert sinn, fir auszubilden. All Betriber huet gutt Grënn, fir jonk Leit auszubilden a fir se och am Betriber ze behalen, well gutt Leit si rar an déi bescht Garantie fir de Succès an d'Uwwerliewe vum Betriber.

An hei begéine mer no der miserabeller Basisformatioun den zweete Phenomeen hei zu Lëtzebuerg, deen eis béis Problemer mécht. Dat ass, datt déi jonk Leit, soubal wéi et geet a wéi beim Stat oder der Gemeng eng Dier opgeet, sech esou séier wéi méiglech an den öffentleche Secteur ofsetzen.

Et kann een deene jonke Leit näischt verdenken, Här President. Mä d'Politik ass awer gefuerdert, fir hei verschidde Saachen an den Equiliber ze bréngen. Et kann dach net sinn, datt op där enger Säit all Konditiounen, wéi d'Aarbechtsplazsicherheit, déi net mat Geld opzeweien ass, wéi mer elo gesinn, d'Aarbechtskonditiounen, d'Rémunératioun an d'Pensioun, méi avantagéis sinn, wéi op där anerer Säit.

Et kann een de Betriber et net virwerfen, wa se ënnert deene Konditiounen d'Fleem kréien, fir Nowuess auszubilden, wann et nëmme Zäit a Geld kascht a se herno awer müssen an d'Ausland rekrutéiere goen, well déi jonk Lëtzebuurger esou wäit wéi méiglech bei de Stat oder d'Gemeng wëlle goen.

Vläicht ass dat och eng Ursach, firwat d'lescht Joer ronn 800 Jonker keng Ausbildungsplaz fonnt hunn. Wéi et schéngt huet sech jo entre-temps d'Situatioun awer e bësse gebessert. Mä mir hunn elo grad héieren, datt, och wa Plazen opstinn, op där anerer Säit der eng Partie sinn, déi keng fannen.

Ech wëll och nach e Wuert verléieren iwwert déi aktuell Zweedeelung, déi mer de Moment op jidde Fall nach hunn an de klassischen an den techneschchen Unterrichtsrecht, déi der Meenung vun eiser Partei no net gutt ass. Dës Zweedeelung huet, an deem Mooss wéi mer an der Primärschoul ëmmer méi an d'Labrante geroden, derzou gefouert, datt eng Zweeklasseschoul an de Käpp vun de Leit entstanden ass: Déi gutt Schüler ginn an de Klassik - dat ass d'Meenung - an déi Mannier gutt an den Technik. An dat ass eng Katastroph. Well mir brauche souwuel gutt forméiert Leit an de sougenannten intellektuelle Beruffer, wéi mer gradesou gutt an dichteg Leit an de prakteschen an techneschchen Beruffer brauchen an eise Betriber.

Datt dës Deklasséierung vun deenen, déi an den Technik ginn, net zu hirer Motivatioun bäidréit, läit op der Hand. D'Motivatioun bei de Schüler an dem Léierpersonal ass awer, wéi ech scho gesot hunn, de Schlüssel zum Erfolleg. Mir sinn duerfir als ADR fir d'Ofschaffung vun dëser onglécklecher Zweedeelung. Kee Schüler soll an därer méi d'Gefill hunn, datt hie mannerwärtig wär oder datt hien an eng mannerwärtig Schoul géif goen. Dat heescht awer net, datt mer alles wëllt gläichmaachen. D'Interesse bei de Schüler sinn, Gott sei Dank muss ee soen, ganz ënnerschiddlech. D'Begabung sinn och ganz ënnerschiddlech gelagert.

Ass et dann eng Schan, wann ee méi technesch oder manuell begaabt ass? Mir hu jiddefalls deeselwechte Respekt fir en dichtegen Handwierksmann wéi fir e gudden Affekot oder Schoulmeeschter.

Duerfir muss de Sekundarunterricht eiser Meenung no modular organiséiert ginn, wou dësen ënnerschiddlechen Interesselagen a Begabung Rechnung gedroe gëtt. An zwar esou, datt zum Beispill an den allgemeyn bildende Fächer déi Staark kënnen maximal evoluéieren, ouni vun deene méi Schwache gebremst ze ginn, an déi Schwach op hirem Niveau enseignéiert kënnen ginn, ouni datt se Schong an Huese verléieren, well se ze vill Staarker an hirer Klass hunn. Am Kloertext géif dat bedeuten, datt zum Beispill Franséisch oder Mathé géif op de jeeeweils ugepassten Niveauen enseignéiert ginn.

Mir sinn derfir, datt d'Schüler, déi aus der Primärschoul kommen, nach zwee Joer gemeinsam enseignéiert solle ginn an dës Zäit intensiv genotzt soll ginn, fir eng éischt Orientatioun op e spéidere Beruff ze determinéieren.

Et muss ee soen, datt déi aktuell Orientatioun - an ech mengen meng Virriednerin huet dat och gesot - eng eenzeg Katastroph ass. Si ass quasi inexistent. Dir hutt et an anere Wierder gesot, mä Dir hutt et awer gemengt.

(Interruption)

Si ass quasi inexistent; gesitt Der, mir soen datselwecht.

Dozou ass ze soen, datt et ronn 600 verschidde Beruffer gëtt. Orientatioun heescht, datt een d'Stäerken an d'Schwächen vun de Schüler uerdentlech evaluéiert an en entspreche Profild erstellt. Et gehéiert och dozou, datt d'Schüler mat de beruffleche Méiglechkeeten, déi sech hinne bidden, bekannt gemaach ginn. Dat setzt awer eng entspreche Formatioun vun den Enseignanté viraus.

D'Orientatioun muss sech och un de viraussichtleche beruffleche Chancen ausrichten. Et huet dach kee Wäert, fir a Beruffer auszubilden, wou ganz wéineg Chancé bestinn, fir spéider eng Aarbecht ze fannen.

Da soll d'Orientatioun no Méiglechkeeten den individuellen Interesse vum Schüler Rechnung droen. No Méiglechkeet selbstverständlech. Fir Erfolleg ze hunn, muss een och Freed un där Aktivitéit hunn, déi ee spéider wëllt ausféieren.

Et muss och e fundamentaal Émdeken an der Approche kommen, mat där an de Schoule mat de Schüler verfuert gëtt. Fir méi prezis ze sinn: Et muss dorëm goen, d'Stäerke vun engem Schüler erauszefannen a se ze förderen, amplaz fir se wéi bis elo fir hir Schwächen ze bestrofen.

Här President, no dëse méi allgemenge Considératiounen wëll ech e puer Punkte vum Projet usprieche. Mir si selbstverständlech mat der Zilsetzung vun dësem Projet d'accord, der qualitativer Verbesserung vun der Formation professionnelle a virun allem dem Erofsetze vum Taux d'échec an der Zuel vun deenen, déi d'Schoul ouni Qualifikatioun verloossen.

Här President, de gesetzleche Kader ass dat eent; wéi e mat Liewe geféllt gëtt, ass eppes anescht. An de Rapporteur huet hei vun deene 26 Règlements d'exécution geschwat, déi an deem Zesammenhang musse geholl ginn. Do si mer awer, wat d'Exekutioun ubelaangt, dach e bësse skeptesch.

Woufir? Well mer eis ëmmer nach an engem, eiser Meenung no, ze rigide Kader befannen, dee sech motivationalhemmend auswierkt. Mir hu konkret Virstellungen, déi an eng aner Richtung ginn doriwwer, wéi een de Schoulen engersäits wesentlech méi Gestaltungsspillraum a pedagogesche Fräiraum gëtt, an anersäits méi Konkurrenz am Sënn vun der beschtméiglecher qualitativer Offer tëschent de Schoulen an d'Spill bréngen kann. Mä dat ass e Kapitel, wat eis an d'grundsätzlech Opstellung a Strukturatioun vun der Lëtzebuurger Schoul féiert an dat sprengt ganz sécher de Kader vun der aktueller Debatt.

Mir begréissen trotzdem d'Approche, déi gewielt ginn ass, déi virun allem, vis-à-vis vun der aktueller Situatioun, méi eng individualiséiert Attitud erlaabt.

Et bleiwen eisäits nach e puer Froen: Wéi ginn d'Ausbilder forméiert, a virun allem, wéi gëtt hir Aarbecht evaluéiert? Och do muss e Suivi kommen. Wéi gutt ass, oder wéi vill besser gëtt an Zukunft d'Zesammenaarbecht tëschent Schoul a Patron? Déi ass, eisen Informatiounen no, bis elo nach laang net ëmmer positiv gewiescht. Wat de modulare System ubelaangt, beuerteile mer dee grundsätzlech positiv, mä et freet ee sech, wéi dat, ënnert den aktuelle Konditiounen, an der Praxis kann émgesat ginn.

Mir begréissen och, datt an Zukunft manner Schüler an eng Sakgaass geroden a lues a lues ëmmer méi wäit no ënnen orientéiert ginn, mä datt se wierklech d'Chance kréien, fir sech ze verbessern a sech och no uewe kënnen ze orientéieren an an eng besser Filière eropzeschaffen. Mä et feelt plazeweis dach u Passerellen, besonnesch um Niveau vu CCP an DAP.

D'Fro vun der Evaluatioun ass och ugesprach ginn. Dat ass en neien Terrain. Och eisäits ass do eng gewësse Skepsis. Wéi soll dat vir sech goen? Wéi fiabel ass et? Wat kënnen d'Eltere mat der Evaluatioun ufänken? Wat kann de Patron herno domat ufänken? Et war ee bis elo un en Examenssystem mat Punkte gewinnt. Do wäerte mer awer nach eng Partie Erfarunge sammele müssen.

Och déi nei Bezechnung fir d'Diplomer hätt ee sech awer vläicht kënnen spueren. Et mécht et op jidde Fall net méi einfach an et bréngt net vill. Wat awer zielt, dat ass, wat déi jonk Leit leschtennens kënnen, an hir Bereitschaft fir sech permanent weiterzubilden. Och dat ass jo e Sujet am Kader vun dëser Debatt.

Här President, ech wëll schlësse mat der Hoffnung, datt mer an engem Domän, dee vun enger primordialer Wichtigkeit fir vill Jonker a fir eist Land ass, haut e Schratt

virukommen, och wann nach eng Partie Skepsis bleift. Dat gesot, wëll ech trotz allem soen, datt eis Fraktioun dëse Projet stëmme wäert.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Mehlen. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Merci, Här President. Och mengem Kollege Rapporteur Félicitatiounen fir säin explizite Rapport. Dee war esou kloer, dass een e bis an de Lycée technique vun Esch héieren huet, an ech mengen, dass och jiddereen heibanne verstanen huet, wat hie gemengt huet.

Et ass schwéier no esou vill Riedner, déi am Fong déi positiv Aspekter an och eng Rei negativ Aspekter vun deem Projet virbruecht hunn. Et ass kloer, dass, wann e Projet doläit, net alles esou kann drakommen, wéi deen een oder deen aneren dat gär hätt. Herno ass et ëmmer e Konsens, an dofir ass et scho gutt, dass en an de Kommissiounen ausdiskutiert gëtt an dann hei nach eng Kéier dat virbruecht gëtt, wat engem net gefält.

Ech wëll och elo direkt am Virfeld soen, dass den Amendement vun der grénger Fraktioun mer sympathesch ass, well och eng vu mengem Iddien - besonnesch an der Berufsorientéierung - ass ëmmer gewiescht, fir eng Cellule d'évaluation oder eppes an deem Genre ze maachen, fir dass de Kanner hir Valeuren an hir Talenter scho fréizäitig kënnen an der Primärschoul erkannt ginn. Et klappt beim Sport, et klappt an der Kultur, firwat soll et net och an der Berufsausbildung klappen, dass een do scho ganz fréi kann evaluéieren, a wat fir eng Richtung een d'Kand kann drainéieren.

Ech hunn awer ee Problem: Wa mer elo deen Amendement do stëmme, an déi Gréng stëmme dann herno d'Gesetz net, wat maache mer dann? Well d'Madame Loschetter huet gesot, déi Gréng géifen d'Gesetz net stëmme. Dofir froen ech: Wa mer deen Amendement dann elo hei stëmme, stëmmt Dir dann och d'Gesetz? Mä gutt, dat ass awer Äre Problem, dat ass net mäin. Ech wollt just bemierken, dass Dir eis awer elo an eng gelunge Situatioun hei bréngt.

» Une voix. - Elo hutt Dir nei Frënn hei am Sall.

» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG). - Do maacht Dir elo e Spagat.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Gelift? Madame Loschetter, deen Een-zegen, deen hei nach ni e Spagat gemaach huet, dat sinn ech. Ech wëll lech dat awer emol soen. Kënnst Dir lech dat iwwerhaapt bildlech virstellen?

» M. le Président. - Här Jaerling, loosst lech net provozéieren a fuert virun.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Här President, ech gleewe kaum, dass ee mech nach ka provozéieren.

Den Här Castegnaro huet et hei ugeschnidden, dass mir en Handwierk geléiert hunn. Do wëll ech zwar soen, dass mer deemoos, wéi mer en Handwierk geléiert hunn a wéi mer den éischte Fouss an d'Léierbud gesat hunn, eisen Diplom schon esou gutt wéi an der Täschen haten. Spéider, fir dann nach weider ze goen, fir d'Meeschterprüfung ze kréien, dat war e bësse méi schwéier, mä mir hunn dat jo awer och gepackt. Also, ech muss lech éierlech soen, dass ech heiansdo net verstinn, wou haut d'Problemer an der Educatioun sinn. Wann Dir gesitt, wéiwäit e Mënsch ka kommen, muss ech soen, da verstinn ech et einfach net.

Spaass op d'Säit. Wat mech awer och stéiert un dësem Gesetz, dat ass, dass d'Berufsorientéierung effektiv e bëssen op der Streck bleift. Wat elo dat Versprieche betrëfft, dass spéider e Gesetz iwwert d'Berufsorientéierung soll nogereecht ginn, do wär et fir mech dat Elementaarst gewiescht oder dee wichtigsten Aspekt, virun dësem Gesetz emol e komplett Konzept fir d'Berufsorientéierung ze hunn. Ech mengen, do kann ech deene Virriedner nëmme Recht ginn, déi dat hei virbruecht hunn.

Ech wëll an deem Kontext och e bësse vun der sozialer Verantwortung vun de Betriber schwätzen, déi elo hei ronderëmposauen, wéi wann eis Kanner all domm wieren an net liesen an net schreiwe kéinten. Wa se eng sozial Verantwortung hätten, da géife se och där Kanner huelen, anstatt deen einfache Wee ze sichen: 70 km ronderëm higoen a fäerdeeg Aarbechtskräfte rekrutéieren, an eis Kanner op der Streck

loossen. Ech mengen, dat soll och emol eng Kéier kloer gesot ginn. Et kann een net einfach soen, eis Kanner si kourommel-domm, an da gi se ronderëm ofgrasen. Dat huet dee vun der...

(Interruption)

Dat stéiert mech jo net. Ech mengen, et ass deemno vu wou dass et kënnt.

» **M. le Président** - Här Braz, loosst elo den Här Jaerling schwätzen!

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)** - Ech wëll einfach soen, dass een, deen en Handwierk geléiert huet - an et gëtt och Kanner, déi en Handwierk net nëmme léieren, fir bei d'Fonction publique ze goen; déi meescht léieren en Handwierk, well se eben dat als Berufung fillen an eppes mat hiren Hänn wëlle schafen -, do wär et och un de Betriber, fir heiansdo emol d'Dieren opzemaachen an déi eranzehuelen, hinnen eng Chance ze ginn, fir sech selwer ze entwéckelen, anstatt se op der Streck ze loossen. Am anere Fall hu mer se herno erëm a Beschäftigungsmesuren oder an iergendwelchen anere Mesuren a mir kréie se net ënnerdaach, ebe well dat zesummespill, dat hei esou grouss gelueft gëtt, Betrib a Schoul, op deem Niveau net klappt.

Dat ass de Problem, dee mer hunn, an ech géif mengen, dass mer och an deem Beräich nach eng Kéier mussen awierken a kucken, dass do jiddfereeng seng Responsabilitéit iwwerhëlt. Ech géif mengen, dat Meescht ass gesot ginn. Ech wollt just nach déi puer Wieder bäifügen, Här President, an ech soen lech Merci.

» **M. le Président** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Marc Spautz.

» **M. Marc Spautz (CSV)** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, no dem Rapporteur, an och den exzellenten Ausféierung vum deenen eenzelnen Orateuren an den Ausféierung vum menger Partei-frëndin Françoise Hetto, wëll ech mech a menger Interventioun op zwee Aspekter beschränken.

Erlaabt mer awer am Virfeld ze soen, dass dese Projet e Projet ass, dee sech mat der Zukunft vum eisem Land beschäftegt, dass dese Projet esou eng grouss Wichtigkeet a Bedeutung huet, dass en, wat den Ordre du jour an den Timing ubelaangt, zu enger anerer Auerzäit vläicht méi hätt misse berücksichtegt ginn, well hei geet et ëm d'Zukunft vu Lëtzebuerg, et geet ëm d'Zukunft vum eiser Jugend. Nëmme wa mir et fäerdeg bréngen, an eis Ausbildung ze investéieren, a wa mir et fäerdeg bréngen, gutt qualifizéiert Leit ze hunn, da maache mer och eppes fir de Räichtum vum Land. Dofir ass et wichtig, dass mer des Reform kréien an domadder och eiser Jugend eng Chance ginn, fir um Maart kënnen ze bestoen.

Elo awer déi zwee Aspekter, déi ech kuerz wëll méi genee belichten. Den éischte Volet ass dee vun der Qualifizierung vum deene Jonken. Mat deemem Projet gëtt versicht - an ech hoffen, dass et och Realitéit gëtt -, alle Jonken hei am Land eng Qualifikatioun ze ginn. Zumindest ass dëst eist Zil, och wa mer alleguerte wëssen, dass et leider wäert e fromme Wunsch bleiwen. Mir hunn zënter Jore vill ze vill Schouloffriebere, sief et well se keng Loscht un der Schoul hunn, sief et well se Schwieeregkeeten hunn, an der Schoul oder och privat, och mat sech selwer. Well mir an deemem Kontext weder d'Elteren nach déi Jonk eleng därefer loossen, si mer alleguerte gefuerdert. Dese Projet stellt zumindest eng gutt Basis duer, fir deemem Zil méi no ze kommen.

Mat der Aféierung vum de Modular beim Erléiere vun engem Beruff, also net méi ausgerichtet op Punkten, wou mer jo bis ewell nom Prinzip gefuer sinn, virun allem no de Feeler ze sichen an dat dem Schüler och esou ze vermëttelen an en domadder net grad ze stäerken an der Iddi, e kéint eppes, fuere mer dann elo nom Prinzip, wat de Schüler effektiv kann.

Dese Prinzip wäert et och der Schoul erméiglechen, méi no un dat erunzeken, wat d'Ekonomie vun hir verlaangt, an zwar Leit, Jonker ze forméieren, déi net nëmme d'Wëssen ugesammelt hunn, mä dëst Wëssen och konkret ëmsetze kënnen. Et bleift ze hoffen, dass et eiser Schoul wäert geléngen, dese Wee och ëmzesetzen. D'Base légale dofir an déi richteg Usätz sinn elo do oder ginn an e puer Minutten dofir geschaf.

Wat geschitt awer mat all deene Jonken, déi bis elo duerch de System gefall sinn? Besteet fir si nach eng Méiglechkeet, erëm an de Schoulsystem eranzekommen? Wa se net vum Apprentissage pour adultes profitéiere kënnen, well se do verschidde

Konditiounen net erfëllen, huelen d'Schoule se dann erëm? Och wa se méi al si wéi 18 Joer? Ass do eng Ouverture, déi mer elo um theoretische Plang schafen? Ass et och garantéiert, dass dat an deenen eenzelne Gebaier geschitt an dass och déi Schüler, déi net méi ënnert d'Obligation scolaire falen, erëm eng Kéier zrëck kënnen an d'Schoulbank kommen?

Ass et dann awer och gutt - ech weess, elo wäerte verschidde Kolleegen soen, elo sees de genau de Contraire wéi 30 Sekonne vir-drun -, ass et gutt, wa mer 15-Jähreger an 19-Jähreger zesummen an eng Klass setzen?

Ass och dat net eng Fro, déi ee sech muss stellen, ob dat gutt ass fir d'Entwécklung vum deem 15-Jährege wéi och fir d'Entwécklung vum deem 19-Jähreger?

Ass beim Erléiere vun engem Beruff dru geduecht ginn, net nëmme d'Langue véhiculaire virun allem op Däitsch ze maachen, mä och dass verschidde Fächer mussen op Franséisch gemaach ginn? Ech stelle mer oft d'Fro - an ech weess, dass mer déi 150.000 Grenzgänger brauchen, déi all Dag eriwuerkommen -, ob deen däitsche Frontalier, deen eriwuerkënt, weess, wien de Victor Hugo ass? An ech froe mech bei deem franséischen, ob deen onbedéngt weess, wien de Goethe ass?

(Interruption)

Meng Fra seet mer ëmmer: Wa meng Wäschmaschinn futti ass, ass et mer am Fong egal, ob den Elektriker, dee se fléckt, Däitsch oder Franséisch kann, ech wëll wëssen, ob meng Wäschmaschinn erëm geet.

Vun deene Leit an eisem Schoulsystem verlaange mer awer, dass se Däitsch a Franséisch perfekt beherrschen. Wa mer awer d'Leit op Idar-Oberstein an op Nanzeg siche ginn, da froe mer se net automatesch, ob se Däitsch oder och Franséisch kënnen.

Ech mengen, dat solle mer och berücksichtegen an den zukünftegen Ausbildungsweeër, well et wichtig ass, dass eis Ekonomie qualifizéiert Leit kritt.

Dat gëtt mer elo och d'Méiglechkeet, fir op mäin zweete Punkt anzegoen, an dat ass dee vun der Berufsberodung. Et si scho verschidde Kolleegen dorop agaangen. Ech mengen, et wier wichtig, och wann dat net direkt an deemem Projet de loi berücksichtegt ginn ass, dass mer schnellstméiglech dat Gesetz kréien iwwert d'Berufsberodung.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Vill Problemer, déi och haut de Mëtteg ugeschwat gi sinn, a vill vun deem Pourcentage vun deene Schüler, déi ofbriechen, sinn entstanen, well d'Eltere respektiv déi Jonk sech iwwert d'Konsequenzen net bewusst ware vun deem Beruffs- a Bildungswee, dee se ageschloen hunn. Well een do oft festgestallt huet, dass an der Koordinatioun tëschent der Informatioun an der Beruffsausbildung vum der ADEM, vun der Informatioun an der Schoul a vun de schéinen Dépliants, déi an de Betriber ausgedeeelt ginn, net ëmmer alles iwwereneeklappt.

Duerfir ass et wichtig, dass mer och do endlech Neel mat Käpp maachen. Ech ginn e Beispill, wat ech viru kuerzem héieren a souguer erlieft hunn, wou een an enger Schoul erkläert kritt, du muss deen dote Wee maachen, fir en Diplom ze kréien, wou dann de BIZ vun der ADEM duerno genau de Contraire seet: Du därefer net mam CATP ufänken, mä du muss fir d'éischt Technique général hunn, soss ass de Wee der verbaut.

Do ass et och wichtig, dass mer et fäerdeg bréngen, eng Koordinatioun ze maachen tëschent der Berufsberodung vum Arbeitsamt, tëschent dem Ministère de l'Éducation, an ech wëll och nach zwee aner Ministère mat eranhuelen, dat sinn de Ministère vun de Classes moyennes an de Ministère vun der Ekonomie. Well dat sinn déi, déi d'Aarbechtsplazen an d'Land bréngen. Dat sinn déi, déi kucken, fir d'Aarbechtsplazen unzesichen. Duerfir sollen och déi Leit do mat agebonne ginn.

Et muss och kloer sinn, dass mer all Jugendlechen d'Chance solle ginn, dat ze léieren, wat hie wëllt. Mä et muss ee sech awer och bewusst sinn, dass mer verschidde Beruffer hei am Land net 50-, 100-, 200- an 300-mol kënnen gebrauchen. Wann ee Mierbiolog wëllt ginn - mat der belscher Kris weess een zwar elo ni, ob Lëtzebuerg net op eemol méi grouss gëtt a mir awer um Mier leien -, da muss et engem bewusst sinn, dass Lëtzebuerg kee Mier huet, a wann een dat léiert, dass een net kann zum Lëtzebuerg Stat soen: Du muss mer och elo hëllefen, eng Aarbechtsplaz ze fannen.

(Interruption)

Oh, op der Musel, do gëtt awer kee Mierbiolog gebraucht, Här Gibéryen.

Mä wa mer awer 50 Schrainer pro Joer ausbilden an 30 Jofferen oder Meedercher oder Jongen, fir a Reesbüroen ze schaffen, jo dann, Dir Dammen an Hären, léif Frënn, ech weess net, ob mer all Joer 50 Schrainer, 30 Leit, déi an e Reesbüro schaffe ginn, 300 Informatiker an esou vill Educateure brauchen!

Duerfir ass et ebe wichtig, dass mer d'Schüler beroden am Virfeld. Wa mer och elo soen: Et ass wichtig, dass der en Diplom hutt; wann der en Diplom hutt, hutt der eng Chance um Aarbechtsmaart. An zu deeneselwechte Jugendleche soe mer an dräi Joer oder véier Joer, jo, du hues zwar elo en Diplom, mä elo hues de awer en Diplom, deen um Aarbechtsmaart net méi gebraucht gëtt, dann Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dann hu mer eis och un eiser Jugend, un eise Kanner an un eise Kandskanner versënnegt.

Fir mech an och fir eis ass et kloer, dass et wichtig ass, dass mer dat brauchen, wat eis däitsch Noperen nennen, de Facharבעchter an der Industrie, wou et kloer ass, dass déi Leit eng Basisformatioun hunn, souwuel am Technesche wéi an der praktescher Erfahrung, sou dass et duerno och méiglech ass, déi néideg Ajustement seier ze maachen, wann den technesche Volet virugeet.

Et ass och héich Zäit, dass mer an deem Beräich endlech e koordinéierten Text kréie fir d'Berodung, an ech sinn zouversichtlech, dass d'Madame Educationsministerin zesumme mam Aarbechtsminister a mat hiren anere Kolleegen an der Regierung et och seier wäert fäerdeg bréngen, fir endlech och esou en Text eranzeginn, fir dass mer dee kënnen op de Wee ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et elo fäerdeg bruecht, en neien Text ze bréngen. Deen Text ass geschriwwen. Deen Text ass d'Lidd, sou hunn ech mer dat virgestallt, an elo ass et awer wichtig, dass mer och eng Melodie dora kréien. An den Här Castegnaro huet et scho gesot: Net manner wéi 26 Règlements grand-ducaux kommen no. Et ass deemno och wichtig, dass mer och elo déi Reglementer kréien, well eleng mam Gesetz ouni déi néideg Reglementer oder ouni dass och déi néideg Reglementer an déi richteg Richtung ginn, hu mer zwar e schéinen Text geschriwwen, awer d'Melodie passt net.

Ech wier op alle Fall frou, wann dëst Gesetz, deesen Text, dëst Lidd géif e populäert Lidd ginn hei am Land, wou jiddfereeng och den Text an de Refrain kéint matsangen.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix** - Très bien!

(Interruptions diverses)

» **Mme le Président** - Dee leschten agedroene Riedner fir haut ass den Här Eugène Berger.

» **M. Eugène Berger (DP)** - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, et ware schon eng Rei Riedner a Riednerinne viru mir hei um Pult, duerfir si scho ganz vill Saache gesot ginn an ech ka mech duerfir op e puer Remarquë beschränken.

Ech wëll awer och nach eng Kéier dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht.

Et gëtt sécherlech eng Rei positiv Usätz an deemem Gesetzestext, dat muss een unerkennen. Mä et bleiwen awer och nach nom Vote verschidde Schwaachstellen an eiser Beruffsausbildung zu Lëtzebuerg bestoen.

Wat ech virun allem vermëssen, dat ass en duerchgehend Konzept vun ënnen erop, vun der Primärschoul bis herno no der Schoul an no der Ausbildung bei d'Formation continue. Esou e Konzept läit net um Dësch.

D'Basis vun der Beruffsausbildung läit schon an der Primärschoul an hei muss se sécherlech nach zousätzlech Effortë gemaach ginn, fir den Image an den Attrait vun den handwierkleche Beruffer ze verbesseren an och méi attraktiv ze maachen.

Dat ass e Problem, deen elo net eleng e Problem vun der Politik ass. Dat ass wierklech eppes, wat sech - géif ech soen - och iwwert d'Jore kollektiv an d'Denke vun den Elteren hei zu Lëtzebuerg festgesat huet. Ech war an engem fréiere Liewe Schoulmeeschter. Do hat ee klassesch Zeenen am Ufank vum Joer, net nëmme, wann een e 5. oder e 6. Schouljoer hat, mä och schon

am 1. oder am 2. Schouljoer. Ech ka mech nach genau un eng Mamm erënneren, vun där d'Kand an d'2. Schouljoer komm ass, déi déi éischt Schoulwoch bei mech komm ass a gesot huet: Wat muss ech maachen, fir dat mäi Kand herno an de Classique kënnt? - Dat war hir eenzeg Suerg.

Et war dee Moment schwierig, fir ze soen, majo kommt, mir kucken emol, wat d'Intérète sinn, wat d'Fäegkeete si vum Kand, a kucken, dat mer dat développieren a stäerken. Mä neen, et ass wierklech nëmme deen eenzeg Objectif gewiescht, dat herno d'Kand soll an de Classique kommen.

Et gëtt sécherlech eng Rei Ursachen, fir wat dat esou ass. Ënner anerem well den Technique net ëmmer esou iwwersiichtlech war, well déi ganz Formation professionnelle bei de Leit oft e grouss Frozeche war. Sécherlech och, well den Technique an dann déi uschlëssend Beruffsausbildung oft als zweete Choix ëmfonnt ginn ass, wat och nach haut zum Deel de Fall ass. Déi soi-disant gutt Schüler an eisem System, déi éischer an de Sproochen an an der Mathematik staark sinn, déi ginn automatesch dohinner orientéiert, an déi soi-disant manner gutt Schüler ginn automatesch an den Technique orientéiert.

Mir musse kucken, dat mer och do also usetzen, fir schon an der Primärschoul d'Mentalitéiten ze verännern, dat mer och konkret an der Primärschoul, d'zukünfteg Grondschool, nei Usätz fäerdeg bréngen, dat mer zum Beispill do och fir méi manuell Fäegkeete Kompetenzsockelen definéieren, dat mer do och den Attrait vum Handwierk verstäerken, dat mer do d'Aktioun lancéieren, fir dat och d'Schüler am Primaire scho méi an de Kontakt komme mat den Handwerksberuffer.

Et ass haut relativ normal an der Primärschoul, dat een eng Kéier an eng Bibliothék geet, dat een eventuell e Schrëftsteller an d'Klass invitéiert. Et ass awer vill méi selten, dat ee seet, komm mir ginn emol eng Kéier mat de Kanner an e Betrib kucken, wéi et do fonctionnéiert, respektiv dat een eventuell och en Handwerker an d'Klass invitéiert an dann d'Schüler domadder konfrontéiert. Et ass also immens wichtig, dat een do schon ufänkt an dat een dann herno domadder weiterfiert.

En zweete Schwaachpunkt an deem Gesetz, an et ass och schon oft gesot ginn, ass dee vun der Orientatioun. Mir wëssen, dat d'Beruffswelt, d'Beruffsbiller, d'Beruffsuferderungen am konstante Wandel sinn, an duerfir misst also déi permanent an adequat Orientatioun während der Schoulzäit e besonnesche Stellewäert kréien. Mir wëssen, dat dat an deemem Text hei ausgeklamert ass. Et bleift e grouss Manko an deem ganzen Domän vun der Beruffsausbildung.

Wann den Technique et och weiderhin erméiglecht, fir weiderstudéieren ze goen - do si Brécke gebaut -, solle mer awer och kloer soen, dat den Technique an d'Beruffsausbildung net sollen eng „Copy light“ si vum Classique. D'Beruffsausbildung därefer net ze vill akademesch sinn, si muss virun allem op d'Praxis an op d'Kompetenzen am Beruff ausgerichtet ginn, an dat soll dann och dem Technique seng Stärkt sinn.

Sécherlech sinn am Gesetzestext e puer Akzenter duerfir gesat ginn, fir dat ze errechen. Eng méi praxisorientéiert Ausbildung ass virgesinn. Nei pedagogesch Usätz sinn och virgesinn. Ech wëll se nach eng Kéier kuerz erwähnen, ouni elo am Detail drop anzegoen.

Dat ass, op där enger Säit, de Modularsystem, deen et méi speziell erlabe soll, dat de Schüler besser no sengem Rhythmus kann avancéieren. Och d'Method vun der Kompetenzvermittlung, an déi kontinuierleche Evaluatioun, am plaz vun engem punktuellen Examen, kann ech begrëssen, well se et erméiglechen, d'Schüler méi individuell an differenziéiert ze ënnerstëtzen, ze fuerderen an ze fördern.

Hei ass eventuell och d'Geleeënheet fir den Technique, fir säin Image an enger gewëssener Aart a Weis ze verbesseren, andeem hien e bëssen eng Virreiderroll kéint bei neie pedagogesch Usätz spillen, déi jo vill fir déi aner Ordres d'enseignement am Moment diskutéiert ginn.

Et muss een awer wëssen, den Text op där enger Sait ass eng Saach, an d'Praxis op där anerer Sait ass eng Saach. Et bleift ze fäerten, datt dat hei zwar schéin oder gutt Usätz sinn, gutt Virsätz, déi ee sech hält, mä datt déi um Terrain herno net kënnen ëmgesat ginn, Faute vu Personal, Faute vu Moyenen, Faute vu kohärente Konzepter, déi vläicht do feelen, fir dat kënnen adequat an d'Praxis ëmzesetzen.

Parallèll muss ee kucken, datt d'Programmer systematesch iwwerschaft ginn, datt heescht, datt een zum Beispill och schonn op den ënneschte Klassen am Technique kuckt an déi Richtung ze goen, zum Beispill - virdrun ass et och scho gesot ginn -, datt net d'Sproochufuerdnerisser op den ënneschte Klasse praktesch gradesou héich gesat si wéi am Classique, datt een do also kuckt méi ze differenzéieren.

E leschte Punkt - deen ee kéint am Beräich vun den ënneschte Klasse vum Technique situéiere respektiv an enger Etapp vun der Berufsausbildung - ass dee vum Préparatoire. Mir wëssen, datt mer am Préparatoire Schüler hunn, déi sécherlech net kënnen eng akademesch Carrière erschloen. Dat si Schüler, déi schonn am Primaire ganz vill Schwierigkeiten haten, an de sougenannten Haaptfächer, Sproochen, Mathematik. Deene Schüler soll eis besonnesch Opmierksamkeet gëllen, datt mer déi dozou bréngen, datt se op e Level kommen, datt se eng minimal Berufsausbildung kréie respektiv datt se och en Diplom kréien, fir kënnen an e Beruff ze goen.

Och hei muss ee feststellen, datt awer do de Moment nach déi Formation oder deen Ordre d'enseignement, fir et emol esou ze soen, net onbedéngt op d'Berufsausbildung zougeschnidden ass. Wann ech gesinn, datt zum Beispill déi Schüler do nach ronn 14, 15 Stonnen an der Woch Sproochfächer hunn, Mathematik hunn, awer nëmme zwou bis véier Stonne Praxis hunn, da muss mer datt awer eng Kéier op de Leescht huelen a kucken dat grondleeënd ze iwwerschaften.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, déi puer Remarqué gemaach, wéilt ech soen, datt hei sécherlech gutt Usätz sinn, awer nach eng Rei Puzzlestécker an deem ganze Komplex vun der Berufsausbildung feelen. Mir müssen also wëssen, datt déi nach muss bäikommen. Haut den Owend schléisse mer net e Projet of, wa mer dee Projet hei stëmmen, mä haut den Owend geet am Fong geholl d'Arbecht eréischt esou richtig un, fir datt mer och nach déi aner Elementer do kënnen bäiflécken, fir datt mer dat Ganzt och kënnen an der Praxis ëmsetzen.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Domat ass d'Riednerlécht vun den Deputéierten ofgeschloss, an ech géif elo d'Wuert un d'Regierung ginn, un d'Madame Delvaux.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, och ech wéilt Merci soen, fir d'éischt dem Rapporteur fir säi Rapport, fir dee komplizéierte Rapport, an all menge Virriedner.

Och wann ech verstanen hunn, dass net jiddferen heibannen dat Gesetz wäert stëmmen, hunn ech awer eigentlech méi positiv Téin héiere wéi negativer. Positiv am Sënn, dass et e Schrëtt an déi richteg Richtung ass. Fir déi Leit, déi et nach net géife wëssen, wollt ech soen, dass all Gesetz, wat ech hei déposéiert hunn, wat d'Schoul, d'Schoulreformen ugeet, drëm geet, dass mer d'Qualifikatioun vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen, verbessern. Dat ass dat iwwergeuerdnet Zil. Et geet ëmmer doréms: Wat maache mer, fir d'Qualifikatioun méiglechst ze verbessern?

Ech wollt der honorabelen Deputéiert, déi elo hei presidéiert, soen, dass dat selbstverständlech net heescht, dass mer engem en Diplom noheihen, mä et geet drëm, d'Inhalter ze préieren an ze kucken, wat mer maache kënnen, fir dass d'Leit an där Welt, déi ëmmer méi komplizéiert gëtt, esou outilléiert sinn, dass se sech kënnen erëmfannen.

Och dat heite Gesetz iwwert d'Berufsausbildung klasséiert sech an dee Kader fir d'Qualifikatioun ze verbessern. Et gëtt dräi grouss Objektiv: éischtens, d'Formation professionnelle, d'Berufsausbildung ze moderniséieren an ze verbessern; zweetens, an dat läit mer immens um Häerz an ass ganz wichteg, dass ee säi ganz Liewe laang en Accès zur Berufsausbildung huet a kritt; drëtzens, d'Zuel vun den Échecs scolaires ze reduzéieren.

Dat sinn déi dräi Objektiv vum deem Gesetz. Duerfir soen ech, dass et, ech hunn dat Wuert eigentlech net ongär, e Modernisatiounsgesetz ass. Et ass e Gesetz, wat eise Schoulsystem soll moderniséieren. Dat ass wichteg fir eist Land a fir dat iwwergeuerdnet Zil vun der Qualifikatioun. Domadder placéiere mer eis och ganz resolut an d'Stratégie de Lisbonne, wat heescht, dass mer d'Formation ëmmer erëm renouvéléieren an aktualiséieren mussen. Dat ass wichteg fir d'Kompetitivitéit vum Land, et ass wichteg fir d'Kompetitivitéit vun Europa, an et ass wichteg fir déi perséinlech Entfaltung vun de Leit.

Wann dat och oft esou dohinnergestallt gëtt: „Jo, liewenslaang léieren!“, wéilt ech soen, dass dat eigentlech wéi e roude Fuedem doduerch geet, an dat heescht och, dass ee sech muss bewusst sinn, dass, wann een eng Formation net an der Formation initiale kritt huet, et ëmmer méiglech ass, a sengem Liewen déi Formation nozehuelen. Dat hei ass e Gesetz vu Passerellen, wou een de Leit seet: „Gutt, maach elo emol e Stéck vun denger Ausbildung, an du hues all Moment d'Méiglechkeet, fir zréck an de System ze kommen an déi Ausbildung nozehuelen, déi s de an der Formation initiale net gepackt hues.“ Duerfir ass dat esou eppes Wichtiges, an duerfir sinn och Passagen iwwer „liewenslaang léieren“ am Gesetz, ouni dass déi Gesetzter extra opgefouert sinn.

Mir hunn nach virun e puer Wochen hei an der Chamber e Gesetz gestëmmt, alles wat d'Formation continue ugeet. Ech mengen, den INFPC, d'Simplification administrative, den Accès individuel zur Formation, de Congé individuel de formation, d'COIPs-Klassen, alles dat placéiert sech an déiselwecht Perspektiv, ëmmer erëm, dass et muss méiglech sinn, sech säi Liewe laang weiderzubilden a sech weider certifiéieren ze looseren. Allerdéngs, an hei ass d'Häerzstéck vum Gesetz, geet et ëm d'Formation initiale, ëm déi éischt Ausbildung, well mer wëssen, dass, fir richteg kënnen vun der Weiterbildung ze profitéieren, et immens wichteg ass, dass een e méiglechst héije Grad vu Formation initiale huet. Wat ee méi eng héich initial Ausbildung huet, wat ee méi profitéiert vun der Formation continue, dat weisen alleguerten d'Chifferen an d'Statistiken an der Welt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir schwätze jo elo vun der Berufsausbildung. Eigentlech misst ee froen: Ass dat iwwerhaupt nach e Begrëff? Ass net all Ausbildung eng Berufsausbildung? Well déi meescht Leit gi jo an d'Schoul, fir eppes ze léieren, fir dann och hiert Liewen ze maachen. Et gëtt eigentlech keng Ausbildung, déi net zu engem Beruff féiert. An eiser Akzeptatioun vun der Berufsausbildung heescht dat elo eppes ganz Prezises: Dat ass eng Ausbildung, déi organiséiert gëtt zesumme vun der Schoul an de Partner vun der richteger Welt, wann ech därerf esou soen. Souwuel d'Patrone wéi d'Gewerkschaften an d'Chambres professionnelles sinn also staark doranner implizéiert. Dat ass eis Definition vun enger Berufsausbildung. Dat ass eng extra Form, wéi en Unterrecht organiséiert gëtt.

Mä, sot mer emol, e Schoulmeeschter, deen ausgebild gëtt, dat ass eng Berufsausbildung; en Dokter op der Uni ass eng Berufsausbildung. Duerfir wéilt ech hei prezis soen: Wat mer elo definéieren, ass eben déi Form, déi mer hunn, d'Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an der Welt. An ech mengen iwwerregens, dass dat d'Zukunft ass vun der Ausbildung, well mer ëmmer méi déi prestigéieus Schoule gesinn, déi d'Ouverture sichen, déi probéieren, Partner ze fannen, fir dat Praktescht mat deem Theoretischen ze kombinéieren a fir hire Kanner, hiren Enseignant d'Welt opzemaachen an d'Schoul och opzemaache fir dat, wat dobauss geschitt.

Duerfir wollt ech och soen - an dat huet mech e bësse perturbéiert an den Diskussiounen hei virdrun -, et ass wichteg, verschidden Notioune kloerzestellen: Dat féint statt an engem Lycée technique. Deen elo de Moment nach ëmmer Lycée technique ass. Et ass e Lycée. An an engem Lycée technique hu mer e Régime technique. An de Régime technique ass, wann ech dat ka soen, eng normal klassesch Ausbildung, wou een op 7^e ufängt

a mat enger 13^e erauskënn. Déi heescht zwar 13^e, mä ass awer equivalent mat enger Première. Well alleguerten déi Schüler, déi an engem Régime technique, an engem Lycée technique eng 13^e maachen, hunn en Accès op eng Uni, net op eng spezial Uni, mä déi hunn e vollen Accès op eng Uni. An dat ass, mengen ech, wichteg hei ze ënnersträchen.

Duerfir stéiert et mech esou, wann ech Leit hei héieren, déi anscheinend esou am Intérêt vun eise Bierger an eise Schüler schwätzen, an déi soen, et wär eng Zweetklasseschoul.

(Interruption)

Dat ass eng Schoul, déi absolut eng Pist opmécht.

Ech wéilt soen, wat den Haaptënnerscheid ass. Den Haaptënnerscheid sinn d'Exigenzen an de Sproochen. Dat heescht, an eise sougenannte klassesche Premieren ass en immensen Akzent dorop geluecht, dass een Däitsch a Franséisch op praktesch deemselwechten Niveau kann, während bei enger 13^e vum Régime technique, mat där een en Accès zur Uni kritt, et méiglech muss sinn - loosse mer soen -, dass een zwou Sproochen kann, mä dass een an enger Sprooch eventuell manner kompetent wär, fir op d'Uni ze kommen. Dat ass awer deen eenzegen Ënnerscheid. D'Exigenzen an de Sciencé si menger Meinung no méi héich op den 13^e-techniqué wéi op verschiddene Sektione vun der Première classique.

Duerfir wéilt ech dat eng Kéier hei däitlech soen. Wat mer diskutéieren elo, ass dat, wat mer nenne Formation professionnelle, an do distinguéiere mer eigentlech dräi grouss Saachen:

1) d'Formation professionnelle de base

Dat ass eng Offer fir Schüler, déi d'Kompetenzniveauen net erreicht hunn, fir an eng Formation fir den DAP oder Technicien eranzekommen, fir dass déi eng Ausbildung kréien, déi mer dann CCP nennen. Ech wéilt och do d'Wieder erklären. Dat ass e Certificat, dat ass keen Diplom. Deen ass an deem Sënn net qualifiant. Mä et ass awer eng Basis, fir kënnen, wann ee weider Modulë kritt, herno zu engem Diplom ze kommen.

A firwat heescht en „P“? Well et deen Ënnerscheid, deen ëmmer gemaach gëtt tëschent der Praxis an der Theorie, eigentlech net gëtt. Well et gëtt kee Praktiker, deen net och am Theoretischen eppes am Kapp huet. Ech hunn nach ni en Handwierker gesinn, deen nëmme praktesch schafft an deen net gesäit, wat fir een Objet e wéilt maachen. Dat heescht, d'Kompetenze si jo just d'Kombinatioun vun der Theorie an der Praxis an der Motivatioun, fir dat fäerdeg ze bréngen.

2) Da komme mer un d'Kategorie vun den Diplomer. Do ass den Numm geännert gi vun CATP op DAP, well dat e richtegen Diplom ass an net e Certificat. Dat ass also d'Formation professionnelle. Do hu mer zwou Filiären, also den Diplôme d'aptitude professionnelle op där enger Sait an op där anerer Sait den Diplom vum Techniker.

Wat charakteriséiert déi ganz Ausbildung? Éischtens - ech hunn dat gesot - d'Partenariat tëschent der Schoul an de Chambres professionnelles, salariales a patronales.

Dat Zweet, wat déi Formation professionnelle charakteriséiert an all hire Filiären, ass d'Alternance. Dat heescht, do ass ëmmer een Deel vum Unterrecht an der Schoul an een Deel am Betrib. A fir déi Alternance gëtt et zwou méiglech Formen. Dat eent ass de Régime concomitant, wéi mer e kennen. Dat heescht, du bass zwee oder dräi Deeg an der Woch beim Patron an een oder zwee Deeg an der Schoul. Dann ass een am Apprentissage. An déi aner Form vun der Alternance ass de Stage. Dat heescht, ech si meeschtens an der Schoul an ech gi blockweis an e Betrib.

Mä am Gesetz ass net gesot, wéi eng Formationen am Régime concomitant a wéi eng am Stage gemaach ginn. Dat hântk vum Berufsbild of, vum Profil a vun den Opportunitéiten, déi sech stellen.

3) Den drëtten groussen Domän, deen hei wichteg ass, ass, dass mer iwwert d'Acquisitioun vu Kompetenze schwätzen an eben net méi déi Diskussioun hunn, deen do huet elo d'Theorie gepackt an elo muss en nach dat Praktescht maachen. Well nëmme Theorie bréngt een net wäit, an dat Praktescht ouni Theorie geet net. Duerfir ginn déi Saachen ëmmer zesummen an duerfir ass dat dann och - an dat ass hei och vill gesot ginn - modulär organiséiert. Dat heescht, e Module certifiéiert engem, dass een déi néideg Kompetenzen, d'Wëssen, d'Kënnen an de Wëllen huet, fir dann dee Module do kënnen ze hunn.

Wat wichteg ass, e Module, deen een huet, deen huet een. Dat heescht, ech muss net, wann ech ee Stéck net gepackt hunn, dat ganz Joer erëm frësch maachen. Ech hunn dee Module och während enger gewëssener Zäit, deen ass fënnf Joer gutt am Prinzip. Dat heescht, wann ech och zum Beispill main Diplom fäerdeg hunn, ech hunn elo en DAP, ech hunn elo de Moment keng Loscht méi, an d'Schoul ze goen, da sinn déi Modulë gutt an ech kann no puer Joer soen, hei elo maachen ech gär déi Modulë derbäi, fir en Techniker ze ginn oder fir mer den Accès zur Uni ze ginn.

Ech mengen, wichteg ass, dass ee bei allem, wat d'Diplom heescht - Diplôme d'aptitude professionnelle, Diplôme de technicien -, Passerellen huet, fir kënnen säi Liewe laang weiderzéieren. An do ass eigentlech keng Limite no uewen. Do kann een an de BTS goen, et kann een en Doktorat maachen, wann een déi Modulë, déi engem feelen, nomécht. An et huet een Zäit, fir säi Liewen esou ze organiséieren, dass dat och méiglech ass. Dat gëtt also eng grouss Flexibilitéit, wat natierlech och e Problem ass fir d'Schoulen, well déi och müssen da méi eng grouss Flexibilitéit hunn, fir et ze organiséieren. Et ass ouni Zweifel eng grouss Erausforderung fir d'Schoulen.

Ech wollt nach ee Wuert soen zu deenen Examen do, well dat hei esou dorëmmer spukt. Also, wann ech soen, eng Kompetenz hues de, wann s de kanns bewisen an engem Module, dass de d'Theorie an d'Praxis hues, déi definéiert sinn. Natierlech si lauter eenzel Kompetenze keng global Kompetenz. Wann ech d'Beispill vum Bäcker huelen, dee Schlagsahn ka maachen an dann och nach Hiefdeeg an eventuell - wat weess ech? - Crème pâtissière, dann huet deen domadder nach net bewisen, dass en déi ganz Kompetenz huet.

Duerfir ass jo virgesinn, dass e Projet integré gemaach gëtt. Et ass also net esou, dass een einfach nëmme d'Modulë muss zesummen additionéieren, mä jiddferen, fir säin Diplom ze kréien, mécht e Projet integré, wou eben all Kompetenzen zesummen ofgefrot ginn.

Ech wollt och ee Wuert soen iwwert dat verpöntent Allgemengwëssen do. Well do gesot gëtt, jo, an da ginn d'Kanner mat Franséisch an Däitsch doutgeschloen. Ech mengen, dass deene meeschte Schüler a Schülerinnen hire Problem ass, iwwerhaupt emol op eng 10^e ze kommen. De Problem ass: Wéi kommen ech vun der Primärschoul erop bis op 9^e oder respektiv 5^e, fir dass ech kann eng Orientéierung hunn?

Do si mer jo amgaang, eng Monsterarbeit ze maachen, fir d'Kompetenzen ze definéieren, och Filière pro Filière: Wat ass de Profil, deen ee muss hunn, fir kënnen mat Succès an déi Formation ze goen?

Ech wéilt vläicht deene Leit eppes soen, déi ëmmer soen, ech brauch kee Victor Hugo an esou weider, an deen anere brauch net ze wëssen, wien de Goethe ass. Also, ech mengen, jiddferen huet e Recht, fir ze léieren, wann e Loscht huet, wien de Goethe a wien de Victor Hugo ass. Dat ass sécher net e Privileg fir verschidde Leit. Awer mir hu jo Kompetenzen, déi mer definéiert hunn. Mir hunn an de Sproche véier Kompetenzen: Verstoen, Schwätzen, Liesen a Schreiwén. An dat kann ee ganz schéin opdeelen a soen, jiddferen muss deen doten Niveau am Verstoen hunn an en aneren Niveau am Schreiwén. Dat gëtt eis eng Flexibilitéit, déi mer net haten.

Ech wéilt just soen, jiddferen muss kënnen verstoen. De Problem ass, wann een an d'Schoul geet oder och an eng Léier, do muss een eng Sprooch hunn, wou ee gutt genuch ass am Verstoen, well soss huet een nämlech keng Chance, well dat Fachwëssen ass ganz komplizéiert. Ech weess net, ob Der Iech dat schonn ugekuckt hutt, mä dat Fachwëssen ass immens komplizéiert.

Et ass dat, wat mer amgaange sinn ze maachen. An dat Dokument geet des Woch bei eis am Ministère fort. Mir ginn dat an d'Konsultatioun fir d'Schoul. Ech kann der Chamber et gär schécken, wa se hiren Avis och wéilt dozou ginn, mä ech wéilt soen, et muss ee sech Zäit huelen, fir sech domat auserneenzesetzen.

Sou dass ech géif soen, dat ass fir mech elo déi wichteg Arbeit, déi mer amgaang sinn ze maachen.

Eng Saach, déi nach ganz wichteg ass an déi zu där ganzer Perspektiv gehéiert, ass dat liewenslaangt Léieren. Mir hunn am Gesetz hei d'Validation des acquis verankert. Dat heescht, et geet jo net duer, fir zu engem ze soen: Du kanns dech d'ganz Liewe laang weiderbilden, du kanns op d'Uni goen, du kanns Diplomer

Mardi,
18 novembre 2008

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung

live an integral

mat enger Rediffusioun

all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

maachen. Vill Leit léieren iwwert d'Praxis, a mir soen dann net zu hinnen: Du muss elo beim Module 1 ufänken an dann déi 35 Modulë maachen, déi s de braucht, fir zu dengem Diplom ze kommen; mä du kanns soen: Ech hunn déi Berufserfahrung, ech hunn déi heiten Aktivitéite gemaach. Da kann een dat dokumentéieren an da kritt een en Deel oder alles vun deem, wat een als Kompetenz huet, unerkannt, fir méi schnell en Diplom ze kréien.

Also, ech si wierklech frou, dass dat Gesetz haut gestëmmt gëtt. Et ass en Zukunftsmodell fir eis Schoul, fir d'Berufsausbildung.

Et ass och gesot ginn, dat ass fir d'Rentrée 2010/2011. D'Gesetz muss awer direkt en vigueur goen, déi verschidden Dispositionen, well et ass, wéi Der alleguete gesot hutt, immens vill Preparatioun ze maachen. Wann elo d'Gesetz gestëmmt ass, geet d'Aarbecht um Terrain jo weider. Et sinn honnerte vu Leit an Aarbechtsgruppen amgaangen, déi Profiler opzestellen vun deene ville Beruffer. Mir loosse eis och dobäi begleet vum „Bundesinstitut für Berufsbildung“ a vun der Universitéit St. Gallen, fir dat alles op de richtige Wee ze kréien. D'Erwaardunge sinn héich un all déi Leit, déi dorunner schaffen an déi schonn dorunner geschafft hunn, an dat si souwuel Enseignanté wéi d'Leit vun de Berufschamberen, wéi d'Leit aus de Beruffer, d'Patronen, d'Gewerkschaftler, déi do zesumme sinn.

Ech wollt nach eppes soen zur Orientatioun, domadder wär ech fäerdeg zu dem ganze Gesetz. Dann ass mer awer nach eng Fro gestallt ginn, an et sinn Amendementer hei eragi ginn. Ech muss soen, dass ech e bësse perplex sinn, well ech mengen all Deputéierten, et ass jo keen Neie méi heibannen - déi Neitst si jo elo scho bal fénnef Joer hei -, wëssen, dass, wann...

» **Une voix.** - Den Här Etgen ass nei.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Den Här Etgen huet keen Amendement hei déposéiert.

...een an der Plénière en Amendement déposéiert, dass ee sech jo dann net erwaart, dass dat gestëmmt gëtt. Dofir sinn ech paff, dass déi Amendementer elo kommen. Wa se hätten e Sënn sollen hunn, da wär et jo méi sënnavoll gewiescht, si wäeren an der Kommissioun komm. Do si se verworf ginn. Ausserdem si mer elo zwee Joer amgaang heiriwwer ze diskutéieren.

Ech wollt just hei nach zur Berufsorientierung soen...

» **Une voix.** - An ech wollt och just soen, datt dat hei nach ëmmer erlaabt ass.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Jo, mä all Minister huet wahrscheinlech och d'selwecht drop reagiert. Dofir wäert ech déi Chance jo och hei kréien.

D'Madame Brasseur huet gefrot, wéini d'Gesetz iwwert d'Berufsausbildung géif kommen.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Iwwert d'Orientatioun.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Iwwert d'Orientatioun. Mir hu jo laang an der Kommissioun iwwer all d'Saachen diskutéiert. Ech mengen, dat hei ass e Gesetz, wou sech Zäit geholl ginn ass dofir, an ech wëll lech soen, dass ech och verstinn, dass een d'Regierung gär e bëssen op den Arm hält a seet: „Elo maache si e Projet pilote, aha, an da ginn déi e puermol an d'Schoul.“

Ech wëll soen, dass dat, wat hei prônéiert gëtt, fir déi Vernetzung ze maachen téschent deenen eenzelne Ministèren, précisément dat ass, wat mer am Projet pilote maachen. An et ass och net esou, dass déi Leit elo zesummen eemol en Optrëtt hunn, mä déi sëtze regelméissig an der Schoul, zweemol an der Woch. Si sëtze regelméissig an deene Schoulen, déi elo am Projet pilote dra sinn. Mir hunn och doraus

Konklusiounen gezunn. Dat, wat mer éischtens erausgezunn hunn, dat ass, dass, wann d'Klassen net preparéiert gi vun hiren Enseignanten, dann ass et zimlech onnëtz fir héich qualifizéiert Leit stonnelaang an d'Schoule sëtzen ze goen, dat heescht mir mussen d'Enseignanté mathuelen.

Zweetens bräichte mer qualifizéiert Leit, déi och déi richteg Äntwert ginn, fir dass net dat virkënt, wat, mengen ech, den Här Spautz gesot huet, dass deen een eppes seet, wat falsch ass. Dat heescht, mir mussen d'Leit ausbilden, an dofir si mer amgaangen e Plang ze maachen, wéi vill Leit mer bräichten, fir déi Maisons de l'orientation do sënnavoll auszustatten. Mir musse se rekrutéieren, mir musse se forméieren. Da brauche mer, wat Der richteg gesot hutt, en Observatoire, fir ze wëssen, wat mat deene Leit geschitt, déi mer ausbilden. Domat si mer amgaang am INFPC, deen huet déi Aarbecht kritt. Dat dauert och eng gewëssen Zäit, bis mer genau déi Informatiounen do zesummen hunn.

An da wëll ech lech als Lescht soen, wat Dir alleguete ganz richteg bemierkt hutt, dass dat ganz fréi ugeet, an der Primärschoul. Dat geet effektiv u bei der Orientierung am 6. Schouljoer. Elo kann ee soen, am Prinzip sollte mer dat net am 6. Schouljoer maachen. Allerdéngs gëtt do gekuckt - an dat ass eigentlech déi éischt Orientatioun, déi mer mat de Kanner maachen, a wou all Kand en Test gemaach kritt -, wou seng Stärkeren a wou seng Schwächeren sinn. Mir probéiere se esou ze orientéieren, dass mer hinnen eppes roden, wat hinnen déi gréisste Chancë gëtt, fir an hirer Schoulcarrière ze réusséieren an herno dann och hire Wee ze fannen.

Dofir gëtt jo „Éducation au choix“ an de Schoule gemaach, mat méi oder manner Succès. Alles ass verbesserungsfäeg, mä ech mengen net, dass et duerget, ee Gesetz ze stëmmen, wa mer eis d'Outilen net ginn. Dozou gehéiert notament d'Informatioun ze hunn an d'Leit auszubilden, fir se an d'Schoulen ze schécken.

Esou Rieden, wou gesot gëtt, dat do ass eng Zweetklassschoul, sinn natierlech immens hëllefreich fir...

» **Une voix.** - Et ass dat, wat d'Leit do bausse soen.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Jo, mä mir sollten dat hei net esou weider véhiculéieren, well dat ass falsch. Ech kennen Unisprofessoren, souguer op der Uni Lëtzebuerg, déi net duerch de classes Lycée gaange sinn, déi am Régime technique eng 13^e gemaach hunn. Ech mengen, dass mer dat sollte méi ervirsträchen, dass dat e Wee ass, deen engem et erméiglecht, fir zu enger Qualifikatioun ze kommen. Mir wëssen aus all den Etüden, dass all Schüler, dee Progressioun mécht, dat heescht, dee sech kann no uewe schaffen, vill méi eng grouss Motivatioun huet a besser Resultater. Dofir denken ech, dass mer all déi Efforten an déi Richtung sollten ënnerstëtzen.

Ech ginn net midd, déi wichteg Roll vun der Schoul ze ënnersträchen, mä wéi jiddfere weess, Dir esougutt wéi meng Virgänger a wéi ech, soll een dat net iwwerschätzen, well wat d'Influenz op d'Décisioun iwwert d'Orientatioun scolaire esougutt wéi d'Orientatioun professionnelle ugeet, do ass d'Elterrenhaus an d'Familljenëmfeld vill méi wichteg wéi dat, wat an der Schoul gesot gëtt. Dofir ass et wichteg, positiv Biller vun all eisen Ausbildungsweeer ze maachen. Esou vill zu dësem Projet.

Ech wëll nach eng Kéier Merci soen a freee mech, dass dat Gesetz gestëmmt gëtt.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. D'Wuert huet elo d'Madame Brasseur.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Ech si ganz frou, dass d'Madame Unterrichtsminister elo e Succès hei ze verzechnen huet, well mat deenen anere Projekte schéngt dat jo net gradesou virunzegoen.

Dir hat ugesat mer ze äntwerten, wou de Projet iwwert d'Berufsinformatioun an d'Berufsorientierung dru wier. Dir hutt

dunn awer eng Klammer opgemaach an Dir hutt dat net bis zum Schluss ausgeféiert. Duerfir wier ech frou, wann Der mer déi Äntwert kéint ginn.

» **M. le Président.** - Här Oberweis, wann ech gelift.

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Merci, Här President. Madame Ministesch, an Ärer Ried ass öfters duergheklongen, dass Der eng Kéier vun der 5^e geschwat hutt, wann Der de Classique ugesprach hutt, an eng aner Kéier d'9^e, wann Der vum Technique geschwat hutt. Ech fannen, et wär awer elo Zäit, no 30 Joer, deen Anachronismus aus der Welt ze schafen.

Meng Fro ass dofir déi: Wéini hale mer op, dass mer déi eng jonk Leit op eng Première eroplaf loosse, an déi aner op eng 13^e eroplaf loosse? Ech mengen, do läit dee grouse Malaise dran, dee mer haut de Metten ëmmer erëm erausspieren.

Mir mussen eng Kéier de Courage hunn, an dat no 30 Joer, ze soen, „kommt mer schafen eng Première terminale fir all d'Kanner“, dann hält de Spaass an och dat Geschwätz op.

Nach e Wuert dozou: A mengem fréiere Liewen als Professor hunn ech jonk Leit ausgebild, déi aus enger 13^e komm sinn, déi haut gestanen erwuesse Leit sinn an an der Berufswelt hire Mann respektiv hir Fra stellen. An ech sinn immens houfreg dorop.

Merci villmools.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Madame Minister, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Also zur Fro vun der Mme Brasseur, do hat ech vergiess meng Gedanke fäerdeg ze formuléieren. Ech wollt lech nach soen, dass mer amgaang sinn den Inventaire ze maache vun deene Leit, déi mer bräichten, an deene Profiler, déi mer brauchen, fir dann e Gesetz kënnen zesummen ze déposéieren. Wann ech dat realistesch aschätzen, da mengen ech net, dass dës Regierung dat nach déposéiert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Gesitt Der, da maachen ech et awer.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Neen, ech mengen net. Mir kënnen eis vläicht duerchréngen, fir et ze déposéieren, mä ech ginn dem Fait, dass dat nach géif gestëmmt ginn, net vill Chancen. Wa mer eis zesummesetzen, da kréie mer et och nach vläicht virun.

Ech si mat dem Här Oberweis sengen Aussoen d'accord, well ech hunn dat jo ganz genee observéiert. Ech hunn hei schonns e Gesetz iwwert d'Primärschoul déposéiert - an et sollt ee sech net ze fréi freeën, Mme Brasseur, iwwert dat, wat nach gestëmmt gëtt a wat net méi gestëmmt gëtt -, an ech wollt nach soen, dass ech eigentlech kee Gesetz déposéiert hunn iwwer eng Reform, wat de Postprimaire ugeet. Mir hunn d'Primärschoul, mir hunn eenzel Lycées pilotes, an dann d'Berufsausbildung. Wann ech d'Méiglechkeet hunn, dat nach weiderzeféieren, ass fir mech deen nächste Schrëtt, an dat hu mer jo ugekënnegt, d'Reform souwuel vum Technique wéi och vum Classique ze maachen. Dat ass den nächste Chantier, deen am Ugrëff ass, an do gehéiert dat dann dran.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Debatten ukomm. Mir kommen elo zu den Ofstëmmungen.

Amendement 1

Fir d'éischt den Amendement, dee vun der Madame Loschetter déposéiert ginn ass. Deen ass vun engem ënnerschriwwen. Hei sinn der véier, déi dat mat ënnerschreien. Dann ass et gutt, dann ass den Amendement recevabel.

Mir stëmmen elo of iwwert den Amendement 1.

Vote

Den Amendement 1 ass verworf mat 38 Nee-Stëmmen, bei 21 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Eugène Berger), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz,

Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Clement), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro).

Mir kommen dann zum Vote vum Projet de loi an där Form, wéi e vun dem Rapporteur a vun der Kommissioun hei proposéiert ginn ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Regierung ass net méi do. Ech wollt der Madame Delvaux soen, dass hire Projet de loi mat 53 Jo-Stëmmen, bei 7 Nee-Stëmmen a kenger Abstentation ugeholl ginn ass.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Clement), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Body);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. François Bausch) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten. Déi nächste Sitzung ass muer de Mëttag um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.26 heures)

Présidence: **M. Lucien Weiler, Président**
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Sommaire

1. Débat sur la politique européenne et étrangère

- *M. Laurent Mosar, M. Charles Goerens, M. Ben Fayot, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, Mme Lydie Err, M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration (à qui M. Charles Goerens pose une question), M. Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration (M. Aly Jaerling intervient)*

2. 5752 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées, signé à Luxembourg, le 24 février 2006

5753 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérale d'Allemagne concernant la protection réciproque des informations classifiées, signé à Berlin, le 17 janvier 2006

5841 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lettonie concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées, signé à Luxembourg, le 13 septembre 2007

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel*

- *Vote sur les trois projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*

3. 5910 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet 1. le développement et la diversification économiques 2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie

- *Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports: M. John Castegnaro*

- *Discussion générale: M. Aly Jaerling*

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

» M. le Président. - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Merci, Här Minister.

Da komme mer direkt zum Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass d'Diskussioun iwwert d'Deklaratioun, déi den Här Ausseminister Jean Asselborn gëschter der Chamber gemaach huet. An d'Debatte si bis elo ageschriwwen: den Här Mosar, den Här Goerens, den Här Fayot, den Här Henckes, d'Madame Err an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo den éischte Riedner, den honorabelen Här Mosar.

1. Débat sur la politique européenne et étrangère

» **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här Président, Dir Dammen an Dir Hären, d'Debatt iwwert d'Aussepolitik gëtt eis all Joer d'Geleeënheet, e Réckbléck iwwer Evénementer ze maachen, déi eis an deene leschte Méint um aussepolitische Plang ganz besonnesch beschäftegt hunn. Doriwwer erass erlaabt et eis awer och, en Ausbléck ze maachen op déi Aufgaben, déi aussen-awer och ganz besonnesch europapolitesch op eis wäerten zoukommen. An dës Aufgabe wäerten an deenen nächste Méint ganz besonnesch zolidd sinn.

Well eis Riedezäit de Mëtteg begrenzt ass, wëll ech duerfir keen, wéi dat esou üblech ass bei dësen Debatten, aussepolitischen Tour du monde mat lech maachen, mä mech op e puer wesentlech Punkte konzentrieren. Esou wäert ech net méi op d'Bezéiungen tëschent der Unioun a Russland an deen domat zesummenhängende Kaukasuskonflikt agoen, well mer jo schon

an deene leschte Wochen a Méint e puermol am Kader vun Aktualitéitsdebatte Geleeënheet haten, eis Meinung doriwwer ze soen.

Ech wäert mech och aus deeneselwechte Grënn haut net mat der Zukunft vum Balkan beschäftegen an och net weider am Detail op de Konflikt an Noen Osten agoen.

Dat heescht allerdéngs net, dass an deene Regiounen vun der Welt d'Gefor vun engem Lassbrieche vun der Kris méi kleng gi wier, an dëst gëllt ganz besonnesch fir d'Kaukasusregioun.

Ech wäert, wéi ech et elo just gesot hunn, och net am Detail mech mat de Bezéiungen tëschent der Europäescher Unioun a Russland beschäftegen, mä erlaabt mer awer just heizou e puer kuerz Bemerkungen. Ech hu mat Satisfaktioun dem Ausseminister nogelasschert a verstan, dass d'Regierung, awer och d'Europäescher Unioun weider un hirer Politik vun Dialog mat Moskau wäerte festhalen. Russland muss e wichtige Partner fir d'Europäescher Unioun bleiwen, well et geet hei ëm d'Sécherheet an d'Stabilitéit an där ganzer Regioun.

Gutt Bezéiunge mat Russland heeschen awer net, dass d'Europäescher Unioun d'Ofhängegkeet vun Uelech- a Gasexporter net weider muss reduzéieren, well déi aktuell Ofhängegkeet vum russesche Gas ass op Dauer net gesond fir eng geséchercht onofhängeg europäesche Energiepolitik.

Mir ënnerstëtzen duerfir och weider, dass dat Partnerschaftsofkommen tëschent der EU a Russland zustane kënn. Ech mengen, den Europäescher Unioun-Russland-Sommet virun e puer Deeg huet do déi richteg Akzenter gesat.

An deem Kontext wëll ech elo nach eng Kéier ënnersträichen, dass ee souwuel mat enger NATO- wéi awer och EU-Memberschaft vu Georgien, awer och vun der Ukraine muss virsichteg sinn an eleng och wéinst deene sensibele Relatiounen mat Russland näischt dierf iwwerstieren.

Här Präsident, ech wëll mech haut duerfir a menger Interventioun haaptsächlech mat

der Zukunft vum Lissabonner Vertrag an domat natierlech mat de Perspektive fir en Europa méi no beim Bierger beschäftegen, duerno op d'Chancen no der Wiel vum Barack Obama fir eng Verbesserung vun den transatlantesche Bezéiunge kucken, a schlussendlech op de Konflikt am Kongo agoen, dee riskéiert, zu enger humanitärer Katastroph ze féieren.

Erlaabt mer awer ganz am Ufank vu menger Interventioun, dem Ausseminister Jean Asselborn Merci ze soe fir déi Aart a Weis, wéi en d'Lëtzebuurger Aussepolitik duerstellt, awer ganz besonnesch och dofir, wéi d'Chamber a ganz besonnesch d'aussen- an d'europapolitesche Kommissioun an d'Iwwerleeunge vun der Regierung agebonne ginn.

An dëse Merci wëll ech natierlech och de Kooperationsminister Jean-Louis Schiltz an den delegierten Ausseminister Nicolas Schmit aschleissen, déi eis ëmmer Ried an Äntwert an der zoustänneger Kommissioun stinn.

Här Präsident, dëst gesot wëll ech mech da fir d'éischt mat europapoliteschen Theme beschäftegen, well nun emol - an den Ausseminister huet dat gëschter och nach eng Kéier ënnerstrach - fir eist Land Aussepolitik virun allem a fir d'éischt Europapolitik ass.

Wéi geet et viru mat der Ratifikatiounsprozedur vum Lissabonner Traité, nodeem d'Irlännescht Vollek am Referendum Neen zu deem Traité gesot huet?

Ech mengen, dass et an Europa e Konsens gëtt, dass een den Ire muss Zäit ginn, fir an engem neie Referendum déi negativ Décisioun ëmzebéien. Allerdéngs mussen d'Ire selwer en Zäitplang fir esou en neie Referendum festleeën. A virun allem mussen awer och d'Konditiounen an Irland geschaf ginn, fir dass et bei esou engem Referendum zu engem kloer Jo fir de Lissabonner Traité kënn, well en neien Nee kéint d'Enn vun dem Traité vu Lissabon, zumindest an der aktueller Form, bedeiten.

Ech sinn duerfir och iwwerzeegt, dass et kee Sënn mécht, den Drock op d'irescht Vollek ze vill ze verstärken, fir dass se an engem kuerzen Zäitraum an engem neie Referendum iwwert de Lissabonner Traité sollten ofstëmmen.

Ech deelen och hei d'Meenung vum Ausseminister, dass d'Finanzkris u sech d'Chancé fir e Jo bei engem nächste Referendum an Irland wesentlech verbessert huet, an d'Sondagen, déi an de leschten Deeg an Irland gemaach gi sinn, schéngen dat jo och ze ënnermaieren.

Et ass fir mech kloer, dass et sécherlech zu kengem Referendum méi wäert komme virun den Europawahl vum Juni 2009, sou dass mer realistescheweis dovu mussen ausgoen, dass déi nächste Europawahlen ënner dem Traité vun Nice wäerten iwwert d'Bühn goen, wat awer, contrairement zu deem, wat verschidden europäesche Stëmmen eis wëlle weismaachen, wäit vun engem katastrophen Zeenario fir d'Europäescher Unioun ewech läit. Den Traité vun Nice mécht och eng Adhésioun vu Kroatien net onméiglech, och wann et sécherlech wesentlech méi einfach wär, wa mer de Lissabonner Traité alleguerter ratifizéiert hätten. Awer och den Traité vun Nice erlaabt et der Europäescher Unioun, weider handlungsfäeg ze sinn, an dat och iwwert d'Europawahl vum Juni 2009 erass.

Här Präsident, nach muss mer awer hannerfroen, wat déi déiwer Ursache si vun deem ëmmer méi groussen demokrateschen Defizit, dee grouss Deeler vun eise Bevëlkerung par rapport zu Bréissel verspiieren.

Geet et hei nëmmen ëm e Problem vu falscher oder schlechter Kommunikatioun vun der Politik vun europäeschen Institutionen? Stellt sech net doriwwer erass d'Fro iwwert d'Suergen, déi grouss Deeler vun eiser Bevëlkerung mat enger ëmmer méi grousser Politisatioun vun de Kompetenzen vun der Europäescher Unioun säit Maastricht am Joer 1992 hunn?

Sécherlech sinn ëmmer méi Bierger mal à l'aise vis-à-vis vun engem europäesche Pouvoir politique, op dee se keen Afloss mengen ze hunn a wou se ëmmer méi Schwierigkeeten hunn, Décisiounen nozevollzéien, déi sech wesentlech méi mat wirtschaftleche Froen beschäftegen, wéi mat de Bierger hiren alldeeglechen Uleiessen.

Säit de Réimesche Vertrag huet den Droit communautaire ëmmer d'Tendenz gehat, d'Bierger als en Unhängsel vun den Entrepreneuren ze considéieren, mat dem Resultat, dass dës Entreprisé wesentlech vun der Schafung vum gemeinsame Maart profitéiert hunn, d'Bierger selwer awer net verstanen hunn, wat fir si d'Avantagé vum Espace unique wieren.

Wann d'Präisser zum Beispill vun engem Produkt oder engem Service ëm 20% variéieren tëschent deem engen an deem aneren EU-Membersland, wann e Bierger, deen an deem enge Land schafft, Problemer huet, seng sozial Rechter a säi Residenzland ze transferéieren, wann en anere Bierger seng Diplomer, déi en an deem enge Land krit, an deem aneren net unerkannt krit, brauch ee sech net ze wonneren, wann ëmmer méi Bierger sech Froen stellen iwwert de Fonctionnement vun Europa am Kontext vun hirem deegleche Liewen.

Et géif sécherlech ze wäit féieren, haut an hei op d'Ursaachen anzegoen. Mä sécherlech ass ee vun de Grënn heivun, dass Europa et net fäerdeg bruecht huet, d'Explosioun vun der Mobilitéit vu senger Bierger innerhalb vu senger Grenze säit 20 Joer schnell genuch ze assimiléieren an hei der Evolutioun hannendruleeft.

Derbäi kënn, dass d'Europäescher Unioun a verschiddenen Domänen enger regelrechter Regulatiounsbüro ënnerläit, déi vill Bierger zu Recht net kënnen novollzéien. E besonnesch negatiivt Beispill heivun ass déi ganz rezente Diskussioun iwwert déi sougenannten „plakeg Scanneren“, déi op de Flughäfen sollen agesat ginn, wat géif mat sech bréngen, dass d'Intimsphär vun de Bierger awer nu komplett géif ënner d'Rieder kommen. An ech begrëssen duerfir och, dass de lëtzebuergeschen Transportminister direkt e Riedel virun esou Scanneren op eisem Flughafen virgeschuewen huet. Dëst ass e gutt oder e schlecht Beispill, dat hänt vum Brëll of, deen een hei wëllt undoen, mä deen op jidde Fall den Europaskeptizismus vu ville Bierger dobaussen nach verstärkt.

Op där anerer Säit muss een awer och hannerfroen, ob d'Bierger prett sinn, nach méi eng grouss Kompetenziwwerdroung un d'Europäescher Unioun ze akzeptéieren. Wa mer zum Beispill eis alleguerter heibannen eens sinn, fir méi e soziaalt Europa ze fuerderen, wat den eenzelne Bierger besser vis-à-vis vu gewëssenen Abusé schützt, si mer da sécher, dass déi skandinavesch Länner, Frankräich oder England, fir nëmmen déi ze nennen, och domat d'accord sinn, d'Definitioun vum Aarbechtsvertrag, d'Aarbechtszäit an all sozial Rechter, déi domat zesummenhängen, u Bréissel ofzetrieden?

Wa mer op gewëssene Pläng net méi richteg mat der europäescher Konstruktivitioun virukommen, ass dat ganz einfach, well eng Majoritéit vu Memberlänner net méi wëllt, dass Europa weider avancéiert. Ech mengen dofir ganz éierlech, an ech soen dat och als e ganz iwwerzeegten Europäer, dass et am Moment unrealistes ass, en enger Erweiderung vun de Kompetenzen vun der Europäescher Unioun festzehalen, zumindest an engem Europa vu 27 a vläicht vu muer 28 Staten. Déi extrem grouss Ënnerscheeder vun deene verschiddene Liewensniveaue an Sozialmodeller an Europa erlaben eng Erweiderung zumindest am Moment net.

Wat mir par contre brauchen, ass dem Bierger erëm d'Gefill ze ginn, dass d'Europäescher Unioun op déi grouss Erausforderunge vun eiser Zäit Äntwerten huet. Europa muss et einfach erëm fäerdeg bréngen, sech mat den Alldagsproblemer vu senger Bierger ze beschäftegen, an do gëtt et fir mech, an deenen nächste Joren, dräi Erausforderungen, op déi d'Europäescher Unioun muss Äntwerte fannen. Dat ass natierlech an éischer Linn d'Finanzkris, dann den demographeschen Wandel, an dann natierlech och d'Konsequenze vum Klimawandel.

Ech hunn haut an hei net d'Zäit, op all dës Erausforderungen anzegoen. Erlaabt mer awer just, der Aktualitéit halber, e puer Wuert hei iwwert d'Finanzkris ze verléieren. Wann ech virdru vun demokrateschen Defizit geschwat hunn, deen ëmmer méi Bierger par rapport zu Bréissel ëmfannen, kann d'Finanzkris, an engem gewëssene Sënn, och eng grouss Chance fir d'Europäescher Unioun duerstellen. Eng Kris kann nämlech, wa se da richteg ugepaakt gëtt,

och d'Virdeeler vun engem staarken Europa dem Bierger erëm méi no bréngen.

Allerdéngs setzt dat viraus, dass d'Europäesch Unioun net nëmme Léisunge wäert proposéieren, mä och capabel ass, des Léisungen an engem kuerzen Zäitraum ëmzesetzen. Wann d'Unioun et fäerdeg bréngt, an dese schwierigen Zäiten déi richteg Léisunge virzeschloen an och duerchzesetzen, kann dat och dozou bäidroen, dass d'irescht Vollek an engem nächste Referendum vläicht erëm méi positiv par rapport zu Europa wäert stoen, an d'Beispill vun Island ka jo och dozou bäidroen, den Ire bäizebréngen, dass hir Zukunft an, an net ausserhalb vun Europa läit.

Wat elo d'Finanzkris selwer betrëfft, wäert et sécherlech net un Europa leien, ganz eleng de gesamten amerikanesche Finanz- a Bankesystem ze retten. Well wa mer eis och alleguerten hei eens sinn, dass d'Ursach, a besonnesch d'Häerz vun der Kris op der anerer Säit vum Atlantik läit, ass et dach och net esou, dass Europa nëmme Zuschauerin oder en indirekt Affär vun deser Kris ass. Och déi europäesch Finanzinstituter hu sech voll un deser „Subprime Bull“ bedeelegt, iwwert de Gebrauch vu Kreditderivater an de Finanzement vun de Banken iwwert de fräie Maart.

Och wann déi europäesch Regulatiounsmechanisme méi virsiichteg si wéi déi amerikanesch, esou muss een dach agestoen, dass si gradesou wéineg a mëme waren, déi Kris ze antizipéieren respektiv hir Konsequenzen ofzefiedere, wéi dat an de Vereenegte Staten de Fall war. Fir mech ass et dann och kloer, dass d'Europäesch Unioun kann a muss méi eng grouss Roll am internationale Finanzsystem, a ganz besonnesch a senger Regulatioun spillen. Europa kann net eleng de Vereenegte Staten des Regulatioun iwwerloossen.

Ech muss och soen, dass déi Mesuren, déi de leschte Weekend zu Washington am Kader vum G20-Sommet zréckbehale gi sinn, an déi richteg Richtung ginn a mech och méi optimisteschem stëmmen, dass d'Europäesch Unioun, zesumme mat de Vereenegte Staten an deenen anere grouss Wirtschaftsnatiounen, et wäert fäerdeg bréngen, zesumme déi Äntwerten ze ginn, déi zu enger méi effizienter Regulatioun vun den internationale Finanzmäert wäerte féieren.

Souwuel um geopolitische wéi um finanzielle Plang maachen déi amerikanesch Schwierigkeeten Europa eng Fënster op, an et ass wichteg, Här Ausseminister, dass d'Europäesch Unioun vun deem oppene Fënster profitéiert, ier zum Beispill déi grouss asiatesch Wirtschaftsmuechten déi Fënster erëm zoumaachen. Des Finanzkris biit also Europa eng Chance ze beweisen, dass déi bestoend Institutiounen d'Léisunge kënnen op den Dësch leeën an déi och ëmsetzen, an domat de gesamteuropäesche Raum esou schnell wéi méiglech aus dem Tunnel vun der Kris, a souguer aus deem vun der Rezessioun erëm wäerten erausbréngen.

Här President, dëst setzt allerdéngs viraus, dass all Institutiounen, an net nëmme den europäesche Conseil, hir Roll hei voll spillen. Erlaabt mer do ze soen, dass et net schrecklech gutt fannen, dass d'Europäesch Kommissioun an deene leschte Wochen an der Finanzkris anscheinend hiert Wuert verluer huet an der franséischer Presidentschaft d'Initiativ ganz eleng iwwerlooss huet. Dëst ass net gesond fir d'Gläichgewicht tëschen den europäeschen Institutiounen, an ech hoffen, dass den Här Barroso, mat senger Kommissioun, erëm schnell seng Sprooch wäert erëmfannen.

Wann ech vun der Finanzkris als eng Chance fir d'Europäesch Unioun geschwat hunn, wëll ech awer d'Risiko vun esou enger Kris op Europa net ënnerschätzen. Wann et nämlech - trotz den Efforten, déi an de leschte Woche vun der franséischer Présidence an och vun deenen nationale Regierung geholl gi sinn, fir géigensteieren - awer géif zu enger déiwer Rezessioun an der Europäescher Unioun kommen, esou kéinten d'Konsequenze fir d'Kohesioun vun Europa dramatesch ginn.

Här President, déi lescht Deeg hu mech awer eigentlech méi positiv gestëmmt, well ech fannen, dass Europa, an déi allermeeschte Memberlänner, op eng koordinéiert Aart a Weis déi richteg Décisiounen an der Finanzkris geholl hunn, andeem se deene sougenannte systemesche Banke Kreditter a Garantien zur Verfügung stellt hunn an domat de gesamte Banken- a Finanzsystem konsolidéiert hunn. Schlussendlech huet och d'Zentralbank hir Responsabilitéit geholl, andeem si déi néideg Liquiditéiten an den europäesche Bankesystem gepompelt huet, dëst och a Koordinatioun mat allen aneren europäeschen an och aneren Zentralbanken.

E kleng Bémol, deen ech allerdéngs an der Gestiou vun deser Kris ëmfannen, ass deen, dass déi franséisch Présidence déi schlecht Ugewunnecht huet, déi kleng Länner an den Eck ze drécken, wat net onbedéngt d'Harmonie an der Europäescher Unioun verbessert. An och d'Absence vum President vum Eurogroup, vun eise Premier Jean-Claude Juncker, um Sommet zu Washington ëmfanne mir als net besonnesch glécklech. Nämlech nëmme, wann all Länner, déi grouss an déi kleng, an d'Prise de décision agebaut ginn, wäerte mer och gemeinsam e Wee aus där Kris erausfannen.

Wat elo d'Diskussiounen an déi konkret Resultater vun deem G20-Sommet zu Washington treffen, stëmme se mech éischer optimisteschem, allerdéngs ënner der Viraussetzung, dass och alleguerten déi Moosnamen, déi elo do diskutéiert an zréckbehale gi sinn, esou schnell wéi méiglech, souwuel um Niveau vun der Europäescher Unioun an hiren eenzelne Memberlänner wéi och an de Vereenegte Staten an an deenen anere wichtige Wirtschaftsnatiounen, ëmgesat ginn.

Mat fromme Wënsch geet et eleng allerdéngs net duer. Elo mussen Neel mat Käpp gemaach ginn, an do ass et wichteg, Här Ausseminister, dass d'Europäesch Unioun eng absolut Leaderroll spillt. Ech hu mat Opmierksamkeit dem Ausseminister seng Ausféierungen zum Bankgeheimnis nogelauschert, an ech si mat him eens, fir festzhalen, dass duerch déi Finanzkris, an obsonn d'Bankgeheimnis sécherlech net ee vun de Grënn vun deser Kris ass, dach den Drock op Lëtzebuerg an deenen nächste Méint wäert méi grouss ginn.

Erlaabt mer och heizou eng kuerz Remarque. D'Aart a Weis, wéi déi däitsch Regierung, a besonnesch den Här Steinbrück, awer och de franséische President iwwer europäesch Noperstater hiergefall sinn, andeem se se an den Donstkreuz vu Steieröasen a Geldwäscherei gestallt hunn, ass net nëmme inakzeptabel an deene Regierung vun deene Länner onwierder, mä et wäert si och kee Millimeter weiderbréngen am europäesche Steierdossier. D'Manéier, wéi hei mat klengen europäesche Partner ëmgaange gëtt, léisst dach déif blécken a wäert sécherlech net zu méi Europabegeescherung vun de Bierger, an deenen an an anere Länner, féieren.

Ech deelen och dem Minister seng Aschätzung, dass, wat d'Zënsbesteierungsdirektiv betrëfft, et wichteg ass, dass do um Niveau vum Échange d'informations näischt wäert änneren. Allerdéngs muss een am Detail kucken, wat d'Extension vum Champ d'application, souwuel wat d'Gesellschaft wéi awer och d'Produitë betrëfft, fir Lëtzebuerg am Kloertext bedeit. Mir haten en éischen Échange de vues mam zoustännege Minister Luc Frieden an der Finanzkommissioun a mir wäerten och intensiv des Dossier an deenen nächste Woche weiderverfollegen.

Ofschléissend zu der Finanzkris géif ech mer dann erlaben, d'Hoffnung auszedrücken, dass - wann a 50 Joer eng Kéier d'Geschicht vun deser Finanzkris geschriww gëtt - et déi war, déi an der Europäescher Unioun geschriww gëtt, dass et dann déi war, déi der Europäescher Unioun erëm déi Impulser ginn huet, déi Europa op de Wee vum Wuesstum zréckbruecht hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann elo mech mam nei gewielten amerikanesche President an de Chancen op e bessert Klima an de Bezéiungen tëschen de Vereenegte Staten an der Europäescher Unioun befaassen.

Deen nei gewielten amerikanesche President Obama genéisst an Europa, an iwwer Europa eraus a groussen Deeler vun der Welt, en enorme Vertrauensvirschoss.

Ënnert deem nach aktuelle President sinn Amerika an Europa sech ëmmer méi friem ginn, well den amerikanesche President mat senger Tendenz zu Alleingäng a Koalitiounen vun de Wëllegen d'Eenheet vum Westen op d'Spill gesat huet.

Beim nei gewielten President Obama ass et kloer, dass hie vun Ufank un op de Multilateralismus gesat huet, wat bedeit, dass am Prinzip ënner engem President Obama déi Vereenegte Staten eigentlech misste méi europäesch ginn.

Allerdéngs wäert dat gutt aalt Amerika, vun deem nach vill Leit dreemen, an der Form wéi mer et an de 40er, 50er a 60er Nokrichsjore kann hunn, net méi erëmkommen, well d'Welt sech ganz einfach verännert huet. Nei grouss Wirtschaftsmuechte sinn emgaangen an Asien an a Südamerika ze Entstoen. Russland mell sech als Groussmuecht zréck, an d'Europäesch Unioun

spillt entre-temps am Krees vun deene Groussen eng droend Roll.

Et gëtt haut also keng eenzeg Supermuecht méi, an dofir brauch Europa eng aner transatlantesch Strategie: Amerika ass a wäert weider wichteg fir Europa bleiwen, awer et dierf net méi esou sinn, dass d'Amerikaner ganz eleng bestëmmen, a wat fir eng Richtung et geet.

Déi transatlantesch Bezéiunge mussen also nei orientéiert ginn an hei kann et net sinn, dass deen een d'Roll vum Kach an deen aneren déi vum Garçon spillt. Nëmme wann Europa an d'Vereenegte Staten zesumme kachen, wäerten des transatlantesch Bezéiungen op eng gesond a vertrauensvoll Basis zréckkommen.

An deenen neien transatlantesche Bezéiunge wäert et dofir och eminent wichteg sinn, dass déi nei amerikanesch Administration an der Klimapolitik de Wee op Kyoto erëmfënnt an déi weltwäit Standard fir de Klimaschutz iwwerhëlt.

An der Diskussioun iwwert déi zukünfteg nei Memberstater an der NATO muss déi nei amerikanesch Administration d'Sensibilitéit vu Moskau méi mat a Considération zéien. An hei ass et wichteg, dass d'Europäesch Unioun weider hir Vermëttlerroll spillt. Awer och déi nei Memberstater an der Europäescher Unioun muss sech drop astellen, dass se net méi eleng op Amerika als Führungsmuecht am ale Stil kënnen setzen, mä dass et virun allem d'Solidaritéitsklausel vun der Europäescher Unioun an d'Garantië vun der NATO sinn, déi hinnen eng permanent Sécherheet kënnen garantéieren.

Mä loosse mer eis näischt virmaachen, Dir Dammen an Dir Hären, och déi nei amerikanesch Administration wäert Fuerderungen an Europa stellen, dëst ganz besonnesch wat hir Präsenz ënner anere an Afghanistan ugeet, wou den neie President jo ganz konkret Virstellungen huet. Des konkret Virstellungen huet den neie President och wat d'Bankgeheimnis an d'Steierparadieser betrëfft, an ech ka mer virstellen, dass notament Iddien iwwert d'Bankgeheimnis hei zu Lëtzebuerg net op en iwwergroussen Enthusiasmus wäerte stoussen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat fir d'Finanzkris richteg a wichteg ass, ass am selwechte Mooss och fir d'Vereenegte Staten net falsch. Nämlech dass déi nei Administration Obama och fir Europa an d'Europäesch Unioun kann eng grouss Chance duerstellen, well dat Amerika vum Obama op ass fir e Wiessel. Haut brauch d'Welt nei Instrumenter an en anert Verständnis vun Zesummenaarbecht.

Europa erfëllt des zwou Konditiounen an an deem Sënn sinn d'Viraussetzung fir eng Erneuerung vun den transatlantesche Bezéiungen nach ni esou gutt gewiescht wéi elo. Trotzdem soll ee sech och net hei iwwergroussen Illusiounen hienginn, well den nei gewielten President wäert fir d'éischt eng Politik fir Amerika maachen, an eréischt duerno sech mat de Suergen an de Virstellung vu sengen europäesche Partner beschäftegen.

Ech géif also och hei wëlle virun engem allze groussen Optimismus warnen, well mer soss - ganz besonnesch hei an Europa - wäerte risquéieren an e puer Méint éischt grouss Enttäuschung mam nei gewielten President Obama ze erliewen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer dann zum Schluss vu menger Interventioun nach kuerz op d'Situatioun am Kongo anzegoen, wou et risquéiert zu enger humanitärer Kris ze kommen, déi honnerttausende vu Mënsche wäert an de Misär stieren.

D'Gefor besteet hei, dass dese Konflikt weider eskaléiert, an engem Mooss wéi mer et säit 1994 am Ruanda net méi erlieft hunn, wou et zu engem regelrechte Génocide komm ass, bei deem deemools 800.000 Tutsien an Hutuen ëm d'Liewe komm sinn an deen deemools de gesamte Kongo aus dem Gläichgewicht bruecht huet.

Et géif mech elo ze wäit féieren, op d'Ursache vun deem Konflikt anzegoen, mä sécherlech ass d'Explosioun vun 1994 am Ruanda d'Initialzündung fir eng Rei vun Auseinandersetzungen, déi bis haut op där enger Säit mat der Rebellioun vum Tutsi-Generol Nkanda ze dinn hunn, dee mat senger Truppe viru Goma steet an dee sech als Schutzmuecht vun de kongoleschen Tutsië gesäit, déi sech géint radikal Hutue mussen erwieren.

Mä des Konfrontatioun, Här President, tëschen ruandeschen Hutuen a kongoleschen Tutsien ass net déi eenzeg Wuerzel vun deem Konflikt. De Kampf ëm déi grouss Buedemschätz schéngt mer an

deem Konflikt gradesou ausschlaggebend ze sinn, wéi déi ethnesh Spannung.

Ech mengen och dofir, dass een de Krich am Kongo net eleng kann als afrikanesche Konflikt beschreiwen, mä et hei och ëm d'Globaliséierung geet an d'Fro, wien an Zukunft d'Kontroll iwwert déi Buedemschätz am Kongo kritt.

Ech sinn dofir och iwwerzeegt, dass mer mam Slogan „afrikanesche Léisunge fir afrikanesche Problemer“ eleng dem Konflikt am Kongo net wäerte bäikommen.

An och wann een als Europäesch Unioun den afrikanesche Krisenmanagement soll ënnerstëtzen, dierf ee sech dach net der Illusioun hienginn, dass eleng dese Management et wäert fäerdeg bréngen, erëm en dauerhafte Friden hei ze schafen.

Et schéngt mer nämlech esou ze sinn, dass bei wichtige Acteuren an deem Konflikt einfach de Wëlle schéngt ze feelen, fir eng gewaltlos Léisung unzestriewen, wann ech kucken, dass eng Réunioun tëschen dem President Kabila an dem ruandesche President Kagame ganz genau fënnf Minutte gedauert huet. Derbäi kënn, dass souwuel de Ruanda wéi den Uganda am Moment vum illegalen Ofbau vu Rohstoffen am Ostkongo profitéieren, an dass net ze erwaarden ass, dass an deenen nächste Méint des Situatioun sech wäert verännern.

Här President, ech weess och net, ob d'Veereenten Natiounen hei nach am Moment a mëme sinn, hire Mandat ze erfëllen, well se bis elo vill ze wéineg gemaach hunn, fir eng politesch Léisung vun de Problemer ze erreechen. En plus kënn derbäi, dass d'Zaldote vun der UN-Kongotrupp Monuk absolut net amstand waren, den Awunner vun deene betraffene Regiounen am Ostkongo bäizestoen, esou dass d'Situatioun méi wéi verfuert ass.

Ech wëll drun erënneren, dass virun zwee Joer d'Europäesch Unioun eng Militärmissioun an de Kongo geschéckt hat, fir do d'Wahloperatiounen ze iwwerwaachen a fir och an Zentralafrika eng Stabilitéitszon ze schafen.

Leider Gottes, Här President, si mer haut wäit ewech vun esou enger Stabilitéitszon. Ech mengen allerdéngs nach ëmmer, dass d'Objektiver - deemools an haut - vun der Europäescher Unioun richteg sinn. Ech froe mech, ob mer als Europäesch Unioun net erëm eng Kéier hei mussen eis Responsabilitéiten huelen, wann et net soll zu enger neier a grousser humanitärer Katastroph kommen.

Niewent dese politesch Léisungen, schéngt mer awer virun allem wichteg ze sinn, dass mer zesumme mat der Europäescher Unioun alles ënnerhuelen, fir déi humanitär Hëllef an déi ugeschloen Regiounen vum Ostkongo ze bréngen a ganz besonnesch och an déi verschidde Flüchtlingslager. Ech wëll och hei ganz besonnesch déi Effortë begrëissen, déi d'Regierung an de Kooperationsminister gemaach hunn, fir dem Kongo ënner d'Äerm ze gräfen. Esou war scho fir 2007 e Betrag vu bal 2,8 Milliounen an d'Regioun vum Kongo a vun de Grands Lacs verséiert ginn, a fir 2008 kommen nach eng Kéier bal 3,7 Milliounen derbäi, vun deenen e groussen Deel direkt un den HCR verséiert ginn.

Dëst ass e groussen Effort, deen, mengen ech, eise Land och gutt zu Gesiicht steet. All des Effortë sollen a musse mer och maachen, wa mer wëllen évitieren, dass mer an deenen nächste Méint a Joren zéngtausende vu Flüchtlingen aus dese Regiounen an der Europäescher Unioun mussen empfanke.

Niewent deser humanitärer Hëllef, ass et awer och wichteg, dass mer zesumme mat der Europäescher Unioun alles ënnerhuelen, fir eng ähnlech a vläicht souguer méi eng grouss humanitär Katastroph wéi am Ruanda 1994 ze verhënneren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gefor ass grouss, dass besonnesch an Zäite vu Finanzkris esou Konflikter wéi am Kongo vergiess ginn. Oder zumindest net déi Opmierksamkeit vun de Medien a vun der internationaler Communautéit kréien, déi se verdéngen.

Ech mengen, et wär en onverzeihleche Feeler, net alles, souwuel um politesch wéi

um humanitäre Plang, ze ënnerhuelen, fir e Génocide ze verhënneren, dee riskéiert sech net nëmme op den Ostkongo ze limitéieren. Wa mer et nämlech hei net fäerdeg bréngen, dës politesch Léisung ze fannen, wäert de Konflikt och op all Nopeschstaten iwwergräifen, mam Resultat, datt mer riskéieren e Konflikt a ganz Zentralafrika ze kréien, mat Konsequenzen, déi op mënschlechem Plang de Génocide am Ruanda bäi Wäitem wäerten dépasséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen domadder zum Schluss vu menger Interventioun andeem ech nach eng Kéier am Numm vu menger Fraktioun ënnersträiche wëll, datt d'Erausfuerderungen un d'Europäesch Unioun an d'Aussepolitik an deenen nächste Méint wäerte méi wéi zolidd sinn. An nëmme dann, wann Europa mat enger - awer fester - Stëmm schwätzt, wäerte mir och dës Erausfuerderunge packen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Mosar. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Goerens. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

►►► **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Minister Asselborn an och dem Minister Schmit Merci soe fir hir Bereitschaft, och ëmmer virun der Commission des Affaires étrangères ze berichten iwwert dat, wat se maachen am Kader vun de Relations extérieures vum Lëtzebuurger Land an och am Kader vum europäeschen Integrationsprozess.

Ech wëll an deem Merci selbstverständlech och hir Mataarbechter, hir Equipen aus dem Ausseministère, d'Diplomaten, d'Leit vun der Représentation permanente a vum ganzen diplomatesche Corps mat aschléisen. Datselwecht géllt och fir déi aner Departementer am Stat, déi mat Ausse-relationships ze dinn hunn, selbstverständlech och d'Coopératioun an d'Défense.

Mir sinn an enger Zäit, wou sech vill Froen gestallt ginn a wou sech all Dag méi Fragezeichen uneneereien. Déi lescht Wahlen an de Vereenegte Staaten hu gewisen, datt ee kann op enger grousser Échelle zu enger breeder Euphorie bäidroen. Dat hänkt awer och ganz staark mam amerikanesche Modell zesammen.

Sou ee Befreiungsschlag wéi deen, zu deem d'Amerikaner sech elo duerchgerongen hunn, ass an Europa à grande échelle net méiglech. D'Amerikaner wëssen, wat se net méi wëllen. Si wëllen net méi esou präsent am Irak bleiwen an net méi esou laang wéi geduecht war. Si wëllen net méi Guantanamo hunn. Si wëllen net méi hunn, datt Amerika, ouni déi aner ze consultéieren, viruschafft; esou huet ee jiddfalls d'Gefill gehat. Si wëlle virun allem eppes bei sech veränneren; wat net onbedéngt déi aner ontangéiert léisst.

D'Amerikaner wëssen, wat se net wëllen, a si wëssen emol, wie se wollten. Si wollten en neie President an domat en neien Ufank. Sou vill Ufank wéi elo war an de Vereenegte Staaten ewell laang net méi. An dat op enger Toile de fond de crise économique, déi et a sech huet an déi nach laang net wäert eriwuer sinn.

Mä wësse mir als Europäer mat deem dote Virgang ëmzegoen? Ech soen dat, well d'Europapolitik ass jo den Hauptbestanddeel vun eiser Aussepolitik. Wësse mir wierklech, wat mer wëllen? Wat ee sech misst am Fong wënschen, dat wier, datt elo de gewieltene President Obama schon Dépositaire wier vun engem breede Katalog vu Wënsch, enger Wonschlech vum der Europäescher Unioun, wat hien am Fong misst maachen no sengem Untrëtt an d'Fonction nom 20. Januar 2009.

Mir missten him ganz kloer soen: wéi mer eis déi zukünftige Gouvernance mondiale virstellen; wat mer wëlle maachen a puncto Sécherheet; wéi eis Virstellung sinn iwwert d'Partnerschaft an der NATO; wéi selbstbewusst Europa bereet ass opzotrieden an all deenen internationale Foren, och an der Sécherheet. Et wier gutt, wa mer wëissten, an och domat de frësch gewieltenen amerikanesche President, wéi staark datt mer

gëeent sinn a wéi wéineg datt mer bereet sinn, eis dividéieren ze loosse vun aneren, a mat wat fir enger Determinatioun datt mer och géife Spaltversich vu baussen ofwieren.

Ech wier wierklech frou, wa mer esou eng Wonschlech fäerdeg krite, mä ech fäerte ganz, Europa ass nach net esou wäit zesummegehuert, fir sech zu esou engem Befreiungsschlag eisersäits duerchzerengen. Mir hunn et och méi schwéier, well eis Entscheedungsprozesser vill méi schwéier sinn, well een eng Partie Négociatioun muss hunn, fir zu engem Resultat ze kommen, wat een an Amerika an engem Wahldag hikritt huet. Duerfir ass et net evident, wéi et weidergeet. Mir hunn awer d'Gewësshuet, datt mer als Europa kéinten eng Quell vun Inspiratioun sinn, och fir d'Organisatioun vun der Gouvernance mondiale.

Elo ass et awer esou, datt mer nach net esou wäit sinn. Mir hu villes erreicht. Et muss een unerkennen, datt Europa präsent ass op ville Plazen an der Welt, datt Europa duerch seng Boîte à outils multiples ganz vill Léisunge ka matdroen, matbegleeden an och eng Partie Konflikter verhënneren. Ech wëll do net an den Detail goen. Mir wëssen awer och, datt mer déi institutionell Posture nach net hunn, fir kënne mam ganze Gewicht iwwerall opzotrieden.

An d'Randitioun vun deem Vertrag, deen eis géif déi Posture net ganz ginn, awer jiddfalls eng, déi schon agréablement géif kontrastéieren mat där, déi nach ëmmer um Accord de Nice hänkt, déi léisst op sech waarden. E Ratifikationsprozess, deen op sech waarde léisst; an dat muss eis ganz vill Suerge maachen, well do hänkt villes drun. Sou wéi Europa dobausse gesi gëtt, hänkt dodrun. Sou wéi Europa sech institutionell kann organiséieren, hänkt dodrun. An esou wéi Europa sech och erweidert, hänkt dodrun.

Ech weess, datt vill Leit déi lescht Erweiderung nach net verquësst hunn. Et ass hinnen ze séier gaangen. Et gouf e puer Denkschoulen. Élargissement d'accord, mä Approfondissement d'abord; dat ass haaptsächlech vum fréiere President Giscard d'Estaing geprägt ginn.

D'Geschicht hat eis net d'Zäit gelooss, fir dat eent schéin no deem aneren ze maachen, mä et huet sech missen e bëssen iwwerschneiden. Datt mer awer Problemer krite, dat war evident. Datt mer Problemer behalen, ass leider och evident. An déi Problemer, déi elo erkennbar gi sinn duerch dat rapid Wuessen an net genuch Verdéiwen, wäerten och net ouni Konsequenze bleiwen op zukünftige Erweiderunge vun der Europäescher Unioun.

Den aktuelle President vum Conseil européen huet ganz kloer gesot, datt, soulaang wéi Lissabon net ratifizéiert ass, et zu kengem neien Élargissement kënn, och net zum Élargissement mat Kroatien. A wann et net zum Élargissement mat Kroatien kënn, kënn et doudsécher och net zum Élargissement no Mazedonien, no Albanien, no Bosnien-Herzegowina, no Serbien, déi jo och als Kandidat d'Adhésion à l'Union européenne ustriewen. Dat muss ee wëssen. Et geet dier, datt ee Land net d'accord ass, datt et mam Élargissement näischt gëtt.

Déi Haltung ass kloer. Si huet de Mérite, ganz kloer ze sinn, a si huet och de Mérite, jiddferree viru seng Verantwortung ze stellen. Ech muss ganz éierlech soen, ech fannen där Haltung do och gewësse positiv Akzente of. Et kann ee sech net permanent selwer beléien. Jiddferree muss responsabel sinn an astoe fir dat, wat hien engagéiert huet. Dat géllt och fir Irland. Mir schéngt et, datt déi Haltung do awer munches fir sech huet.

Ech hu gesot, Europa wier op verschiddene Plazen an der Welt méi präsent. Déi eng Präsenz gi méi bemierkt, déi aner manner. Déi eng si méi spektakulär. Déi allermeescht sinn zwar effikass, mä sinn awer net ganz spektakulär.

Ech wëll ënnersträichen, datt et der Habitatéit vun aktueller President vun Conseil européen ze verdanken ass, datt esou schnell reagéiert gouf am Georgien-Konflikt. Souguer seng Géigner erkennen dat ganz naidvoll un. Dat war eng rapid Reaktioun, en héije Grad vu Reaktivitéit, eng gutt Dosis vu vill politischem Geschéck, vu geopolitischem Verständnis, vum Assuméiere vun Devoiren a Responsabilitéite vun der Europäescher Unioun.

Dat, wat mer manner gefällt an deem Zesammenhang, ass déi Begleitmusek, déi ech an der internationaler Press net eleng gelies hunn, mä wou gesot ginn ass: De franséische President huet dat esou gutt gemaach, well hie President vun der Franséischer Republik ass. Or, mir hunn ëmmer an eiser Naivitéit gemengt, President vum

Conseil européen wier méi wéi President vun engem Land oder Statschef vun engem vun de 27 Memberstaten. Mir hunn ëmmer gemengt, deen, deen d'Flicht huet, fir d'Politik vun deene 27 an deem doten Domän ze koordinéieren, deen hätt déi aner 26 op senger Säit, a wann hie géif schwätzen, misst hien es d'Autoritéit hunn, fir och am Numm vun alle 27 ze schwätzen.

Dat, wat mer net gefällt an deene Kommentaren, déi ee liest, dat ass, datt ausser dem Nicolas Sarkozy ee sech héchstens kéint virstellen, datt nach ee wéi den Tony Blair esou eppes kéint maachen. Wann dat do d'allgemeng Meinung wier, och bei der Opinion publique, da bräichte mer iwwert de Prinzip vun der Gläichheet vun de Staten net méi ze schwätzen. Da bräichte mer doriwwer keng Wieder méi ze verléieren. Wann eppes de Succès vun deem Land erkläert, dann ass et d'Fäegkeet, zu där déi aner sech duerchgerongen hunn, och méi Klenger unzuerkennen an hirem Wierken, an hire Rechter, an eppes ze akkreditéieren, wat op Gläichberechtigung erauskënn innerhalb vun engem Gremium.

Kuerz, dat ass am Fong de G27, esou wéi mir eis e virstellen. Mir sinn an allen Dimensionen derbäi, déi d'Europäesch Unioun eis opgrond vun hirem Vertragwierk offréiert. Dat géllt fir d'Ekonomie. Dat géllt besonnesch fir de Volet extérieur vun de Politiques économiques, spréich OMC-Verhandlungen. Dat géllt fir d'Défense, wou se net alleguer matmaachen, awer déi Meesch. Dat géllt fir den Euro, wou se nach net alleguer matmaachen, awer scho méi wéi d'Halschent. Dat géllt am Fong fir eng ganz Partie Dimensionen. Dat ass e Modell, dee Lëtzebuerg wierklech zu deem gemaach huet, wat mer haut sinn, an en anere Modell, deen eis esou e Grad vun Unerkennung engersäits an och esou eng grouss Hiewelwierkung anerersäits ginn hätt, hätt ee sech schwéier kënne virstellen.

Wa mer also liesen, datt dodru gezweifelt gëtt, datt méi e klenge Land, en l'occurrence d'Tschechien, amstand wier, eng gréisser Kris ze meeschteren, da gi mer am Fong de Glawen un eng fonctionnéierend Europäesch Unioun op. Ech fannen, dat ass préoccupant.

Derbäi kënn, datt d'Russen habilement dat do ausgespillt hunn an am President Nicolas Sarkozy wahrscheinlech gradesou vill de President vun der Franséischer Republik gesinn hunn, wéi de President vum Conseil européen. Dat sief dohinnergestallt. Mä mir als Europäer dierfen awer net dee geréngsten Zweifel drun opkomme loosse, wien de President ass vun der Europäescher Unioun a wat seng Fonctionne sinn. Hien dierf net réducteur an deem Sënn sinn, datt hien d'national Grandeur spille léisst aux dépens vu sengem Successeur oder vu senger Successeurs. Dat do ass eppes, dat muss ee mat ganz vill Circonspectioun nokucken.

E gudde Frënd vu villen heibannen - ënner anerem de Ben Fayot an ech haten de Privileg, deen oft ze begéinen -, de Jean-Louis Bourlanges, huet gesot, bis elo war et esou, datt een an der Europäescher Unioun ëmmer virukomm ass duerch d'Imagination française, d'Détermination allemande an d'Circonspection britannique. A Besuch op d'Gestioun vun der Bankekris duerch de President Nicolas Sarkozy huet hie gesot, dës Kéier war et e bëssen anescht: Et war d'Imagination britannique, d'Détermination française an d'Circonspection allemande, déi am Fong d'Haaptcharakteristike ware vun där Manéier, wéi d'Fransousen déi Kris do géréiert hunn.

Och an deem doten Zesammenhang erlaabt mer, Här President, e puer Iwwerleeungen ze maachen, déi e bëssen op dat erauskommen, wat ech a puncto Gestioun vun der Georgien-Kris duerch de franséische President an de President vum Conseil européen gemierkt hunn. Wat mer net gefällt, dat ass, datt och eng Kéier hei erëm de G20 beméit gëtt, fir eng Léisung erbäizebréngen, a fir dee virzebereeden, gëtt dann de G4 beméit. Da gëtt awer eng Kéier, well et net anescht geet, de Conseil vun der Europäescher Unioun ageschalt. Och do huet een d'Gefill, datt dat Ganzt a Géométrie variable organiséiert gëtt.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, esou wéi mäi Virriedner, firwat datt de President vum Eurogroup net iwwerall derbäi ass. An deem enge Forum ass deen derbäi, an net den Här Trichet, an anere Fore si se allen zwee derbäi, an da gëtt et der och, wou iwwerhaapt kee vun hinnen zwee derbäi ass. Ech mengen, et wier och déi verdammte Flicht vun enger Présidence du Conseil en exercice, fir ze soen, wann dat do net alles zesummegehéiert, alors on passe à côté de l'essentiel, surtout en ce qui concerne l'institutionnel.

Wat kënne mir do maachen? Ech mengen, wann de President Barroso de 4. Dezember heihinner kënn, misst ee soen, wéi staark datt mir un de Rôle vun der Europäescher Kommissioun gleewen. Wéi staark datt mir un de Rôle vun der Europäescher Kommissioun gleewen, well d'Europäesch Kommissioun ass d'Gardienne vun den Traitéen. D'Europäesch Kommissioun ass déi, déi de Prinzip vun der Gläichheet, deen an deenen Traitéen ageschriwwen ass, vertritt oder vertrieed misst wéi keen aneren.

Or, ech vermessen awer bei der Gestioun vun der Crise financière an der Crise économique, déi op eis duerkënn, esou en „outstanding“ Rôle vun der Europäescher Kommissioun. Ech hätt mer kënne virstellen, an ech mengen, déi Meesch heibannen hätt sech och kënne domat offannen, wann déi Europäesch Kommissioun méi proaktiv gewiescht wier an no baussen erkennbar vill méi en zolitte Rôle ageholl hätt.

Elo weess ech net, wann ee bei de Comptoir stoe geet an et schwätzt ee vun der Europäescher Kommissioun, ob dee Rôle do a senger ganzer Importenz erkannt ass. Wann dat de Fall net ass, ma da kommt, mir gi bei d'Comptoir an soen, datt dat, wann all Strécker räissen, am Fong déi lescht Bastioun an Europa ass, déi d'Intérète vun de klenge Länner verdeedegt. Ech mengen, et wier besonnesch wichteg elo en enger Zäit wéi dës, wou esou munches a Fro gestallt gëtt a wou de Prinzip vun der Gläichheet vun deene 27 Staten tangéiert gëtt, fir dat ze monéieren.

Ech hoffen, datt mer de 4. Dezember dem President Barroso dee Message kënne mat op de Wee ginn.

Da kommen ech ofschléissend zu enger Partie Lacunen an der europäescher Aussepolitik, mat deene mer eis hoffentlech nach net offont hunn. Mir kënnen elo laang épiloguéiere ronderëm Russland, der Roll, déi Russland gespillt huet an de leschte Méint, der Roll, déi Russland gespillt huet an der Energieversuergung, alles dat, wat redoutéiert gouf à propos vu Krunn zou-dréinen oder oploossen, an der Transitschwiereregkeet vun der russescher Energie duerch Drëttlänner, déi um Passage téschent Russland an der Europäescher Unioun leien.

Mir kënne laang doriwwer schwätzen, mä loosse mer eis och emol, wa mer iwwer Russland schwätzen, an de Russen hir Haut versetzen. D'Russe sinn am Fong elo ukomm un Enn vun engem Prozess, deen haaptsächlech charakteriséiert ass duerch eng laang Serie vun Humiliatiounen. De Verfall vun der Sowjetunioun war fir e stolz Vollek wéi d'Russen net licht ze verdauen. D'Perte vu Prestige a vun Afloss an der Welt ass net esou einfach hinzehuele fir Leit, déi awer gewinnt waren, während 25 Joer als ee vun den Haaptacteuren op der Welt-politik betruecht ze ginn.

De Fait, datt d'NATO ëmmer méi no u Russland erukënn - et ass net evident, datt do applaudéiert gëtt zu Moskau. Et hätt ee vläicht nach kënnen erklären, datt Estland, Lettland a Litauen Member gi vun der NATO, well an der europäescher Sécherheetsdémarche, och an där vun der Europäescher Unioun, kënn den Term NATO ervir a gëtt am Fong als en Eckpfeiler vun der Organisatioun vun der Sécherheet vun de 27 Memberstate betruecht, soulaang wéi déi 27 Memberstaten dorunner interesséiert sinn. Dat hätt een nach kënnen erklären.

Déi ambigu Attitud vis-à-vis vu Länner, déi an hiren eegene Grenzen nach terribel Problemer hunn, wéi zum Beispill Georgien, an d'Miroitiéiere vun enger Perspective d'adhésion fir esou e Stat an d'NATO sinn awer menger Meinung no eppes verfréit. Ech fannen, et ass richtig, datt do eng Partie europäesch Staten eng prudent Haltung ageholl hunn, well et kann ee sech jo och emol iwwerleeën, wat elo passéiert wier an der Georgien-Kris, wa Georgien Member vun der NATO gewiescht wier an de President Saakaschwili den Artikel 5, also d'Beistandsklausel, invoquéiert hätt!

Et hätt ee sech nëmme ee Moment kënne virstellen, a wat fir en Zuchzwang allegueren déi aner Memberstate komm wieren. Et kann ee sech jo och emol virstellen, a wat fir en Zuchzwang alleguer déi aner Länner kéimen, am Fall wou d'Ukraine Member wier vun der NATO, well et do och nach e Problem gëtt, dee Krim heescht, a well et do och nach ëmmer Velléitéit gëtt vu Russland op deen Territoire, déi se emol eng Kéier hu missen oftrieden.

Ech ka mer och virstellen - an ech war selwer do am Kader vun engem Rapport, deen ech doriwwer gemaach hu fir d'Assemblée vun der UEO -, datt a Russland d'Stationéiere vu Rakéitenofwiersystemer a Polen mat ganz vill Skepsis

betruecht gëtt an deementspreechend och déi Radarstationen, déi sollen an der Tschechescher Republik opgeriicht ginn.

Do freet ee sech: Wou ass do d'Stëmm vun der Europäescher Unioun?

Ech kommen erëm eng Kéier op de President Sarkozy zréck. Ech hunn héieren, um Russland-Europa-Forum d'lescht Woch a Frankräich wier och doriwwer geschwat ginn.

Ech hat eng Kéier eng Question parlementaire gemaach un de Statsminister a gefrot, ob een dat do och kéint am Conseil européen thematiséieren. Ech hu geäntwert kritt, datt dat net méiglech wier, well dat am Vertragswierk net géif virkommen. Dat ass richtig, mä toujours est-il, datt de President Sarkozy dat do awer thematiséiert huet, am Kader vum Russland-Europa-Dialog.

Kommt, mir ginn erëm eng Kéier bei d'Comptoirs a mir erklären deene Leit dobaussen emol, firwat datt Europa op deem dote Punkt net ka seng Interessen artikuléieren an an internationale Fore presentéieren. An dann erkläre mer deenen emol, wéi d'NATO fonctionnéiert, wou jo alles soi-disant gemeinsam décidéiert gëtt, a wéi dat mat där Stationéierung vun deene Rakéiten a Rakéitenofwiersystemer am Fong zustane komm ass.

Ass dat déi Welt, an där mer liewen a wou mer wëllen Afloss drop gewannen - wa mir enges gudden Dags opstinn a mir gi gewuer, datt d'Amerikaner, net am Kader vun der NATO, mä bilateral mat Polen doriwwer schwätzen -, wëssend, datt dat do awer d'Interesse vun alleguer deenen aneren tangéiert? Vu datt d'Interesse vun alleguer deenen aneren tangéiert ginn, déi awer net informéiert ginn, mussen mer soen, datt do awer eng ganz seriö Lacune ass an där ganzer Manéier, wéi mer Europa envisagéieren, wéi mer Europa konzipéieren, wéi mer Europa verdeedegen. Ech fannen, mir kënnen eis domat net zefridde ginn.

Elo kann ee bei d'Europäesch Unioun protestéiere goen. Neen, mir mussen op Berlin protestéiere goen, op Paräis protestéiere goen, a Groussbritannien protestéiere goen. Mir mussen bei déi protestéiere goen, déi net bereet sinn, an Europa hir Kräfte ze ballen an hir Kräfte zesummenzedinn, fir dann am UNO-Sécherheetsrot als ee Partenaire opzotrieden, amplaz datt mer do nach mat zwou Puissances moyennes, déi e Veto-recht hunn, sätzen, an et eng drëtt gëtt, déi sech an d'Rei stellt.

Amplaz dräi, wier et vläicht besser, mir kéinten eis drop eenegen, datt mer just nach ee Vertrieeder am UNO-Sécherheetsrot hätten, deen d'Vetorecht géif ausüben, an dat am Numm vun der Europäescher Unioun, an nëmme dann, wa prinzipiell Valeuren aus der Convention universelle des droits de l'Homme verletzt ginn, oder wa grouss Verletzungen anzekloe sinn a puncto internationaalt Völkerrecht.

Dat Europa, an deem mir liewen, Här President, dat muss och am Fonds monétaire international mat enger Stëmm schwätzen, elo wou et ëm d'Léisung vun der internationaler Banken- a Wirtschaftskris geet, amplaz datt mer eis do éparpilléieren ënner fënnef, sechs verschidde Constitutiounen. Dat sinn am Fong d'Imperativer vun enger gemeinsamer Virgoensweis. Et wier gutt, wa mer dat géife méi thematiséieren - och an Hisiicht op d'Organisation vun den nächsten Europawahlen, wou mer jo d'Lëtzebuurger erëm mat der europäescher Iddi reconciliéiere wëllen -, wa mer géife soen, ëm wéi vill et do geet, a wéi wéineg Afloss mir als Lëtzebuurger hunn, wann dat do alles net klappt, a wéi onscheinbar a bedeitungslos mer wieren, wa mer déi Hiewelwierkungen net hätten.

Ofschléissend, Här President, a puncto „non-prolifération nucléaire“ wier et och gutt, wann d'Europäesch Unioun sech kéint dozou duerchréngen, och do mat enger Stëmm ze schwätzen. Wann déi Grouss net désarméiere sur le plan nucléaire, déi mëttel Puissancen net och eppes maachen, da kritt Dir déi Kleng net iwwerzeegt, fir sech net och Atombommen unzeschaffen. Wat an där Hisiicht ënnerwee ass, gesäit net gutt aus, siehe Iran.

Ech hu vum G27 geschwat, ech hu vum G20 geschwat, vun engem G4. D'lescht Woch hat de Sommet Europäesch Unioun-Russland zu Paräis d'Zich vun engem G2, an ech hoffen, datt mer net erëm eng Kéier an eng Logik vun engem G1 kommen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, auslännesch Gäscht, wa se bei ons an d'Chamber kommen, soen, dass Lëtzebuerg eng Stëmm dobaussen huet. Ech mengen, dat ass e gudder Punkt fir ons Aussepolitik, fir ons Diplomatie. D'Parlament wëllt dobäi hëllefen, fir Fridden, Stabilitéit, Solidaritéit ze förderen. D'Parlament ass och interesséiert, fir déi Aussepolitik positiv, kritesch an aktiv ze begleeden, an dat maachen och vill Lëtzebuurger Deputéierten an deenen internationale Gremien, wou mer aktiv matschaffen.

Ech kommen elo hei net zréck op dee vasten Tableau, deen den Ausseminister vun der internationaler Situatioun gemoolt huet. Deen Tableau féint ons Zoustëmmung, wat déi brennend Froe vun onser Zäit ugeet.

(**M. Jos Scheuer prend la Présidence**)

Mech huet besonnesch dodrun interesséiert, dass eigentlech Aussepolitik méi ass wéi Aussepolitik. Wann een d'Welt vun haut kuckt, gesäit een niewent der Finanzkris, der Klimakris, der Zerstückelung vun Ecosystemer, der Waasserknappheet, dem Honger an der Welt, Piraterie a Korruptioun bis an déi héchste Sphäre vun de Staten, an déi gehéieren dozou, grad wéi d'Zerfale vu staatliche Strukturen, reliéise Fanatismus, Mépris vun de Mënscherechter. Déi Opzielung ka beliebig weidergefouert ginn.

Dofir, an esou enger Welt, wat kann dann onsen Asaz sinn? Wat sinn d'Mëttele vun onser Aussepolitik? Natierlech d'Diplomatie am Kader vun der Europäescher Unioun an och vun der UNO. Dat ass ons Entwécklungspolitik, an dat sinn och ons Interventiounen a Krisengebieder an op schwie-rege Plazen.

Ech hunn et hei scho gesot, dass Lëtzebuerg net eleng mam Scheckheft hëllefe soll, mä och mat Mënschen. Dofir bedeelegt Lëtzebuerg sech un enger Partie vu sougenannt „opérations de maintien de la paix“. D'Parlament gëtt iwwert d'aussepolitesch Kommissioun, gemäss dem OMP-Gesetz, zu all Missiounen vun Zaldoten, Offizéier, Polizisten, Riichter, Beamten, Wahlobservateure consultéiert, muss säin Accord ginn. Dat ass bis elo ëmmer eestëmmege geschitt, well d'Regierung mat vill Virsiicht un déi Asätz erugeet. Fir hiren Engagement, mengen ech, soll een awer och, hei op der Chambertribün, all deene Lëtzebuurger Merci soen, déi am Ausland, ënner oft schwierigen a geféierleche Konditiounen, fir de Fridde schaffen.

D'Hëllef, déi mer ginn, soll esou effikass wéi méiglech sinn. Dofir ass ons Arméi an der Haaptsaach keng Kampftrupp, mä eng spezialiséiert Trupp an der Logistik, am État-major, am Déminage, an der Waasseropbereitung an an der sanitärer a medezinescher Hëllef. Déi Leit, déi mer an d'Ausland schécken, sollen esou wäit wéi méiglech geschützt ginn. Dofir mussen se gutt ausgebild ginn, an et géill natierlech och bei all Missioun ze ënnersichten, ob mer nützlich kénnen sinn. Ech hunn den Här Mosar d'ënescht héiere vum Kongo schwätzen, an ech muss lech éierlech soen, dass ech meng Zweifel hunn, ob eng Participatioun un enger Missioun am Kongo deene Kritäre géif entsprechen.

Här President, ons Interventiounen hunn natierlech nëmme e Sënn, wa se an engem internationale Verband, ob dat NATO oder EU ass, stattfannen. Mä dee Verband ass nëmme effikass, wann en zesummenhält, wann et kloer ass, wat e wëllt, a wann zwëschent de Memberlänner Vertraue besteet. Dat ass besonnesch a Krisenzäiten néideg. Dofir kënnen déi Organisationsnet net no alle Säiten erweidert ginn, an dofir mussen se och virun allem kohärent intern fonctionnéieren. An do ass nach vill ze maachen.

Wann ech zum Beispill dee rezenten, vun der franséischer Présidence initiéierte G20-Sommet zu Washington huelen, do huet Europa nees eng Kéier net mat enger Stëmm geschwat. Et waren aner Europäer do. D'franséisch Présidence ass d'Europäesch Unioun op esou engem Sommet. Nun ass der Europäescher Unioun hir Stärker nëmme da grouss, wa se aus engem Mond schwätzt. Den Hiewel vun all Présidence, dat ass scho vu menge Virriedner alleguer gesot ginn, och déi vu grouse Länner, ass d'Partnerschaft vun allen EU-Länner, net iergendeen Directoire oder ee groust Land, oder en anert Land, wat sech och als grouss ëmfënt an en fait awer relativ kleng ass.

Mir sinn der Meinung, Här President, dass d'Europäesch Unioun fir den Abléck net erweidert ka ginn, soulaang de Lissabon-Vertrag net ratifizéiert ass. Doriwwer eraus soll een, menger Usicht no, och mat Erweiderungsversprieche ganz virsiichteg sinn. Mir mussen fir d'éischt déi lescht Erwei-

derung verkraaften. Dat ass och schonn hei gesot ginn, mä et ass ee reelle Souci, dee mer alleguerten hunn. Well vun deene 27 Länner, déi elo d'Europäesch Unioun duerstellen, sinn der eng etlech, déi d'europäesch Integreatioun lästeg fannen oder net verstanen hunn, wat et heescht, an enger Unioun ze sinn.

Den 1. Januar 2009 hält Tschechien de Virsätz an Europa, an ech sinn iwwerzeegt, dass dat Land dat ganz gutt wäert maachen. Mä, hire President Klaus, fir en net ze nennen, schéngt sech awer an der Epoch géiert ze hunn. Den Här Klaus huet sech bei engem Besuch an Irland, beim Hauptinitiateur vum Neen, als europäeschen Dissident bezechent. Hie schéngt sech nach ëmmer an der Sowjetzäit ze befannen. Hie vergësst dobäi, dass d'Europäesch Unioun net d'Sowjetunioun ass, well all Land fräiwëlleg an d'Europäesch Unioun kënnert a fräiwëlleg senger Wee ka goen, keen hënnert et dorunner.

Här President, datselwecht Land, Tschechien, hält um Rakéiteschëld vun den USA deel. Si verbidde sech, dass d'Länner vun der Europäescher Unioun hinnen dräischwätzen. Eng bedauerlech Haltung, wann een déi kloer Aussoen am Vertrag iwwert d'Zesummenaarbecht an der Aussen- a Sécherheetspolitik innerhalb vun der EU kuckt. Dat si bestehend Verträge, keng aner Verträge, déi eréischt musse ratifizéiert ginn.

Wat d'NATO ugeet, sinn ech mat der virsiichteger Haltung vun onser Regierung an der Fro vun der Erweiderung no Georgien an Ukraine d'accord. Ouni eng Ofsprooch mat Russland gëtt et Spannungen an deem Deel vun Europa, esou wéi et der géif, wann am Hannerhaff vun den USA Bündnisser entstoe géifen.

Keen aprouvéiert natierlech hei dat brutaal Agräife vu Russland a Georgien. Trotz allen Zweifelen, déi een driwwer kann hunn, wien ugefaangen huet.

Russland ass e wichtege Partner vun Europa, mä och Russland muss wëssen, dass et, wann et international Verantwortung huele wëllt, e rouegen a responsablen Acteur muss sinn.

D'NATO hirersäits, Här President, ass e Militärbündnis, wat ons net an eng nei bipolar Konfrontatioun dærf féieren. Si dærf vu kengem instrumentaliséiert ginn, fir d'Polarisatioun zwëschent dem Westen a Russland ze verschäerfen. Weder Georgien nach d'Ukraine kënnen vun de Memberlänner an der NATO verlaangen, dass se sech hirer interner Konflikter unhuelen, nach dass se se léise kënnen.

Här President, an e puer Méint sinn Europawahlen. Dat ass d'Geleechenheet, fir Europa de Bierger no ze bréngen. Well déi Wahle jo de Bierger erlaben, iwwer hir Stëmmziedelen an d'Politik vun der Europäescher Unioun anzegräifen.

D'Europäesch Unioun ass nëmme da staark, wann d'Biergerinnen an d'Bierger sech fir d'Europäesch Unioun interesséieren an asetzen. Dat wëllt net soen, dass se wéi Béni-oui-oui einfach mam Kapp musse wackelen, wann an der Europäescher Unioun eppes geschitt. Ech soen, si mussen sech interesséieren an asetzen.

D'europäesch Biergerrecht bréngt d'Bierger zesummen. An dofir mussen mer och hei zu Lëtzebuerg ons Wielerleschte fir d'europäesch Bierger erëm opmaachen, nodeems se den 31. Mäerz 2008 schonns zougoungen. An dofir mussen mer d'Reform vum Wahlgesetz, déi ënnerwee ass, esou séier wéi méiglech duerch d'Chamber bréngen.

Wichtig ass et dobäi natierlech ze kucken, wéi mer inhaltlech mat den Europawahlen ëmginn. Loosse mer éierlech sinn: Diskussiounen iwwer europäesch Verträge, iwwer Institutiounen, komplizéiert Abstraktiounen wéi Subsidiaritéit a Proportionalitéit rappe kee vun Stull. Et kann dat nëmme iwwer konkret Politik an eng politesch Approche vun der Europäescher Unioun geschéien.

D'Wahle verlaange kloer Programmer vun de politesche Familjen um europäeschen Niveau an um nationalen Niveau. Eng politesch Mobilisatioun muss stattfanne fir Iddi vu Solidaritéit, Zesummeschaffe géint Protektionismus an nationalen Egoismus.

Dat ass natierlech zu Lëtzebuerg eigentlech an där Hisiicht einfach, well mer hei Wahlflicht hunn a mer souwisou iwwer 80% Wahlparticipatioun hunn. Mä an deenen anere Länner gesäit een, wéi et mat der Participatioun un den Europawahlen steet. Do gëtt et Participatiounen vun 30, 40%, do si se frou, wa se 50% hunn.

Loosse mer ons also och näischt zu Lëtzebuerg virmaachen! Wa mer 80 oder 85% vun de Wieler hunn, déi bei den Europa-

wahle matstëmme ginn, dat wëllt nach guer net soen, dass déi europäesch Bierger, déi hei zu Lëtzebuerg bei de Wahle matmaachen, effektiv un Europa interesséiert sinn.

Virun allem dærf mer als Politiker déi schwierig Themen net ausklameren. Immi-gratioun ass e komplexen Thema. Mir wëssen dat. Et gëtt do ganz ënnerschiddlech Positiounen. Sécherheet a Respekt vun de Mënscherechter; och an deene Mesuren, déi d'Europäesch Unioun hält - de Laurent Mosar huet geschwat vun deem Scanner op de Flughäfen.

Ech kéint vun den Donnéeë schwätzen, déi mer mussen den Amerikaner liwwere fir hir Sécherheetspolitik. Ech denken natierlech och un de Respekt vun de Rechter vun de schaffende Leit, zum Beispill déi berühmten Direktiv iwwert d'Aarbechtszäit, déi elo an der Diskussioun ass. De Kampf géint d'Rezessioun an esou aner Pisten.

Här President, den Ausseminister ass ausféierlech op d'Finanzkris an d'Reaktioun vun der EU agang.

(**Interruption**)

Här President, ech hunn e Problem mat der Zäit. D'Auer ass stoe bliwwen an ech wëll drop oppassen, wéi vill Zäit dass ech hunn.

(**Interruption**)

» **M. le Président.** - Här Fayot, Dir sidd op zwielef an eng hallef Minutt.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - No der Finanzkris, Här President, kënnert d'Wirtschaftskris. Déi eenzel national Regierungen an Europa probéieren ze reagéieren. Meeschtens jiddferee fir sech an ouni Koordinatioun.

Nun ass kee Land capabel, déi Kris eleng ze iwwerstoen. Dofir muss Europa, mat senger Kraaft als gréisste Maart vun der Welt, déi national Interventiounen op d'mannst bündelen.

D'Europäer erwaarden, dass d'Europäesch Unioun sech och als wirtschaftlech Uerdnungsmuecht géint d'Rezessioun asetzt. Ons gemeinsam Währung schweesst ons zesummen. Méi wéi jee géllt et, dass Wirtschaft a Währung zesumme gehéieren.

Dofir ass d'Diskussioun iwwer en europäesch Agräifen an der Wirtschaftskris angang. An dat soll och net eleng iwwert de Conseil européen goen, wou dann een eventuell sech als Chef vun der Wirtschaftspolitik profiléiert, mä dat soll iwwert déi normal europäesch Institutiounen beziehungsweise natierlech an éischer Linn och iwwert d'Kommissioun goen.

Här President, et sinn x Projeten déi lescht Deeg bekannt ginn. Den SPD-Kanzlerkandidat Steinmeier huet en europäesche Pakt fir Beschäftegung virgeschloen. Vu Frankräich sinn där Iddi komm. De Jean-Claude Juncker huet haut de Moien - hunn ech gelies - en europäeschen Emprunt fir d'Autoindustrie virgeschloen.

Egal wat ee vun esou Iddien denkt, ass et d'Roll - an ech mengen, d'Bierger erwaarden dat - vun Europa, an net nëmme vun einzelne Staten, sech ëm wirtschaftlech Zukunft Gedanken ze maachen, protektionisteschen Tendenzen entgéintzewierken a wirtschaftspolitesch Instrumenter fir de Wuesstum voll auszenotzen, ob dat europäesch Programmer sinn oder Hëllefstellige fir d'Regierung bei hiren Interventiounen. Dofir brauche mer natierlech och eng kloer Positioun vun Europa fir d'Reguléierung vun den internationale Finanzmäert.

Ech mengen net, dass mer eng europäesch Wirtschaftsregierung brauchen, mä weder d'Kommissioun nach de Conseil kënnen sech aus der Diskussioun iwwer méiglech Agräffer an d'Wirtschaft eraushalen. Op d'allermannst brauche mer den Dialog zwëschent EZB an Eurogroup, en intensive Sozialdialog, de gemeinsame Wëllen, des Kris ze meeschteren.

Här President, ech wollt nach e Wuert soen iwwert déi konsequent Europa-Aarbecht vun der Regierung. Leider ass meng Zäit eriwuer. Ech wollt awer dee Bericht, deen den Nicolas Schmit ons presentéiert huet iwwert d'Europapolitik, besonnesch ervirsträchen an ech wollt der Regierung suggéieren, dee Bericht an enger

grousser Oplag iwwerhaapt ze drécken an erauszebréngen an ze publizéieren, well dat ass eng Minn vun Informatiounen iwwert d'Europapolitik.

Et ass d'Europapolitik vun der ganzer Regierung. Et ass eng Zesummenaarbecht vun der ganzer Regierung, déi doranner steet, an dat ass menger Usicht no e wichtegt Dokument fir d'Bierger, fir d'Parteien an all déi, déi sech fir Europa interesséieren.

Här President, fir ofzeschlüsse wëll ech soen, dass mir selbstverständlech d'Europa- an d'Aussepolitik vun der Regierung ënnerstëtzen a mir hoffen natierlech och mam Ausseminister, dass den neien amerikanesche President ons Hëllef wäert, eng besser Welt ze schafen.

Merci.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

►►► **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Mir hu gëschter déi lescht Deklaratioun vum Här Asselborn vun der Legislatur 2004/2009 héieren an et ass jo üblech, dass eng Debatt och doriwwer stattfënnt. Mä et ass, fannen ech, elo, wou ech dat fir d'zweet dierf maachen, e bëssen e komplizierten Exercice dann awer. Well ee jo och weess, dass een net alles ka verlaange vum Ausseminister.

D'Diplomat ass jo e Ballet, deen net ënnert de Scheinwerfer gedantz gëtt, esou dass een op dat reagéiere muss, wat den Ausseminister seet, och wann dat net onbedéngt alles ass, wat hien denkt. Ech probéieren dofir op dat anzegoen, wat geschitt ass an deene leschte Wochen a Méint,...

►►► **M. Charles Goerens (DP).** - Sot eis emol, wat Der denkt.

►►► **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - ...op déi Fakten, déi mer hunn. Well déi lescht Méint si jo e bëssen eng Mëschung, wou ganz no an enk beienee souwuel Kris wéi och Hoffnung war.

Kris, well mer déi Finanzkris hunn, déi vläicht nach net ganz ausgestanen ass. Kris, well mer den Impakt op d'Realekonomie elo scho gesinn. Deen ass reell. Kris awer och, well d'Europäesch Unioun an hir Kommissioun an de leschte Wochen a Méint wäit manner präsent war, wéi se hätt misse sinn. Kris, well mer an der Lutte géint de Klimawandel nach net substanzieel virukomm sinn; au contraire. Kris, well Stéchwierder wéi „Ofrëschtung“ scho schéngen an de Vergiess geroden ze sinn, an éischter de Contraire sech erëm useet an umellt. Kris awer och wéinst dem Georgien-Konflikt, deen nach esou bal net eng vollstänneg Léisung wäert kennen. Kris awer och, well mer nach ëmmer kee spierbaren a wesentleche Fortschritt feststellen am Israel- a Palästina-Konflikt.

Gläichzäiteg gëtt et eigentlech och Ulass zu Hoffnungen.

Éischters, well sech awer lues, mä sécher d'Erkenntnis duerchsetzt, dass global Problemer a globaliséiert Problemer och global politesch Äntwerte verlaangen. Mir hunn eng globaliséiert Wirtschaft. Mir hunn awer keng globaliséiert Politik. Si huet sech awer zum Deel fonnt. Am Kader vun der Finanzkris huet sech op eng am Ufank nach onkoordinéiert Aart a Weis awer erausgestallt, dass praktesch iwwerall déiselwecht Äntwerte komm sinn. Bei den Amerikaner an zwou Etappen, ier se och déi Äntwert ginn hunn, déi déi europäesch Länner scho méi fréi ginn haten, fir op déi Finanzkris ze reagéieren. An déi Erkenntnis, dass een op eng globaliséiert Wirtschaft nëmme ka mat enger globaliséierter Politik äntwerten, déi mécht hire Wee.

Hoffnung och, well sech eng aner Erkenntnis eiser Meenung no duerchsetzt, nämlech déi, dass d'Marchéen eleng et net automatesch fäerdeg bréngen, fir Ëmweltschutz oder Klimaschutz ze errechen, well d'Marchéen eleng net automatesch derfir suergen, dass et sozial Gerechtegkeet gëtt. Och dat ass eng wichteg Erkenntnis, déi brécht mat villem, wat an de leschten 20 Joer an engem ëmmer méi rasanten Tempo an der Welt ënnerwee war.

Hoffnung awer och, well eng Kris jo och ëmmer eng Geleeeënheet ass, fir et besser ze maachen. Wann een d'Ursaache vun der Kris erkennt, kann een och fir déi Joren no der Kris eng besser Solutioun erreche wéi déi, déi ee gehat hätt, wann d'Kris net stattfonnt hätt, oder wa se nach eng Rei Jore viru sech gedémpelt hätt, ier se bemierkbar gi wier.

Hoffnung awer och, well den 20. Januar den George Bush ersat gëtt duerch en neien amerikanesche President. Den George Bush, e Mann, e President, deen à tout point de vue e katastrophale Bilan ze presentéieren huet. Souwuel wirtschafts- wéi finanzpolitesch wéi haushaltspolitesch wéi ëmweltpolitesch wéi sécherheits- a fridenspolitesch huet den George Bush et fäerdeg bruecht, all déi um Planéit, déi méi no beienee gehéieren, auserneenze-dreiwen, an déi, déi hie besser gehat hätt auserneenzehalen, zesummenzedreiwen.

Säi Bilan ass een, dee vu sengem Nofolger nëmme besser ka gemaach ginn. Am Kontext vun deem Wahlkampf vum Obama géint den Här McCain hat ech och eng Kéier d'Geleeeënheet, fir ze soen - an ech mengen och, dass et stëmmt -, dass et engem am Fong fir den Här McCain och bal ka leeddoen fir dat, wat hie bei de Republikaner duerstellt. Well hie wier och e ganz gudder President gewiescht déi vergaangen aacht Joer. D'Zukunft gehéiert awer fir eis ganz kloer dem Barack Obama.

Hoffnung awer och, well deen neien amerikanesche President een ass, dee vun Ufank un op Multilatéralisme setzt. Een, dee vun Ufank un der Meenung ass, dass d'Amerikaner net eleng kënnen decidéieren, wa se hir Problemer wëlle léisen; net wéi säi Virgänger dat ëmmer gemengt huet.

Mir hoffen awer och, dass et nach e leschte Punkt gëtt, fir Hoffnung ze hunn doduerch, dass deen neien amerikanesche President och an där Fro vun der Gefor vun nees Oprëschtung, vun de Rakéitenofwierprogrammer relativ séier no senger Wahl Signaler gesent huet Richtung Moskau, déi méi conciliant si wéi déi vu sengem Virgänger. Déi probéieren, déi dote wichteg Fro éischter zesummen ze léisen, an net ee géint deen aneren auszespillen.

Dat si Fakten aus de leschte Wochen a Méint, déi dofir och eng Rei Froen operwerfen, wou mer net ëmmer all d'Äntwerte kritt hu gëschter an der Deklaratioun vun eise Ausseminister. Notamment hu mer een Aspekt vermësst, praktesch integral vermësst.

Lëtzebuerg ass op enger Rei vu Plazen an der Welt präsent - militäresch präsent - mat meeschens jonken Zaldoten. Och wann et der mat hirer momentaner Gesamtzuel net schrecklech vill sinn, international verglach, esou sinn der awer och iwwert déi lescht Jore schon honnertert insgesamt vun der Lëtzebuurger Arméi am Ausland an engem militäreschen Asaz gewiescht. Och wann dat keng offensiv Truppe sinn, déi Lëtzebuerg stellt, esou hu se awer eng militäresch Präsenz a Krisegebiddere vun dëser Welt.

Et gëtt hei zu Lëtzebuerg jo net vill doriwwer geschwat. Och net am Parlament. Och net, wann déi Mandater sollen accordéiert oder verlängert ginn, an och net an der Öffentlechkeet am Allgemengen. Déi Saachen, déi ginn zu Lëtzebuerg am Moment nach unni grouss an unni gréisser Diskussiounen uegeholl als dee Bäitrag, dee mer solle leeschten.

Mä dat kann änneren. Dat kéint änneren, wann zum Beispill och engem Lëtzebuurger Zaldot an der Missioun eppes géif geschéien. Wat keen hofft, wat kee wënscht, mä wat och kee kann ausschléissen. Dofir menge mer, dass och den Ausseminister bei senger Deklaratioun op deen doten Aspekt vun der Lëtzebuurger Aussepolitik hätt missen agoen.

Ze soen, wéi, opgrond vun deem, wat international a Bewegung ass, sech Lëtzebuerg gedenkt ze positionéieren an deenen dote Konflikter, an deene Konflikter, wou mer Präsenz hunn um Terrain, ob dat am Kosovo ass, ob dat a Bosnien-Herzegowina ass, am Kongo, am Libanon, am Tschad oder an Afghanistan, wou mer jo och e relativ groussen - fir Lëtzebuurger Verhältnisser - Kontingent hunn.

Grad an Afghanistan deite sech jo Ännerungen un duerch deen neien amerikanesche President, dee souwuel op der Irak-Fro wéi op der Afghanistan-Fro eng nei Linn wëllt aschloen an dee sech dat anescht virstellt wéi säi Virgänger.

Mir hätte gär vum Ausseminister héieren, wéi d'Lëtzebuurger Regierung op déi Iddië vun neien amerikanesche President, fir an Afghanistan méi schwéierpunktméisseg an den nächste Jore virzegoen, wou hien och

d'Hand ausstreckt, fir dass anerer och méi schwéierpunktméisseg an Afghanistan präsent sinn, am europäesche Kontext an awer och an de bilaterale Relatiounen mat den USA gedenkt sech op där doter Fro ze positionéieren a wéi eng Äntwert dass mer ginn.

Wäert Lëtzebuerg an den nächste Jore seng Präsenz an Afghanistan eropsetzen oder net? Dat ass eng Fro, op déi mer gärden eng Äntwert vun der Regierung hätten.

Ech hu virdru gesot, dass sech d'Erkenntnis géif duerchsetzen, dass global Problemer och global politesch Äntwerte géife verlaangen. An dat ass wouer fir eng Rei vu wesentlechen Domänen: Fir d'Finanzwelt; wann et drëms geet, de Planéit ze ernären, dass jiddferen ze iessen huet; wann et drëms geet, weltwäit derfir ze suergen, dass jiddferen ze drénken huet; wann et drëms geet, weltwäit derfir ze suergen, dass jiddferen am Fridde ka liewen; an awer och - an dat ass fir eis Gréng ee besonnesch wichtige Punkt - wann et drëms geet, derfir ze suergen, dass effektiv Léisungen am Kontext vun der Lutte géint de Klimawandel endlech géifen op d'Tapéit kommen.

Mir gesinn elo eng Gefor. An et héiert ee jo och schon eenzel Leit esou schwätzen. Elo, wou mer eng Finanzkris hunn, eng ganz grouss Finanzkris mat Impakter op d'Realekonomie, héiert een déi nees, déi soen: Jo, da muss dat elo d'Prioritéit ginn. Dat ass méi wichteg wéi déi Klimaaspekter. Mir mussen elo wéinst der Finanzkris an der Wirtschaftskris fir eng Zäitchen dann eben och déi ganz Debatt ronderëm d'Lutte géint de Klimawandel vläicht e Stéck hannendrustellen. Déi also soen, dass déi zwee getrennte Weeër lafen, dass d'Lutte géint de Klimawandel e bëssen elo an dësem Moment eng Zort Luxuspolitik wier, déi mer eis elo net kéinte leeschten, well mer elo aner, méi urgent, méi wichteg Problemer hätten.

Mir sinn der Meenung, dass, wann op déi géif gelauschtert ginn, d'Auswierkungen dovunner kuerz-, mëttel- a laangfristeg - an ech weie meng Wieder - katastrophen wieren. Déi zwee si méi enk matenee verknäppt, déi sinn ontrennbar matenee verknäppt. Och dat, wat iwwert den Ëmwee vun der Finanzkris an d'Wirtschaftskrise riskéiert eranzurutschen, ass ganz enk mat der Energiefro verknäppt, an d'Energiefro ass ontrennbar verknäppt mat der Fro vum Klimawandel.

De Pétrol ass elo ëm villes nees méi bëlleg ginn, an dat bréngt dann och déi Leit dozou ze soen, voilà, op där Front do ass vläicht elo net méi dee gréissten Drock, mir kënnen do mam Drock vläicht e bëssen noloossen. En ass jo wierklech vill gefall. Mä dat ass awer eng scho bal kënschtlech Baisse, déi de Pétrol am Moment matmécht. A wa mer dat elo géifen aus den Ae verléieren, wann dat d'Zeeche wieren an der internationaler Politik, wann dat d'Zeeche wieren, wa weltwäit matenee geschwat gëtt, wéi een aus der Finanz- a Wirtschaftskris erauskéint, da kann ee sécher sinn, dass an den nächste Méint a Joren all Wirtschaftswuesstum, dee mer nees kéinte kréien, wa mer aus der Kris eraus wieren, eent zu eent vum Präis vum Pétrol erëm géif opgefriess ginn.

Ass et dat, wat mer wëllen? Ech mengen net, dass et dat ass, wat mer solle wëllen. An duerfir soll ee ganz kloer do mam Drock net noloossen an d'Aen net verschléisse virum Fait, dass déi Saachen ontrennbar matenee verknäppt sinn.

Duerfir ware mer och frou, wéi mer net méi spéit wéi gëscht den neien amerikanesche President héieren hunn, deen erëm eng Kéier widderholl huet, dass hien an der Lutte géint de Klimawandel seng Engagementer aus dem Wahlkampf net géif verwässeren, dass hien déi géif oprechterhalen, och wann hie President wier. Fir hien ass d'Lutte géint de Klimawandel d'Topthema Nummer 1. Et ass de prioritären Dossier oder ee vu senger prioritären Dossier fir säin éischt Mandat vun den nächste véier Joer.

Hien huet och Zuele genannt. Hie wëllt eppes an der amerikanescher Wirtschaft veränneren, déi jo an dësem Dossier hei alles anescht wéi virbidlech ass an déi lescht aacht Joer et nach vill manner ginn ass. Hien huet Zuele genannt, den neie President: Hie wëllt an den USA bis 2020 den CO₂-Ausstouss ëm 25% reduzéieren an hie wëllt a sengem nächste Mandat d'Weihe setzen, dass bis 2050 d'americanesch Wirtschaft hir CO₂-Emissiounen ëm 80% géif reduzéieren.

Dat ass fir eis dee richtege Wee: e gréngen „new deal“ auszeschaffen, net just en „new deal“, fir aus der Wirtschaftskris erauszekommen, mä déi Kéier muss et e gréngen

„new deal“ sinn, en „new deal“, deen et gläichzäiteg fäerdeg bréngt, d'Ëmweltkomponent ze integréieren an déi Diskussiounen, dass mer also déi Post-Kyoto-Diskussiounen am Liicht vun deem gréngen „new deal“ féieren, soss komme mer net zu Konklusiounen, déi eis wesentlech géife virubréngen.

An och de Sir Nicholas Stern, deem säi Rapport jo och vill Leit geréselt huet virun net allze laanger Zäit, huet gesot virun zwee Deeg, dass déi Finanzkris an hiren Impakt op d'Realekonomie, déi mer elo erliewen, nëmme e Virgeschmaach géif riskéieren ze si vun deem, wat eis géif erwaarden, wa mer ënnert dem Drock an dem Androck vun deem, wat mer haut erliewen, géifen um internationale Plang bei den Diskussiounen de Vollet vun der Lutte géint de Klimawandel ignoréieren. Dat huet en Effet multiplicateur, dee méi wäit geet a sengen Auswierkungen, wéi dat, wat mer elo an de leschte Méint a Wochen erlieft hunn.

Duerfir ass och d'Fro ganz wichteg, wéi sech d'Lëtzebuurger Regierung op deenen Dossier stellt. Mir ware frou, den Här Asselborn ze héieren, zu deem doten Thema eppes ze soen. Dat war an de leschte Joren a sengen aussepolitischen Deklaratiounen net oft de Fall. Mir sinn ausdrécklech frou doriwwer, dass hien a senger Ried vu gëschter och op des Aspekter agaangen ass. Mä dat bréngt awer och den Ausseminister e bëssen an eng Bringeschuld, wat d'Virstellung vun der Lëtzebuurger Regierung betrëfft, wéi dann an Zukunft déi international Architektur soll sinn op deenen Dossieren.

Ass et nach tragbar, wa mer a klenge Clibb wéi dem G8 matenee probéieren, d'Problemer ze léisen, oder muss een net wierklech och vun Europa aus déi Impulser setzen, déi fir eng komplett reforméiert Architektur vun den internationale Relatiounen plädéieren, mat enger Reform vun der UNO, mat virun allem eben engem Abanne vun all den Entwécklungslänner, vun de Schwelälänner an all déi doten Diskussiounen? Ouni déi ass déi Diskussioun net op eng Konklusioun ze féieren, déi gewënnbréngend wier.

E leschte Punkt - well meng Zäit an enger Minutt schon ofleef - zum Thema Ofrëschtung. Och do hu mer jo scho vu russescher Säit en éischten Test a Richtung Obama kritt, wéi se den Dag nom Obama senger Electioun annonciéiert hunn, dass se wëilten an der Enclave vu Kaliningrad och Ofrëschtung stationéieren. Dat ass eng Äntwert op dem George Bush seng Politik, fir a Polen an Tschechien, wou hien och Accordé kritt huet, Ofrëschtung géint - dat ass d'americanesch Positioun - den Iran dierfen opstellen.

Mir hoffen, dass déi rezent Ausso vum Här Medwedjew, deen och elo ufänkt, éischter fir gemeinsam Solutiounen an dëser Fro vun der Rakéitenofwier ze plädéieren, déi ass, déi hire Wee wäert maachen.

Mir hoffen als Gréng, dass dat Stéchwuert vun der Ofrëschtung erëm e ganz modernt Stéchwuert gëtt. Dat war lang Joren, während der Zäit vun Kale Krich an och duerno, e wichteg Stéchwuert an ass an de leschte Joren e bëssen an de Vergiess geroden. Mir stellen am Moment éischter de Contraire vum Trend fest. Och wann ee kuckt, wéi d'Militärdépendenz sech weltwäit entwéckelt hunn, ka vun Ofrëschtung néierens méi op der Welt iwwerhaapt nach Rieds goen.

Dat misst och e Schwéierpunkt si vun der internationaler Politik vun der gesamteuropäescher Unioun an natierlech och e Rôle, dee Lëtzebuerg soll ënnerstëtzen, fir dass dat Stéchwuert vun der Ofrëschtung wierklech erëm eent ass, wat am Agenda genausou héich uewe steet, wéi dat vun der Finanzkris oder - esou hoffe mer - wéi dat vun der Lutte géint de Klimawandel.

Dat gesot soen ech lech, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci fir Är Opmierksamkeet an erwaarden d'Äntwerte vum Ausseminister op déi zwou, dräi Froen, déi mer haut nach eng Kéier méi prezis gestallt hunn.

Merci.

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den nächste Riedner ass den Här Henckes. Den Här Henckes huet d'Wuert.

►►► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Lëtzebuurger Aussepolitik ass fir d'alleréischte do, fir Lëtzebuurger national Intérëten an der Welt ze verdeedegen. D'Lëtzebuurger Aussepolitik kann, mä muss net mat der europäescher Politik deckungsgläich sinn. Europa ass dofir do, fir déi gemeinsam Intérëten, notamment wéi elo an der Finanzkris, wéi am Klimawandel, ze ver-

deedegen, wou mer alleguerten déiselwecht Ziler sollen hunn. Dofir ass Europa do, mä et gëtt awer och nach Differenzen. Deckungsgläich ass et net.

D'Haaptzil vun der Lëtzebuurger Aussepolitik gëtt mat gutt gemengten Allgemengheeten ëmschriwwen. Ech zitieren hei den Här Ausseminister: „D'Zil vun der Aussepolitik ass et, d'Nervosität um Globus ofzebauen, fir se duerch d'Asiicht ze ersetzen, dass d'Rieder vun den internationalen Interessen aneuegräife mussen, fir der Stabilitéit, dem Friden an der Mënschlechkeet eng Chance ze ginn.“

Dëst ass net falsch, Här Ausseminister. Mä dofir eleng bezuele mer nach keen Ausseminister!

(Hilarité)

Mir vun der ADR wiere frou gewiescht, wann Der eis gëschter méi wéi eng journalistesch Weltrees ugebueden hätt, wou Der een hannert deem aneren déi eenzel Zitater, déi an den Zeitunge fonnt gi sinn an den Headlines, opgezielt hutt. Mir hätte gär gewosst, wat Dir konkret selwer fir Lëtzebuerg gemaach hutt. A wéi ech an Är Ried nogekuckt hunn, konnt ech net ganz vill dor-iwwer fannen. Dir hutt héchstwahrscheinlech och näischt opgezielt, well näischt gemaach ginn ass.

Eis fällt emol fir d'éischt eppes op, wat Der net gesot hutt, wouvunner Der all déi Jore virdu geschwat hutt an dëst Joer net. Zënter Joren erzielt Der eis hei an der Chamber, dass Dir gär hätt, dass Lëtzebuerg soll Member vum UNO-Sécherheitsrot ginn. Dovunner hutt Der gëschter kee Wuert gesot.

Heescht dat, dass d'lëtzebuergesch Regierung déi Iddi opginn huet? Ech huelen un, dass just ee Joer, e puer Méint virun de Wahlen Dir dat vläicht net wollt soen. Mä vläicht besteet et nach.

Zweetens, wann een lech nolauschtert, Här Ausseminister, muss d'lescht Joer hei an Europa an apaart an onser Noperschaft kee Problem do gewiescht sinn. Or, mir diskutieren e Benelux-Vertrag, an ech hu kee Wuert héieren iwwert déi Problemer, déi an der Belsch sinn an déi Orientierungen do. Huet d'lëtzebuergesch Regierung dozou e puer Iddien? Wat ergëtt sech dann an deem neie Benelux-Vertrag, dee muss verhandelt ginn?

Drëttens, d'Europäesch Unioun. An deem Kontext wollt ech och e puer Froe stellen, en vue vun deenen Aussoen, déi Der gëschter gemaach hutt bezüglech den EU-Kommissaren.

Ech hat geduecht ze verstoen, dass en Accord um europäeschen Niveau ass, well den Traité de Nice dat esou virgesäit, dass ee Land muss op en EU-Kommissar verzichten, well deen Ablack den aussepolitische Spracher vun der EU géif mat an dee Pak gezu ginn, an dat Land, wat dee Minister, dee Représentant hätt, géif dann automatesch op de Member an der Europäescher Kommissioun verzichten.

No deem, wat ech gëschter awer esou héieren hunn, kéint ee bal unhuelen, dass d'lëtzebuergesch Regierung den Accord ginn hätt, fir op e lëtzebuergesche Kommissar ze verzichten. Dofir wollt ech lech froen, Här Ausseminister, wéi d'Positioun vun der Lëtzebuurger Regierung an där Fro ass. Sidd Dir gewëllt, op dee Wee ze goen, oder hutt Dir eng aner Meenung? Do misst eng kloer Ausso kommen.

Mir mengen op jiddfer Fall, dass Lëtzebuerg net als dat klengste Land, oder eent vun deene klengste Länner an der EU, direkt misst dat Land sinn, wat hei misst op een EU-Kommissar verzichten.

Da mengen ech och, dass een, speziell als klengt Land, muss méi Respekt weise vis-à-vis vum ireschen Neen. Et gëtt vun alle Säiten Drock op dat Land an op déi Bierger ausgeübt, fir dass se hiren Iertum, wéi gesot gëtt, misste redressieren. Wann een de Sondage vum 8. November kuckt, deen an den Zeitungen an Irland publizéiert ginn ass, da gesäit een, dass elo nach ëmmer 39% vun de Leit géint den Traité sinn, 34% wieren derfir, an de Rescht, déi 17, 18 aner Prozent, déi hu sech nach net decidéiert, mä sinn awer éischter kritesch agestallt zu dem Text. Op jidde Fall ass d'Populatioun bal eestëmme der Meenung, dass een net méi nach eng Kéier sollt an esou kuerzer Zäit iwwert den Traité ofstëmme.

An Tschechien, sinn ech elo gewuer ginn, gëtt et Schwierigkeiten, fir 60% vun de Sénateuren ze iwwerzeegen, mat Joer ze stëmme. Mir als ADR mengen, dass wichteg Décisiounen an der EU musse mam Bierger geholl ginn, iwwert de Wee vum Referendum, an dass een déi Resultater och muss respektieren. D'EU soll net just vun e puer Elite gemaach, ausgeweit an definéiert ginn.

Da fuerdere mer - an ech mengen, do schéngt jo e Konsens hei an de Parteien ze sinn -, dass mer all Kéiers déi Dokumenter, déi um europäesche Plang an der Virbereedung sinn, solle mat Zäit vun der Regierung kréien. Mir wäerten och eng Proposition de loi eraginn, fir eng Revisioun vun der Constitution an deem Sënn ze maachen, esou wéi Däitschland a Frankräich dat hunn.

Ech mengen, dat ass jo och en Accord, dee mer elo schonn deelweis mat der Regierung hunn, mä et schéngt awer esou ze sinn, dass e puer Ministere sech net drun halen. Wéi kéint et soss sinn, dass mer zum Beispill erausfonnt hunn, dass eng Direktiv an der AUSAARBECHUNG ass, déi d'Quellesteier wëllt ausweiten? Aner Parlamentarier haten déi virbereedend Dokumenter, d'Press huet dovunner geschriwwen. Hei zu Lëtzebuerg si mer eréischt, nodeem mir als ADR gefrot haten, fir dee Punkt op den Ordre du jour ze kréien, gewuer ginn, dass esou een Dokument elo zur Verfügung stéing. Do muss ee soen, dass d'Aart a Weis, wéi verschidde Ministere mat der Chamber ëmginn an den Dialog och sichen um europäeschen Niveau, vu Ministère zu Ministère verschidden ass, an dat muss sech änneren.

Dann hu mer och bedauert, Här Ausseminister, dass mer an der Affär vum Secret bancaire a vun deene Steierparadies-Accusatiounen net op déiselwecht Aart a Weis reagéiert hu wéi d'Schwäiz zum Beispill, déi déi eenzel Ambassadeure geruff huet, fir eng Debatt ze féieren. Vlächicht hunn ech dat net gemierkt, vlächicht ass dat geschitt, mä op jiddfer Fall ass et net no bausse gedrongen.

Da mengen ech och, dass ee muss, wann een esou ugegraff gëtt als Land, en Argumentaire bréngen, well wann et ee Land gëtt, wat e Steierparadies ass, dann ass dat Frankräich. Wéi kann et soss sinn, dass op Basis vun engem Rapport vun der Administration des Contributions directes festgehale gëtt, dass d'Leit mat engem Akommes vun iwwer zéng Milliounen Euro 3,24% Steiere bezuelen? Dat ass e Paradis fiscal. Dat muss nach heiansdo gesot ginn!

Da sollt een och nach festhalen - anonym Konte si jo verbueden -, dass et a Frankräich „bons du trésor anonymes“, „bons de capitalisation anonymes“ gëtt, wou Der Zënse kritt, mat enger starker Retenue à la source, mä wat wéi Geld gehandelt gëtt a wat total anonym ass. Do gesäit een, dass dat zum Beispill ee vun de Moyeren ass, wat a Frankräich fir Drogegelder an Ähnlech gehandelt kéint ginn. Dofir mengen ech, dass, wann esou Accusatiounen géint onst Land erhewe ginn, ee muss méi schaarf dorobber reagieren.

Mir mussen och festhalen, dass mer, vun deene villen Themen a Froen, déi an der Ried vum Här Ausseminister abordéiert gi sinn, bereet sinn, verschidde Saache matzedoen. Mä et muss een awer ervirsträchen, dass mer ons och verschidde Froe stellen, nodeems mer Är Ried gëschter héieren hunn, an där Dir gesot hutt, Dir wëllt eng Partie Ambassaden an Asien hunn. Dat ass schéin a gutt, mä vill Sënn mécht et awer net. A vill Gläichgewicht hu mer op deem Gebitt och net. Firwat hu mer keng Ambassade a Südamerika? A keng am Noen Osten, oder am arabesche Raum? Dofir froen ech, Här Ausseminister, ob Dir ons do kënnt eng Äntwert ginn, firwat d'Regierung just nure wëllt an Asien goen an net an déi aner Länner?

Dir hutt och an Är Intervention, mat Recht, gesot, dass een den Dialog mat Russland soll weiderféieren. Prinzipiell begrëisse mer dat. Ech hunn awer och gemierkt, dass Dir déi Diskussiounen iwwer Südostasien an Abchasien an d'Unerkennung vun deenen als souverän State bedauert hutt, wann ech et esou kann ausdrécken. Mä et muss een awer och soen, a mir bleiwen der Meenung, dass, wann europäesch Staten de Kosovo unerkennen, et zimlech logesch ass, dass dann aner Länner, wéi Russland, och op där Basis do hir Unerkennung maachen. Dofir wäert et héchstwahrscheinlech an den nächste Joren dozou kommen...

» M. le Président. - Här Henckes, Är Riedezäit ass ofgelaf.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech weess dat, Här President. Ech wollt just nure soen, dass ech bedauern, dass dës Regierung véier Leit huet, déi sech ëm d'Aussepolitik këmmere, dass mer d'Impressioun hunn, dass jiddfere fir sech schafft, an dass mer eng koordinéiert Aussepolitik brauchen. Ech hoffen, dass dat ënnert der nächster Regierung wäert de Fall sinn.

» M. le Président. - Merci, Här Henckes. Den nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Merci, Här President. Haut ass jo meng lescht aussepolitisch Interventioun an dëser Legislaturperiod, dofir wëll ech mech da kuerz zu deem engen oder deem anere Sujet äusseren. Déi allgemeng Meenung iwwert den Traité vu Lissabon ass jo anscheinend déi, dass mer den Ire méi Zäit solle loossen, fir dass se sech net nach eng Kéier iren. Bon, ech géif mengen, dass dat eng gutt Initiativ ass.

Ech wëll awer och dorobber agoen, wat ech vum Spracher vun der grénger Fraktioun héieren hunn, wéi en hei fir d'Ofrüstung plädéiert huet. Do war ech zwar e bëssen erstaunt, well wann een en Traité vu Lissabon stëmmt oder e konstitutionellen Traité gestëmmt huet, wou kloer Oprüstungskritären drastinn, da sinn ech awer frou, dass endlech e Mentalitéitswiessel komm ass, an dass se esou een Traité dann an Zukunft jo hoffentlech net méi wäerte stëmme.

Här President, den Här Mosar huet de Kongo ugeschwat, an en huet dobäi och vun Tutsien an Hutue geschwat. Ech wëll lech just soen, dass ech de Kongo an déi Region kennen, an dass et do scho laang net méi ëm ethnisch Auseensetzungen geet. Do geet et just drëm, dass eng Rei rücksichtslos Mercenarien, am Optrag vun de Finanz- a Wirtschaftslobbyen, d'Plaz propper maachen, fir dass d'Rächtümer vun deem Land einfach an ouni Problemer kënnen ausgebeut ginn. Dat ass d'Situatioun am Kongo, an dat huet bis elo an deene leschte 15 Joer fënnf Milliounen Mënschen d'Liewe kascht.

Et wär derwäert, dass wierklech och Lëtzebuerg sech do emol méi bewegen an och méi awierke sollt. Och Europa muss endlech do fuerf bekennen an derfir surgen, dass net nëmme UNO-Zaldoten als Touristen do erëmtrëppelen, mä dass se awer och emol endlech d'Roll solle kréien, fir kënnen d'Leit wierklech ze schützen an net nëmme nokucken, wéi do Kanner a Frae mutiléiert an opgeschlitzt ginn, ouni dass ee mam Ouer wackelt.

Ech wëll awer nach op en anere Problem an der Region vun de Grousse Séien opmierksam maachen, an dat ass de Problem vun den Tropebëscher. Do ware Kontrakter, Permissen ausgestallt ginn, fir 45 Milliounen Hektar Tropebëscher ofzeholzen. Lëtzebuerg participéiert iwwert d'Weltbank un engem Fonds multibaillieurs fir de Kongo. Dee Fong ass geduecht, fir dass dat Land Sue genuch kritt, fir déi Tropebëscher, ebe fir de Patrimoine vun den Tropebëscher ze schützen.

2005 ass e Moratoire ausgeschwat gi fir déi Permissen, wat zur Konsequenz hat, dass vun deene 45 Milliounen Hektar elo nach just 25 Milliounen Hektar kënnen ofgeholzt ginn. Mä dat ass 10% vum Patrimoine vun deene ganzen Tropebëscher an der Region vun de Grousse Séien. Dat muss ee sech emol virstellen!

Et ass en Observateur indépendant genannt ginn, fir ze iwwerwaachen, wéi dat dann elo mat deene Permissen do gehandelt gëtt. Et soll och eng Revisioun vun den Autorisatiounen gemaach ginn, fir ze verhënnere, dass nach méi Tropebëscher ofgeholzt ginn an dass och nach méi Permissen ausgestallt ginn.

Mä d'Konsequenz ass: Wa mer och do net agräifen, da kréie mer do wéinst der humanitärer Kris och nach eng ökologesche Kris; well et ass einfach onverantwortlech, wann een et zouléisst, dass 10% vum Patrimoine vun den Tropebëscher an der Region vun de Grousse Séien ofgeholzt ginn.

An déi Leit dohanne muss ee verstoen, well wann ee weess, dass ee fir e Mahagonibam dausend Dollar kritt, wann een dee verkeeft, ech mengen da versteet een, dass déi Leit dohanne d'Zesammenhäng vun enger ökologescher Kris net verstinn, dass déi Leit keng Suen hunn an op déi Aart a Weis wëlle Geld verdéngen. An dat gëtt rücksichtslos vun der Holzindustrie ausgenutzt.

Mä et muss een agräifen, well soss erliewe mer nach eng Kéier esou eng Katastroph wéi grad an anere Länner. Ech mengen och dat wär derwäert, fir einfach eng Kéier emol vun der Regierung do mat anzewierken.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Jaerling. Dann ass déi lescht Riednerin d'Madame Err. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

» Mme Lydie Err (LSAP). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, wéi meng Virriedner wollt ech dem Ausseminister an och dem Europaminister Merci soe fir déi Disponibilitéit, déi si an europäeschen an aussepolitischen Affäre vis-à-vis vun der Chamber un den Dag leeën, an ech wollt mech och formell den Aussoe vum Här

Goerens uschlëssen, dee fir Gläichheet plädéiert huet, Gläichheet an der EU zwëschent deene groussen an deene kleng Memberstaten.

Ech wollt haaptsächlech zu Europa e puer Wuert soen an ufänke mat zwou Froen:

Déi éischt, ob et richtig ass, wann een d'Gefill kritt, dass den Dram oder d'Visioun respektiv de Modell vun Europa um Verlatze wier. Oder kann ee sech un dee leschten Eurobarometer riichten, deen éischters ergëtt, dass an der Europäescher Unioun 61% vun de Leit mengen, dass hiert Land an Europa gehéiert huet?

An déi zweet - an déi ass eigentlech positiv fir Europa -, ob et richtig ass, dass d'Europäer, mat ganz wéinegen Ausnahme wéi zum Beispill Eisträich, Schweden a Finnland, soen, dass hiert Vertrauen an d'EU méi grouss ass wéi dat an hir eege Regierungen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Egal wéi een dat doten dréint - et kënnen déi eng oder déi aner aus deene Sondagen dat eraussichen, erauslesen, wat se wëllen -, et bleift, dass ëmmer dann, wann et schwierig gëtt, wann d'Leit et mat der Angscht ze di kréie wéinst Wirtschaftskris oder wat och ëmmer, d'Tendenz besteet, fir „déi vu Bréssel“ derfir verantwortlech ze maachen. An dat heescht dann, dass d'europäesch Institutiounen dobäi schlecht ewechkommen.

Et gëtt zum Beispill och an deem Kontext ganz gare gesot, dass d'Europäesch Unioun haaptsächlech e Waasserkapp vu Fonctionnaire wier. Wann een awer d'Zuele kuckt, da gesäit een, dass d'Europäesch Unioun, zoustänneg fir bal eng hallef Milliard Bierger an Europa, net méi Fonctionnaire huet - ech weess, dass dee Vergläich net ganz stëmmt, mä ëmmerhin ass en awer prägnant - wéi d'Stad vu Paräis, déi natierlech och aner Responsabilitéiten huet. Ech mengen einfach, dass et gutt ass, eng Kéier d'Saachen an e Verhältnis ze setzen.

Ausserhalb vun Europa awer blénkt de Stäer vun der Europäescher Unioun weider. An dat ass eigentlech dat Verréckt bei der Geschicht, dass déi, déi am meeschte Profit dovunnergedroen hunn, am meeschte Skepsis vis-à-vis vun deem Modell Europa un den Dag leeën.

Wa mer wëssen, dass haut déi 27 europäesch Memberstaten zesumme 7% nëmme vun der Weltbevölkerung duerstellen, awer 30% vum PIB vun der Welt, da kann een op jidde Fall sech nëmme froen, wou mer higesteiert wieren an deene leschte Jore par rapport zu den Zuele vun der Weltbevölkerung, a wat mer als 27 Staten nach an enger globaliséierter Welt ze soen hätten.

Déi Remarque géllt natierlech besonnesch fir e Land wéi Lëtzebuerg, dat op enger Weltkaart esou kleng ass, dass een den Numm net emol dran erëmfënnt.

D'Euroskepsis ass duerfir schwéier verständlech, well dat richtig ass, wat de Jean Monnet scho viru 50 Joer gesot huet, wéi en d'Iddi vun der CECA hat. En huet se motivéiert, an ech liese vir, amplaz en ze iwwersetzen: «Nos pays sont devenus trop petits pour le monde actuel à l'échelle des moyens techniques modernes et à la mesure de l'Amérique.»

Wann dat deemoools richtig war, mat enger Bevölkerungsstruktur, déi aneschtens war, mat engem Wirtschaftszentrum, dee praktesch nëmme op enger Säit vun der Welt ze fanne war, an zwar an Amerika, wa mer haut kucke mat anere Wirtschaftszentren, déi haaptsächlech am Oste sinn, an Amerika, a Russland an Europa derbäi, da freet ee sech, wéi et méiglech ass, dass mer mat deenen Zifferen an deene Realitéiten, déi mer hunn, nach woen drun ze zweifelen, dass Europa et fir eis bruecht huet.

Et ass jo och bezeichnend, dass iwwerall aneschtens op der Welt wéi an Europa, sief dat an Zentral- oder Südamerika, sief dat an Asien, Südostasien, ëmmer nach weider Europa als Modell gehandelt gëtt, während et hei Schwierigkeiten huet, aus senger Spur, aus der Ornière erauszekommen, fir sech esou ze entwéckelen, wéi d'Augmen-

tatioun vun der Zuel vun de Memberstaten et géif erlaben.

Et ass sécherlech bedauerlech, dass déi lescht Verträge, déi d'Regele vum Spill hätte sollen änneren, net ugeholl sinn, mä mir kënnen net domadder stoe bleiwen. Mir kënnen och net weiderfuere iwwert d'Diere vun den Iren ze diskutéieren, well dat wat virdu bei anere Länner de Fall war, ka muer an erëm engem anere wéi déi, déi bis elo concernéiert waren, de Fall sinn, esou dass mer musse kucken, wéi mer weiderkommen an der aktueller Situatioun; an dat ass am Fong dat, wat ech haut wollt a kuerzer Zäit probéieren ze kucken.

An engem normale Veräin, sief dat eng Handelsgesellschaft, sief dat eng Associatioun oder sief et e Keeleclub, ass et esou, dass, wann een an eng Gesellschaft erageet, da muss een d'Regele vum Spill respektéieren, a wann dat net de Fall ass, da geet een eraus. Wann do sollen Ännerunge passéieren, dann ass et normalerweis esou, dass ee se soit akzeptéiert oder dass een, wann ee se net akzeptéiert, da geet, oder déi aner jiddefalls net empêcheiere kann, sech weiderzeentwéckelen.

Dat, wat fir normal Gesellschaften an Associatiounen géllt, misst eigentlech och mutatis mutandis an der Europäescher Unioun de Fall sinn, et sief dann, dass de politesche Wëllen, fir ouni nei Instrumenter weiderzuekommen, net staark genuch wier.

Ech mengen, dass ee misst kucken, fir och mam Traité vun Nice, wéi mer en elo hunn, weiderzuekommen. Et kéint een zum Beispill Iwwerleeungen ustelle wéi déi, déi och schonn deelweis hei ugeklonge sinn: Zum Beispill d'Visibilitéit vun der Unioun um internationale Plang verbesseren doduerch, dass ee géif probéieren, sief dat an deenen offizielle Gremië wéi an der UNO an am UNO-Sécherheetsrot, mat engem Sëtz fir Europa vertrueden ze ginn, an och an deenen informelle Gruppen, sief dat de G8, de G2 - an hoffentlech net de G1, wéi de Charles Goerens en hei ugekënnegt huet -, ze probéieren, net nëmmen als europäesch Memberstaten opzetrieden, an ënnert deenen eventuell méi méigleche Kandidaturen een als Europavertrieeder ze huelen.

Dee viru kuerzem verstuerwene Bronisław Geremek huet och e puer Propose gemaach, déi ee sech kéint iwwerleeë fir weiderzuekommen. En huet zum Beispill gesot, dass näischt eis géif haut empêcheieren, den Haut Représentant fir d'Aussepolitik de Conseil «Affaires étrangères» presidéieren ze loossen an em domadder implizit am Fong eng Fonctioun vun engem europäeschen Ausseminister ze ginn, och dann, wann et Oppositioune gétt, fir iwwerhaapt deen Titel ze gebrauchen. Deeselwechte Geremek huet och gesot - a menger Meenung no ass dat richtig -, et géif eis elo näischt empêcheieren, dat legislatiivt Initiativrecht fir d'Bierger anzeféieren, mat oder ouni neien Traité.

An - an dat ass eng interessant Proposition; déi lescht vun dräi vum Bronisław Geremek sengen Iddien, déi do gemaach ginn ass - et ass net verbueden driwwer nozedenken, e Referendum ze organiséieren, europawäit, mat d'ärselwechter Fro an deeselwechten Dag, iwwert déi simpel Fro, déi vill Problemer géif léisen: Wëllt Dir, Jo oder Neen, dass an Europa kann ouni Unanimitéit iwwer nei Gebidder ofgestëmmt ginn?

Dat wieren einfach Froen, wou einfach Äntwerte méiglech wieren. Et kéint een och nach eventuell eng zweet Fro drucknäppchen, fir d'Saache wierklech kloerzemaachen: Wëllt Dir, wann Äre Wonschziedel net an Erfülling geet, an der Unioun bleiwen oder net? Eng gutt Fro, och wa mer wëssen, dass mer de Moment jo eigentlech keng Méiglechkeet hunn, fir aus der Unioun erauszekommen?

Et kéint een och, an dat hunn aner Leit schonn iwwerluecht, nei europäesch Projete an d'Welt ruffen; wéi dat mat der CECA deemools geschitt ass, just op anere Gebidder. Energie, Klimawandel, Recherche, Environnement sinn alles Themen, déi d'Leit ganz vill interesséieren. Sécherlech wieren dat Themen, mat deenen Europa kéint méi begeeschteren, wéi mat munchen, déi mat Institutiounen ze dinn hunn.

Et kéint een natierlech och weinstens emol diskutéieren, ob et normal ass, dass et

Länner an Europa gétt, déi kee Mindestloun hunn a kee Mindestakomes hunn. Och wa mer wëssen, dass mir et natierlech méi einfach hunn, iwwer esou Saachen ze schwätzen, well mir béides hunn, muss et erlaabt sinn, fir esou eng Diskussioun unzekuebelen, och wa mer sécher sinn, dass dann déi Montanten, déi eventuell am Gespräch wieren, net an all Land kéinten déiselwecht sinn.

Mä dat wieren, léif Kolleegen a Kolleginnen, sécherlech Themen, déi d'Leit dobausse kéinten interesséieren.

Da mengen ech och nach, dass een eppes misst maachen, wou Europa bis elo op jidde Fall ganz schwaach war. Dat heescht, eppes fir d'Séil maachen, pour l'âme de l'Europe, wéi ee géif op Franséisch soen. Op Lëtzebuergesch klängt dat e bësse gelungen, eventuell kënt ee soen, eppes fir d'Zesummegehéieregkeetsgefill. Well och wa mer an Europa déiselwecht Kultur hunn, déiselwecht Geschicht gréisstendeels, och wa mer verschidde Geschichtsbücher iwwert déiselwecht Événementer hu mat anere Contenen, esou ass et dach kloer, dass dat Zesummegehéieregkeetsgefill ëmmer dann ophält, wann d'Duerchsetze vun engem partikularen Interessi zur Diskussioun steet.

Duerfir denken ech, dass ee sech och do misst Gedanke maachen a beispillsweis probéieren e Geschichtsbuch iwwer europäesch Geschicht ze schreiwen, wat an allen europäesche Länner kënt gebraucht gi mat deenen Argumenter. Dat géif nämlech bedeiten, dass mer net nëmmen d'Geographie an d'Geschicht gemeinsam hunn an domadder och d'Kultur, mä eventuell géif et och kënnen opweisen, dass dat, wat eis verbënnt, eigentlech vill méi staark ass, wéi dat, wat eis heiansdo dividéiert.

E gemeinsamen Europafeierdag hu mer schonn. Leider ass en net fräi. Eigentlech sollt een driwwer nodenken, ob een en net kënt auskoppele géint en aneren nationale Feierdag, fir dass et een Dag am Joer géif ginn, wou d'Leit op der Welt sech all als Europäer géife spieren, sief et nëmmen doduerjer, dass se deen Dag net bräichte schaffen ze goen a sech driwwer géife freeën.

(Interruption)

E lescht Wuert, Kolleeginnen a Kolleegen, e Wuert zur Sécherheets- an Noperschaftspolitik. Wéi den Ausseminister dat gëschter ganz treffend a flott formuléiert huet, ass Europa esou stabil - ech hunn nach just eng hallef Säit - wéi et op senge Grenzen ass. Ech wollt duerfir ee Wuert zur Mëttelmierpolitik vun der Unioun soen, der UPM.

Et ass evident, dass d'Mëttelmier d'Wéi ass vun eiser Kultur. Et ass gradesou evident, dass et de Ferment ass vun zolitte Konflikter, mat deenen d'Stabilitéit net nëmmen, mä och vun Europa steet oder fällt. Et ass duerfir richtig, dass an där leschter Présidence d'UMP nei ugesat ginn ass.

A wéi den Ausseminister dat och gesot huet, schéngt et jo elo Moyenen ze ginn, déi déi Affär do weiderbréngen. Et ass nämlech evident, dass den Ënnerscheid zwëschent där enger an där anerer Säit vum Mëttelmier ekonomesch esou grouss ass, dass, egal wat mir hei decidéieren, wa mer déi Differenz net méi kleng kréien, d'Immigrationsstréim, déi aus dem Süden no Norde kommen, net kënnen gebremst ginn, och dann net, wann all Land en Immigration-zéro-Prinzip géif deklaréieren.

Et ass also net nëmmen eng Saach vum gudden Häerz, wa mer probéieren eng gewëssen Harmonisatioun op deenen zwee Borde vum Mëttelmier ze schafen, mä et ass, menger Meenung no, eng indispensable Konditioun fir d'Sécherheet net nëmmen vum Mëttelmier, mä vun der ganzer Unioun. Net ze schwätzen natierlech, dass de Konflikt zwëschent Israel an de palästinensche Gebidder un där Saach mat drunhänkt.

Schlussendlech - dee leschte Saz - Dir Dammen an Dir Hären, därerf och Europa an där Krisenzäit, an där mer haut dra sinn, net vergiessen, dass et, ausser eis selwer, awer Plazen op der Welt gétt, déi grouss Erwaardungen un Europa hunn an dass Afrika a Länner op anere Kontinenten, déi Iwwerliewensschwierigkeeten hunn, musse kënnen weider op Europa zielen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Err. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo den Här Ausseminister Jean Asselborn.

» **M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères** et

de l'Immigration. - Här President, wann Der averstane sidd, géif ech stéchwuertarteg versichen, op d'Froen ze äntwerten, a mengem Kolleg Nicolas Schmit och d'Geleeënheet ginn, fir kënnen iwwert den Traité ze schwätzen, vläicht och e wéineg iwwert dat soziaalt Europa, wat ugeklongen ass, an e Wuert ze soen iwwert d'OMC.

Den Här Braz, Här President, huet gesot, et wier vläicht interessant ze wëssen, wat den Ausseminister géif denken. Wat ech elo denken, dat ass, dass mer an engem Parlament sinn, wou mer d'Chance hunn, an der Aussepolitik un engem Strang ze zéien, ob mer an der Regierung sinn oder ob mer an der Chamber sinn als Fraktioun, mat vläicht enger klenger Ausnahm. Mä ech mengen, dass mer awer haut de Mëtteg bewisen hunn, dass alles, wat Aussepolitik ass, wierklech eppes Wichtigees ass fir eist Land an dass mer do och un engem Strang zéien.

Ech kommen elo zu de Froen oder zu deene Punkten, déi erausgehewe gi sinn, wou vläicht eng Äntwert ubruecht ass, pêle-mêle.

Dat Éischt dat ass, wat den Här Mosar ugeschnidden huet, effektiv deen Drock, deen op eis gemaach gétt vu Frankräich, vun Däitschland, vläicht och vun aneren, wat eise Secret bancaire ugeet, eis Place financière ugeet. Ech wëll hei zwou Saache soen.

Dat eent dat ass: Et gétt an Europa selbstverständlech e Rapport de forces. Dee muss mer akzeptéieren. Mä mir brauchen net ëmmer vun deene groussen a vun deene klenge Länner ze schwätzen. Mir sinn ee Land vun deene 27, an alles, wat mir maachen hei zu Lëtzebuerg, och op eiser Place financière, ass a Konkordanz mat deem, wat decidéiert ginn ass an der Europäescher Unioun. Mir als Lëtzeburger kënnen dat soen. Mir suivéieren à la lettre d'Direktiv vun 2005. Mir applizéiere se esou, wéi mer se mussen applizéieren. Et kann eis kee Reproche gemaach ginn. Also, op deem Punkt huet keen eis Lektionen ze ginn.

Ech mengen allerdéngs och, dass mer hei mussen oppassen. Mir sinn zwar an der Diplomatie, mä dass et net drëm geet, fir Ambassadeuren ze ruffen. Eng Regierung schwätzt mat enger anerer Regierung. Ech soen lech, dass d'Lëtzeburger Regierung an dese Wochen an an desen Deeg mat deene Regierungen an Europa schwätzt, déi eis vläicht e wéineg do Problemer schafen, fir dass eis Positioun akzeptéiert gétt, dass se verstanen gétt, an dass mer selbstverständlech och dorobber net musse stoe wéi déi, déi dauernd Feeler maachen an déi sech net un d'Regele vum Spill halen.

Dat anert, wat ech wollt soen, den zweete Punkt, dat ass de Kongo. Ech ginn dem Här Jaerling Recht an och dem Här Mosar, wa se soen, dass bei deem, wat am Kongo geschitt, d'Welt net därerf nokucken. Et ass ze laang elo, fir eng komplett Analys dovunner ze maachen, mä ech géif vläicht dräi Punkten ervirhiewen.

Ech war kierzlech an der Regioun. Den SADC - dat heescht, dat australt Afrika - muss sech vill, vill méi investéieren. Et muss sech selwer d'Moyenë ginn, fir an der Regioun vun de Grands Lacs eng Force ze sinn, fir kënnen ze intervenéieren a fir Stabilitéit ze suergen. Déi Statschefe gesi sech, an effektiv - wéi ee vun de Kolleegen heibanne gesot huet - hu se fénnef Minutte laang matenee geschwat an da lafe se auserneen ouni Konklusioun.

De Ban Ki-moon, de Generalsekretär vun der UNO, geet dohinner, et kënt kee Resultat eraus. Dat ass eppes, wou mer wierklech Afrika mussen encouragéieren. Wa mer soen, dass mer an Afrika mat afrikanesche Mëttele, mat afrikaneschem Personal och wëllen d'Problemer léisen, da mussen nach grouss Efforté gemaach ginn.

Dat Zweet ass d'UNO. Ech ka mer nëmme virstellen, och wann Europa sollt gefrot ginn, fir ze intervenéieren, dass et opgrond vun engem UNO-Mandat geschitt. Dat UNO-Mandat, wat elo besteet, ass kloer. Et gétt just net exekutéiert. Et ass kloer! Mä wann Der liest, wat zum Beispill ee vun de belschen Ausseministere - dee jo de Kongo gutt kennt; d'Belsch sinn de Moment am Conseil de Sécurité - dovunner hält, vun der Ausféierung vum UNO-Mandat a vun der Qualitéit vun den Zaldoten, a wéi och déi Zaldote gefouert gi sur place, déi wierklech nokucken, wann Dramen do geschéien, dann ass dat inakzeptabel.

Et sinn e puer europäesch Länner am Kongo, net allze vill. Wa mer et géife fäerdeg bréngen - an et ass och dat, wat ech op jidde Fall plädéiert hunn op der leschter Réunioun vun den Ausseministere -, d'UNO zu engem Renforcement ze

bréngen, och nach vläicht, wann et muss sinn, vum Mandat, an en neien Opruff ze maachen, da muss d'Europäesch Unioun bereet sinn, fir hir Verantwortung mat ze iwwerhuelen, net nëmmen um militäresche Plang - och um militäresche Plang -, mä selbstverständlech och um humanitären.

Et ass kloer, an där Regioun geet et net - dovunner sinn ech iwwerzeegt - ëm ethnesch Auseinandersetzungen, et geet ëm d'Buedemschätz. Dat ass ganz kloer. An déi Buedemschätz erlaben et de Rebelle vun alle Säiten, souguer de regulären Arméien, fir sech ze finanzéieren an dann d'Leit do ze drangsaléieren an an horribel Situatiounen ze féieren.

Da wollt ech dem Här Goerens vläicht soen, dass mer jo eppes probéiert hunn an der Europäescher Unioun. Dat, oder op jidde Fall d'Essenz dovunner, stoung souguer e Méindeg am „Spiegel“. Et ass also public, dass mer wierklech e Katalog opgestallt hunn. Mir hunn an der Europäescher Unioun versicht zu Avignon, dat war uganks September, an elo zu Marseille virun zwou Wochen, e Katalog opzestelle fir déi nei amerikanesch Regierung. Deen ass net public gemaach ginn, mä deen ass ganz kloer à destination geschéckt ginn. En ass och mat Leit vun der Obama-Administratioun beschwat ginn.

Dee Pabeier baséiert sech op e puer Akzenter. Éischstens emol, dass Europa an Amerika eng Schicksalsgemeinschaft sinn; zweetens, dass déi multilateral Kooperatioun muss op eng ganz aner Stuf gesat ginn, an drëtens, dass déi grouss Problemer vun dieser Welt nëmmen zesummen ze léise sinn. Dat ass de Moyen-Orient, dat ass de Balkan, et ass Afghanistan, et ass Pakistan, et ass den Iran, et ass den Irak. Dat sinn - losse mer soen - d'Haapt-punkten, déi mir als Europäesch Unioun versicht hunn, der neier amerikanescher Administratioun mat op de Wee ze ginn.

Ech hoffen, dass an Zukunft op deem Plang méi déif ka geschafft ginn.

» **M. le Président.** - Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Merci, Här President. Ech wollt an deem Zesammenhang den Här Ausseminister froen, ob dat do am Kloertext heescht, dass, wa mer op en Neits mat enger Fro konfrontéiert ginn, wéi där vun der Stationéierung vum Système de défense antimissiles a Polen, dat dann och Objet ka gi vun Diskussiounen tëschent der Europäescher Unioun an de Vereenegte Staten?

» **M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Ech wollt elo just op déi Fro kommen, wann Der erlaabt, an och dann op dat doten äntwerten. Ganz kuerz.

Fir d'Éischt nach virdrun d'NATO-Erweiderung. Elo a 14 Deeg ass déi berühmte Réunioun vun den NATO-Ausseministere zu Bréissel, wou dann eng éischt Evaluatioun soll gemaach ginn iwwert den „Membership Action Plan“, dat heescht déi Virstuf, fir Member ze ginn an der NATO, wat Georgien an d'Ukraine ugeet.

Fir eis hei an der Chamber - dat hunn ech verstanen an de Kommissiounssitzungen, wou ech war, ech hunn et och hei verstanen bei all deenen Intervenanten, déi Stellung bezunn hunn - ass et kloer, dass et net den Zäitpunkt ass, hei eng Décisioun ze huelen. Dat ass och d'Positioun vun der Regierung.

Elo muss mer wëssen, firwat. Éischstens emol hu mer zu Bukarest Georgien net dee Schratt maache gelooss oder him d'Erlaabis dozou net ginn - wéi Der et wëllt huelen. Verschidden europäesch Länner - net alleguerten, dat wësst Der - hu Georgien net dee Schratt maache gelooss, well mer gesot hunn, d'Demokratie a Georgien ass nach net op deem Standpunkt, dass mer dee Schratt do kënnen maachen. Dat war jo net eng Kris nach déi Zäit, mä et war, well d'Demokratie a Georgien nach net um Summum vun deem ass, wat mer erwaarden.

Mir hunn och gesot fir d'Ukraine, dass, wann de Moment eng Fro géif gestallt ginn, eng öffentlech Fro, iwwert d'NATO-Memberschaft, dass dat Land sech komplett géif an zwee splécken. An ech wësst net, wat elo sollt anescht sinn an der Evolutioun vun där Positioun bei deem, wat ee jo liest a wat een héiert vun deem Land.

Duerfir hu mer eng Décisioun geholl zu Bukarest, fir enges Dags deenen zwee Länner de MAP ze ginn, mä och, dass mer do solle Fridde schafen an net elo eng Décisioun huelen. An da kënt dat derbäi, wat den Här Goerens a wat den Här Fayot an den Här Mosar ganz kloer gesot hunn: Mir därerf keen Déséquilibre vun der

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Balance schafen. Wa mer dee schafen, da schafe mer Onsicherheit. Och fir Tbilisi an och fir Kiew.

Meng Angscht ass et eigentlech, dass mer hei erëm eng Kéier weisen, dass d'Europäesch Unioun dividéiert ass op enger Fro, wou se eigentlech net dierft dividéiert sinn. Mä si huet eng aner Approche am Oste vun Europa wéi am Westen, an deem muss mer ebe Rechnung droen. Et ass un eis, fir ze hëlfe, dass vläicht och mat méi Sensibilitéit vun där neier Administratioun an Amerika mer net méi op esou Positiounen gedriwwen ginn, dass mer müssen Décisiounen huelen ze enger Zäit, wou mer net capabel sinn, déi richtig ze huelen, oder da weisen, dass Europa net géengt ass.

Da kommen ech op dat berühmte Rakéitescheld. Ech hat dëst Joer dorop verzicht, fir méi explizit doriwwer ze schwätzen, mä ech gi jo elo opgefuerdert, fir nach eng Kéier hei ganz kloer Positioun ze bezéien. Dat fält mer jo absolut net schwéier, well ech hat déi grouss Chance, fir ee vun deenen éischten europäeschen Ausseministen ze sinn, deen doriwwer seng Meinung konnt soen an deen dozou Stellung bezunn huet.

Fir mech war dat vun Ufank un e falsche Wee. An ech soen och, firwat. Fir d'alleréischte hu mer an der NATO decidéiert, et géif eng Etüd gemaach ginn, ob dat néideg wier. E puer Méint duerno, dat war de Sommet vu Riga, ass eng Décisioun geholl ginn, bilateral, téschent den Amerikaner an deenen zwee Länner, déi Dir kennt, fir dat doten elo ze maachen. Et ass gepusht ginn a gepusht ginn, an an der Europäescher Unioun ass gesot ginn, dat do ass eng bilateral Approche a keng multilateral Approche.

Dat ass esou falsch, wéi et nëmme ka sinn, well wann dat richtig ass, da brauche mer jo keng gemeinsam Aussepolitik a keng gemeinsam Sécherheetspolitik. Wann et ëm d'Rakéitenofwiersystemer geet an ëm Rakéite selwer geet, wann dat net eppes ass, wat eis alleguete concernéiert an der Europäescher Unioun, da weess ech net, wat et muss sinn, wat mer kënnen definéieren, fir zesummen eng europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik maachen ze wëllen.

Et ass gesot gi vum Här Braz, déi zwee concernéiert Länner hätten den Accord ginn. Si hunn hiren Accord net ginn. Et ass ee Memorandum ënnerschriwwen gi vun de Regierungen, ouni dass awer déi zwee Parlamentar souwuel a Polen wéi och an der Tschechescher Republik bis elo sech dozou prononcéiert hunn. Mir wëssen, dass dat weinstens an engem vun deene Länner ganz, ganz schwéier gétt, a wann et an deem enge Land schwéier gétt, géif dat anert och falen.

Esou wéi een erausfanke kann, an esou wéi een och héiert vu Kolleegen, déi scho Kontakt hate mat der neier Administratioun Obama, ass dat heiten eng Fro, déi sech ganz gutt an Amerika iwwerleucht gétt.

Ech fannen, déi Ausso, déi gemaach ginn ass vu Kaliningrad, esou schockant wéi se ass an esou vill se och géint all Logik vun der Ofréschung ass, déi mer jo awer brauchen - do sinn ech mam Här Braz komplett d'accord -, ass vläicht eppes, wat schockéiert a wat wierklech zu lwwerleeën Ulass gétt, fir dass mer ewechkomme vun där Logik, dass ee mat Rakéitescheld an och mat Radaren d'Sécherheet op der Welt verbessere kéint. Dat kascht Milliarden a Milliarden, domadder kéint een d'Aidsbekämpfung an Afrika virundreiwen. Et soll een endlech ewechkommen dovunner.

Ech kann lech op jidde Fall soen, Lëtzebuerg ass eent vun deene Länner an der

Europäescher Unioun, déi dat do vun Ufank un contestéiert hunn an déi dat och weiderféieren an hiren Argumenter.

Da sinn ech ganz, ganz frou, dass den Här Braz sech esou op déi Stuf stellt, dass hie seet, net nëmme d'Scheckbuch zielt, wéi den Här Fayot gesot huet, mä och dass mer präsent sinn. Ech hunn hei net effektiv all Missiounen opgezielt, déi mer an der Welt hunn. Ech kann lech awer soen, dass ech och héije Respekt hu virun deene jonke Leit, déi do participéieren, an dass ech vun do un, dass ech Ausseminister sinn, eigentlech de Reflex hat, dass mer als Lëtzebuerg eis et net kënnen erlaben, ze soen, hei hutt Der esou vill Milliounen, an da loosst eis a Rou. Dat hu mer net gemaach am Libanon, mir hunn et net gemaach am Tschad, mir hunn et net gemaach am Kongo.

Dat ass och akzeptéiert ginn, souwuel vum Parlament wéi och vum Vollek. Dat ass eppes, wou mer als Lëtzebuerg wierklech och kënnen weisen no baussen, dass mer e Land sinn, wat sech och engagéiere kann a wierklech solidaresch ka sinn.

Dir hutt virun allem vun Afghanistan geschwat, vun där neier Logik vum neie President Obama, Här Braz.

A mengen Aen, Här President, léise mer de Problem an Afghanistan net mat méi Zaldoten a mat méi militärescher Präsenz do. Wat muss geschéien, an dozou gétt et Usätz, ass, dass ee vläicht zur Logik kënn, dass Taliban net gläich Terrorist ass, dass een also och mat Talibanen, déi net Terroriste sinn, an där gétt et, kéint en Dialog féieren, wat de President Karsai probéiert ze maachen, ënner schwierigste Bedéngungen, fir ze kucken, wéi een dee Krees vun der Gewalt an Afghanistan ka blockéiert kréien.

An dann dass mir, och Lëtzebuerg, virun allem dorop setzen, fir Rekonstruktioun ze maachen, fir Kooperatioun ze maachen, an net ëmmer mengen, wat mer méi Helmer do hunn a wat mer méi Uniformen do hunn, wat Afghanistan méi sécher gétt. Dat ass net de Wee. Dat hunn ech gëschter jo awer a menger Ried gesot, an ech mengen...

(Coups de cloche de la Présidence et interruption)

Wéi vill Zäit hu mer dann?

» M. le Président.- Jo, et ass net méi vill Zäit. Nach sechs Minutten.

» M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.- Ah, entschëllegt. Jo, dann halen ech op, well ech wëll dem Här Schmit d'Wuert nach loosse. Dat hunn ech net gewosst, Här President. Et deet mer leed.

Ech hu Froe gestallt kritt, da muss ech awer och drop äntwerten.

» Une voix.- Jo, jo.

» M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.- Mä ech wëll awer net, dass den Här Schmit elo keng Zäit méi kritt. Dat akzeptéiert Der dann esou? Okay.

Da wollt ech lech soen, fir et elo ganz kuerz ze maachen, Här Henckes, wann d'Ire Jo gesot hätten, dann hätte mer kee Problem mat der Zuel vun de Kommissären; nëmme niewebäi gesot.

Ech sinn och frou driwwer, wat d'Madame Err gesot huet, dass ee wierklech och soll eng Séil an Europa erakriegen. Mä zu där Séil an Europa, Madame Err, där politescher Séil: Et geet net duer, dass mer dem Héije Beoptraagten herno, wéi Lissabon dat jo

virgesäit, d'Presidentschaft vum Relex iwwerloossen; also vun den Affaires étrangères de des relations extérieures.

De politesche Wëlle muss ëmmer nach do sinn, fir zesummen eng Positioun ze kréien. An dee politesche Wëllen, dat ass wat d'Séil eigentlech ausmécht vun der Europäescher Unioun, géif ech mengen. An dat muss mer verbesseren.

Entschëllegt, Här President.

» M. le Président.- Et ass näischt, Här Ausseminister. Den Här Nicolas Schmit huet elo d'Wuert.

» M. Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.- Här President, ech wollt op e puer méi spezifesch Froen agoen.

Fir d'éischt iwwert de Rapport iwwert d'Politique européenne, deen den Här Fayot ugeschwat huet. Ech informéieren d'Chamber nach eng Kéier, mä och iwwert d'Chamber all déi, déi un deem Rapport interesséiert sinn, dat en op onsem Site Europaforum.lu steet, dat also all Bierger dee Rapport ka konsultéieren, wann dat hien interesséiert.

Zweetens wollt ech soen: Alles dat, wat iwwert déi europäesch Identitéit als eng supplementar Identitéit, déi mer alleguer hunn, gesot ginn ass, besonnesch vun der Madame Err, deelen ech. Effektiv wier dat eng Iddi, déi vum 9. Mee; déi iwwregens an d'Gespréich bruecht ginn ass vu mengem Kolleg, dem Här Jouyet. Et wier vläicht eng Iddi, déi déi sechs État-fondateur kéinte lancéieren, fir e Signal ze ginn an effektiv erëm och op deem Plang ze probéieren d'Leit méi un Europa erunzezéien.

Iwwert deen neien Traité just ee Wuert. Sécher muss mer d'Ire respektéieren, absolut, an den iresche Vote respektéieren. Mä ech muss derbäi soen, dat d'Iren awer och müssen déi 24 respektiv enges Daags 26 Länner respektéieren, déi fir deen Traité gestëmmt hunn, an dat also Efforté muss gemaach ginn och op der Sait vun den Iren, fir deen Traité approuvéiert ze kréien, dat also en Engagement vun der irescher Regierung muss deementspreechend sinn an engem Referendum.

Sécher ass all Land souverän iwwert de Wee, esou en Traité approuvéieren ze loosse, wéi se wëllen, mä déi Regierung huet och en Engagement geholl, all Efforten ze maachen, fir dat d'Leit op der Realitéit an net op Ligen ofstëmme. Dat ass also eng wichteg Saach.

Iwwert de Kommissär géif ech just soen: Wann d'Ire Jo gestëmmt hätten, da géif sech elo d'Fro vum Kommissär net stellen, well nämlech den Traité de Lisbonne nach eng Kéier all Land fir déi nächst Period e Kommissär gétt. An dat, wat Der iwwer Lëtzebuerg gesot hutt, dat ass à aucun moment diskutéiert ginn: Lëtzebuerg géif elo op säi Kommissär verzichten. Wann den Traité de Nice misst applizéiert ginn, da steet kloer dran, dat dat op enger absoluter egalitärer Basis misst geschéien. Déi Décisiounen sinn emol nach net undiskutéiert.

Iwwert d'Kompetenzen ee Wuert. Et huet kee Mënsch d'Intentioun, der Europäescher Unioun hir Kompetenz weider ausze-weiden. Et ass sécher, dat beim Aspekt vun der Subsidiaritéit - schonn e komplex Wuert u sech - trotz allem muss gekuckt ginn, wou déi Kompetenzen heiansdo iwwerschratt ginn oder ganz einfach net ëmmer optimal gebraucht ginn. Dat trifft d'ailleurs fir all Land zou. Dat trifft fir all Regierung zou. Dat ass net just eppes, wat an der Europäescher Unioun stattfënn.

Mä et gétt awer och Domänen, wou déi Kompetenze muss verstärkt gi respektiv kreéiert ginn. Zum Beispill an der Energiepolitik. Ech hu mat vill Attentioun héieren, wat Der gesot hutt iwwert d'Energiesécherheet. Notamment déi nei Länner, déi eng grouss Angscht hu par rapport zu Russland, dat se enges Daags de Krunn zougedréint kréien.

Eh ben, wann d'Europäesch Unioun déi Kompetenz hätt, méi aktiv Energiepolitik ze gestalten, och am Beräich vun der Energiesécherheet, da kéinte mer natierlech och déi Länner berouegen. Dat ass iwwregens ee Chantier, wou mer müssen higoen. Dat ass och een Domän, eng Kompetenz, déi soll verstärkt ginn iwwert de Lissabon-Traité.

Sozialt Europa. Sécherlech, jiddferee fuerdert méi e sozialt Europa a jiddferee mengt, wann hien dat gefuerdert huet, da géifen d'Leit de Wee an Europa méi einfach zréckfannen. Den Equiliber zwëschent dem Maart an dem Bierger oder den Entrepen an dem Salarie ass vläicht net optimal an där europäescher Wirtschaftsgemeinschaft, vun där mer eigentlech hierkommen, wéi Der richtig gesot hutt.

Et gétt Lacunen, wéi mer dat selwer erfuer hu bei der Entsenderichtlinie, wou effektiv deen Equiliber absolut ongenügend ass. Mä vergiesse mer net, datt och am Sozialen emol virun allem d'Staten decidéieren. 27 Staten am Conseil hunn déi Aarbechtszäit-direktiv, esou wéi se elo ass, decidéiert, an net d'Kommissioun oder en abstrakt Europa, wat et net gétt.

Dozou muss ech och soen, datt et vläicht e bësse gerecht wier, wann een awer och déi Fortschréiter, déi Europa am soziale Beräich bruecht huet, emol heiansdo géif an Erënerung ruffen. Sécherheet op der Aarbechtsplaz, dat ass e vaste Gebitt. Och do huet Europa enorm Progrès bruecht. Souguer zu Lëtzebuerg. D'Gläichheet vu Fra a Mann, wou Lëtzebuerg net ëmmer op der éischer Plaz stoung, huet Europa weidergedriwwen. D'Gläichheet vu Gehalt, vu Salaire vu Fra a Mann ass eng europäesch Iddi, ass eng europäesch Obligatioun. Ouni déi Obligatioun wëllt ech net wëssen, wou mer a verschiddene Länner géife stoen.

Dat sinn also och déi Saachen, déi ee muss an deem Sënn emol soen, datt sécher de soziale Chantier an Europa nach net fäerdeg ass a vläicht ee vun deene grouse Chantieren ass, mä datt trotz allem och op deem Chantier munches awer geschafft ginn ass.

E lescht Wuert, Här President. D'Finanzkris a Wirtschaftskris. Dee grouse Problem, dee mer elo muss konfrontéieren, ass eigentlech d'Rezessioun. Ech géif net soen, datt d'Finanzkris elo vläicht nach deen urgenteste Problem ass. Deen urgenteste Problem ass d'Rezessioun. An d'Rezessioun ass net e statistesche Begrëff vun e puer Ekonomisten oder neoliberalen Statistiker. D'Rezessioun ass eng Realitéit gi fir honnerten, voire dausende Betriber an Europa a besonnesch fir zégdausende Leit, déi entweder schonn hir Aarbechtsplaz verluer hu respektiv fäerte se ze verléieren.

Do erwaart jiddferee sech eng Äntwert vun Europa. Dat Wuert vun der „Relance“ schéngt mer an deem Sënn dat richtegt Wuert ze sinn, dat een och ëmmer méi ermënn. Wa mer iwwer Relance schwätzen, da schwätze mer iwwer eppes, wat muss en Impakt hunn. D'Kommissioun huet elo Enn des Mounts annoncéiert, e Paquet op den Dësch ze bréngen, wou geziilt awer och méi grouss Mesuren op europäeschem Plang solle proposéiert ginn.

Ech hunn haut gelies, wat den Här Obama gesot huet, datt seng ekonomesch Theorie, un déi hie gleeft, Pragmatismus heescht. Et wier gutt, wa mer och an Europa ons e bëssen déi Philosophie géifen zu Eege maachen, an net nach u gewëssenen Theorien hänken. Méi e pragmatescht Eru-goen un d'Wirtschaftspolitik wier net schlecht.

Duerfir brauche mer eng Relancepolitik. Mir brauche massiv Aiden. Sécher, gewësse Secteuren, wéi dat gesot ginn ass, müssen europäesch encadréiert sinn. Et ass vill vun der Automobilindustrie geschwat ginn. Mä mir kënnen an d'Automobilindustrie Milliarden a Milliarden stiechen, wa kee Mënsch méi kann en Auto kafen, notzen déi Milliarden näischt! Et ass also e Problem vun neier Confiance an der Wirtschaft schafen, déi ons aus deem geféierleche Passus, an dee mer elo riskéieren eranzegoen, eraushëlt.

E lescht Wuert, Här President, iwwert d'WTO, well den Här Ausseminister mer gesot huet, ech soll doriwwer schwätzen. Firwat ass et wichtig, eigentlech zu engem Accord ze kommen an der WTO? Well och an deem kritesche Moment Protektionismus ëmmer esou eng einfach Léisung ass, déi u sech - loosse mer et éierlech soen - relativ séier an einfach ukënn.

An dat ass déi geféierlechste Léisung, well och do seet ons d'Erfahrung, datt d'Kris vun '29 déi Weltwirtschaftskris ginn ass, well Protektionismus eng Léisung sollt sinn. Duerfir muss mer alles maachen, datt mer net an de Protektionismus zréckfalen.

Déi bescht Léisung, fir net an de Protektionismus zréckzefallen, dat ass en Accord am Kader vun der Doha-Ronn schnellstens ze fannen an och domat deenen ärmste Länner e Signal ze ginn. Mir schwätzen

iwwer Rezessioun an Amerika, a Japan, an Europa. Mä wat soen déi aarm Länner, déi direkt vun onser Rezessioun betraff sinn a wou Aarmut nach méi Aarmut bedeit? Duerfir muss mer an där Ronn eng Léisung fannen, well déi Ronn jo och besonnesch soll deenen ärmste Länner zeguttkommen. Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Wann Der erlaabt, just eng Fro nach vum honorabelen Här Jaerling. Här Jaerling, wann ech gelift.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Här Minister, et deet mer leed, mä ech kann eppes net am Raum stoe loossen. Hunn ech lech richteg verstanen, wann Der elo gesot hutt, den ireschen Nee wäz nëmmen aus Ligen entstanen? Esou muss ech deem awer widdersprieche, well et ass beim Traité constitutionnel esou:

Wéi beim Traité vu Lissabon sinn et Leit ginn, déi net vum rietse Bord koumen, déi aus sozialpoliteschen an oprüstungspoliteschen Ursachen deem Traité net konnten zoustëmmen. Dat si jo awer keng Leit, déi op Ligen opbauen. Dat sinn Ängschten, déi begrënnt sinn. Ech kann awer net hei stoe loossen, dass Dir elo einfach dat esou duerstellt, wéi wann déi ireschen Neesoer hir ganz Campagne nëmmen op Ligen opgestallt hätten! Dat ass falsch, an ech wär frou, wann Dir dat awer e bësse géift relativéieren.

» **M. Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.** - Éischtens hunn ech net gesot, dat wier eleng op Ligen opgebaut. Dir hutt vun Ängschte geschwat, mä Ängschte ginn oft gefördert duerch net komplett Wourecht.

Wann Der also vu Lige schwätzt, da kann ech lech eng ganz Rei Beispiller ginn, mat deenen den Här Ganley operéiert huet. Den Här Ganley - wat deen Aktiivsten ass, en ass vun obskure Sourcë finanziéiert ginn, massiivst finanziéiert - huet déi Campagne an Irland gefouert, mat Affirmatioune wéi: a) D'Ire mussen Avortement zouloossen. Dat steet am Traité. - Wou steet dat am Traité?

b) D'Ire mussen an eng europäesch Arméi goen. Esou steet et am Traité.

Éischtens gëtt et keng europäesch Arméi, an et huet jo kee Mënsch geduecht, an Irland en obligatoresche Service militaire anzeféieren.

c) D'Ire mussen hir Neutralitéit opginn. - Wou steet dat?

Am Contraire! Am Traité ass komplett garantéiert, dat e Land wéi Irland säi Statut als neutraalt Land wëllt préservéieren.

Dat sinn déi Ligen, déi an Irland propagéiert gi sinn a wou mer absolut Beweiser hunn, wéi déi massiv a ganz geziilt propagéiert gi sinn. Ech soen net nëmmen, domat wier dee Referendum gewonn ginn, mä déi Ligen hunn deelweis dozou bäigedroen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domat, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun där Debatt ukomm. Mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat sinn dräi Projets de loi, déi an enger Debatt evakuéiert ginn. De Rapporteur vun deenen dräi Projeten huet elo d'Wuert, den honorabelen Här Angel.

2. 5752 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées, signé à Luxembourg, le 24 février 2006

5753 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République

blique fédérale d'Allemagne concernant la protection réciproque des informations classifiées, signé à Berlin, le 17 janvier 2006

5841 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lettonie concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées, signé à Luxembourg, le 13 septembre 2007

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deenen dräi Projeten hei geet et ëm d'Approbatoun vun engem Accord zwëschen eisem Land mat eisen Noperen, d'Franséisch Republik, d'Bundesrepublik Däitschland an och mat Lettland. An et geet ëm den Échange an ëm d'Protection réciproque vu klassifizéierten Informatiounen.

Et geet am Fong drëms, e Kader ze schafen, a besonnesch e rechtliche Kader ze schafen, an deem sech den Austausch an de Schutz vu klassifizierten Informatiounen a vu klassifiziertem Material aschreift.

Déi dräi Projets de loi muss een och am Kontext gesi vun engem Europa oder an enger Welt, déi fir vill Leit ëmmer mander sécher ass oder schéngt, an dofir ass et wichteg, dass een eng gewëssen Unzuel vun Informatiounen ka klassifizéieren.

Fréier gouf d'Notioun vun „Protection des informations classées“ éischer a Relatioun mat Krichssituatiounen oder Militäroperatiounen bruecht. Haut ass dat ganz anescht. Et geet haut ëm zwee Typë vu Menacen. Éischtens, Menacë wat d'Sécherheet ubelaangt. Do si mer dann am Kader vum Terrorismus, vun der Prolifération, vun Armes de destruction massive, regional Konflikter an der Welt an och déi organiséiert Kriminalitéit.

Deen zweeten Type vu Menacen, dat sinn déi, wou et ëm eise sougenanntene Patrimoine économique financier a scientifique geet, an do handelt et sech dann ëm Espionnage industriel oder technologique.

Mir wëssen och, dass mer haut um europäeschen Niveau vill Programmer hunn, europäesch Programmer vun Haute technologie. An an all deene Programmer geet et natierlech och ëm Austausch vu wichtegen Informatiounen.

Et ass och wichteg an deem Kontext ze soen, mir konnten déi dräi Accorden eréischt maachen, well mer eis 2004 e Gesetz ginn hunn, d'Gesetz vum 15. Juni iwwert d'Protection des pièces an och iwwert d'Habilitation de sécurité. Duerch dëst Gesetz huet Lëtzebuerg sech e Kader ginn, e juristesche Kader ginn, fir ebe sensibel Informatiounen ze klassifizéieren an awer och iwwert d'Habilitéierung vun deene Leit, déi Zougank hunn zu esou Informatiounen oder déi esou Informatiounen kënnen klassifizéieren.

Déi Autoritéiten, déi dat därefer maachen, sinn an deem Gesetz vum 2004 am Artikel 5 opgezielt. Ech wëll lech dat elo erspueren. Et sinn och déi Autoritéiten, déi an deenen dräi Projets de loi genannt ginn.

Et ass vläicht och nach wichteg ze bemerken, dass et nach Piëcen oder Informatiounen gëtt, déi klassifizéiert sinn, déi ënnert spezifesche Protektiounsregimer falen. Dat ass de Fall, wa mer eis an engem sougenanntene multilaterale Kader befanen. Zum Beispill huet d'NATO hir eege Regeln, an och d'EU huet do hir eege Regeln.

Déi dräi Accorden hunn deen nämlechten Opbau. Wann ech deen éischen huelen, dee mat Frankräich, dat si 16 Artikelen. Fir d'éischt ginn d'Definitiounen opgezielt, dann och d'Klassifikatioun an d'Equivalenzen.

Et ass ëmmer en Tableau do, wéi déi Termen heeschen, an eisem Land, op Franséisch oder, verglach mat där däitscher Sprooch, wat Däitschland ubelaangt. Et ass wichteg, dass een do ëmmer weess, wéi en Term correspondéiert zu Lëtzebuerg mat deem franséischen Term.

Dann ass et och geregelt, wéi déi Institutiounen, déi fir d'Sécherheet zoustänneg sinn,

kënnen een deen anere besichtegen. Et ass och eng ganz Rétsch Artikelen iwwert d'Iwwersetzen, d'Destruktioun an d'Reproduktioun vun deenen Informatiounen virgesinn.

De Statsrot huet an deenen dräi Avisen drun erënnert, dass dës bilateral Accorden eréischt méiglech goufen, well mer d'Gesetz vum 2004 hunn; wat ech virun ugeschwat hunn.

De Statsrot bemierkt awer och, dass dës Accordé sech net nëmmen drop limitéieren, de Gebrauch vu klassifizierten Informatiounen am Kader vun der Exekutioun vu Kontrakter oder den Ausschreiwungen ze regelen, mä dass dës Regeln och fir den Zougank an de Schutz vun Informatiounen gëllen, wa Kontrakter ausgeschafft ginn.

Déi dräi Accorden erlaben et, dass déi sougenannten ANSen, dat sinn d'Autorités nationales de sécurité, zousätzlech Protokoller ausschaffe kënnen zu deenen Accorden. Do seet de Statsrot, an ech zitéieren en: «Chaque modification de l'accord devrait être soumise aux procédures internes de ratification des traités, ce qui implique pour le Luxembourg l'intervention du législateur.»

Mir haten eng kleng Diskussioun an der Kommissioun iwwert dee Punkt hei an dofir hu mer och op Propositioun vun der Madame Err an dem schrëftleche Rapport nach eng Ajoute gemaach, wou mer nach eng Kéier genau dorop aginn a preziséieren, dass bei deenen Accorden, wann do en zousätzleche Protokoll kënn, dass déi hei an der Chamber mussen ugeholl ginn, soss wiere se net gültig.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn heimadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, wann den Ausféierung vum Rapporteur näischt méi bäzefügen ass, da géif ech an Ärem Numm him Merci soe fir seng Aarbecht a mir kéimen direkt zur Ofstëmmung vun deenen dräi Projeten. Mir stëmme fir d'éischt of iwwert de Projet 5752.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5752 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrigh-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Jean Huss);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir stëmme of iwwert de Projet de loi 5753.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5753 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes,

Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrigh-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Jean Huss);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Elo nach de Projet de loi 5841.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Och de Projet de loi 5841 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marcel Sauber (par Mme Martine Stein-Mergen), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Marcel Oberweis);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Jean Huss);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Ech wollt nach soen, dertëscht, zur Motioun, déi den honorabelen Här Meisch gëschter deposéiert huet: Muer de Mëtteg ass den zoustänneg Minister hei, da kucke mer fir am Laf vum Mëtteg déi Motioun ze diskutéieren. Da kënnen d'Fraktiounen sech dorobber astellen.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass de Projet de loi 5910 iwwert d'wirtschaftlech Diversifikatioun. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Castegnaro.

3. 5910 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet 1. le développement et la diversification économiques 2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

►►► **M. John Castegnaro** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 5910 huet als Objektiv fir d'Gesetz vum 27. Juli 1993 iwwert d'wirtschaftleche Entwécklung an Diversifikatioun un en neit europäescht Reglement unzepassen. Et geet dobäi ëm d'Reglement CE800-2008 vum 6. August 2008 iwwert d'Veereenbarkeet vu bestëmmte staatleche Bähëllef mam Droit communautaire. Dëst Reglement gesäit vir, dass déi maximal Fördersätz vun elo 7,5% fir Mëttelbetreiber respektiv 15% fir kleng Betriber op 10% respektiv 20% gehéicht solle ginn.

Et sinn Investitiounsbähëlfe, déi an deem Rahme gewährt ginn. Si mussen net vun der Europäescher Kommissioun genehmet ginn. Dat ass an Ofweechung zu deem Gesetz, wat mer hei de 15. Juli 2008 ofgestëmmt hunn, wou och en europäescht Reglement à la base war, wou et ëm nei a méi héich regional Hëllef geet, déi deelweis nach mussen zu Bréissel notifiéiert ginn.

De Projet de loi 5910 ass vum Wirtschaftsminister den 1. September 2008 hei hannerluecht ginn a passt eist Lëtzebuerger Gesetz den neie Fördergrenzen un. Déi nei Förderhöchstgrenze wäerten no Schätzung vum Ministère de l'Économie am Statsbudget mat zousätzlech am Joer plus 750.000 Euro zu Buch schloen, an dat zousätzlech zu deenen zwou an eng Véierels Milliounen Euro, déi de Budget zurzäit fir d'Bähëllef fir d'petites et moyennes entreprises zur Verfügung stellt.

Nodeems d'Berufschamberen an de Statsrot positiv Avisen ofginn hunn an ausdrécklech d'Vitesse begréisst hunn, mat där dat doten ofgehandelt gëtt, konnt d'Wirtschaftskommissioun vun der Chamber am Oktober dat Ganzt analyséieren. De Rapport écrit ass den 13.11. vun der Kommissioun ugeholl ginn.

Domat steet d'Gesetz also haut hei zur Ofstëmmung. Ech wëll en décke Merci un d'Mitglieder vun der Kommissioun ausdrécken, dass mer dat esou rapid konnten ofwéckelen. Mir hunn et also fäerdeg bruecht, e wichtige Gesetz fir eis kleng a mëttelstänneg Betriber a knapps dräi Méint duerch d'legislativ Prozedur ze bréngen. Dat ass besonnesch a wirtschaftlech méi schwierigen Zäiten e gutt Signal fir eis Entrepreneuren.

E puer Wuert zum Historique vum Gesetz vun 1993, wat jo d'Basisgesetz ass a wat deemools eng Rei vu Bähëllefregimer beinhalt huet. Nämlech: éischtens, de Basisregime fir d'petites et moyennes entreprises; zweetens, de Regime mat Ënnerstützung bei Investitiounen am Ëmweltberäich; drëttens, Hëllef a Form vu Subventiounen fir Investitiounen an der Fuerschung an an der Entwécklung; véiertens, Hëllef fir besonnesch benodeelegt Regiounen hei am Land.

Dee Regionalregime ass schon am Joer 2000 geännert ginn. De Regionalregime ass am Joer 2000 aus dem Gesetz vun '93 erausgeholl ginn an iwwer en eegestänneg Gesetz iwwer regional Wirtschaftshëllef verännert an agefouert ginn. Wéi ech scho gesot hunn, hu mer dat de 15. Juli nach eng Kéier geännert a mer hunn eben déi nei Virgäben, déi mer vu Bréissel kritt hunn, ëmgesat, déi maximal Bähëllef vum 20% fir d'Mëttelbetreiber respektiv 30% fir kleng Betriber erméiglechen.

Am Joer 2004 ass dann och den Aspekt Ëmwelt aus dem Gesetz vun '93 erausgeholl ginn an an e separat Gesetz gegoss ginn. Esou dass an der aktueller Fassung vum Gesetz vun '93 nëmme méi déi allgemeng Bähëllefregimer dra sinn, an de speziellesche Regime fir d'Ënnerstützung vu Fuerschung an Entwécklung. Wéi een am Exposé des motifs vun dësem Projet de loi liese kann, huet de Wirtschaftsminister ugekënnegt, dass och de Rescht vun deem Gesetz vun 1993 demnächst enger gesetzlecher Neiformuléierung wäert ënnerzu ginn.

Am Résumé: Mir schwätzen hei vun engem wichtige Gesetz fir d'petites et moyennes Entrepreneuren, wat dann och zum richtegen Zäitpunkt kënnt, fir d'Investitiounstätigkeit vun eise Betriber ze stimuléieren an domat och hëllef soll d'Wirtschaft unzekuerbelen.

Déi aktuell Kris mécht däitlech, wéi wichtig dass et ass, dass eis Wirtschaftsstruktur méi staark diversifizéiert gëtt an domat och méi onofhängeg gëtt vis-à-vis vu branchespezifische Schocken, där mer jo genuch erliewen. Et ass och noutwendeg, well munches drop hiweist, dass d'Finanzkris op déi real Wirtschaft net nëmme konjunkturell Auswierkungen huet, mä riskéiert och struktureller ze hunn, an da mat zousätzlechen a schlëmmeren Auswierkungen a Konse-

quenzen op den Aarbechtsmaart. Loosse mer hoffen, dass dat net esou antrëtt!

Duerfir wier d'Bedeitung vun der Diversifizierungsstrategie, an deem Fall hei am Beräich vun der Kleng- a Mëttelindustrie. Et ass déi Kleng- a Mëttelindustrie, déi eng zentral Roll huet, well se ee vun den droende Pfeiler vun eiser Économie ass an och regelrecht Jobmotoren an deene vergaangene Jore gi sinn. Zurzäit beschäftegt d'Handwierk no Zuele vun der Handwerkskummer praktesch 70.000 Mënschen an ass mat 10% um PIB bedeelegt. Wat engem eng Iddi gëtt iwwert d'Bedeitung vun deem ganze Secteur.

Ech begrëssen, dass all déi, déi um Gesetzgebungsprozess hei bedeelegt waren, all déi Instanzen, den Dossier esou schnell matbehandelt hunn, an dass mer eigentlech domat véier Méint nodeem Bréissel dat neit Reglement decidéiert hat dat elo scho kënnen an nationaalt Recht ëmsetzen. Dofir en décke Merci. Den Accord vun der LSAP wëll ech domat och hei matgedeelt hunn.

►►► **Plusieurs voix**.- Très bien!

►►► **M. le Président**.- Merci, Här Castegnaro. Ech gesinn, déi aner Fraktiounen si mat den Ausféierunge vum Rapporteur d'accord. Den Här Jaerling freet d'Wuert.

►►► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Dat ass e gutt Beispill, fir ze weisen, wéi séier dass een en europäeschen Text kann ëmsetzen.

Discussion générale

►►► **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Merci. Et ass net vill.

Merci, Här President. Ech kann nëmme staunen, dass all Gesetzer, déi mat der Wirtschaft zesummenhänken, a Rekordzäit hei iwwert d'Bühn kënnen bruecht ginn, an dass mer awer Gesetzesprojeten doleien hunn, wa soll an d'Salariat investéiert ginn oder d'Rechter vum Salariat solle weiderbruecht ginn, dass do Gesetzer oder Direktiven nach zéng oder 15 oder souguer nach méi Jore laang Zäit brauchen, fir ëmgesat ze ginn. Ech kann einfach nëmme staunen!

Ech kann och nëmme staunen, dass mer hei ëmmer erëm elo déi Wirtschaftskris, déi elo ass, an de Vierdergrond stellen, fir egal wat hei duerchzebréngen. Ech hunn näischt dergéint, wa mer an d'Betriber investéieren, mä ech gesinn awer, dass an der leschter Zäit soss näischt méi gemaach gëtt wéi an d'Betriber ze investéieren.

Éischtens emol hu mer elo nach e Gesetz doleien, wou den Droit d'apport soll ofgeschaf ginn, wat 106 Milliounen manne Recetten abréngt. Mir hu systematesch d'Gemengen, déi d'Gewerbesteiersätz erfersetzen. Ech froe mech: Wéini fänke mer emol endlech un, erëm eng Kéier an de Mënsch ze investéieren? Et géif héich Zäit ginn. Anstatt dass mer systematesch an d'Wirtschaft investéieren, an de Mënsch, deen dauernd op der Streck bleift. Also, ech wäert mech bei dësem Gesetz symbolesch enthalten.

►►► **M. le Président**.- Dann huele mer Akt dovunner.

(Hilarité)

Freet soss kee méi d'Wuert?

Dat ass net de Fall.

Dann nach eng Kéier dem Här Rapporteur Merci fir seng Aarbecht. Mir kommen zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5910 ass mat 59 Jo-Stëmme, bei 1 Abstention ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Norbert Haupt), Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.11 heures)

Sommaire des séances publiques N^{os} 7, 8 et 9

Communications	page 83
5944 - Proposition de révision de l'article 52 de la Constitution;	
5945 - Proposition de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003	
et	
5946 - Proposition de loi portant - modification de la loi du 5 avril 1993 relative au secteur financier; - modification de la loi du 5 août 2005 relative aux contrats de garantie financière	page 83
Ordre du jour	page 84
Dépôt d'une résolution par M. Charles Goerens relative à l'instauration d'une commission spéciale pour le suivi de tous les aspects liés à la crise financière et au ralentissement économique	page 84
Heure de questions au Gouvernement	
Question N°290 du 11 novembre 2008 de Mme Sylvie Andrich-Duval relative au projet d'une Cité du cinéma à Dudelange, adressée à Mme la Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche	page 84
Question N°291 du 11 novembre 2008 de M. Claude Meisch relative aux actions en justice contre la reprise de la Banque Fortis par la Banque BNP-Paribas intentées par les actionnaires du groupe Fortis, adressée à M. le Ministre des Finances	page 84
Question N°292 du 7 novembre 2008 de M. Ben Fayot relative aux implications de l'élection d'un nouveau Président des États-Unis pour les grands problèmes de la politique internationale, adressée à M. le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration	pages 84-85
Question N°293 du 11 novembre 2008 de M. Robert Mehlen relative à l'élaboration d'une loi concernant les Ministres, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État	page 85
Question N°294 du 10 novembre 2008 de M. Roger Negri relative à l'accident grave autoroutier survenu dans la nuit du 1 ^{er} novembre 2008, adressée à M. le Ministre des Travaux publics	pages 85-86
Question N°295 du 10 novembre 2008 de M. Xavier Bettel relative au subventionnement des organisations politiques pour jeunes, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration	page 86
Question N°297 du 11 novembre 2008 de M. Charles Goerens relative au non-remboursement de frais d'ambulance pour des ressortissants luxembourgeois dans certains pays de l'Union européenne, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale	page 86
Question N°296 du 11 novembre 2008 de M. Robert Mehlen relative à la distribution contrôlée d'héroïne dans le cadre de la lutte contre les stupéfiants, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale	pages 86-87
Interpellation de M. Alexandre Krieps sur la politique en matière de médecine scolaire ainsi que les aspects psychosociaux de l'intégration scolaire	pages 87-92
5825 - Projet de loi concernant l'accueil et l'intégration des étrangers au Grand-Duché de Luxembourg	pages 92-98
Communications	page 98
Ordre du jour	pages 98-99
Dépôt d'une motion par M. Claude Meisch	page 99
Déclaration de politique européenne et étrangère présentée par M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration	pages 99-103
Résolution de M. Charles Goerens relative à l'instauration d'une commission spéciale pour le suivi de tous les aspects liés à la crise financière et au ralentissement économique	pages 103-104
5622 - Projet de loi portant réforme de la formation professionnelle et portant modification a) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État; b) de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue; c) de la loi du 1 ^{er} décembre 1992 portant 1. création d'un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue; d) de la loi du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du Travail	pages 104-113
Débat sur la politique européenne et étrangère	pages 114-122
5752 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées, signé à Luxembourg, le 24 février 2006	
et	
5753 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérale d'Allemagne concernant la protection réciproque des informations classifiées, signé à Berlin, le 17 janvier 2006	
et	
5841 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lettonie concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées, signé à Luxembourg, le 13 septembre 2007	page 122
5910 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet 1. le développement et la diversification économiques 2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie	pages 122-123

Sommaire des questions parlementaires

Question N°	Auteur	Objet			
2373	Mme Colette Flesch	Mise en demeure par la Commission européenne du Luxembourg dans le domaine des télécommunications	2907	Mme Martine Stein-Mergen	Réalisation du programme de mise à disposition d'héroïne sous contrôle médical
2664	M. Fernand Etgen	Nouveau système de paiement dans les cantines des établissements scolaires de l'enseignement secondaire	2909	M. Jean Huss	Liste de l'UE pour les substances chimiques hautement préoccupantes
2734	M. Robert Mehlen	Musée de la Forteresse	2910	M. Jean Huss	Étude sur la nocivité des GSM
2810	M. Alexandre Kriepes	Prolongation des allocations familiales	2911	M. Ali Kaes	Exemption de la taxe sur les véhicules automoteurs pour personnes invalides
2815	MM. Marco Schank et Jean-Paul Schaaf	Transport scolaire	2913	M. Ali Kaes	Services de secours de la protection civile
2837	M. Xavier Bettel	Taux de récidive au sein du Centre Pénitentiaire de Luxembourg à Schrassig	2915	M. Gilles Roth	Surcharge carburant actuellement prélevée sur tous les vols de la compagnie «Luxair»
2851	Mme Lydia Mutsch	OGM	2916	M. Aly Jaerling	Campagne de vaccination contre la grippe
2853	M. Carlo Wagner	Centre Mosellan à Ehnen	2917	M. Aly Jaerling	Système de péage
2856	M. Ben Fayot	Luxembourgeois domiciliés à l'étranger et élections	2918	M. Aly Jaerling	Heures supplémentaires auprès des CFL
2861	M. Roger Negri	Stationnement des poids lourds sur les aires de repos	2919	Mme Marie-Josée Frank, Mme Françoise Hetto-Gaasch et M. Lucien Clement	Couverture régionale de l'ADEM
2862 cf. 2926	M. Marcel Oberweis	Remembrement des biens ruraux envisagé dans la commune de Mertert section Langsur	2921	M. Gast Gibéryen	Évolution de la langue luxembourgeoise
2865	M. Jacques-Yves Henckes	Insertion professionnelle des réfugiés politiques et des personnes admises sous le statut de tolérance	2923	M. Gilles Roth	Enquête judiciaire menée à l'encontre d'un responsable du département des finances de la société «Luxair»
2872 cf. 2873 et 2874	M. Aly Jaerling	Association pour la Garantie des Dépôts Luxembourg	2924	M. Marcel Oberweis	Épreuve d'aptitude en vue de la reconnaissance des diplômes étrangers de rééducateur en psychomotricité
2873 cf. 2872 et 2874	M. Alex Bodry	Garantie des dépôts	2926 cf. 2862	Mmes Marie-Josée Frank, Françoise Hetto-Gaasch et M. Lucien Clement	Projet de remembrement durable situé à Langsur
2874 cf. 2872 et 2873	M. Jacques-Yves Henckes	Dépôts garantis en cas d'insolvabilité d'une banque	2927	M. Félix Braz	Inspection Générale de la Sécurité Sociale (IGSS)
2878	M. Robert Mehlen	Musée de la Forteresse	2930	M. Robert Mehlen	Réactions à l'encontre des actions franco-allemandes contre le Grand-Duché de Luxembourg
2879	M. Robert Mehlen	Édition d'un timbre en l'honneur d'Albert Ungeheuer	2931	M. Laurent Mosar	Primes versées après les prises de participation étatiques dans Fortis
Il ne semble pas opportun ou utile de prévoir des mesures spéciales en faveur de l'emploi de cette catégorie de personnes, alors que le droit luxembourgeois prévoit tout un arsenal de mesures qui sont applicables indifféremment du statut des demandeurs d'emploi. Il paraît d'ailleurs difficile d'imaginer des mesures supplémentaires ad hoc. C'est d'autant plus vrai que beaucoup de personnes inscrites en dehors du statut invoqué par Monsieur le Député ont les mêmes problèmes d'employabilité à commencer par des déficits linguistiques ou par des défauts plus ou moins importants de qualification ou d'expérience.

Question 2872 (2.10.2008) de **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*) concernant l'**Association pour la Garantie des Dépôts Luxembourg**:

Laut Aussoe vum Här Statsminister sollen d'Erspuerner, am Fall vun der Faillite vun engem hei am Land etablierte Finanzinstitut, mat enger Garantie vun 20.000 Euro ofgesécher sinn.

Opgrond vun zwou EU-Direktiven, déi den 11. am Broochmount 1997 an de 27. am Heemount 2000 an nationaalt Recht transposéiert goufen, huet sech eng Associatioun gegrënnt: «Association pour la Garantie des Dépôts, Luxembourg (AGDL)». An der Associatioun kënnen d'Banken, d'Post an d'Investissementsgesellschaften, déi zu Lëtzebuerg etabléiert sinn, sech affiliéieren.

D'AGDL garantéiert effektiv eng Réckversécherung fir all Spuerer bis zu 20.000 Euro. Wann et also heescht «bis zu 20.000 Euro» kann een doraus schléissen, datt et en Échelonnement vun deene gespuerte Sue respektiv Dépöten gëtt. Et ass deemno net esou, datt, wann een zum Beispill 21.000 Euro gespuert huet, een da bei der Faillite vun dem respektive Finanzinstitut der 20.000 Euro garantéiert kritt.

Och ass net alles réckversécherert bei der AGDL:

Am Artikel 6.1. vun der Statute vun der AGDL ass festgehalen:

«Les dépôts en argent garantis ne comprennent pas:

d) les dépôts des États et de leurs administrations centrales;

e) les dépôts des collectivités provinciales, locales ou municipales, luxembourgeoises ou étrangères, ainsi que ceux de tous organismes d'intérêt public luxembourgeois et étrangers relevant de ces autorités, des associations constituées entre elles ainsi que des organismes internationaux et supranationaux;

g) le dépôts des fonds de pension ou de retraite, quelles que soient leur nature, la forme du dépôt et la nationalité du déposant.

Am Artikel 7.1. ass festgehalen:

Les créances d'opérations d'investissements garanties ne comprennent pas:

f) les créances des fonds de pension ou de retraite, quelle que soit leur nature, leur forme ou la nationalité du créancier;

h) les créances des institutions supranationales, des États et des administrations centrales;

i) les créances des collectivités provinciales, régionales, locales ou municipales, luxembourgeoises ou étrangères, ainsi que ceux de tous organismes d'intérêt public luxembourgeois.

bourgeois ou étrangers relevant de ces autorités et des associations constituées entre elles.»

Doraus kann ee schléissen, datt, wann et wierklech derzou sollt kommen, datt eng Bank oder eng Investissementsgesellschaft Faillite mécht, weder déi staatlech Reserven, nach d'Reserven aus de Pensionsfongen, déi do placéiert sinn, ofgesécher sinn.

Och ass net gewosst ob all Banken an Investissementsgesellschafte bei der AGDL réckversécherert sinn.

Kann den Här Finanzminister mer duerfir folgend Froe beäntweren:

1) Sinn all Banken an Investissementsgesellschafte bei der AGDL respektiv bei aneren Instituter réckversécherert, wa jo, a wat fir enger Form?

2) Déi Réckversécherung vun 20.000 Euro vun där den Här Statsminister geschwat huet, ass dat déi vun der AGDL?

3) Wa weder déi staatlech nach d'Rentefonge vun der AGDL ofgesécherert sinn, wat geschitt da bei der Faillite vun engem hei am Land etablierte Bank respektiv engem Finanzinstitut?

4) Wat fir eng Garantien iwwerhëlt de Stat, dee jo awer jiddfere sollicitéiert seng Gelder hei ze placéieren, vis-à-vis vun de Spuerer, besonnesch vun de Klongspuerer an Dépositanten, bei enger Faillite vun engem Finanzinstitut?

5) Wéi sinn d'Reserve respektiv d'Placementer vun der Zentralverwaltung an allem wat mat drun hänkt, réckversécherert?

6) Besteet d'Gefor, datt elo hei placéiert Gelder erëm an d'Ausland transposéiert ginn?

Question 2873 (3.10.2008) de **M. Alex Bodry** (*LSAP*) concernant la **garantie des dépôts**:

Le système luxembourgeois de garantie des dépôts et d'indemnisation des investisseurs est ancré dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier, transposant en droit national deux directives européennes en la matière.

Selon les termes de cette loi, l'agrément d'un établissement de crédit est subordonné et à la participation à un système de garantie des dépôts et à la participation à un système d'indemnisation des investisseurs. Concrètement, les dépôts des épargnants et des investisseurs sont protégés jusqu'à concurrence de 20.000 euros par déposant, montant qui correspond au seuil minimal imposé par la législation communautaire. Avec ce montant, le Luxembourg dispose d'un niveau de protection qui compte parmi les plus faibles de l'Union européenne.

En ce qui concerne la mise en œuvre pratique des dispositions légales concernées, une association sans but lucratif, à savoir l'Association pour la Garantie des Dépôts, Luxembourg (AGDL), est inscrite auprès de la Commission de Surveillance du Secteur Financier (CSSF) en tant que seul organisme national de garantie des dépôts. Cette association ne gère pas de fonds de réserve alimenté «ex ante» par les établissements bancaires y associés.

Vu les événements d'ordre économique et financier de ces derniers jours, qui ont rendu nécessaire l'intervention de l'État, et tout en ayant pris note des modifications législatives projetées par le Gouvernement dans le cadre du projet de loi N°5924, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Finances:

- Le montant protégé des dépôts et des investissements ne devrait-il pas être revu à la hausse, à la fois pour tenir compte de la déva-

lation monétaire qui a eu lieu depuis la fixation du seuil de 20.000 euros en 1994, et pour assurer un niveau de protection plus substantiel des épargnants et des investisseurs?

- Ne serait-il pas plus judicieux de prévoir la création d'un fonds de garantie de droit public au lieu de déléguer la responsabilité pour la mise en place d'un système de garantie des dépôts à une a.s.b.l.?

- Ne faudrait-il pas donner une préférence à un système de financement «ex ante» avec constitution d'un fonds de réserve, afin de pouvoir garantir un versement rapide des indemnités prévues?

Question 2874 (3.10.2008) de **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR) concernant les **dépôts garantis en cas d'insolvabilité d'une banque:**

Les lois du 11 juin 1997 et du 27 juillet 2000, transposant en droit luxembourgeois deux directives européennes, ont introduit un système légal des dépôts et d'indemnisation des investisseurs si leur banque ou leur entreprise d'investissement devient insolvable.

Ce système de garantie mutuelle couvre les dépôts en argent jusqu'à un montant maximum de 20.000 euros (garantie des dépôts) + 20.000 euros (indemnisation des investisseurs) = 40.000 euros par client. La garantie vise aussi bien les personnes physiques que les personnes morales de petite dimension. Toutes les devises sont protégées. L'AGDL est chargée de la gestion afférente.

Or, ces montants sont des montants minimums. Les pays peuvent garantir des montants supérieurs. Ainsi en Allemagne la garantie est supérieure et atteint 30% du montant déposé.

Le Sénat américain vient d'approuver un plan de secours amendé par rapport à celui initialement proposé. Le principal amendement apporté au plan consiste à faire passer de 100.000 à 250.000 dollars la garantie de l'État sur les dépôts bancaires.

Le montant luxembourgeois fait piètre figure dans ce contexte.

Aussi j'aimerais poser les questions suivantes au Gouvernement:

1. Quels sont les montants des dépôts garantis en cas d'insolvabilité d'une banque en France en Allemagne et en Belgique?

2. Est-ce que toutes les banques luxembourgeoises ont adhéré à l'AGDL (Association pour la Garantie des Dépôts Luxembourg)?

3. Est-il exact que déjà actuellement certaines banques de la place offrent des garanties supérieures vu que leurs dépôts clients sont garantis par le système de leur maison-mère? Ceci relève d'une grande importance alors que certaines banques de la place usent de cet état de choses pour attirer des clients vers leur banque.

4. Le Gouvernement n'estime-t-il pas que le système de garantie mutuelle couvrant les dépôts en argent jusqu'à un montant maximum de 20.000 euros devrait être amendé et être porté à un montant similaire à celui des États-Unis?

5. Est-ce que le Gouvernement entend intervenir en ce sens au niveau européen?

6. Est-ce que le Gouvernement entend nonobstant une décision au niveau européen augmenter la garantie des dépôts en déposant un projet de loi afférent modifiant la législation existante?

Réponse (19.11.2008) de **M. Luc Frieden**, *Ministre du Trésor et du Budget:*

En complément aux explications déjà fournies par mes réponses

orales, j'ai l'honneur de confirmer aux honorables Députés que le Gouvernement a décidé, suivant en cela une décision afférente du Conseil Ecofin et une proposition de directive de la Commission européenne, de porter de 20.000 à 100.000 euros le montant des dépôts garantis. Un amendement à cet effet sera inscrit dans la loi budgétaire pour pouvoir entrer en vigueur au 1^{er} janvier 2009.

Parallèlement, le Gouvernement entend, en concertation avec toutes les parties intéressées, procéder à une révision intégrale du système de garantie des dépôts existants. Cette révision tiendra compte également des interrogations et suggestions contenues dans les questions des honorables Députés.

Question 2878 (6.10.2008) de **M. Robert Mehlen** (ADR) concernant le **Musée de la Forteresse:**

De Finanzskandal vum Festungsmusée respektiv dem «Musée Dräi Eechelen» ass a ville Punkte schwéier ze duerchkucken an ze verstoen. Grad esou schwéier ass et, déi wierklech Responsabel fir den onwahrscheinlechen Duercherneen an der Ëmsetzung vun deem Projet ze identifizéieren. Wéi sou dacks gëtt een d'Gefill net lass, datt hei d'Schold no ënnen ofgeschuppt gëtt, fir datt déi, déi uewe sëtzen, ongeschuer dervukommen. Ganz besonnesch an deem Hin an Hier vun der Muséeographie bleift viles an Onkloeren. An deem Kontext géif ech gären des Froen un lech riichten:

1. Mat wat fir enger Prozedur an no wat fir enge Kritären ass de Büro Philippe Simon vu Paräis fir d'Realisatioun vun der Muséeographie selectionnéiert ginn?

2. War de Cahier des charges net prezis genuch a war am Kontrakt net festgehalten, datt de Büro Simon sech bei der Ëmsetzung misst un déi am Gesetz respektiv vum Optraggeber «Service des Sites et Monuments Nationaux» (SSMN) festgeluechten Orientéierung halen?

3. Aus der Dokumentatioun geet ervir, datt de Büro Simon bereetwëlleg probéiert huet, de Kritiken a Suggestiounen vum SSMN Rechnung ze droen. Wéi ass et dann ze verstoen, datt behaupt gëtt, de Büro Simon hätt sech net wëllen un den Uerder vun de Lëtzebuerger Autoritéiten halen?

4. Wien huet decidéiert, fir dee betreffende Kontrakt ze kënnegen a wat war de wierkleche Grond fir des Kënnegung?

5. Wéi wäit waren d'Aarbechte vum Büro Simon a Konsorten un der Muséeographie fortgeschratt, wéi de Kontrakt gekënnegt ginn ass? Stëmmt et, datt des Aarbechten esou gutt ewéi fäerdeg waren?

6. Wéi vill ass am eenzelnen un de Büro Simon an d'Madame Thomas-Bourgneuf an eventuell anerer duerfir bezuelt ginn? Wann de Büro Simon a Konsorten sech net un de Cahier des charges gehalten hunn, wéisou ass dann iwwerhaupt fir déi realiséiert Aarbechte bezuelt ginn?

7. Op wem seng Décisioun hin, an aus wat fir engem Grond ass d'Equipe vum Professor Margue am Januar 2004 an d'Ëmsetzung vum Projet erageholl ginn, wat bekanntlech zu Changementer am historiesche Contenu vum Cahier des charges an domat zu déifgräifenden Ännerungen an der Ausféierung vum Projet gefouert huet?

8. War den éischte Cahier des charges wierklech esou schlecht, respektiv stëmmt et, wa gesot gëtt, et wären «Incohérences historiques» dra gewiescht, déi hätte misse korrigeiert ginn?

9. Wa jo, wien dréit duerfir d'Responsabilitéit?

10. Wäer et am Sënn vun engem verantwortlechen Ëmgang mat de Steiergelder net besser gewiescht, dat bestehend Konzept duerchezéien, quitte dass spéider muséeografesch Ergänzungen oder Ännerungen an d'A gefaasst gi wären?

11. Wien ass fir d'Décisioun, dat bestehend Konzept ëmzestoussen a quasi erëm bei Null unzefänke verantwortlech? Wéi vill kascht dese Revirement de Steierzueler ongeféier - den Ausfall an d'Käschten, déi doduerch entstanen sinn, well de Musée net konnt a Betrib geholl ginn - mat agerechent?

12. Wéi vill huet de «Leerlauf» vum Musée bis elo u lafende Käschte verursaacht a fir wéini ass mat engem normale Betrib ze rechnen?

Réponse (20.11.2008) de **Mme Octavie Modert**, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche:*

Als Äntwert op dem Här Députéierte Roby Mehlen seng parlamentaresch Ufro vum 6. Oktober 2008 wollt ech eng Rei zousätzlech Informatiounen ginn zu deenen, déi ech als Äntwert op seng parlamentaresch Fro vum 31. Juli scho ginn hunn (cf. ci-dessus - *question parlementaire N°2734*):

1. Op Virschlag vum Service des Sites et Monuments Nationaux a laut dem Arrêté vum Regierungsrat vum 4. Februar 2000, ass d'Offer vum Architektbüro Philippe Simon/Martine Thomas-Bourgneuf vu Paräis iwwert d'Ausféierung vun der Muséeologie am Arrêté ministériel vum 21. Februar 2000 approvéiert ginn. Eng Zousazoffer fir d'Graphik an d'Szenographie wéinst der Finalisatioun vun den Ausstellungssäll am Sous-sol vum Musée, autoriséiert vum Regierungsrat de 7. Juli 2003, ass duerch eng ministeriell Décisioun vum 9. Juli 2003 zrëckbehalen ginn. De Kritär fir d'Zrëckbehalen vum Büro Simon war seng Spezialisatioun am Beräich vun der Muséeographie.

2. Den Här Philippe Simon hat op Basis vum Gesetz vum 1997 seng Offer gemaach, déi ugeholl gi war. An deem Kontrakt stoung, datt den Architektbüro sollt de Contenu vum muséeographiques Parcours proposéieren an datt e Lëtzebuerger Comité vun Historiker déi Virschléi vum Architektbüro misst approvéieren. Dës Prozedur vun der Approbatioun beweist, datt den Architektbüro, dee wuel e Kader hat an deem e sech huet misse bewegen, och vun enger «marge de manœuvre» konnt profitéieren fir Proposen ze maachen. Dës Marge léisst d'Gesetz vum 1997 natierlech zou.

3. Aus dem Punkt 2 geet ervir, datt d'Propose vum Philippe Simon hu misse vun engem Comité ugeholl ginn. Aus de Suggestiounen, déi un den Här Simon erugebroe goufen, sinn awer leider net déi Proposen enstane, déi d'Konzept, wat d'Gesetz vum 1997 virgezechent hat, konnt ëmsetzen, dës an den Ae vum Historikercomité a vum Bauhär.

4. Am Januar 2006 huet den Här Philippe Simon de Kontrakt virzäitig opgeléist. E gouf net vum Stat gekënnegt, mä d'Partei waren esou verbliwwen, datt een net géing mat der Zesummenaarbecht weiderfueren.

5. Dei 1. Phas, déi de Kontrakt virgesinn hat («programme muséeologique général»), war am Januar 2006 ofgeschloss. Eng 2. Phas war amgaange realiséiert ze ginn («programme muséeologique détaillé»). Am Ganze ware véier Phase virgesinn (3. Phas: «consultation des entreprises réalisation»; 4. Phas: «suivi de réalisation et suivi d'intégration»).

6. D'Gesamtkäschten, déi duerch de Vertrag mam Büro Simon enstane sinn, belafen sech op

104.579,33 EUR TTC. Aus dem Punkt 5 geet ervir, datt eng 1. Phas vum Kontrakt ganz ëmgesat gouf. Eng 2. Phas gouf zum Deel realiséiert.

7. De Kulturminister huet 2004 decidéiert de wëssenschaftlechen Apport an d'intellektuell Matarbecht vun der Uni Lëtzebuerg unzefroen.

Dem Här Philippe Simon säi Konzept war dat vun engem «Musée de la Fortification», deen allgemeng Krichstechniken hätt wëllen an den Virdergrond stellen. D'Konzept vum Bauhär ass dat vun engem «Musée de la forteresse de Luxembourg», also wat d'Festung Lëtzebuerg mat hirer Spezifisitéit an den thematesche Mëttelpunkt stellt, mat enger besonnescher Beuechtung vun der Geschicht an der Identitéit vu Lëtzebuerg. Dës Konzept gouf zesumme mat der Uni Lëtzebuerg verdéift.

8. Et goufen «incohérences historiques» an de Virschléi vum Philippe Simon. Fir de Rescht war et eng Diskussioun vu Konzepter (cf. Punkt 7), wou natierlech dem Bauhär an dem Gesetzgeber seng Meenung muss zielen.

9. Den Här Simon huet am Januar 2006 d'Décisioun getraff, déi sech als Konklusioun aus den Onvereenbarkeeten mam Bauhär sengem Konzept erginn huet.

10. Et wär weder sënnavoll nach richtig gewiescht, fir mat Steiergelder e Konzept ëmzesetzen, wat de Législateur net virgezechent hat a wat weder déi Lëtzebuerger Historiker nach de Bauhär konnten approvéieren.

11. Et ergëtt sech aus de Punkte vu virdrun, datt dat Konzept elo ëmgesat gëtt wat virgesinn war, an dat op Décisioun vum Kulturminister. Eng Partie vum Här Philippe Simon sengen Aarbechte sinn net verluer, sou datt et net erëm vu vir ugaangen ass. D'Suen, déi de Büro Simon net kritt huet, ginn an déi definitiv Muséeographie. Un där schaffen déi wëssenschaftlech Matarbechter vum Musée. Wéi bei aneren Haiser, gëtt et och hei eng Equipe, déi mat der Préfiguration beschäftegt ass, dës zesumme mat Historiker vun der Uni Lëtzebuerg.

12. Vun engem «Leerlauf» kann also net Rieds goen. D'Equipe vum Musée schafft un der zukünftiger Ausstellung nieft hiren normalen, alldieglechen Aarbechte vun Intendanz vun de Gebailechkeeten, fir den Opbau vum Musée an den Dokumentationszentrum sou wéi hirer Fuerschungsaarbecht an aneren Aufgaben.

Question 2879 (8.10.2008) de **M. Robert Mehlen** (ADR) concernant **l'édition d'un timbre en l'honneur d'Albert Ungeheuer:**

Den nächste Sonndeg feiert Lëtzebuerg den nationale Commémoratiounsdag. Dobäi soll un all déi-jéineg geduecht ginn, déi fir d'Fräiheet vun eisem Land ënnert dem Nazi-Terror gelidden hunn a gestuerwe sinn. Ee vun deene gréissten a verdéngschtvollen Resistenzler war den Albert Ungeheuer, deen ënner bestänneger Liewensgefor enger grousser Zuel vu Mënsche gehollef huet, der Nazi-Verfollegung ze entkommen an duerfir schliesslech mat sengem Liewe bezuelt huet. Hien ass fir seng onermësslech Verdéngschter postum mat héijen Auszeechnungen dekoréiert ginn, ënner anerem mat der «Croix de guerre avec palme» vun der franséischer Republik.

An engem Lieserbréif vum 2. August bekloer Verrieder vun der Amicale Albert Ungeheuer sech batter driwwer, datt hir Demande, fir en Timbre zu Éire vun deem groussen Resistenzler erauszeginn, ofgewise gi wär. D'Refraktäre

géifen dese Refus als Beleidegung empfinden. An deem Kontext géif ech gären des Froen un lech riichten:

1. Wat kënn Dir zum Hannergrond an zur Kloerstellung an deser Affär soen?

2. Wien decidéiert iwwert d'Editioun vun Timbren a wéi sinn d'Méiglechkeeten vun der Regierung fir dorop anzewierken?

3. Wat schwätzt dergéint, fir en Timbre zur Erinnerung un e groussen Resistenzler, wéi den Albert Ungeheuer, erauszeginn?

4. Sidd Dir bereet, fir drop hinzewierken, datt esou en Timbre dach nach erauskomme kann?

Réponse (20.11.2008) de **M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur:*

Als éischt well ech betounen, datt mir d'Post verséichert huet a glaaft beleeë konnt, datt de Refus vun engem Timbre zur Eier vun dem groussen Resistenzler Albert Ungeheuer a kengem Fall an der Absicht geschitt ass iergendeen, a schonns guer net d'Refraktären, ze beleidegen. D'Post huet an all hire Korrespondenzen mat der Amicale Albert Ungeheuer transparent a respektéierlech duergeluecht, firwat si net anescht konnt wéi den Timbre ze refuséieren.

Wat d'Hannergronn vun dem Refus ugeet, sou ass Folgendes ze soen:

D'Amicale Albert Ungeheuer huet Mëtt 2007 déi éischte Kéier un d'Post geschriwwen an ugefrot ob et méiglech wier een Timbre eraus ze ginn, fir den Albert Ungeheuer ze éieren.

D'Post huet op des Ufro geäntwert, datt si éier si eng Entscheidung géif huelen, de Comité directeur pour le Souvenir de la Résistance (CdSR) ëm seng Meenung wëllt froen. Den CdSR ass fir all Saachen zoustänneg, déi d'«Sauvegarde de la mémoire de la Résistance» betreffen.

Den Avis vun dem CdSR louch schliesslech am Mee 2008 vir. De CdSR réit der Post of een Timbre zur Eier vun engem eenzelnen Resistenzler erauszeginn. De CdSR weist drop hin, datt zënter dem Enn vum Zweete Weltkrich keen eenzege Timbre engem eenzelnen Resistenzler oder enger eenzeler Resistenzler Organisatioun consacréiert gouf. D'Resistenz gouf ëmmer nëmmen abstrakt duergestallt, ouni datt sech op ee bestëmmten Numm oder ee bestëmmte Gesicht bezu gouf. De CdSR declaréiert a sengem Avis, datt hien des Linn och an Zukunft wëllt bäibehalen. D'Post huet sech der Meenung vun CdSR ugeschloss an der Amicale matgedeelt, datt den Timbre, esou ewéi si en ugefrot hat, net kéint gemaach ginn.

Wat d'Fro vum Députéierte Robert Mehlen ugeet, wien iwwert d'Emisioun vun engem Timbre decidéiert, sou ass dat a leschter Instanz de Comité de Direction vum Post. D'Gesetz vum 15. Dezember 2005 gesäit a sengem Artikel 17 vir, datt d'Post d'Recht, fir Timbren erauszeginn, vum Stat zougestan kraaft.

Dës wichteg Missioun, denken ech, ass zënter méi wéi 150 Joer vun der Post zur grousser Zerridderheet vun de Lëtzebuerger an zur Eier vun Land erfëllt ginn. An ech sinn der Meenung, datt een d'Post och weiderhi mat hirer Erfahrung an hirer Kompetenz an deem Beräich autonom gewärde soll loosser.

Question 2880 (6.10.2008) de **M. Fernand Etgen** (DP) concernant l'offre de formation du pôle d'enseignement Nord:

Le Gouvernement s'est fixé comme objectif de revaloriser le travail manuel et donc l'apprentissage des métiers manuels. Il est acquis que tous les lycées ne peuvent pas dispenser toutes les formations possibles dans le domaine des métiers manuels. Il me paraît toutefois important qu'en vue d'une attractivité suffisante, l'offre scolaire dans le cadre de la formation professionnelle ne se cantonne pas aux seuls lycées de la ville de Luxembourg.

Or, nombre d'élèves du Nord du pays n'ont pas la possibilité de suivre une formation pour les métiers du peintre, du mécanicien dans le pôle d'enseignement Nord faute de capacités et d'ateliers adéquats. En ce qui concerne la formation du mécatronicien, celle-ci n'est pas du tout dispensée dans ce pôle d'enseignement.

Partant, je souhaiterais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:

- Madame la Ministre peut-elle confirmer ces informations? Dans l'affirmative, combien d'élèves de la région Nord doivent se déplacer jusqu'à Luxembourg-ville afin de pouvoir suivre une des formations susmentionnées? Y a-t-il d'autres formations pour lesquelles ce problème existe? Si oui, lesquelles?

- Quelles mesures Madame la Ministre entend-elle prendre pour pallier à ce problème?

- Quel lycée du pôle d'enseignement Nord devrait, de l'avis de Madame la Ministre, offrir les formations susmentionnées? Est-ce que ce lycée dispose actuellement des ateliers appropriés? Quel lycée du Nord sera doté à court et à moyen terme d'ateliers pour faire face à la demande grandissante de formation professionnelle dans cette région du pays?

Réponse (25.11.2008) de **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*:

Ni le Service de l'Enseignement secondaire et secondaire technique, ni le Service de la Formation professionnelle n'ont eu des informations que des élèves résidents dans la région du Nord du pays n'auraient pas pu suivre une classe de 10^e dans les métiers de peintre-décorateur ou de mécanicien d'autos. Ces deux formations sont offertes dans les deux lycées du pôle Nord, Lycée technique d'Ettelbruck et Nordstadlycée.

En ce moment le Nordstadlycée ne dispose pas encore des ateliers nécessaires, mais il dispose des ateliers du Centre national de formation professionnelle continue à Ettelbruck pour dispenser la formation de peintre-décorateur.

D'autre part, à l'exception des formations des métiers de la construction et des métiers de l'alimentation (boucherie, boulangerie) qui sont dispensées dans un seul lycée du pays, mon département n'a pas reçu d'indication qu'une pénurie d'offres de formation existait en relation avec d'autres métiers de l'artisanat.

Les élèves qui fréquentent les classes de la formation du mécatronicien qui sont offertes au Lycée technique des Arts et Métiers et au Lycée technique d'Esch viennent de toutes les régions du pays; les élèves originaires des communes du Nord sont au nombre de 6 sur 26 en classe de 10^e; 4 sur 19 en

classe de 11^e; 4 sur 13 en classe de 12^e. L'organisation d'une classe dans le pôle Nord dans ces conditions s'avère difficile.

Question 2883 (7.10.2008) de **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*) concernant l'étude sur le diabète:

Den 30. am Hierschtmount 2008 huet een unerkannt schwedescht Fuerschungskonsortium eng EU-wäit Vergläichsetüd erausginn, fir d'Behandlung an d'Versuergung vun der Zockerkrankheet (Diabetes) (*annexe à consulter au Greffe de la Chambre des Députés*).

An dëser Etüd goufe 27 EU-Länner plus Norwegen an d'Schwäiz aus der Siicht vum Patient/Konsument bewäert.

Lëtzebuerg klasséiert sech als 13. Land ënnert deene 29 Länner, déi bewäert goufen.

Et kann een generell feststellen, dass et zwee staatlech organiséiert angelsachsenesche Gesondheets systemer sinn, déi gutt ofschneiden, mat Dänemark als dem Gesamtbeschten, a praktesch ex-aequo Groussbritannien op der 2. Plaz.

Allerdéngs sinn och d'Belsch a Frankräich als ganz gutt bewäert ginn. Frankräich gouf Gesamtdrëtten, d'Belsch am Generalklassement Fënneften, an d'Belsch gouf an de Subkategorien «Zougang zu de Prozeduren» Gewënner, a virun allem och Gewënner an der wichteger Ennerkategorie vun der «Preventioun».

Fir all Land goufe vum Fuerschungsgrupp Recommendationen gemaach, fir den aktuelle Stand vun der Praxis an der Diabetes Behandlung a Versuergung nach ze verbesseren.

Fir Lëtzebuerg goufen zwou gréisser Verbesserungen recommandéiert:

a) am Gesondheetssystem gëtt bei der Diabetes d'Foussfleeg als de gréisste Problem ugesinn.

Et gëtt relativ ze vill Amputatiounen bei eis, déi dorobber zréckzeféiere wieren, dass d'Spezialisatioun vun der «Diabetes Podiatrie» zu Lëtzebuerg bis elo net unerkannt wier.

b) Mir missten en Diabetes Register kréien, well offen an transparent Systemer d'Resultater verbessere géifen.

Kann den Här Gesondheitsminister mer duerfir dës Fro beäntwerten:

1) Wat hält den Här Gesondheitsminister vun deene virzitéierte Recommendationen, déi vum schwedesche Fuerschungsgrupp fir Lëtzebuerg am Zesummenhang mat der Diabetes Versuergung gemaach goufen?

2) Hu mer zu Lëtzebuerg Zougang zu genuch a qualitativ héichwäerte Gesondheetsdaten, fir eng déigräifend Evaluatioun vun der Behandlung an der Versuergung bei eisen Diabetes Patienten ze maachen?

3) Wat kascht eis haut den Diabetes zu Lëtzebuerg?

4) Wat ass d'Extrapolatioun fir d'Zukunft, mëttel- a laangfristeg, virun allem wa sech d'Alterspyramid voll op eise Gesondheetssystem auswierkt?

5) Kënne mer esou weiderfuere mat eiser Diabetes Versuergung vu bis elo?

6) Hätte mer net besser op de Wee ze goe wéi Dänemark, Groussbritannien, der Belsch oder Frankräich, an ähnlech Mechanisme wéi si ze iwwerhuelen?

Réponse (20.11.2008) de **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*:

Den éirewäerten Deputéierte werft verschidde Froen op am Zesummenhang mat der Versuergung vun der Zockerkrankheet (Diabetes).

Ech wëll fir d'éischt emol drun erënneren, dass den Diabetes Typ 2 eng chronesch Krankheet ass, déi virun allem op schlecht lessgewunnechten an op e Manktem u kierperlecher Bewegung zréckzeféieren ass.

Ech wëll ënnersträichen, dass besonnesch an de leschte Jore vill Efforten ënnerholl goufen, fir géint den Diabetes unzegoen, deen duerch e falsche Liewensstil ervirgeruff gëtt.

Verstäerkt gouf d'fir an Zesummenaarbecht mat der «Association luxembourgeoise du Diabète», spezialiséierten Dokterinnen an dem CRP-Santé gehandelt fir ënneranerem:

- de Public iwwert d'Zockerkrankheet méi bewosst opzklären, an dëst besonnesch duerch Sensibilisatiouns-Campagnen a Konferenzen;

- d'Populatioun iwwert déi fréizäitig Erkennung vun Diabetes opzklären duerch sougenannte Sensibilisatiouns-Weekender an de Spideeler, dëst mam Zil de Risiko vun enger Diabeteserkrankung kënnen anzuschätzen an awer och fir den Zockergehalt vun de Leit, déi matmaachen, feststellen ze kënnen. Dëst Joer gouf de Week-end vum Diabetes iwwerregens de 17. an den 18. November organiséiert;

- esouwuel d'Behandlung ewéi de Suivi vum Diabetespatient verbessern an deem spezifesch an adaptéiert Formatiounen dem Gesondheetspersonal offréiert ginn;

- d'Erfaasse vu statisteschen an epidemiologeschen Donnéeën duerch verschidde Studien ze verbesseren, an dat an Zesummenaarbecht mam CRP-Santé, a wat d'Groussregioun betrëfft, am Kader vum INTERREG-Programm;

a virun allem

- d'Promotioun vun engem gesonde Liewensstil duerch den nationale Programm «Gesond iessen, méi bewegen» wéi awer och duerch déi verschiddentlech Projeten am Kader vun enger gesonder Ernährung a physischer Aktivitéit.

Wat elo déi genannte Vergläichsetüd ubelaangt, déi den éirewäerten Deputéierten erwähnt, wëll ech preziséieren, dass et sech dobäi ëm den «Indice européen des Consommateurs de Soins du Diabète» handelt, dee vum «Health Consumer Powerhouse» (HCP) ermëttelt gouf. Zu där Studie sief awer bemierkt, dass d'Recommendatiounen, déi den HCP un d'Adress vu Lëtzebuerg riicht, haut schonn hei am Land ëmgéist goufen. Eenzeg Ausnahm ass d'Suggestioun vun der Schafung vun engem nationale Register vum Diabetes.

Esou hu mir, niewent den Aktiounen am Kader vun der Promotioun vun engem gesonde Liewensstil och en Antitubak Programm, dee ganz positiv Resultater verzeechent. Doriwwer eraus gi regelméisseg Check-Upe fir den Dépistage vum Diabetes an de Schoulen, am Kader vun der Aarbechtsmedezin, vun der Pompejesmedezin, awer och beim Renouveaulement vum Führerschäin, organiséiert. Mir verfüegen och iwwert d'Donnéeë wat d'Zockerkrankheet bei hospitaliséierte Patienten ubelaangt. Den HCP schéngt also net am Bild gewiescht ze sinn iwwert déi méi rezente Entwécklungen an der Preventivmedezin hei am Land an awer och wat méi spezifesch den Diabetes ubelaangt.

D'Ausso vum Här Deputéierten, dass d'Krankekeese keng Soien am Zesummenhang mam diabetesche Fouss géife rembourséieren ass net richtig. Och wann et zwar keng spezifesch Nomenklatur fir

d'«soins du pied diabétique» gëtt, wëll ech awer kloerstellen, dass all medezinesch a paramedezinesch Soien, déi mam Fouss ze dinn hunn, also och den Traitement vum diabetesche Fouss, en Charge geholl ginn.

Och wann et deemno nach kee Register vun där Krankheet gëtt, sou wéi dat de Fall ass an Dänemark, Schweden oder Groussbritannien, wëll ech awer ervirsträichen, dass zënter e puer Joer och schonn en Aarbechtsgrupp existéiert, dee sech intensiv mam Diabetes beschäftegt (Groupe interdisciplinaire Diabète). Dësen Aarbechtsgrupp, dee sech zesummesetzt aus Vertreder vu spezialiséierten Dokterinnen, vun der Lëtzebuerger Associatioun fir den Diabetes (Association luxembourgeoise du Diabète), vun dem CRP-Santé a vum Gesondheitsministère, huet d'Missioun en Iwwerwaachungsprojet auszeschaffen.

D'Weltgesundheitsorganisatioun fir hiren Deel geet dovun aus, dass, eleng wat d'Regioun Europa concërnéiert, d'Diabeteskrankheet, déi 2007 8,4% vun der Populatioun betraff huet, am Joer 2025 wäert 9,8% vun der Populatioun concërnéieren. Am Joer 2025 wieren dat deemno 64,1 Milliounen Mënschen. D'lescht Joer goufen et europawäit 53,2 Milliounen zockerkrank Persounen (Référence Diabetes Atlas, International Diabetes Federation, 2006).

Well dëse Phenomeen och net un eise Land wäert eriwuerzéien ass et néideg de Public iwwert d'Risiko vun der Zockerkrankheet ze informéieren, sou wéi och preventiv Moossnamen unzëbieden, fir den Dépistage vum Diabetes kënnen ze realiséieren. Wat awer de Gesamtkäschtepunkt vun all de Mesuren ubelaangt, déi dorop erauslafen d'Krankheet fréizäitig ze erkennen, do verfüege meng Servicer allerdéngs net iwwer genueg Chifferen.

Fir de Lëtzebuerger Modell vun enger Iwwerwaachung vum Diabetes ze realiséieren, brauche mir awer och d'Zesummenaarbecht a besonnesch den Austausch un Erfahrung mam Ausland. Mir wëssen allerdéngs och, dass mir net einfach en auslännesche Modell kënnen kopéieren. Eise Projet muss sech nämlech un de Spezifitéiten vun eise Gesondheetssystem orientéieren an deemno och besonnesch op d'Intérite vun de Patienten an dem Gesondheetspersonal agoen.

Question 2889 (7.10.2008) de **M. Roger Negri** (*LSAP*) concernant l'échangeur de Helfenterbruck:

Par la loi du 12 juin 2004, le Gouvernement a été autorisé à faire procéder au réaménagement de l'échangeur de Helfenterbruck. Il était prévu de diviser le projet en quatre lots, à savoir le déplacement de la conduite SEBES, la modification de l'échangeur, l'élargissement et la réfection du viaduc ainsi que l'aménagement d'un carrefour giratoire à l'intersection de la RN5 avec la RN34 et le futur boulevard de Merl.

Le déplacement de la conduite SEBES aurait dû être réalisé en premier lieu, ce qui a été confirmé après l'entrée en vigueur de la loi précitée par Monsieur le Ministre dans le cadre de sa réponse à une question parlementaire du 5 octobre 2005 (*cf. compte rendu N°4/2005-2006 - question parlementaire N°0643*). Le déplacement de la conduite SEBES devrait permettre un raccordement direct vers Bertrange. Tant que ces travaux n'ont pas été réalisés, il n'y a pas de réserve d'eau suffisante sur le site pétrolier de Bertrange pour pouvoir assurer le refroidissement des citernes en cas d'incident. Un représentant des

services d'incendie a encore récemment rappelé les risques liés à cette situation lors d'un reportage télévisé sur un exercice d'incendie sur le site en question.

- Monsieur le Ministre peut-il m'expliquer pourquoi ces travaux n'ont pas été réalisés comme prévu en 2005/2006?

- L'aménagement de l'échangeur de Helfenterbruck est très important du point de vue sécuritaire, non seulement pour le site pétrolier, mais encore pour les automobilistes, puisque les bretelles d'entrée et de sortie de l'échangeur sont trop courtes. Est-ce qu'il est toujours prévu de réaliser le projet initial, ou est-ce que les plans ont dû être modifiés? Si la planification initiale a été changée, en quoi consistent exactement les modifications et quel sera le coût approximatif qui s'ensuit? Quand est-ce que les travaux en question pourront débiter? Quelle sera la durée de ces travaux?

Réponse (2.12.2008) de **M. Claude Wiseler**, *Ministre des Travaux publics*:

En réponse à la question parlementaire de l'honorable Député, il y a lieu de préciser que les travaux de réaménagement de l'échangeur de Helfenterbruck, autorisés par la loi du 12 juin 2004, prévoyaient effectivement une réalisation en quatre lots, tels que décrits par l'honorable Député, et le déplacement de la conduite devait se faire en premier lieu, conformément à la réponse à la question parlementaire du 5 octobre 2005.

La planification et la programmation de ces divers lots a dû être remise en cause, du fait qu'il a été jugé opportun de revoir les caractéristiques du nouvel échangeur, notamment l'emplacement et la géométrie du rond-point formé par les bretelles et la RN34, ceci dans le but d'augmenter la capacité et d'aménager des by-pass pour bus. Cette nouvelle disposition a dû être validée par une analyse de l'évolution des conditions de circulation sur le boulevard de contournement, entre l'échangeur de Bridel et la croix de Cessange, tenant compte notamment des nouvelles réflexions visant à modifier l'échangeur de Strassen, en vue d'une meilleure intégration dans le site urbain. Le nouveau concept de l'échangeur a par ailleurs des répercussions sur le viaduc et il a fallu envisager d'autres variantes pour la mise à 2x3 voies de cet ouvrage d'art.

Il résulte des études détaillées effectuées au cours de deux dernières années, qu'il y a lieu de réaliser dans un premier temps seulement le déplacement de la conduite SEBES et la construction d'un giratoire au droit de la RN5, la modification de l'échangeur même, y compris le viaduc, devant être intégré dans un des projets de loi relatifs à l'élargissement des autoroutes A3 et A6.

En ce qui concerne plus particulièrement le déplacement de la conduite SEBES, il a été nécessaire d'adapter son tracé à la nouvelle configuration géométrique de l'échangeur. Les résultats de la campagne géologique et géotechnique, permettant de valider les hypothèses utilisées pour la conception des ouvrages hydrauliques et notamment du fonçage en dessous des voies CFL, étant disponibles entre-temps, les dossiers de soumission pour le déplacement de la conduite SEBES pourront être terminés, de sorte que les travaux pourront être mis en adjudication début 2009. La durée des travaux est estimée à douze mois.

Quant au carrefour de la N34 avec la RN5, il est prévu d'aménager un carrefour classique avec régulation par feux tricolores, les emprises nécessaires pour la réalisation d'un giratoire n'étant pas toutes disponibles à l'heure actuelle. La durée

de ces travaux est estimée à deux ans. Une adaptation ultérieure de ce carrefour en giratoire est possible lorsque les emprises seront disponibles.

Concernant les coûts, notamment ceux de l'échangeur et du viaduc, ils ne seront connus qu'à l'issue des études d'avant-projet détaillé, et seront intégrés dans une des prévues lois de financement.

Question 2890 (7.10.2008) de M. Romain Schneider (LSAP) concernant la formation pour bénéficiaires du Revenu Minimum Garanti:

Le cinquième rapport du Conseil supérieur de l'action sociale publié récemment souligne à nouveau que le taux d'emploi est fortement dépendant du niveau de qualification. En effet, la majorité des bénéficiaires du Revenu Minimum Garanti (RMG) inscrits à l'Administration de l'Emploi (62%) ne dispose que d'un faible niveau de formation.

La loi du 9 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti, modifiée par la loi du 8 juin 2004, précise en son article 10, point (3) que la personne soumise aux mesures d'insertion professionnelle «peut être autorisée à suivre des cours, des formations et des stages destinés à lui permettre d'acquiescer une qualification professionnelle ou de la perfectionner». Cependant, le rapport précité constate que le nombre de bénéficiaires de cette disposition reste marginal.

- Monsieur le Ministre peut-il m'informer sur le nombre de personnes touchant le RMG qui ont profité de la possibilité de suivre des études ou d'entamer une formation professionnelle?

- Est-ce que le Gouvernement a prévu d'adopter des mesures favorisant la formation professionnelle initiale ou continue des bénéficiaires du RMG?

Réponse (26.11.2008) de M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi:

La recherche des éléments saisis dans le système informatique de l'ADEM (EMAC) se limite aux dossiers des demandeurs d'emploi actuellement inscrits à l'ADEM et touchant le RMG (ou un complément RMG) respectivement aux dossiers antérieurs de ces mêmes personnes.

Je renvoie notamment au relevé annexé à la présente réponse en commençant par une explication des codes y utilisés (*annexe à consulter au Greffe de la Chambre des Députés*).

2 = bénéficie du RMG

3 = est actuellement en ATI (affectation temporaire indemnisée) > mesure SNAS

4 = est dispensé par le SNAS, mais reste inscrit pour des raisons personnelles ou administratives (cette dispense est facultative)

5 = bénéficie du revenu pour personnes gravement handicapées.

Aujourd'hui 1.096 personnes touchant le RMG et tombant dans une des catégories énumérées ci-dessus sont inscrites comme demandeurs d'emploi à l'ADEM. Ces 1.096 demandeurs ont au total 6.524 dossiers différents, cette population est donc relativement peu stable et il n'est pas rare qu'un dossier se limite à une simple présentation au guichet accueil (en vue de s'inscrire), mais qu'aucune suite de la part du demandeur n'y soit réservée par après. L'échange régulier avec les services du SNAS permet d'identifier les personnes susceptibles d'être inscrites, alors qu'elles ne le sont pas; ainsi le SNAS invite les bénéficiaires du RMG à se faire inscrire de nouveau comme demandeur d'emploi.

Ci-après le résultat d'une recherche dans les fichiers de l'ADEM au sujet de formations, de stages et de mesures en faveur de cette population cible:

7 AP = bénéficiaire d'un apprentissage adulte

117 CF = ont participé à une formation organisée par les CNFPC

(initiation à l'informatique, soudure, orientation, menuiserie, etc. ...)

1 CI = bénéficie d'un CIE

38 DA = ont suivi un stage jeune (ancien DAT)

201 FA = ont suivi une Formation ADEM

(pool commerce, Dageseltern, Sprungbrett, 45+, Naxi et Zarabina, FEST, formation ProActif Lintgen, formation & bilan Schläifmillen, Forward, formations Horesca, agent de fabrication, aide cabinet médical, etc. ...)

11 FC = ont suivi une formation complémentaire pour un employeur précis

(Goodyear, G4S, House-keeping, ...)

28 IE = ont suivi un stage jeune «initiation emploi»

159 MS = ont été encadrés par une initiative sociale pour l'emploi ISE par le biais d'Objectif Plein Emploi, ProActif ou Forum pour l'Emploi (CDD jusqu'à 24 mois > mesure spéciale)

133 MT = ont eu une mise au travail (travaux d'utilité publique)

4 PA = ont eu un CDD dans le cadre du pool des assistants pédagogiques

43 PR = ont suivi un stage jeune (CAT-privé)

133 PU = ont suivi un stage jeune (CAT-public)

64 SR = ont suivi un stage de réinsertion professionnelle (> 30 ans)

2 SV = ont suivi le service volontaire (organisé par SNJ)

268 AA = ont participé aux ateliers organisés par l'ADEM

(ateliers de motivation, ateliers FOSNA, ateliers CV, ...)

922 AT = ont eu une ATI (affectation temporaire indemnisée)

20 BC = ont participé à un bilan de compétences ou capacités restantes

160 FO = ont participé à une autre formation (Centre de Langues surtout)

11 SE = ont participé à un des séminaires organisés par l'ADEM

(séminaires compétences, CV, profil, ...)

Question 2893 (8.10.2008) de M. Carlo Wagner (DP) concernant la zone de ralentissement près de la décharge «Muertendall»:

En vue d'une meilleure sécurisation de l'entrée et de la sortie de la décharge «Muertendall», les responsables avaient à l'époque adressé une demande aux autorités compétentes en vue de la mise en place d'une zone de ralentissement sur ce tracé. Les services régionaux de l'Administration des Ponts et Chaussées avaient, dans leur avis respectif, favorablement accueilli cette demande. Malgré cet avis positif, seule une signalisation de vitesse recommandée (70 km/h) a ensuite été mise en place à l'endroit en question.

Dans ce contexte, je souhaiterais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Travaux publics:

- Monsieur le Ministre peut-il me dire quels ont été les motifs pour la mise en place d'une signalisation de vitesse recommandée au lieu

d'une vraie zone de ralentissement?

- Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis qu'au vu de la vitesse réduite des camions sortant de la décharge une zone de ralentissement avec la signalisation afférente, serait plus appropriée que la solution actuellement mise en place?

Réponse (2.12.2008) de M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics:

En réponse à la question parlementaire de l'honorable Député, il y a lieu de préciser que l'indication d'une vitesse conseillée se prête bien pour des situations de danger qui n'existent pas en permanence. Tel est le cas pour une décharge, où le risque lié aux entrées et sorties de camions est limité aux heures d'ouverture. Il faut en effet être conscient qu'autrement un automobiliste qui passe en ces lieux durant la nuit ou aux jours et heures de fermeture de la décharge à la vitesse de 94 km/h risque de perdre des points sur son permis de conduire pour avoir commis un délit de grande vitesse.

Partant de ce principe, la signalisation est parfaitement en concordance avec le danger potentiel existant à la sortie de la décharge en question. Afin de mieux expliquer aux usagers de la route la raison d'être de cette mesure, un panneau additionnel «sortie de camions» sera associé à celui de la vitesse conseillée.

Notons encore qu'en règle générale un camion qui quitte une décharge s'est défilé de sa charge et est donc vide, de sorte que son insertion dans le trafic ne devrait pas causer trop de problèmes.

Question 2896 (9.10.2008) de M. Aly Jaerling (Indépendant) concernant les nouveaux services diffusés par satellite:

De 7. am Karschnatz 2008 hat eis EU-Kommissarin Viviane Reding den Oppuff fir Kandidature fir potenziell Ubidder vun europäesche satellitgestützten Dëngschtleeschter lancéiert.

Dobäi geet et drëms, Virschléi aus der Industrie ze kréien, fir eng ganz Rei nei Satelliteservicer europawäit unzëbidden.

Zum Beispill am Beräich vun dem kommerzielle mobile Fernsehen, dem Radio, der Mobiltelefonie oder awer och méi spezifesch Dëngschtleeschunge vun öffentliche Interessen, wéi Gesondheet (Telemedezin) oder och nach fir Kommunikationsplattformen opzebauen, fir d'effizient Organisation vu Katastrophenhëllef ze ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg ass jo mat Satellitbedreier wéi ënner anerem der SES-Gesellschaft sécherlech gutt positionnéiert fir esou Dëngschter an d'A ze faassen.

Och hu mer sécherlech haut schonns vill Stärkten, déi eis am europäesche Wettbewerb fir dës Frequenzen stëtzen.

Op där anerer Säit huet jo och d'Regierung wëlles eis Wirtschaft ze diversifiéieren a setzt sech a fir wirtschaftspolitesch Zilsetzungen ëmzesetzen, an de Beräicher vun dem Multimedia, den Informatiouns- an Kommunikatiounstechnologien, a rezent och an de Gesondheetstechnologien.

Kann den Här Wirtschaftsminister mer duerfir dës Froe beäntweren:

1) Wéi positionnéiert sech d'Regierung zu dëser Fro vu strategescher Wichtigkeet fir eis Wirtschaft, eis Fuerschung, eisen IT, Gesondheetstechnologien a Multimedia-Standuert?

2) Gesäit se privat-, öffentlech Partnerschaften an dësem Beräich?

3) Gesäit se Lëtzebuerg als e méiglechen Zentrum vun der Zort nei satellitgestützten Dëngschter?

4) Gëtt dës nei Zort vu satellitgestützten Informatiouns- an Kommunikatiouns- an Beräich vun der Gesondheet, Televisioun, Radio, Mobiltelefonie, a.s.w., als eng Niche ugesinn, vläicht esouguer als een neit zousätzlech Standbeen fir eise Multimediasektor verstanen.

5) Geet de «Plan d'Action Technologies de Santé», vum Ouschtermount 2007 vun der Regierung, zesumme mat der Initiativ fir Gesondheetstechnologien hei am Land unzësedelen, mat an dës Richtung, wann ee gesäit, dass dës satellitgestützten Dëngschter d'Potenzial hu fir Telemedezin ze bedreien oder och d'Katastrophemanagement op Distanz ze erméiglechen?

